pétange
MOTIVATION COMMUNE

# PÉITENG AKTUELL
Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 151 – Oktober 2023



# Gemengerotssëtzunge
vum 30.01.2023, 20.02.2023, 27.03.2023, 24.04.2023 an 22.05.2023

# Dans ce numéro:


| | | |
|---|---|---|
| **1** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 30.01.2023 | (Fichier audio) |
| **13** | Gemeinderatssitzung vom 30.01.2023 (Kurzform) | |
| **15** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 20.02.2023 | (Fichier audio) |
| **25** | Gemeinderatssitzung vom 20.02.2023 (Kurzform) | |
| **28** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 27.03.2023 | (Fichier audio) |
| **41** | Gemeinderatssitzung vom 27.03.2023 (Kurzform) | |
| **43** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 24.04.2023 | (Fichier audio) |
| **59** | Gemeinderatssitzung vom 24.04.2023 (Kurzform) | |
| **61** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 22.05.2023 | (Fichier audio) |
| **81** | Gemeinderatssitzung vom 22.05.2023 (Kurzform) | |
| **84** | Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins | |
| **88** | Morcellement de terrains | |
| **90** | Règlements communaux (avis) | |



## Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.800 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

**Éditeur responsable:**
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

+352 50 12 51 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Commune de Pétange

**Rédaction et mise en pages:**
Service Culture et communications de la commune de Pétange

# Conseil communal

## Séance publique du 30 janvier 2023

***Durée de la séance**: 15.30 à 18.00 heures*

**Présents:**

| | |
|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |

| | | |
|---|---|---|
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br><br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

| |
|---|
| **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng) |

## ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.30 heures)**

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un fonctionnaire communal (m/f) du groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour les besoins de l'office des citoyens – décision.
   1.2. Réduction de la durée du service provisoire d'un employé communal – décision.
   1.3. Réduction de la durée du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
   1.4. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.
   1.5. Nomination définitive d'une fonctionnaire communale – décision.
2. Enseignement: Approbation de la liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) de l'année scolaire 2022/2023 – décision.

**Séance publique (16.00 heures)**

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Mise au point du collège échevinal au sujet de la construction d'une auberge pour jeunes et familles à Rodange – information.
5. Administration générale
   5.1. Titres de recettes – décision.
   5.2. Démission et nomination dans la commission de surveillance de l'école de musique – décision.
   5.3. Règlement général des tarifs: modification du chapitre XX «Vente de bois» - décision.
   5.4. Arrêt provisoire du compte administratif de l'exercice 2021 – décision.
   5.5. Arrêt provisoire du compte de gestion de l'exercice 2021 – décision.
   5.6. Renouvellement des infrastructures dans la rue des Romains à Rodange: vote du devis – décision.
   5.7. Travaux d'adaptation de la canalisation dans la rue de la Fontaine à Rodange: vote du décompte – décision.
   5.8. Travaux d'agrandissement du parking «A Rousen»: vote du décompte – décision.
6. Cimetières: Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant l'année 2022 – décision.
7. Ordre public: Demande de l'association «KaGePe – Karneval Gemeng Péiteng ASBL» pour une action de vente de porte à porte dans la commune – décision.

8. Propriétés
    8.1. Convention relative à la concession d'un droit de passage avec la copropriété de la résidence «Atlantis 2» - décision.
    8.2. Compromis concernant la vente de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Ecoles», à Mmes Christiane et Monique Weis – décision.
    8.3. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg», de la part de M. Jakup Rama et Mme Kimete Hasani – décision.
    8.4. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus», de la part des copropriétaires de la résidence «Blitz» - décision.
9. Urbanisation
    9.1. Droit de préemption relatif à des parcelles cadastrales situées à Pétange, aux lieux-dits «Auf den Jenken» et «Rue des Promenades» - décision.
    9.2. Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) - avis.
    9.3. Approbation de la convention et du projet d'exécution portant sur le Plan d'Aménagement Particulier (PAP) concernant des fonds sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée»: 2e lecture - décision.
    9.4. Modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général concernant le site sis à Rodange, au lieu-dit «Op Hëlprécht»: saisine – décision.
10. Transports et communications
    10.1. Modification du règlement général de la circulation – décision.
    10.2. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière au rond-point à Pétange, rue de l'Eglise - décision.
    10.3. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue des Jardins – décision.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

### Personnel.

Les points 1.1 à 1.5 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un fonctionnaire communal (m/f) du groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour les besoins de l'office des citoyens – décision.

**M. Capinha Heliodoro Filipe, de Soleuvre, est nommé provisoirement aux fonctions de fonctionnaire communal sans le groupe de traitement C1, sous-groupe administratif.**

Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

**M. Elvir Dzogovic est nommé définitivement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe technique, avec effet rétroactif au 1er juillet 2021.**

Nomination définitive d'une fonctionnaire communale – décision.

**Mme Sandra Peltier est nommée définitivement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique, avec effet rétroactif au 1er décembre 2022.**

## 2.

### Enseignement.

Le point 2 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public la décision prise.

## 3.

### Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 4.

### Mise au point du collège échevinal.

Mise au point du collège échevinal au sujet de la construction d'une auberge pour jeunes et familles à Rodange – information.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass eng Informatioun, déi de Gemengerot soll kréie vum Schäfferot am Hibléck op déi lescht Diskussiounen. Dir Dammen an dir Hären, nodeems an der leschter Zäit zimmlech vill falsch an „irreführend" Aussoe vun zwou Biergerinitiativen an der Press an och op enger Informatiounsversammlung am Doihl zu Rodange de leschten 19. Januar 2023 verbreet gi sinn, an op d'mannst déi zwee Vertrieder vun der Piratepartei anscheinend den 23.09.2019 laut engem Pressecommuniqué vun hirer Partei eng Decisioun matgedroen hunn ouni den Dossier am Virfeld richteg gepréift gehat ze hunn - oder ass dat just politeschen Opportunismus kuerz virun de Gemengewalen - ass et dann elo un der Zäit mat engem Réckbléck op déi 21-järeg Geschicht vum Entstoe vun dësem Hotel anzegoen.

Fir d'alleréischt, an do si mir scho bei der éischter falscher Informatioun an dësem Dossier, wat fir en Hotel ass geplangt fir gebaut ze ginn? Kee Wellness-Hotel, ma e Jufa-Hotel. D'Jufa, eng éisträichesch Stëftung, bedreift zur Zäit 62 Hoteller a 5 verschiddene Länner, haaptsächlech an Éisträich, awer och an Däitschland, Liechtenstein, der Schwäiz an Ungarn. Hiert Konzept ass e „sportlechen, kannerfrëndlechen Hotel mat eegenem regionale Schwéierpunkt". Zu Rodange soll d'Konzept „Europa unter einem Dach" heeschen. D'Philosophie vun dësem Betrib ass et, en nohaltegt Angebot fir de Jugend- a Familljentourismus unzebidden. Déi éischt konkret

Diskussioune mat de Verantwortleche vun dëser Stëftung goufen de leschte Weekend vum Januar 2002, also genee virun 21 Joer, zu Admont an der Steiermark a Presenz vum deemolege Buergermeeschter an éischte Schäffe vun der Gemeng Péiteng gefouert, dat bei enger Visitt vun de Schnéiklasse vun der Péitenger Gemeng. Et muss ee wëssen, datt eis Schoulklasse jorelaang an d'Jufa-Hoteller gefuer sinn am Kader vun de Schnéiklassen.

No dësem éischte Kontakt sinn éischt Analysen iwwer d'Faisabilitéit vun esou engem Hotel an eiser Gemeng gemaach ginn. Vun der Säit vun der Péitenger Gemeng ass gekuckt ginn, wat fir interessant Perspektive fir déi touristesch Entwécklung vun eiser Gemeng am Speziellen – ech denken un den Train 1900, un d'Minièresbunn, asw... – ma och vun eiser Süd-Regioun, mat esou enger touristescher Infrastruktur geschaf kënne ginn, an déi Verantwortlech vun der Jufa hunn eng Etude lancéiert fir hirersäits ze klären, wat esou en Hotel an hirem Konzept fir e Méiwäert kéint bréngen. Well op béide Säiten eng ganz positiv Konklusioun gezu gouf, ass an enger nächster Phas no engem adequate Site gesicht ginn. Eng Rei Sitte sinn analyséiert ginn zu Rolleng, Péiteng a Rodange. Och de Site „Trax", deen d'Biergerinitiativen elo an d'Gespréich bréngen. Net nëmmen, datt den deemolegen Ëmweltminister Lucien Lux den 31. Juli 2008 bei enger Visitt op der Plaz mir als Buergermeeschter kloer gesot huet, datt e Bau vun engem Hotel op deem Terrain fir säi Ministère absolut net a Fro géif kommen, muss ee wëssen, datt dësen Terrain matten am Bësch läit, datt de Bau vun engem Hotel op deem Terrain entgéint de Bestëmmunge vum PAG vun der Péitenger Gemeng ass, datt dësen Terrain haut dem Staat gehéiert, an datt op deem Terrain eng Rei Gebaier stinn, déi un d'Minièresexploitatioun erënneren an dofir op Grond vun enger ministerieller Decisioun vum 21. Februar 1989 um „Inventaire supplémentaire" vun den national geschützte Gebaier an Objete vum „Institut national pour le patrimoine architectural" stinn.

Méi konkret gouf et den 1. Mäerz 2010, wéi de Gemengerot de Compromis vum Kaf vun dësem Terrain entscheet huet an och deemools schonn ugedeit gouf, wat den Hannergrond vun deem Kaf wier. An deem Kontext hat ech als Buergermeeschter an der Gemengerotssëtzung kloer gesot, an ech zitéieren: „An dofir ass et fir eis interessant, well mir dësen Terrain wëllen touristesch verwäerten". War de Vott beim Compromis den 1. Mäerz 2010 nach mat de Stëmme vun der CSV-DP-Majoritéit an den Enthalunge vun de Fraktioune vun der LSAP an déi gréng guttgeheescht ginn, ass de Vott vum Acte de 25. Oktober 2010 mat de Stëmme vun der CSV, der DP an déi gréng Fraktioun, souwéi der Enthalung vun der LSAP Fraktioun guttgeheescht ginn. An do gouf nach eemol vun der zoustänneger Schäffin Raymonde Conter-Klein ënnerstrach, an ech zitéieren: „Do geet et ëm Terrainen, déi hannen am Dhoil leien, an déi mir géife fir Tourismus- a Fräizäitinfrastrukture brauchen" a weider „Ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen, esou datt mer kënnen dee Package, wou mir mat engem auslänneschen Investor dru schaffen, Realitéit gi loossen." Och den Expert-Taxateur, den Här Jean Nau, hat dëser zukünfteger Affektatioun vum Terrain Rechnung gedroen, soss hätt hien de Präis vun 3.612,85 Euro pro Ar net als „juste et correct" empfonnt, wëssend, datt d'Gemeng Péiteng och haut am Joer 2023 maximal 600 Euro den Ar fir Akerland bezilt.

Ganz konkret gouf et dunn awer am Joer 2011, méi genee an der Sëtzung vum 16. Mee 2011, wou den deemolege Gemengerot eestëmmeg entscheet huet, dësen Terrain iwwer eng punktuell Modifikatioun vum PAG vun enger „zone agricole" an eng „zone de loisirs avec séjour" ëmzeklasséieren. Am Virfeld si wärend méi wéi engem Joer eng Rei Etudë gemaach ginn, a ganz besonnesch eng detailléiert Etude vun dem spezialiséierte Büro Gessner Landschaftökologie am Zesummenhang mat de Fliedermais. An der Sëtzung ass dann och ganz kloer aus der Diskussioun am Gemengerot ervirgaangen, datt dës Ëmklasséierung am Hibléck op de Bau vun engem Jufa-Hotel op dësem Terrain gemaach géif ginn. An der Deliberatioun steet, ech zitéieren: „...de reclasser le terrain en zone de loisirs avec séjour de manière à y implanter la construction destinée à l'hébergement". Dës Ëmklasséierung war Bestanddeel vun enger ëffentlecher Consultatioun. Si war a 4 Dageszeitunge publizéiert a war mat der Bevëlkerung an aller Transparenz an enger ëffentlecher Sëtzung de 15. Juni 2011 am Kulturzenter zu Rodange beschwat ginn. Keng Reklamatioun ass vun iergendengem Bierger oder iergendenger Biergerin erakomm. Och net vun deenen, déi haut mat zum Deel onqualifizéierten Argumenter géint de Projet virginn.

Eng weider Etapp an deem Dossier war am Gemengerot vum 15. Juli 2013, wou de Projet vun engem Jufa-Hotel an allen Detailer virgestallt a ganz laang diskutéiert gouf. Déi entspriechend „Déclaration d'intention portant sur la révalorisation de l'offre des activités récréatives et touristiques dans la Commune de Pétange" gouf mat 15 Jo-Stëmmen an 2 Enthalungen ugeholl. Am Lëtzebuerger Wort, am Tageblatt an am Journal gouf an den Deeg duerno iwwer dëse Projet bericht. „Ein Leuchtturmprojet für den Süden", „Europa unter einem Dach – Ein Projekt zur touristischen Entwicklung im luxemburgischen Süden" war do ze liesen. Spéitstens do, also elo virun 10 Joer, hätt missen dee leschten interesséierte Bierger oder déi interesséiert Biergerin iwwer dee Projet Bescheed wëssen.

Ronn 4 Joer méi spéit ass deen neie PAG vun der Péitenger Gemeng an d'Prozedur gaangen. Och hei stoung deen neie PAG mat dem Klassement vun dësem Terrain erëm zur Diskussioun, esou wéi déi dofir noutwenneg „Umweltverträglichkeitsstudie". Och hei war eng ëffentlech Consultatioun – si war a 4 Dageszeitunge publizéiert an ass mat der Bevëlkerung an aller Transparenz an enger ëffentlecher Sëtzung de 16. Mee 2017 am Fräizäitzenter zu Lamadelaine beschwat ginn. Och hei ass keng Reklamatioun vun iergendengem Bierger oder iergendenger Biergerin erakomm, och net vun deenen, déi haut mat zum Deel onqualifizéierten Argumenter géint de Projet virginn. Dëst esouwuel betreffend de Klassement vun dësem Terrain ewéi och betreffend d'„Umweltverträglichkeitsstudie", déi parallel an der ëffentlecher Prozedur war. Och hei gouf deen neie PAG vun der Gemeng Péiteng eestëmmeg ugeholl. Engem, deem esouvill Méiglechkeete gebuede ginn, sech iwwer e Projet z'informéieren, deen an aller Transparenz vun der Gemeng ëmmer erëm iwwer Jore virgestallt gouf, an all dës Geleeënheete versträiche gelooss huet an elo mengt, hie kéint kuerz virun 12 den Dossier ausbremsen, wënschen ech vill Courage.

Eng weider Etapp an dësem Dossier war dann am Joer 2019. Am Gemengerot vum 23. September 2019 huet de Péitenger Gemengerot – den 3. Gemengerot an der Rei – eestëmmeg entscheet fir dee betraffenen Terrain iwwer e „Contrat de concession d'un droit de superficie" der Firma Tecto Domus zur Verfügung ze stelle fir dee geplangte Jufa Hotel opzeriichten.

Den 13. Juli 2022 huet dann de Minister fir Ëmwelt, Klima an Nohaltegkeet ënner Oplage säin Accord zu dësem Projet ginn. Eng „Conditio sine qua non" fir d'Konkretiséierung vun dësem Projet. D'Oplage sinn dës:

1. „…. respecter les mesures définies par le bureau Gessner Landschaftsökologie dans la note du 15 octobre 2020". „15 octobre 2020" fir déi Leit, déi dat net richteg wëssen.
2. „La haie autochtone destinée à protéger le corridor de vol existant des chiroptères par rapport à la construction envisagée est à planter au plus tard avant le début du

chantier selon le plan PA033-AUT-AD faisant partie intégrante de la présente demande d'autorisation. Afin de protéger la haie plantée et pour garantir son développement pendant la phase chantier, un mur de protection à l'aide d'éléments en bois est à mettre sur place entre le chantier et la haie. Le mur de protection est démonté à la fin du chantier lorsque le développement de la haie permet d'assurer à suffisance la fonctionnalité du corridor de vol."

3. „Un monitoring annuel du développement de la haie est effectué les cinq premières années après les travaux de plantations en présence du préposé de la nature et des forêts en relation avec le développement de la fonction importante de la haie comme corridor de vol pour chauves-souris. Le cas échéant, des mesures éventuelles d'amélioration, d'entretien ou de regarnissage de la haie doivent être effectuées."
4. „Les arbres et arbustes existants à intégrer dans le projet de construction de l'hôtel de famille sont marqués avant le commencement du chantier par le préposé de la nature et des forêts. Ils sont protégés de manière appropriée (coffrage en bois) pendant toute la phase du chantier »
5. Weider schreift den Ëmweltminister: „J'attire également votre attention à la décision Réf.: 101157 du 7 février 2022 émise en faveur d'Arcelor Mittal Luxembourg SA permettant la réouverture de l'orifice minier numéro 140 sur le territoire de la commune de Differdange, une mesure à respecter afin de pouvoir réaliser le projet de l'hôtel de famille"... .

Et geet deemno heiraus ervir, datt kee Bam ëmgehae gëtt, an datt all Dispositiounen, déi scho jorelaang am Raum stinn an am Intressi vun dem Liewensraum vun de Fliedermais geholl musse ginn. Eng Oplag, déi mir bei all Projet an eiser Gemeng, awer besonnesch zu Rodange hunn, respektéiert musse ginn. An déi Oplage vun de Spezialiste vum Ëmweltministère wäerte selbstverständlech och vun dem Bauhär respektéiert ginn a wäerten och Bestanddeel vun dem Buergermeeschter senger Baugeneemegung sinn.

Wéi geet et elo virun? Den Delai fir Awänn am Kader vun der Prozedur vun der Baugeneemegung ze maachen ass kierzlech ofgelaf. De Buergermeeschter wäert, ewéi ëmmer, d'Recevabilitéit vun dëse Remarquen analyséieren, wäert dës schrëftlech Remarquen dann och mat de Reklamante beschwätzen – d'Reklamante si fir den 2. Februar 2023 invitéiert – an duerno d'Baugeneemegung ausstellen.

Zum Schluss awer nach e puer Richtegstellungen:

Et gouf der Gemeng en „dialogue de sourds" virgeworf. An deem Kontext wëll ech drop hiweisen, datt de Sekretär vun der Gemeng Déifferdeng, Henri Krecké – wat huet d'Gemeng Déifferdeng mat deem Dossier ze dinn? – dem Péitenger Schäfferot de 15. November 2022 ëm 9.31 Auer iwwer Mail „de Site vun der Trax" als Alternativsite fir den Hotel proposéiert huet, an de Buergermeeschter him deselwechten Dag um 13.41 Auer iwwer Mail geäntwert huet, datt dëse Site absolut net a Fro géif kommen. D'Ursaachen dofir hunn ech jo scho virdrun erkläert. Datt deselwechten Här dann 2 Méint méi spéit „en toute connaissance de cause" de Site vun der Trax weider als Alternativ an der Ëffentlechkeet duerstellt, ënnersträicht wéi dës Biergerinitiativen eis Bierger a Biergerinnen ier féieren an instrumentaliséiere wëllen. Den zweete Site nieft der PiKo-Schwämm, wou ech opgrond vun der vaguer Ausféierung – et pour cause sinn d'Biergerinitiativen hei vague bliwwen, well all Bierger a Biergerin de Kapp geréselt hätt wann si gewosst hätte wat fir e geneeën Terrain do ugeduecht wier – kann eigentlech just de Parking oder d'Wiss vun der PiKo-Schwämm am Summer sinn. Net nëmmen, datt dësen Terrain laut PAG vun der Gemeng Péiteng keng Konstruktioun vun engem Hotel erlaabt, ma et ass och absolut ausgeschloss, datt mir dës fir d'Attraktivitéit vun eiser PiKo-Schwämm, déi am 2. Semester 2023 hir Dieren erëm opmécht, net fir de Bau vun eng Hotel affere kënnen a wëllen.

Et goung rieds vun engem Wellness-Hotel. Och dat ass falsch. Nieft dem Hotel plangt d'Gemeng – an de Gemengerot huet fir d'Planung en deementspriechenden Artikel an de Budget 2023 ageschriwwen – eng Saunalandschaft um Terrain nieft dem Fussballterrain, deen an enger „zone de bâtiments et équipements publics" (BEP) klasséiert ass. Dës soll déi kleng, net grad adequat Sauna an der PiKo-Schwämm, déi nom Ëmbau aus der PiKo-Schwämm verschwënnt, ersetzen. Do sti mir um Ufank vun der Planung an de Gemengerot muss an den nächste Méint d'Pläng an de Käschtepunkt definéieren.

Och hunn ech mat engem gewëssen Erstaune gelies, datt, laut Experten, d'Liichtverschmotzung, déi duerch den neien Hotel entsteet, en negativen Impakt fir d'Fliedermais soll hunn. Et muss ee wëssen, datt grad donieft de Fussballterrain mat senger performanter Beliichtung läit. Wa bis haut d'Fliedermais sech net un der Beliichtung vum Fussballterrain gestéiert hunn – an dat ass jo manifestement de Fall – da wäerten si sech an Zukunft och net vun e puer Stéiluuchten um Nuetsdësch vun Hotelszëmmeren aus der Bunn geheie loossen.

Ech kommen elo zur Konklusioun.

Déi Péitenger Gemeng huet laut hirem PAG 52% vun hirem Territoire, deen an enger „Zone destinée à être libre" klasséiert ass, dee fir Flora a Fauna, Bësch an Natur, Fliedermais asw. reservéiert ass, ewéi zum Beispill den Hierschtbierg, den Tëtelbierg, de Prënzebierg, de Giele Botter, an dëst gëtt vum Schäffen- a Gemengerot zu 100% respektéiert.

Dogéint weist de PAG vum Péitenger Gemengerot och 48% vu sengem Territoire als „Zone urbanisée ou à être urbanisée" aus, deen Deel vun der Gemeng, wou d'Gemeng sech entwéckele kann, an och do sinn nach Oplage fir zum Beispill de Liewensraum vun de Fliedermais ze schützen. An och dat respektéiert de Péitenger Schäffen- a Gemengerot zu 100%. Ech wëll awer drun erënneren, datt, wann eis Virfare viru méi ewéi 100 Joer déiselwecht defensiv an destruktiv Haltung ageholl hätten ewéi verschidde Bierger a Biergerinnen haut, Lëtzebuerg sech an de leschten 100 Joer net zu engem modernen, héichentwéckelte Land eropgeschafft hätt. Deemools sinn Honnerte vun Hektare vun Natur a Bësch am ganze Süde vum Land an och an eiser Gemeng vun den industriellen Aktivitéite staark beanträchtegt ginn. Haut schwätze mir vu 74 Ar Akerland.

A menger ganzer politescher Carrière, a besonnesch an de leschten 18,5 Joer als Buergermeeschter, hunn ech mech agesat fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng. Dëse Projet, gekoppelt mat aner Projeten, déi an der Planung sinn, sollen den Tourismus an eiser Gemeng stäerken, an ass deemno wichteg fir d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng. An dat muss d'Zil vun der Gemengepolitik zu Péiteng bleiwen. Well eng Gemeng, déi an den Immobilismus verfält, déi sech net weiderentwéckelt, ma stoe bleift, ass definitiv eng doudeg Gemeng.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Arendt Patrick (CSV):**

Als Präsident vun der Ëmweltkommissioun wëll ech och e puer Wierder zu dësem Dossier gesot hunn. Ech hu mir déi Etude aus dem Joer 2009, ech schwätzen hei vun der FFH (Flora und Fauna Habitatprüfung), déi Grondsätzleches iwwer d'Situatioun ronderëm de Fliedermausbestand ausgesot huet, duerchgelies. Et geet ëm en FFH-Gebitt vun 1,2 Hektar an et ass enger Naturschutz-Richtlinn vun der EU ënnerstallt. Et geet drëms, d'Verdréiglechkeet vun dësem Projet mat de laangjäregen

Erhalungsziler z'analyséieren. Vir ewech, sämtlech 4 Zorte vun deene Fliedermais, déi solle geschützt ginn, sinn an dësem Gebitt fonnt ginn. Hei schwätze mir vun dem Groussen Huffeisennues, dem Grousse Mausouer, d'Wamper an der Bechsteinfliedermaus. Hei ass gekuckt ginn, a wéi wäit d'Wanterquartéierung, d'Summerliewensraim, d'Schwarm- a Paarungsgebitter en Impakt hunn, woubäi virun allem bei den Erzstolle richteg vill Aktivitéit nogewise ginn ass. Mat Batcorder an engem sougenannten Anabatsystem souwéi Fangnetzer op der Plaz ass gekuckt ginn, welch Zorten hei ënnerwee sinn. Am Ganze konnten 12 Aarte fonnt ginn, woubäi op 12 Plazen tëscht 1 an 150 Nuechte gekuckt ginn ass.

Dofir soll jo e Bam-Heckenzuch geplangt ginn, eng sougenannte linear Leitstruktur, déi iwwer déi ganz Breet verlafe soll, wou d'Fliedermais op natierlechem Wee souwisou ufléien, wat aus der Prüfung ervirgaangen ass. Dat huet zum Zil, datt d'Duerchgängegkeet laangfristeg bäibehale gëtt. Ausserdeem ass et eng natierlech Ofschiermung zum Bau – hei soll op grouss Bamwueren opgepasst gi fir datt deen Ofschiermeffekt éischter gräift. Dofir soll duerch d'Presenz vum Preposé vun den Naturfroen hei zu Péiteng – notamment eise Fierschter – séchergestallt ginn, datt duerch e järleche Monitoring vun der Entwécklung vun dëser linearer Struktur dës Schutzfunktioun och Friichten dréit, déi duerch eng Holzwand bis zum Enn vum Schantje geschützt gëtt. All eis Fliedermais verbréngen den Dag op stéierungsfräie Plazen ewéi z.B. an deenen ale Stollegäng. Ausserdeem ass festgehalen, datt et wichteg ass, datt de ganze Liewensraum grouss genuch ass fir datt d'Aarte weiderhi laangjäreg d'Populatioune bilde kënnen. Aus der Etude geet eraus, datt baubedéngten Ofstellplaze vum Material um Parking amenagéiert solle ginn an datt de Stollenagang, deen zougeschott ass – an ech mengen, datt dat eng wesentlech Moossnam ass – nees opgemaach muss ginn, well grad hei (also bei deenen Nopeschagäng) vill Aktivitéit vun de Fliedermais konnt an där Studie nogewise ginn. An dës Aarbechte sinn an der Äntwert vum Ëmweltministère och bestätegt ginn. D'Versigelung vun der Fläch, déi net en allzegroussen direkten Impakt op d'Fliedermais wäert hunn – ëmsou méi et eng intensiv genotzte Wiss war ouni Holzflächen. Heizou ass ze ernimmen – an dat ass sécherlech kee klenge Facteur, datt déi ganz Daachstruktur soll begréngt ginn, esou datt dat zum Deel opgefaange gëtt. Ausserdeem sinn déi Beem ronderëm zimmlech jonk, esou datt keng Spiechthielen dran ze verzeechne sinn, wat och dofir schwätzt, datt d'Fliedermais net an direkter Noperschaft laangwiereg verweilen a sech éischter an d'Stollen zeréckzéien. Dat och z.B. mat de Luuchten um Fussballterrain, wat den Här Buergermeeschter och virdrun erkläert huet.

An der Etude gëtt ausserdeem drop higewisen, datt eng insektefrëndlech Beliichtung dohi soll kommen. Och dat ass menges Wëssens fest verankert am Projet. Ausserdeem soll tëscht der neier Allee an der Bëschung, déi besteet, eng extensiv geméinten (maximal 2 Mol am Joer) insektefrëndlech Wiss entstoen, wat sécherlech och e Méiwäert ass par Rapport zum haitegen Zoustand. Alles dat si Moossnamen, déi sécherlech den ökologeschen Impakt esou wäit ewéi méiglech erofsetzen. An dobäi dierfe mer net vergiessen, datt an eiser Gemeng méi wéi 50% net däerf bebaut ginn, an dës Plaz hei op enger Plaz läit, déi bebaut däerf ginn, déi laut dem PAG deen – an den Här Buergermeeschter huet et scho gesot – queesch iwwer d'Bänk parteiiwwergräifend gedroe ginn ass.

Schlussendlech wëll ech kuerz op d'Polemik vun eise mauve Rudderfrënn aus dem Gemengerot agoen, déi déi lescht Jore méi wéi eng Kéier bewisen hunn, datt si d'Seegel dem Wand no setzen, esou wéi e grad bléist. Den Här Goergen schreift op seng typesch populistesch Aart a Weis op Facebook, datt 6 Joer verluergaange sinn an der Ëmwelt. Dat muss een sech emol op der Zong zergoe loossen. Entweder huet hien hei am Gemengerot ëmmer d'Oueren op daf gestallt oder intern ass net nëmmen net vill, ma keng Kommunikatioun, well deen zweete Pirat am Gremium ass nämlech och Member an der Ëmweltkommissioun. Ech hunn effektiv bei villen Aktiounen a Projeten – an ech kann déi hei fir d'x-te Kéier opzielen – den Här Goergen néierens begéint. Vläicht huet e jo elo, wou d'Wale méi no kommen, Loscht a Bock den nächste Sonndeg zu Rolleng bei der 19. Editioun vum Plogging dobäi ze sinn, well nodeems en sech dann x Mol gebéckt huet, wäert e bestëmmt ni méi d'Seegelen esou setzen, datt an der Ëmwelt 6 Joer näischt geschitt ass, well da spiert en et nämlech um eegene Rudder. Dat gesot hoffen ech, datt d'Leit dobaussen net blannemännches alles gleewen, wat esou an dës grouss Welt geschriwwe gëtt.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech sinn et jo gewinnt, de Buhmann ze sinn. Dat mécht mir och wéineg aus. Do si scho méi héich Politiker, déi mech zum Buhmann gemaach hunn ewéi dir. Ech fannen et awer schlëmm, wann dir als Buergermeeschter Leit mam Numm an do wou se schaffen, un den ëffentleche Pranger stellt. Ech mengen, déi ganz Situatioun ass verfueren, well dir als Schäfferot hei einfach ganz stuer op Neen gestallt hutt. Dir kënnt mech esou vill kritiséieren ewéi dir wëllt, dir wësst, datt dat mir souwisou egal ass.

Ma wann dir eise Communiqué richteg gelies hätt, da géif och drastoen, datt mir keng Wäertung virgeholl hunn. Mir hu weder derfir nach dergéint gestëmmt. Mir hu just gesot, den Dialog mat der Biergerinitiativ muss gesicht ginn. Hinnen ass nozelauschteren. Mir schwätzen ëmmer iwwer Biergerbedeelegung. Do si Leit, déi sinn opgestane fir dësem Schäfferot eppes ze soen. Et ass eng aner Meenung ewéi déi vum Schäfferot, awer och dat gëllt et ze respektéieren. Et kann net sinn, datt an der Chamber är Parteien ëmmer zielen méi Biergerbedeelegung, méi hei an do. An hei ass an enger Gemeng, wou dat geschitt, an dir beleidegt déi Leit nach am Gemengerot. Dat ass net déi Biergerbedeelegung, wou ee soll hunn. Et ass net fir beim Projet ze soen si hu Recht oder si hu Recht, neen, komm mir leeën d'Fakte beieneen. A wann dir de Communiqué richteg gelies hätt, do steet dran, datt de ganzen Dossier mat all den Avise vun de Fliedermais integral soll veräffentlecht ginn. Et kann net sinn, datt de Schäfferot eleng op den Informatioune sëtzt, an deenen anere virgeheit – wou dir d'Informatiounen net gitt – si géife Falsches verbreeden. Da maacht är Informatiounen alleguer ëffentlech. An Här Arendt, ech kann iech soen, déi 6 Joer hunn ech hei am Dezember zur Budgetsried gesot, well ech dozou stinn, ënner deem Ëmweltschäffe sinn et 6 verluere Joren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat do ass jo dann, wat ech eigentlech erwaart hunn an net méi. Et ass ganz kloer, an dir verkennt dat. Ech hunn dat hei dräi oder véier Mol gesot, an dat muss ee jo dann och ganz präzis soen, datt déi Saache veräffentlecht sinn. Wann dir hei sot, datt déi Saachen net veräffentlecht sinn, da kommt dohinner ewéi déi Leit, déi soen, si hätte keng Informatioune krut. Se si veräffentlecht ginn, et war eng ëffentlech Sëtzung, et war an der Zeitung, jidderee konnt déi Dokumenter kucken. Esou wéi et sech gehéiert. Datt een dat natierlech net ka maache wann d'Prozedur ofgeschloss ass, dat misst dir als Parlamentarier vläicht wëssen. Wann dir dat net wësst, da froen ech mech, wat dir op där do Plaz maacht, wou dir sëtzt. Gutt, dat ass awer de Wieler, deen dat entscheet. Mir hu Gesetzer hei ze respektéieren. D'Gesetzer gesi genee vir, wéi dat soll goen. Do waren 2 Mol ëffentlech Unhéierungen, ëffentlech Reuniounen, ëffentlech Diskussiounen, a jidderee konnt ëffentlech Stellung huelen. Datt een dat natierlech net ka maachen, wann alles fäerdeg, wann alles ofgeschloss ass, dat deet mir schrecklech leed, dann ass dat sécherlech ze spéit. An ech wënsche

jidderengem – a mir hei an enger ganzer transparenter Welt – dee mengt, datt en zu dësem Zäitpunkt, wou all déi Diskussiounen ofgeschloss sinn, kéint géint dee Projet virgoen, majo do gëtt et en „Tribunal administratif", et gëtt e „recours administratif", an da muss een déi Prozedure maachen, déi do sinn. An ech wëll iech nach eppes soen, Här Goergen. Den 23. September 2019 hutt dir e Kontrakt ënnerschriwwen. E Kontrakt. Ech weess net, ob dir dee gelies hutt oder net. Dee Kontrakt ass kloer a ganz däitlech. Do ass et als Gemeng an engem Rechtsstaat net méi méiglech, aus engem Kontrakt erauszekommen. An dir misst als e Mann, deen hei soll mat entscheeden, op d'mannst déi Informatioun hunn, a misst sech informéieren, ob et juristesch iwwerhaapt nach eng Méiglechkeet gëtt fir do erauszekommen. Do ass keng Méiglechkeet méi fir erauszekommen, dee Projet war elo 21 Joer al, an elo si mir op deem Punkt wou dat net méi méiglech ass fir erauszeklammen. An dat muss een eben unerkennen. An ech sinn e Mënsch, wann ech en Engagement huelen, da respektéieren ech dat Engagement och. Ech kann déi Leit net ausstoen, déi en Engagement huelen an dann no 2 Joer op eemol kal Féiss kréie well iergendee seet, et wier net gutt, an dann ëmfalen a mengen, et wier net gutt. Mir mussen hei Entscheedungen treffen. Mir sinn hei e Gremium, dat muss Entscheedungen treffen. A mir mussen eis un d'Gesetzer halen, déi dir mathëlleft maachen. A mir sinn hei op engem Punkt ukomm, wou d'Gesetz eis kee Mëttel méi gëtt fir als Gemengerot aus deem Kontrakt erauszekommen. Keent. An ech géif gäre vun iech wëssen, wou dir wëllt dee Moyen siche goe fir aus deem Kontrakt erauszekommen. An dir hutt e matgestëmmt. Dir hutt eppes matgestëmmt, wou dir elo sot, ech hunn eppes matgestëmmt, awer ech weess net, wat ech matgestëmmt hunn, an dofir wëll ech elo aus deem Kontrakt erausgoen.

Mir kënnen diskutéieren, a mir hunn diskutéiert. D'Biergerinitiativ huet mir 2 Propositioune ginn an ech hunn hinne gesot, datt et net geet. An ech hunn iech hei nach eng Kéier dohigeluecht, datt dat net geet. Dat geet absolut net. Dat ass einfach eppes gesot fir eppes ze soen. A mir soen iech et ganz genee: deen Trax-Site ass onméiglech ze realiséieren. Onméiglech. Dat huet den Ëmweltminister mir 2008 scho gesot. An elo komme mir nach eng Kéier a froen, ob mir net kënnen op den Trax-Site goen. Majo, mir kënne jo vläicht iergendwou an de Bësch goen. Dat geet net. A jiddereen, deen déi elementar Reegele vun Urbanismus kennt, dee weess, datt et op dësem Zäitpunkt net méi méiglech ass fir eppes ze änneren. Deen eenzege Site fir eppes ze bauen ass deen do, an deen ass komplett konform. All Autorisatioune sinn do, an deen, deen elo als Alternativ duergeluecht gëtt, ass net konform. Wa mir elo gäre wëllen op enger Plaz bauen, wou et net konform ass, dat ass da jidderengem fräigestallt. Awer dat geet, op jiddwer Fall esou laang ewéi ech Buergermeeschter sinn, net. An dofir si mir elo an der Prozedur, mir wäerten d'Baugeneemegung ginn. Ech lauschteren de Leit no, wéi d'Gesetz dat virgesäit. Ech wäert mat hinnen an d'Diskussioun kommen, ganz transparent an an aller Ëffentlechkeet wäert ech mat hinne schwätzen. Et sinn déiselwecht Biergerinitiativen, awer an där Struktur, déi d'Gesetz duerleet. An da wäerte mir zur Konklusioun kommen, datt déi Argumenter – ech hunn se jo gelies – warscheinlech d'Strooss net halen a contraire sinn zu deem, wat de Gemengerot entscheet huet. An da muss ech d'Baugeneemegung ginn, an dann ass d'Welt grouss. Jidderee ka jo dann déi Weeër goen, déi d'Gesetz engem virschreift an déi d'Méiglechkeet ginn duerno. An ech wënsche jidderengem Courage fir dat ze maachen. A wann do zoufälleg een zur Konklusioun kënnt, datt mir hei falsch leien, dann akzeptéieren ech dat och.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech wëll hei keng Walcampagne maachen a kee perséinlech attackéieren. Et deet mir leed, ech war am Januar 14 Deeg an der Vakanz an hunn am Ufank net matkritt, wat hei zu Rodange géif lafen. Ech si knapps dënschdes owes um 22.45 Auer um Findel gelant, do hat ech schonn direkt moies Mailen, ech soll direkt op déi Versammlung goen. Do hunn ech emol gekuckt, ëm wat et géif goen.

Also ech ka just soen, datt ech näischt réckgängeg maache wat de Vetrieder vu menger Partei, vun der DP, wou der och vill heibannen am Sall sinn, matgestëmmt huet. Ech kann net eppes réckgängeg maachen, wat 21 Joer ass, wat esou laang hei diskutéiert gëtt, wou mir esou laang streiden, wou d'Kanner fréier an e Jufa-Hotel gaange sinn, wou d'Prozeduren elo ulafen, déi ëmmer matgestëmmt goufen, déi vun DP-Unhänger matgestëmmt gi sinn, déi vun engem DP-Schäffe matgestëmmt gi sinn, déi vu mengem verstuerwene Mann matgestëmmt gi sinn, an déi ech och elo matgestëmmt hunn. Et deet mir leed, ech kann do net elo géint e Projet goen, deen esou wäit fortgeschratt ass. A wann ech dann un d'Fliedermais denken – ech hunn e Meedchen, dat Forstingenieur ass, an ech ginn elo guer net op d'Detailer an, déi den Här Arendt ugefouert huet -, a wann dir ëmmer mat der Liichtverschmotzung kommt, do ass e Scoutschalet gebaut ginn. An do wosst dir schonn, datt eventuell en Hotel sollt dohinner kommen. Dir hutt jo gesot, Här Krecké, „ech hu verschlof", majo et deet mir leed, dann hutt dir verschlof. An dann, Liichtverschmotzung. Den Terrain mécht méi Liichtverschmotzung ewéi eng Fliedermaus verdréit. Ech hat jorelaang virum Tornado eng Fliedermaus a mengem Gaart. Den Noper huet 2 Scheinwerfer. Si ass ni fortgaangen aus mengem Gaart. Si war all Owend a mengem Gaart. Da kommt mir elo net, se géife gestéiert gi vun der Beliichtung vun deem Hotel. Et deet mir leed, awer ech kann net hannert eppes goen, wat d'DP gedroen huet. Et sinn der hei am Sall, déi wénken dann esou, ma dir waart dobäi, wéi Vertrieder vun der DP et matgedroen hunn. Et deet mir leed. Merci fir d'Wuert.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech mengen, dir hutt alles gesot. Wat soll een nach dozou vill dobäifügen. Dir hutt erkläert, wéi d'Situatioun de Moment ass, wéi d'Situatioun virdru war. Vläicht nach just eng Erklärung. D'LSAP huet sech 2010 effektiv enthalen, well mir dat fir d'éischt virgestallt kritt hunn, an et waren nach vill zevill Onkloerheeten do. Et war net dat, wat mir haut hunn. 2010 war et vill méi vague, dofir hu mir eis enthalen. An net, well mir an der Oppositioun waren a well een dat esou mécht an der Oppositioun. Wéi ech gesot hunn, et war zevill vague.

Ech wëll awer just hei soen – ech hunn den Dossier gelies – et ass alles an der Rei. An ech wier bestëmmt dee leschten, deen allerleschten, deen sech net géif wiere wa mengem Heemechtsduerf Rodange géif eng Ongerechtegkeet geschéien. Dat kann ech iech hei soen an ech mengen dat och esou.

**Martins Dias André (CSV):**

Mir hunn elo hei vum Buergermeeschter en detailléierten Exkurs héieren, dee fir de Bau vum Jugend- a Familljenhotel am Doihl schwätzt. Zousätzlech Argumenter dofir sinn d'Beliewe vum Tourismus an eiser Gemeng a speziell ronderëm de Fond-de-Gras, abordabel Iwwernuechtungsméiglechkeeten, déi d'Geschicht ronderëm de Biergbau an d'Stolindustrie an eisem schéinen Eck entdecke wëllen, d'Schafe vun Aarbechtsplazen an eiser Gemeng, eng Offer vu Fräizäitaktivitéite mat geplangtem Bau vum Wellness, wou vill Leit aus eiser Gemeng musse siche goen, wann si gären esou eng Offer an Usproch huelen. Sämtlech noutwenneg Prozeduren, fir den Impakt op d'Ëmwelt ze moossen, si gemaach ginn an „en toute connaissance de cause" hunn 3 verschidde Gemengeréit sech fir dëse Projet ausgeschwat.

Den Ëmweltministère huet hei, wuel mat Oplagen, déi alleguer respektéiert musse ginn, säi „feu vert" ginn. Déi Bedenken, déi déi zwou Biergerinitiative geäussert hunn a wou et haaptsächlech ëm d'Fliedermais an ëm d'Liichtverschmotzung

gaangen ass, goufen aus dem Wee geraumt. D'Bedenken, déi um selwechten Informatiounsowend vun enger Biergerin geäussert gi sinn zum Verkéier, deen do entstoe kéint, deem kann a wäert Rechnung gedroe ginn. D'Fuerderungen no engem Businessplang fir de Projet vum Wellness si menger Meenung no awer total deplacéiert an net fundéiert. Hei dierf een net vergiessen, datt et sech ëm en ëffentleche Projet handelt an net ëm e Projet vun engem kommerzielle Betrib, dee per se versicht, esou vill ewéi méiglech Profit ze maachen. Wa bei all Projet vun der Gemeng oder dem Staat e Businessplang misst gemaach ginn, da géif d'ëffentlech Hand apaken a keng Projete maachen. Dëst ass nees e Beispill vun Aussoe vu verschidde Leit fir d'Biergerinnen an d'Bierger opzestëppelen.

Ofschléissend erënneren ech mech un zwee Sätz, déi den Owend wärend der Präsentatioun gefall sinn. Deen éischte war „Mir hunn näischt géint de geplangten Hotel, mir hu just eppes géint déi Plaz, wou e soll hikommen". Deen zweete Saz war dësen „Wann sech erausstellt, datt dësen Terrain sech vum Impakt op d'Natur besser eegent ewéi déi zwou Alternativen, déi mir proposéieren, da paken ech meng Wallis". Argumenter, déi géint déi zwee Alternativterraine schwätzen, hu mir genuch héieren. Ech denken, datt et hei deemno esou lues un der Zäit wier fir d'Waliss ze paken. Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da géif ech och hei Merci soe fir d'Interventiounen. Ech mengen, mir hunn en „tour de table" gemaach am Kontext vun dësem Dossier. Dat ass dann elo, wann ech elo viruschreiwen, a wann hannenno d'Geschichtsfrënn et hunn, déi dat wëlle finaliséieren, da kënnen se dee Punkt hei zu dëser Diskussioun derbäisetzen, hannert meng laang Lëscht vun Interventiounen, wou mir mat de Bierger a fir d'Bierger diskutéiert hunn. Dofir sinn ech der Meenung, datt mir elo sollte vläicht zum nächste Punkt iwwergoen.

## 5.1.

**Administration générale.**

Titres de recettes au montant total de 450.866,11 euros – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes (exercice 2022):*

| | |
|---|---|
| *TVA – novembre 2022* | *242.007,48 €* |
| *Remboursement de l'Etat dans les travaux de jeunes chômeurs.* | *49.630,20 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

**Administration générale.**

Démission et nomination dans la commission de surveillance de l'école de musique – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Il est pris acte de la démission de M. Paul Bour.**

**Vote secret: A l'unanimité, M. Jérôme Schiltz, de Rodange, est nommé nouveau membre de la commission de surveillance de l'école de musique.**

## 5.3.

**Administration générale.**

Règlement général des tarifs: modification du chapitre XX «Vente de bois» – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.4.

**Administration générale.**

Arrêt provisoire du compte administratif de l'exercice 2021 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.5.

**Administration générale.**

Arrêt provisoire du compte de gestion de l'exercice 2021 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.6.

**Administration générale.**

Renouvellement des infrastructures dans la rue des Romains à Rodange: vote du devis au montant total arrondi de 450.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.7.

**Administration générale.**

Travaux d'adaptation de la canalisation dans la rue de la Fontaine à Rodange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total du devis approuvé:* | *180.913,00 euros (ttc)* |
| *Total du crédit approuvé:* | *190.000,00 euros (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *162.914,28 euros (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 5.8.

**Administration générale.**

Travaux d'agrandissement du parking « A Rousen » : vote du décompte – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total du devis approuvé:* | *40.000,00 euros (ttc)* |
| *Total du crédit approuvé:* | *40.000,00 euros (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *36.930,39 euros (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

**Cimetières.**

Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant l'année 2022 – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

**Ordre public.**

Demande de l'association «KaGePe – Karneval Gemeng Péiteng ASBL» pour une action de vente de porte à porte dans la commune – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

**Propriétés.**

Convention relative à la concession d'un droit de passage avec la copropriété de la résidence «Atlantis 2» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

**Propriétés.**

Compromis concernant la vente de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Ecoles», à Mmes Christiane et Monique Weis – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente des deux terrains, avec une contenance de 0,69 are respectivement 0,16 are, se fait au prix total de 17.000,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.3.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,03 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg», de la part de M. Jakup Rama et Mme Kimete Hasani – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.4.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,04 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus», de la part des copropriétaires de la résidence «Blitz» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.

**Urbanisation.**

Droit de préemption relatif à des parcelles cadastrales situées à Pétange, aux lieux-dits «Auf den Jenken» et «Rue des Promenades» – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm Terrainen, déi, fir et vir ewechzehuelen, an der „zone agricole" aklasséiert sinn a weder an enger „zones de développement et zones à restructurer" oder an enger „zone d'aménagement différé" an an enger „zone de réserve foncier" vum PAG leien. Allerdéngs muss ee wëssen, datt se an enger Bande vun 100 Meter ronderëm eng „zone urbanisée ou destinée à être urbanisée" leien. Mir si gefrot ginn, ob mir do en Deel vun deenen Terraine wéilten, wou ee ganz genee weess, datt déi aner Terrainen a Privatbesëtz sinn. An deejéinegen, deen dëse Kaf mécht, dee keeft och déi doten Terrainen. Déi hunn e Compromis, datt mir just en Deel vun den Terraine kréien, déi awer fir de Moment nach ëmmer an enger „zone agricole" sinn. An ech weess net, a wat fir engem Zäitraum de Gemengerot gewëllt ass fir dat do ëmzeklasséieren an ob en iwwerhaapt gewëllt ass. Mir hunn op jiddwer Fall guer kee Projet dorop, esou datt ech dem Gemengerot proposéieren, op deen „droit de préemption" ze verzichten, well mir nach keng valabel Argumentatioun hu fir deen „droit de préemption" spillen ze loossen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech hu mer de Projet e bëssen ugekuckt. Et ass jo och esou, datt schonn am Kontrakt virgerechent ass, datt en anere Präis duerno géif spille wann et ëmklasséiert géif ginn. Esou wéi mir zu Ouere komm ass, ass do e Promoteur dru fir all déi Terrainen ze kréien – do sollt jo eppes Gréisseres an Zukunft entstoen – an da kann dee jo eigentlech schonn dovunner ausgoen, datt e Projet wäert an Zukunft kommen an datt déi Reklassementer wäerte stattfannen. Soss hätt en déi Terrainen, déi am Moment wäertlos sinn, net kaf. Dat wier jo net a sengem Interesse gewiescht.

Allgemeng ass et jo esou, datt mir e Virkafsrecht hunn, grad op Plazen, wou een nach e Logement ka realiséieren ouni en zevill groussen Impakt op d'Ëmwelt. Wann ee kee Projet huet, dann ass et ebe schwiereg fir d'Virkafsrecht spillen ze loossen. Ma et ass de politesche Wëllen, deen do muss si fir Projeten am Viraus schonn ze definéieren, well soss kënnt een ëmmer mat der Excuse, et ass kee Projet do a mir kënnen d'Virkafsrecht net spille loossen. Et ass am Viraus, wou ee scho vill méi wäit muss kucken. Dat do ass jo awer en Terrain, dee jorelaang an der Diskussioun war an datt e sollt verkaf ginn. Grad wann ee weess, wéi e Projet do ronderëm kënnt, hätt ee jo kéinten higoen a schonn de Projet lancéieren, respektiv mat deem Mann, dee verkaf huet, schwätzen ier et un de Promoteur gaangen ass. Dofir wäerte mir haut dogéint stëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Jo, et ass esou, datt d'Gemeng Péiteng eng ganz Rei esou Projeten huet. Mir sinn amgaang de Lotissement Neiwiss 2 ze bauen, mir sinn amgaang, als nächst Etapp am Fong – an do hu mir scho Suen am Budget stoe fir de PAP ze realiséiere mat alle Contrainten, déi dat mat sech bréngt – zu Lamadelaine, wou déi fréier Ateliere waren, eppes ze maachen. Mir sinn och nach weider an engem Projet mat involvéiert, wou mir e bëssen ofhängeg si vun deem, wat de Ministère du Logement mécht. Dat ass um ale Site vun der Eucosider, wou all Kéier d'Gemeng och mat Bauhär ass. Mir kënnen och alles kafen an alles bauen. Mir sinn awer vläicht net dee richtege Promoteur. Ech muss awer och dorunner erënneren, datt sech de Gemengerot 2017 dogéint

ausgeschwat huet, well déi Leit hate reklaméiert am Kader vun der Prozedur. An do huet de Gemengerot gesot, zu dësem Zäitpunkt kéim dat net a Fro fir dat ëmzeklasséieren. Also stéinge mir zimmlech schlecht do.

Et muss een och wëssen, datt mir hei net eleng Meeschter sinn, well déi aner Terraine si schonn am Besëtz vun deem, deen déi Terrainen hei ënner Compromis huet. Dat heescht, mir wäerten ëmmer just matspillen am Kader vu engem Projet, deen do ass. Mir wäerten net eleng Meeschter sinn, an dat mécht d'Saach net méi einfach. An da muss ee ganz kloer soen, wéi et an ob et iwwerhaapt ëmklasséiert gëtt. Dat entscheet de Gemengerot. D'Initiativ läit do eenzeg an eleng beim Gemengerot. An de Gemengerot huet 2017 entscheet, mir klasséieren et net ëm. Bon, ech weess net, wat de Gemengerot 2024/2025 entscheet, awer fir haut eng Decisioun ze huelen, well wa mir deen „droit de préemption" wéilte spille loossen -, da misste mir dat jo direkt ëmklasséieren. Awer mir hunn am Gemengerot 2017 gesot, mir géifen et bis déi nächst Generalreform vum PAG net maachen. Mir géifen am Fong am Widdersproch liewen tëscht deem, wat mir gesot hunn, an deem, wat mir maachen. Dofir ass deen Terrain aus 2 Ursaachen ongënschteg fir den „droit de préemption" spillen ze loossen, a wou ech schonn emol guer net weess, ob mer e spille kéinte loossen. Dat eent ass, mir wieren an enger Koproprietéit, well mir sinn ofhängeg vun deene mëttelsten Terrainen. An déi kréie mir net, well déi gehéiere schonn deemjéinegen, deen hei eventuell géif e Projet envisagéieren. An zweetens wiere mir eigentlech a Kontradiktioun vun der „décision générale", déi mir 2017 geholl hunn. Mir kéinten als Gemeng de Reproche gemaach kréien, datt mir deemools versicht hätten, bëlleg un Terrainen ze kommen. Dat war definitiv net de Fall. Datt dat do vläicht eng Kéier kënnt an zu iergendengem Zäitpunkt soll revaloriséiert ginn, dat wëll ech net ofweisen. Awer dat ass eenzeg an eleng d'Entscheedung an d'Initiativrecht vum Gemengerot. An dee Gemengerot, deen elo géif haut – wann et iech géif nogoen – d'Préemption spille loossen, dee géif soen, ech loossen den „droit de préemption" spillen, obwuel e viru 5 Joer gesot huet, mir wëllen dat net. Bon, et muss een sech awer e bësse koherent sinn am Ganzen. Ech verstinn, datt dir net dobäi waart. An dofir kann ech är Positioun och an dësem konkrete Fall – am Géigesaz zu anere Fäll – nach verstoen. Awer de Gemengerot kann dat eigentlech net maachen, well e géif sech selwer widderschwätze par rapport zu enger Entscheedung, déi e viru 5 Joer geholl huet.

**Accord par 13 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 9.2.

### Urbanisation.

Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) – avis.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bon, ech wëll net soen, wat ech dovunner halen. Ma mir sinn en Avis gefrot ginn zu deem „Programme directeur d'aménagement du territoire" (PDAT). Esou Saache goufen et scho vill, a ganz dacks war et de Pabeier net wäert op deem et stoung. Hei hoffen ech, datt et net esou ass. Ma mir hunn hei eng Rei Iddien a Remarquen ze formuléieren. De Schäfferot huet déi ganz Saach eng Kéier gekuckt an huet op verschidde Saachen higewisen, huet effektiv weiderhin drop higewisen, datt de P&R zu Rodange sécherlech e Méiwäert gëtt fir dee ganzen Eck hei. E gëtt eis och d'Méiglechkeet, verschidde „projets de reconversions de friches" ronderëm dee P&R ze dynamiséieren, Saachen, déi mir scho méi laang amgaang sinn a wou mir awer nach net esou richteg virukomm sinn. Mir hunn och gemengt ze soen, datt et vläicht gutt wier – wa mir eisen Eck wëlle revaloriséieren – datt mir eis kéinte virstellen, datt, esou wéi d'Nordstad, dee ganze Sikor – Käerjeng, Péiteng, Déifferdeng, Suessem – dee ganz Kordall kéint e „Centre de développement et d'attraction" (CDA) ginn. Fir de Moment ass dat just Déifferdeng. Firwat just Déifferdeng, dat weess keen esou richteg. Awer mir sinn der Meenung, datt wa mir hei am Süde jo awer eng Agglomeratioun sinn, déi ganz staark ass, déi staark dominéiert ass, a wou eng ganz Rei Betriber interesséiert si fir heihinzekommen, well do si schonn eng vun deene Big 4 hu scho Büroen hei gemaach, an do ass Potenzial do op eisem Site, besonnesch fir d'Frontaliere méi no bei hir Aarbecht ze bréngen fir hei ronderëm eis Uertschaften – besonnesch zu Péiteng a Rodange – eng Weiderentwécklung ze maachen, besonnesch um Niveau vun den Industriebroochen.

Mir hunn och eng Rei ëffentlech Servicer, déi ugebuede ginn. Ech denken un de fréieren LTMA-Site, wou eng ganz Rei sozial Strukturen opgeriicht ginn. Dir gesitt, wéi séier dat virugeet. Och do soll Péiteng seng Roll spillen. Mir si keng kleng Gemeng. Grad och dofir, well mir am Fong Installatiounen op eisem Gebitt hunn, sollte mir eigentlech drop hale fir datt mir eng Kéier e „Centre de développement et d'attraction" (CDA) ginn. Net mir Péiteng eleng, awer dee ganze Sikor.

Mir hunn déi „zone d'activité régionale" Grand Bis, iwwer déi mir elo 25 Joer laang schwätzen a wou jo elo e klenge Liichtbléck sech um Horizont weist. Ech sinn zwar ëmmer virsiichteg, well där Situatiounen hate mir schonn, an da si mir nees ganz séier enttäuscht ginn. Et gesäit awer elo aus ewéi wann den Interesse vum Wirtschaftsministère, dee jo Proprietär ass vun deem Terrain, besteet. „Die Hoffnung stirbt zuletzt". Also solle mir do och net noloossen a mir solle kucken, datt mir dat och weiderdreiwen.

Da weise mir drop hin – dat ass dee „Centre de remisage" vun der CFL um Site Agora Fonderie – datt mer och do sollen eng Schlësselfigur spillen am Kader vum ëffentlechen Transport, well do all déi nei Ramme vun der CFL sollen ënnerhale ginn. Och do wäerte mir eis Aufgab huelen a mir wäerten och eisen Accord ginn, datt mir am Fong dee Site zur Verfügung stelle fir déi wichteg Installatioune vun der CFL, am Hibléck op den ëffentlechen Transport hei am Land, opzeriichten.

A schlussendlech gëtt et dee Site Eucosider, deen dem Staat, dem Logementsministère gehéiert, wou mir och nach e klengen Deel hunn, an dee jo eigentlech prioritär fir Logementer virbehale gëtt. Dat ass eng grouss Erausfuerderung, wann dee Site entwéckelt gëtt. Dat sinn iwwer 3 Hektar. Do kënnt Wunnraum, do komme Geschäfter, Büroen, eppes fir d'Fräizäit, och ëffentlech Funktiounen ewéi eng Schoul, eng Maison Relais, wou mir wëllen entwéckelen. Och do kënnt an den nächste Joren, wann de Ministère mat deem Projet ufänkt, esou munches op d'Gemeng zou. D'Gemeng muss och hir Verantwortung huelen a si ass och gefuerdert. Dofir muss een och ëmmer kucken – am Hibléck op dee Punkt virdrun -, datt een sech net zevill zoumutt, well et muss een dat och nach alles stemmen. Esouwuel um Niveau vun dem Personal, dat hei an der Gemeng ass, ewéi och um Niveau vun de Schoul- a Maison Relais-Infrastrukturen, déi mir da brauchen.

Schlussendlech menge mir, well mir am Dräilännereck sinn, datt mir e groussen Effort musse maachen um Niveau vun der „planification territoriale transfrontalière". Do sinn eng Rei Projeten, den Interreg-Projet „Mobilité douce Trois Frontières", deen am Lafen ass, an deen och elo zum Deel ofgeschloss ass. Do hu mir d'Vëlospist vu Messancy an Ibeng an och an där aner Richtung Lonkech, wou mir amgaang sinn ze plange fir déi all bei d'Rodanger Gare ze bréngen, wou awer dann nach Aarbecht do ass a wou mir d'Leit vun do aus op de P&R Rodange bréngen. Dat fir do d'Entwécklung an den néidege

Wee ze maache fir eis Gemeng an de Süde weiderzebréngen. Och do wëlle mir eis Verantwortung huelen.

Mir sinn awer der Meenung, datt dat net duer geet, datt och d'avenue de l'Europe eigentlech misst ausgebaut ginn. Well bei allem Respekt fir den ëffentlechen Transport, jidderee weess, datt den ëffentlechen Transport net alles ka stemmen. A well mir jo wëssen, datt mir vill Transitverkéier hei an der Gemeng hu wéinst de Camionen, déi fueren, da wier et scho „blauäugig" wann ee géif mengen, datt een do keng Auswäitung vun der avenue de l'Europe géif brauchen. Och dee Message wollte mir am Kader vun dësem PDAT bréngen. Dat waren elo emol dat, wat de Schäfferot sech zesumme mat den Servicer vun Iwwerleeunge gemaach huet. Ech sinn awer gären op, wann do nach déi enger oder aner Suggestioun kënnt, fir datt mir déi och nach mat abauen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt just nach eppes zum Site CDA bäidroen. D'CDA sinn entstanen am éischte „Programme directeur de l'aménagement et du territoire" am Joer 2002. Ënnerschriwwen hunn deemools déi grouss Uertschaften aus dem Land. Dofir war Diddeleng, Déifferdeng, d'Stad Lëtzebuerg an Esch dobäi. An dofir ass gesot ginn, am Norde maache mir e Géigegewiicht, also Ettelbréck an déi ganz Géigend vun Ettelbréck – also d'Nordstad. Dat ass d'Landesplanung gekuckt. An dofir Betruechtung – dat ass Landesplanung – mécht dat hei vill Sënn fir dat ze maachen. Well et ass de Südweste vu Lëtzebuerg, d.h. de Kordall, deen am Fong geholl och als „Centre d'attraction" global gekuckt misst ginn. Well et ass jo idiotesch fir just eng Uertschaft ze huelen an déi ze entwéckelen an déi aner net. Dat mécht ëmsou méi Sënn dat ze maachen, an dofir hu mir dat och gemaach, wat de Buergermeeschter elo gesot huet. Ech wollt just eng Kéier déi landesplaneresch Elementer erläuteren, déi eng Kéier dozou kéinte féieren, datt effektiv déi Demande an der Stad ugeholl gëtt, well se sënnvoll ass, wann s de wëlls de Raum stäerken an net nëmmen eng Uertschaft. Hei ass jo alles zesummegewuess. De Buergermeeschter huet jo erkläert, dat mat iwwer de Grenzen eraus asw. Also et mécht wierklech Sënn, och landesplaneresch, net nëmme politesch.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci fir Är Proposen am Projet PDAT. Et hätt een nach kéinte vill méi drasetzen. Virun allem ass d'Diskussioun ëm d'Versigelung vum Buedem gaangen. Eent vun de ganz groussen Ziler ass et jo, datt mir ophale fir déi Flächen, déi elo nach gréng sinn, ze versigelen. Ech hunn et net méi am Kapp. Ech hat virun 3 oder 4 Wochen d'Ried gehalen, wéivill Fussballfelder all Dag am Land versigelt ginn. Zil ass do fir erofzekomme bis 2035 an dann 2050. Dat ass e bëssen, wat mir nach hei dra gefeelt huet, wéi Péiteng dat wëll maachen. Huele mir z.B. d'Croix Cassée, wou och Versigelung dran ass. Ma allgemeng datt d'Gemeng, do wou elo nach gréng ass, kee Bëtong mécht. Dat ass ee vun de ganz grousse Prinzippie vun deem Plang, wou ee gären national hätt fir eben den Ëmweltschutz, d'Biodiversitéit ze erhalen. Beim Grand Bis, do ass et esou, datt ech beim Här Fayot nogefrot hat, an den Här Fayot hat och geäntwert, datt u sech dee leschte Kontakt 2021 gewiescht wier, an datt si vum Staat just eng reng ënnerstëtzend Roll hätten an et eigentlech de Sikor wier, deen sech géif ëm de Grand Bis këmmeren. D.h. am Moment géif de Ball op regionaler Ebene leien an net beim Ministère vum Här Fayot. Dat ass dat, wat den Här Fayot offiziell op eng parlamentaresch Ufro geäntwert hat. A si wéissten am Moment den Zäitpunkt nach net, wéini déi Zon kéint fäerdeggestallt ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also ech wëll op den éischte Punkt agoen, well ech dem Här Halsdorf déi Saach vum Grand Bis iwwerloossen. Den éischte Punkt mat de Versigelungen. De Gemengerot Péiteng huet sech mat de Versigelunge vun hirem Territoire ganz intensiv auserneegesat am Joer 2017, dat am Kader vum PAG. Iwwregens muss ech soen, datt an deem Kontext de Bauperimeter oder d'„surface urbanisée ou à être urbanisée" par rapport zu deem ale PAG iwwerhaapt net an d'Luucht gesat ginn ass. En ass bliwwen. Dat eenzegt, wat mir gemaach hunn, dat ass, datt mir e puer Korrekture gemaach hunn, wou en Haus schonn 10 Joer an der Gréngzon war a mir dat ausgebigelt hu fir datt dat dann och deem entsprieche soll, wat et an der Realitéit war.

Versigelung, do mengen ech, datt mir hei an der Péitenger Gemeng extrem virsiichteg sinn. Wéi gesot, ech hunn et am Punkt 4 gesot: 52% vum Territoire dierfen net bebaut ginn. 48% dierfe bebaut ginn. Déi huet de Gemengerot als Reserve gehale fir eventuell eng Entwécklung vun eiser Gemeng virzehuelen. Dat ass net méi allzevill. Och virdru beim Punkt 9, beim „droit de préemption", do widderspriecht dir iech jo am Fong geholl e bësse wann dir do sot, mir hätte gär, datt mir den „droit de préemption" solle spille loosse fir eventuell deen Terrain ze bebauen. Dat géif jo dann heeschen, datt mir d'Versigelung géife weiderdreiwen um Territoire. Dat wëlle mir als Schäfferot, als Gemengerot, als Majoritéit am Moment net.

Mir sinn der Meenung, mir solle vun deem, wat elo nach am Bauperimeter ass, dat wat elo nach als „zone urbanisée ou à être urbanisée" do steet an eisem PAG, nach solle profitéieren, musse profitéieren, well soss hale mir op a mir soen, mir bauen näischt méi. Dat ass och fir mech eng ganz verstänneg Aart e Weis virunzefueren, da wäerte mir deene Prämisse vun net zevill Versigelung vu Gréngflächen hei an der Péitenger Gemeng gerecht ginn. Dofir mengen ech schonn, datt all Gemengerot, deen duerno kënnt a wann en sech nees eng Kéier iwwer de PAG Gedanke muss maachen, déi hei Iwwerleeunge mat erunzéie muss fir ze wëssen, ob mir et nach maachen oder net. An de leschten 20 Joer war kloer, mir maachen et net. Mir ginn net eng weider Versigelung, net eis „zone urbanisée ou à être urbanisée" eropsetzen, awer déi, déi mir éiweg an eisem PAG esou ausgewisen hunn, do gi mir och net an déi aner Richtung, well se net emol d'Hallschent vum Territoire vun der Gemeng Péiteng duerstellt. Wéi gesot, all PAG – an dofir ass de PAG do, mir bräichten eigentlech kee PDAT – definéiert, wéi staark mir dat versigelen am Kader vun eise PAP „nouveau quartier", wat mir do wëllen opmaachen. Dem Schäfferot seng Meenung haut ass, datt mir 2017 eng Entscheedung „en toute connaissance" geholl hunn. Mir waren eis eestëmmeg eens, wou mir eis als Gemeng kënnen entwéckelen a wou mir eis net méi solle weiderentwéckelen. Dat soll ee respektéieren. An et muss een och wëssen, datt, wann een elo do zeréckschrauwe geet, een an 2 oder 3 Joer do awer vläicht deen een oder anere Schuedensersazpayement musse mat am Hannerkapp behalen, wann ee seet dat do war ëmmer Bauterrain an elo bleift et eng gréng Wiss. Da weess een, wat dee Proprietär wäert maachen a wat fir e Wee dee wëll goen. Da weess een och, wat dat fir Konsequenzen huet. Ma de Gemengerot ass souverän fir z'entscheeden. Dofir si mir net zevill drop agaangen, well mir der Meenung sinn, datt d'Situatioun, esou wéi se haut ass an de PAG ausweist, keng Ännerung – weder an där enger nach an där aner Richtung – soll mat sech bréngen. Mir sollen déi „friches industrielles" notzen, déi nach do leien an nach zum Deel verseucht sinn a wou een nach muss eng Sanéierung maachen. Déi, wou fréier ëmmer Aktivitéite waren, soll een notze fir weider auszebauen, an et soll een net nach weider gréng Flächen erschléissen, déi net scho virun 10 oder 15 Joer an eisem Perimeter waren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt iech just als Informatioun soen, datt mir eng Reunioun mat dem Wirtschaftsministère haten. Mir, domat mengen ech de Schäfferot vun der Gemeng Péiteng an de Roland Breyer war

do derbäi als Präsident vum Sikor. Mir haten eng ganz positiv Reunioun, esou datt ech dat, wat ech bei der Budgets-diskussioun gesot hat, nämlech, datt wa mir bis Enn Januar kee positiven Output kréie vum Wirtschaftsministère, de Grand Bis begruewe gëtt. Ech géif soen Neen. Et ass elo ewéi beim Holzmichel, „er lebt noch“. Ech mengen effektiv, datt mir elo kënne weiderkommen an d'Perspektive ganz gutt sinn. De Roland Breyer kann dat bestätegen, well hie war jo an där Reunioun derbäi, esou datt mir am Laf vun dësem Joer zu Neel mat Käpp kommen a mir dann nach eng Kéier an de Gemengerot zeréckkomme fir iech z'erklären, wou den Dossier drun ass. Et geet elo weider.

**Breyer Roland (CSV):**

Da kann ech direkt un dem Jean-Marie Halsdorf seng Wierder uknäppen, datt mir eng ganz gutt Reunioun haten déi lescht Woch, de 24. Januar. Et ass nach net laang hir. Et ass schonn eng Äntwert vum Ministère komm. Elo ass de Sikor dozou opgefuerdert fir déi Moossnamen ze huelen, déi noutwenneg sinn. Net datt se verschleeft si ginn, awer well de Ministère sech ni ausgedréckt huet, wéi wäit en de Projet wéilt begleeden. En huet sech emol ganz kloer ausgedréckt elo a gesot, déi Suen, déi d'Gemeng Péiteng zegutt huet – bal 1 Millioun Euro -, déi kritt se wierklech elo erëm. Mir kréien och d'Formalitéite matgedeelt, déi mir musse maache fir se ze kréien. Et muss fir d'éischt eng Konventioun gemaach ginn. De Ministère muss emol mam Sikor eens ginn, an do gëtt et nach keng Konventioun. Et ass ëmmer gesot ginn, dir musst iech dorëms këmmeren, ma et mussen emol Fakten op den Dësch kommen. A Fakten, dat heescht och, datt een den Devis diskutéiert. Deen Devis ass ural. Do gëtt nees alles, wat verseucht war, versigelt op eng nei an deier Manéier, déi, wann et fäerdeg ass, 30 Millioune kascht. Da muss een och Abnehmer fannen, déi den Ar-Präis bezuelen, déi de Prix de revient bezuelen, wann de Staat averstanen ass fir 85% op den Dësch ze leeën, d'Gemeng 15%. Dat ass alles diskutéiert ginn. Déi Chiffere ginn nogekuckt. Mir als Sikor hunn dann och den Optrag kritt fir déi Saachen ze maachen, déi dann noutwenneg sinn. Déi Formalitéiten, wou mir eis bereet erkläre fir déi Konventioun mam Staat ze maachen an d'Gemeng Péiteng dann de Bauhär soll si fir dann d'Affär z'iwwerhuelen.

Mir hunn direkt reagéiert als Sikor. Iwwermuer hu mir schonn eng Reunioun mam Büro, wou mir iwwer déi Saache schwätze mam Henri Krecké als Sekretär vum Sikor, wann en nach derbäi ass. Kucke mer emol, a wat fir enger Qualitéit en sech do presentéiert. An da kucke mir, wéi et virugeet. Op alle Fall schéngt et esou ze sinn, datt, wa mir e „marché de gré à gré“ kënne maachen tëscht der Gemeng Péiteng an dem Entrepreneur, deen de Moment um Site ass, awer och mat den Architekten an Ingenieuren, déi um Site sinn, da misste mir nach dëst Joer ukomme mat schaffen. Esou wäit sinn d'Jalone gesat ginn. Op alle Fall déi Vertrieder vum Ministère, déi hei waren, an déi am Optrag vum Minister geschwat hunn – de Jean-Marie Halsdorf hat jo och do intervenéiert – hunn dat bestätegt, datt de Ministère wëll Neel mat Käpp hu virun der Echéance vun de Walen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Also ech kann aus deem Bréif ee Saz soen „accompagner procactivement“. Proaktiv, dat fannen ech remarkabel. Ech soen dem Här Fayot a senge Leit och Merci, datt mir elo op esou engem Wee sinn. Bon, et muss een ëmmer duerno kucken, well Pabeier ass gedëlleg. Et kann ee vill drop schreiwen, awer an deem hei Fall soen si „accompagner procativement la planification et la mise en oeuvre“. D.h. ech fannen dat super wann dat klappt. Ech mengen, si sinn och Demandeur, gell Roland? Si si frou. An et ass genee esou ewéi de Buergermeeschter elo gesot huet: déi Terrainen, déi predestinéiert si fir dat ze maachen, déi soll een dann och huelen. Esou datt ech mengen, datt mir elo an der Holzmichelgeschicht sinn.

**Breyer Roland (CSV):**

Voilà. Mir leien elo richteg am PDAT wa mir dat esou gesinn, datt mir d'Kordall-Gemengen als e Ganzt gesinn. Dat ass wichteg dobäi. An dann och den Transfrontalier, dee souwisou ëmmer do war. Dem Sikor seng Statute weisen dat aus, ma si musse vläicht eng Kéier e bëssen nogekuckt ginn. Ma mir mussen e bësse méi Wäert op déi Saache leeën, well mir mat der Agence Immobilière Kordall scho ganz vill Aktivitéiten zesummen hunn. A wann de Grand Bis Realitéit gëtt, da kommen awer eng 10 Hektar Industrieterrain dohinner, déi zwar dann 30.000 Euro den Ar kaschten, awer wou d'Ufro déck do wier fir de „bail emphythéotique“ ze maachen.

Mir sinn de Moment optimistesch an halen eis och un d'Delaie fir datt mir ganz séier reagéieren an da virun 2 Méint méi Kloerheet um Pabeier virleien hunn. Dat ass d'Aussiicht.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et war déi Fro, déi den Här Goergen gestallt huet, déi ech och wollt stellen – well mir jo haut nach e puer Projeten op der Dagesuerdnung hunn – an zwar wéi wäit mir fortgeschratt si mat der Versigelung an eiser Gemeng an ob mir bei deem Prozentsaz bleiwen. Net datt mir do driwwer ginn. Dat war meng Fro, an déi ass jo scho beäntwert ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass kloer, datt mir als Schäfferot net an déi Richtung gi fir dat weider auszebauen. Ech wäert iech och kee Geheimnis verroden, datt, wann déi nei Refonte, déi jo all 6 Joer op d'Dagesuerdnung wäert kommen, am Joer 2024 oder 2025, de Gemengerot mat deementspriechenden Ufroe konfrontéiert ass. An da muss de Gemengerot entscheeden, wou en eng Dir wëll opmaachen a wou e keng wëll opmaachen. A wann en zur Konklusioun kënnt, datt een dat net soll maachen, da muss een natierlech wëssen, datt een do och natierlech net mat jidderengem en Accord wäert fannen. Dat ass och wat mir déi leschte Kéier gemaach hunn a wat all 6 Joer nees op d'Tapéit kënnt, wann de PAG nei diskutéiert gëtt.

**Accord à l’unanimité.**

## 9.3.

### Urbanisation.

Approbation de la convention et du projet d’exécution portant sur le Plan d’Aménagement Particulier (PAP) concernant des fonds sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée»: 2e lecture – décision.

*Explications par le bourgmestre Pierre Mellina.*

**Accord par 12 voix ‘Oui’, 2 voix ‘Non’ (Piratepartei) et 1 abstention (DP).**

## 9.4.

### Urbanisation.

Modification ponctuelle du Plan d’Aménagement Général concernant le site sis à Rodange, au lieu-dit «Op Hëlprécht»: saisine – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat war ee vun deene Punkten, an et ass dee leschte Punkt, deen zur Diskussioun stoung wou um „Tribunal administratif“ eng Prozedur ageleet gouf vun deene Proprietären, well si mat

deem Klassement am Kader vun deem PAG – deen 2017 ugeholl gouf – 2018 net averstane waren.

Et waren 2 Voleten. Deen ee Volet war, well mir dat Haus als „bâtiment protégé“ geholl hunn, an déi aner Säit hate mir eigentlech déi Gréngzon, esou wéi dir se op dem lénke Bild gesitt, bäibehalen opgrond vun deem, wat schonn an deem ale PAG stoung. Domat waren si net averstanen an hu reklaméiert. Elo war d'„Cour administrative“ – de Riichter – op der Plaz an huet sech esou ausgedréckt, datt en averstane wier mat dem Klassement vun deem Haus, awer datt en sech géif wënschen, datt eng Eenegung géif fonnt gi wat dat anert géif ugoen. Dee Prozess ass dann och no hanne geréckelt gi well mir do net Meeschter waren. D'Gemeng Péiteng war net „das Zünglein an der Waage“, dat war éischter den Environnement, deen do huet musse matspillen. Do si ganz laang Verhandlunge gehale ginn, an do huet sech erausgestallt, datt eigentlech dat, wat op Ufro vum Environnement sollt geschützt ginn net onbedéngt genee deem entsprécht – wéi se déi richteg Analys gemaach hunn -, wat ze schütze wier. Dofir gesitt dir elo, wéi, op der rietser Säit, de PAG soll modifizéiert ginn am Hibléck op engem besseren Erhalt vun der Flora an der Fauna. An och hei si mir an enger „zone à urbaniser“ an trotzdeem komme mir net laanscht d'Fliedermais. Och do muss eng „zone de servitude“ definéiert ginn: „urbanisation chiroptères“.

Et sinn och aner Saachen, déi musse geännert ginn. Et si Saachen, déi vun HAB-1 an HAB-2 klasséiert ginn; HAB-1 ginn an eng „zone de verdure“ (VERD) klasséiert; et gëtt Saachen, déi an der VERD sinn an an HAB-1 respektiv HAB-2 klasséiert ginn; Saachen déi am VERD ware ginn an d'Zon PARC klasséiert. Et sinn eng ganz Rei Changementer. Och den „degré d'occupation du terrain“ gëtt erhéicht. Dat do ass de Konsens, deen elo – mir si 5 Joer ënnerwee - vun alle Säiten - an dat war fir eis wichteg – och vum Environnement prinzipiell guttgeheescht ginn ass a wou elo och d'Proprietäre vun deem Terrain averstane sinn. Och fir eis als Gemeng ass et vertrietbar. Ëmsou méi well de Park, deen elo do entsteet – och déi Gréngzon – zougänglech gemaach gëtt fir d'Leit. Mir kréien do e gudden Deel ofgetratt am Kader vun dësem PAP, esou datt mir do eng flott Parkanlag fir all déi Leit, déi do ronderëm wunnen, zougänglech maache fir eis Biergerinnen a Bierger.

U sech ass dat hei e Konsens, dee fir dee Péitenger Schäfferot vertrietbar ass. Natierlech musse mir elo mat der Prozedur vun der Modifikatioun vum PAG ufänken. Mir wäerten do an aller Transparenz nees Reunioune maachen, Leit unhéieren, mir wäerten dat a 4 Zeitunge schreiwen, esou wéi et sech gehéiert a wou jidderee ka säin Avis ginn. An och wou de Gemengerot, wann et un deem Zäitpunkt ass wou Leit hiren Avis ginn a mat eppes net averstane sinn, individuell fir oder géint all Remarke vun dëse Biergerinnen a Bierger muss ofstëmmen. Individuell muss all Remark op de Leescht geholl ginn a Stellung dozou geholl ginn. Dat ass déi Prozedur, wéi se virgesinn ass an ech géif awer soen, datt dee Konsens, wéi en elo virläit, vertrietbar ass. Esouwuel fir den Environnement ewéi fir de Proprietär – eigentlech fir jiddereen – an och fir d'Entwécklung vun eiser Uertschaft Rodange.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Et ass en Dossier, wou um Verwaltungsgeriicht war. Dofir musse mir och bal respektéieren, wat déi gesot hunn. Op engem aneren Niveau hat ech jo schonn do Diskussioune mat enger anerer Gemeng ewéi Dikrech, wou esou e Fall mat dem Verwaltungsgeriicht ass. Ech hunn awer mäi Bauch wéi wann ech den Dossier kucken. Ech hat déi strategesch Ëmwelt-prüfung gekuckt - „erhebliche Beeinträchtigungen, Pflanzen, Tiere, biologische Vielfalt, mehrere geschützte Biotope und Lebensräume". Ech ka mer net umoossen ze kommentéiere wat d'Geriicht heiansdo u Gedanken huet, ma ech fannen et awer zimmlech kritesch wann een den Impakt liest. Bon, do si mir och erëm bei Fliedermais, déi do sinn. Allgemeng ass dat do e Biotop, wat elo awer wäert schwéier beanträchtegt ginn an net méi esou wäert weiderfueren ewéi et bis elo war. Do ginn et Kompensiounsméiglechkeeten, datt déi den Zweck net wäerten erfëlle vun deem wat elo do ass. Ech weess, datt een do d'Geriichtsurteel einfach muss respektéieren. Et ass mer awer och opgefall, datt et am Plang 2021 27 Unitéite waren an am Plang 2022 sinn et 28 Unitéiten. D.h. no der Klo kréien se och nach eng Unitéit méi – op d'mannst laut Plang. Also ech stëmmen et mat, bon, d'Verwaltungsgeriicht huet et eben esou entscheet. Awer ech hu mäi Bauch wéi wann een déi Etudë kuckt, wéi de Biotop an d'Biodiversitéit do wäerte leiden.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Jo, ech mengen, déi Hausse vun den Unitéite baséiert op engem Gesetz vun de „logements abordables“. D.h., do seet de Gesetzgeber, datt, wann een e gewëssene Prozentsaz un erschwéngleche Wunnengen huet, da kann een och d'Zuel vun de Logementer eropsetzen. Och wa mir deem hei net Rechnung droe géifen, da kéint de Proprietär sech op d'Gesetz baséiere fir ze soen, en hätt e Recht drop fir et ze maachen. D.h. do ass et nees eng Kéier esou, datt mir och net als Gemeng eleng Meeschter sinn, ma datt mir haut Gesetzer hunn – ëmmer méi – an d'Autonomie vun de Gemengen ofhëlt. Ech géif awer soen – an dofir si mir och frou –, datt den Environnement sech ganz intensiv mat deem Dossier hei beschäftegt huet. Mir hu jo och do verschidden Ännerunge virgeholl par rapport zu deem ale PAG. Well d'Konsequenz zu deem do, wat mir elo hei maachen, wier, datt deen ale PAG géif respektéiert ginn. Do si mir jo zur Konklusioun komm, datt deen e wesentlech méi staarken Impakt op d'Ëmwelt hätt – dofir maache mir jo déi Ännerungen hei – a méi schlecht fir d'Ëmwelt wier ewéi déi Ännerungen, déi mir hei proposéieren. Déi Ännerungen, déi mir hei virschloe sinn eigentlech op där enger Säit vum Environnement fir nach Verschiddenes a punkto Ëmwelt ze verbesseren.

Natierlech, op där Plaz, wou 20, 30, 40 Joer laang näischt gemaach gouf – an dat wäert och net anescht si wa mir elo hei de Grand Bis exploitéieren, wou och 20 Joer laang näischt geschitt ass -, do hëlt d'Natur sech natierlech en Deel vun hire Rechter zeréck. A wann een duerno eppes wëll maachen, da kritt een natierlech Oplagen, déi am Fong entstane sinn an ursprénglech net existéiert hunn. Dat ass hei och esou. Dee Park hei war anescht a vill méi ënnerhale ginn. Elo ass en e bësse méi wëll an en ass méi zeréck un d'Natur gaangen. An dat bréngt natierlech mat sech, datt mir do eng Aktivitéit vun der Natur hunn, déi virun 30, 40 Joer net bestanen huet an déi elo eben duerch déi Ëmstänn, datt do laang näischt geschitt ass, entsteet.

Ech mengen awer, mir doe gutt drun, deene Changementer vum PAG zouzestëmmen. Grad well dee Changement hei am Interesse ass vun der Natur an net onbedéngt am Interesse vun deem, wat déi Leit do wëlle bauen. Ëmsou méi um ganze Site warscheinlech guer kee Verkéier kënnt. Et gëtt just déi Verbindung vun der Schintgen-Strooss eriwwer an d'Ronnwiss – dee klengen Eck – gemaach. Fir de Rescht wäert iwwerflächlech guer keen Autosverkéier stattfanne wann de PAP esou realiséiert gëtt ewéi en ugeduecht ass am Virfeld vun dëser Modifikatioun vum PAG.

**Agostino Maria (CSV):**

Et ass eigentlech nach en Iwwerbleibsel vun der Reform vum PAG vun 2017, wou d'Proprietäre geklot hunn an an éischter Instanz Onrecht kruten. An zweeter Instanz gesäit et esou aus, datt d'Klassement vum Direktiounsgebai vun der MMRA als „bâtiment protégé“, awer de Wonsch ass eng Eenegung fir d'Lotisséiere vum Park hanner der Villa bis zum Lotissement Ronnwiss ze fannen am Aklang mam Ëmweltministère.

Béides ass elo no laange Verhandlunge fonnt ginn. De Konsens vun alle Parteien, deen elo virläit, ë.a. kee Verkéier duerch d'Areal, awer e Park, dee spéider fir eis Bierger zur Verfügung steet, bedéngt duerch dës Modifikatioun vum PAG, an dat besonnesch am Interesse vun der Ëmwelt an der Natur. Ech ënnerstëtzen dëst, an domat ass eng 15-järeg Refonte vun eisem PAG aus dem Joer 1992 endlech ofgeschloss.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir hutt vollkomme Recht. Mir hunn 2007, 2008 mat där ganzer Prozedur ugefaangen. Mir waren 2017 an enger éischter Etapp fäerdeg. Et waren der 2 oder 3, déi dogéint geklot hunn. Deen een Dossier ass an der Tëschenzäit ofgeschloss, hei ass dee leschten Dossier. A wa mir deen Dossier och ewechkréien, da kënne mir soen, datt mir awer e PAG hunn, deen net nëmme vum ganze Gemengerot eestëmmeg ugeholl ass, awer och vun eiser Populatioun gedroen ass an deen och dann eben deene puer Reclamanten, déi do net averstane waren, zum Deel op alle Fall gerecht ginn ass ouni datt d'Ëmwelt betraff ginn ass.

**Remacle Patrick (CSV):**

D'Basis vun dëser punktueller Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang ass de PAP neie Quartier Op Hëlprecht. Initial waren hei am PAG 10 Logementer virgesinn, an duerch dës Ännerung, déi mir haut virhuelen, klëmmt dës Zuel op 36 Logementer an dësem Quartier. An dëst awer am Aklang mat der Natur. Den Undeel vun der Gréngfläch geet esouguer liicht an d'Luucht. „Wunnen am Park" zu Rodange an an der direkter Ëmgéigend vum ëffentlechen Transport, bis op d'Gare sinn et manner ewéi 500 Meter an d'Busarrête sinn och direkt an der Noperschaft. Also läit dat ideal.

E klenge fuerbaren Zougang ass iwwer d'rue Julien Gaspar an d'rue Schintgen virgesinn. Eng kleng Verbindung tëscht der rue Julien Gaspar an der Lëtzebuerger Strooss gëtt et net, esou datt den Duerchgangsverkéier am Quartier ënnerbonne gëtt. De Quartier wäert dann och un d'Netz vun der „mobilité douce" ugebonne ginn, deen dann och selbstverständlech doduerch fiert. Et entsteet deemno an noer Zukunft – wann de PAP dann duerch de Gemengerot ass – zu Rodange e klengen neie Wunnquartier am Park, dee sécher de Bewunner, awer och de Leit aus der Noperschaft eng ganz gutt Liewensqualitéit wäert bidden.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Merci fir dës positiv a korrekt Iwwerleeungen zu dësem Projet. An da géif ech der Madamm Bouché d'Wuert ginn.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech si frou, datt dann elo alles reglementéiert ass an datt mir elo endlech kënnen deen neie Quartier am Park ugräifen, datt mir do léif kleng Haiser kréien. Wat mech am meeschte freet, dat ass, datt de Park ëffentlech ass, datt mir e Park behalen, datt mer vill Gréngfläch behalen, datt en zougänglech ass, well do gi jo och immens vill Leit op deem Wee spadséieren. Ech sinn och frou, datt dat méi ënnerhale gëtt, well laanscht de Wee an ënne laanscht d'Strooss war et awer elo zum Schluss e bësse méi verwëlderte Knaschteck. Ech si frou, datt mir dat kënnen an Ugrëff huelen a regulariséieren an do en neie flotte Projet maachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da géif ech och der Madamm Bouché Merci soe fir déi positiv Kriticken. Ech mengen, mir sinn op alle Fall frou, wann deen Dossier elo – wat d'Prozedur ubelaangt – ufänkt. Bis mer do ufänken ze bauen, wäert nach e bëssen daueren. Ma mir sinn eis eens, dat war dat Wichtegst, all Parteie waren sech eens, datt dat dat Bescht ass am Interesse vun deem Site do.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.1.

**Transports et communications.**

Modification du règlement général de la circulation – décision.

*Explications par l'échevin Romain Mertzig.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.2.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière au rond-point à Pétange, rue de l'Eglise (travaux d'enfouissement d'une ligne haute tension) – décision.

*Explications par l'échevin Romain Mertzig.*

**Accord à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 10.3.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue des Jardins (travaux de génie civil dans le cadre de l'aménagement d'un axe pluvial) – décision.

*Explications par l'échevin Romain Mertzig.*

**Accord à l'unanimité.**

# Gemeinderatssitzung vom 30. Januar 2023

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Scheuer Romain** (déi gréng)

### 1. - Personalangelegenheiten.

Die Punkte 1.1 bis 1.5 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Gemeindebeamten (w/m) der Gehaltsklasse C1, Verwaltungsbereich, für das Bürgerzentrum - Beschluss.

Herr Filipe Capinha Heliodoro aus Zolwer wurde provisorisch als Gemeindebeamter in der Gehaltsgruppe C1, Verwaltungsgruppe, ernannt.

Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten — Beschluss.

Herr Elvir Dzogovic wurde retroaktiv zum 1. Juli 2021 als Gemeindebeamter der Gehaltsgruppe B1, technischer Bereich, ernannt.

Definitive Ernennung einer Gemeindebeamtin - Beschluss.

Frau Sandra Peltier wurde retroaktiv zum 1. Dezember 2022 als Gemeindebeamtin der Gehaltsgruppe A1, technisch-wissenschaftlicher Bereich, ernannt.

### 2. - Schulwesen.

Punkt 2 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, den Beschluss nicht zu veröffentlichen.

### 3. - Mitteilungen.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine Mitteilungen.

### 4. - Klarstellung des Schöffenrates.

Klarstellung des Schöffenrates in Bezug auf den Bau einer Jugend- und Familienunterkunft in Rodange - Information.

### 5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gesamteinnahmen in Höhe von 450.866,11 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt und Ernennung im Kontrollausschuss der Musikschule - Beschluss.

Der Rücktritt von Herrn Paul Bour wurde zur Kenntnis genommen.

Geheime Abstimmung: Herr Jérôme Schiltz aus Rodange wurde einstimmig als neues Mitglied des Kontrollausschusses der Musikschule ernannt.

### 5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung: Änderung des Kapitels XX „Holzverkauf“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Provisorischer Beschluss der administrativen Buchhaltung des Betriebsjahres 2021 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Provisorischer Beschluss der Haushaltsrechnung des Betriebsjahres 2021 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerung der Infrastrukturen in der rue des Romains in Rodange: Abstimmung über einen Gesamtkostenvoranschlag von 450.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Anpassungsarbeiten an der Kanalisation in der rue de la Fontaine in Rodange: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkostenvoranschlag: | 180.913,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkredit: | 190.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 162.914,28 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 5.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erweiterung des Parkplatzes "A Rousen": Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkostenvoranschlag: | 40.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkredit: | 40.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 6.930,39 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 6. - Friedhöfe.

Verkauf von Grabkonzessionen und Kolumbarien auf den Friedhöfen im Jahr 2022 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7. - Öffentliche Ordnung.

Anfrage der Vereinigung „KaGePe – Karneval Gemeng Péiteng ASBL" für eine Tür-zu-Tür-Aktion in der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.1. - Liegenschaften.**

Konvention in Bezug auf das Zugestehen eines Wegerechts mit der Wohnungseigentümergemeinschaft des Wohnhauses „Atlantis 2“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.2. - Liegenschaften.**

Vorvertrag in Bezug auf den Verkauf von Grundstücken am Standort „rue des Ecoles“ in Petingen an die Damen Christiane und Monique Weis - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.3. - Liegenschaften.**

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Prinzenberg“ in Petingen von Herrn Jakup Rama und Frau Kimete Hasani - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.4. - Liegenschaften.**

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue d'Athus“ in Petingen von den Miteigentümern des Wohnhauses „Blitz“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.1. - Stadtplanung.**

Vorkaufsrecht in Bezug auf Katasterparzellen an den Standorten „Auf den Jenken“ und „rue des Promenades“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss mit 13 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**9.2. - Stadtplanung.**

Nationaler Rahmenplan für die Raumplanung – Meinung.

Beschluss einstimmig.

**9.3. - Stadtplanung.**

Bewilligung der Konvention sowie der Umsetzung des Teilbebauungsplanes (PAP) in Bezug auf Ländereien am Standort „A la Croix Cassée“: zweite Lesung - Beschluss.

Beschluss mit 12 Ja-Stimmen, 2 Gegenstimmen (Piratepartei) und einer Enthaltung (DP).

**9.4. - Stadtplanung.**

Punktuelle Änderung des allgemeinen Bebauungsplanes in Bezug auf den Standort „Op Hëlprécht“ in Rodange: Vorlage - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.1. - Transport und Kommunikation.**

Änderung der allgemeinen Straßenverkehrsordnung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.2. - Transport und Kommunikation.**

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung am Verteilerkreis „rue de l'Eglise“ in Petingen (unterirdische Verlegung einer Hochspannungsleitung) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Goergen hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**10.3. - Transport und Kommunikation.**

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der „rue des Jardins“ in Petingen (Tiefbauarbeiten im Rahmen der Einrichtung eines Regenwasserablaufs) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

---

# Séance publique du 20 février 2023

***Durée de la séance****: 14.00 à 16.00 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV) - jusqu'au point 11.3 inclus<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

**Breyer Roland** (CSV); **Martins Dias André** (CSV) - à p.d. point.11.4; **Welter Christian** (Piratepartei)

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.00 heures)**

1. Personnel: Réduction de la durée du service provisoire d'un employé communal – décision.
2. Enseignement: Désignation d'un médecin-dentiste (m/f) pour les besoins de l'équipe médico-socio-scolaire – décision.
3. Enseignement musical
   3.1. Classement d'une chargée de cours d'une classe de harpe – décision.
   3.2. Classement d'une chargée de cours d'une classe de piano – décision.

**Séance publique (14.15 heures)**

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   5.1. Règlement général des tarifs: introduction d'une taxe d'autorisation de raccordement au réseau d'eau et d'une taxe d'autorisation de raccordement à la canalisation au chapitre XI «Taxes de chancellerie»: 2e lecture - décision.
   5.2. Règlement général des tarifs: modification du chapitre XVIII «Stationnement et parcage» - décision.
   5.3. Mise à jour du calcul hydraulique du réseau d'eau potable de la commune de Pétange: vote du décompte – décision.
   5.4. Rapport d'activités de l'année 2022 de la commission consultative communale d'intégration – information.
   5.5. Dénomination d'une nouvelle place à côté du centre culturel à Rodange, avenue Dr Gaasch n°83 - décision.
6. Personnel: Création de divers postes pour les besoins de l'Office social – décision.
7. Affaires sociales: Aide financière au profit des victimes des tremblements de terre en Turquie et en Syrie – décision.
8. Environnement
   8.1. Nouvelle convention «Klima-Bündnis Lëtzebuerg» - décision.
   8.2. Avenant n°1 à la convention avec l'association «Valorlux ASBL» pour les systèmes de collectes sélectives d'emballages – décision.
9. Ordre public: Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la Commune – décision.
10. Propriétés
    10.1. Convention relative au réaménagement de la gare de Rodange, de la gare routière, du P&R, des souterrains et de la passerelle piétonnière et à la répartition des missions d'entretien avec l'Etat, la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois et l'Administration communale de Pétange– décision.
    10.2. Convention relative aux mesures de compensation dans le cadre du plan d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée» - décision.
    10.3. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part du consortium d'héritiers Mme Kozar Ajka, M. Kozar Damit, Mme Kozar Jasmina et Mme Mirela Kozar – décision.
    10.4. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», à M. De Oliveira Pereira Antonio et Mme Da Silva Almeida Pereira Justina - décision.
    10.5. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», à Mme Streng Loredana - décision.
    10.6. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue des Jardins», à M. Gonçalves da Cunha Fernando et Mme Dos Reis Costa Paula - décision.
    10.7. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», de la part de la société Kalista Immo SA – décision.
    10.8. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Jean-Baptiste Gillardin», de la part de la société Trident SARL - décision.
    10.9. Acte concernant l'échange gratuit de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Alliés», avec la société Kalista Immo SA – décision.
11. Urbanisation
    11.1. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Au Doihl» - décision.
    11.2. Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy»: vote définitif – décision.
    11.3. Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier «quartier existant» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy» - décision.
    11.4. Projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy» - décision.
12. Transports et communications
    12.1. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, route de Longwy – décision.
    12.2. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.
13. Vie associative: Dissolution de l'association subsidiée «Angel's Majorettes de la commune de Pétange ASBL» – information.

# COMPTE RENDU

## 1.

**Personnel.**

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public la décision prise.

## 2.

**Enseignement.**

Le point 2 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public la décision suivante:

Désignation d'un médecin-dentiste (m/f) pour les besoins de l'équipe médico-socio-scolaire – décision.

**Mme Maurice Valérie, de Cons-la-Grandville (F), est nommée médecin-dentiste au sein de l'équipe médico-socio-scolaire de la commune de Pétange.**

## 3.

**Enseignement musical.**

Les points 3.1 et 3.2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public les décisions prises.

## 4.

**Communications.**

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 5.1.

**Administration générale.**

Règlement général des tarifs: introduction d'une taxe d'autorisation de raccordement au réseau d'eau et d'une taxe d'autorisation de raccordement à la canalisation au chapitre XI «Taxes de chancellerie»: 2e lecture – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do hu mir eng zweet Lecture, déi noutwenneg ass. Obschonn de Ministère eis dës Taxen am Fong imposéiert huet, brauche mir awer en Avis vun der „gestion de l'eau". Mir hate gemengt, mir bréichte keng fir déi Tax, ma mir brauchen awer eng. Den Avis hu mir de 24. Januar 2023 kritt, an den Avis ass, wéi gesot, favorabel. Mir haten eis och näischt aneschters erwaart. An elo geet et drëm fir an der zweeter Lecture datselwecht duerchzehuelen, wat mer schonn de 17. Oktober duerchgeholl hunn. An da wäerte mir jo endlech dës „taxe d'autorisation de raccordement à la canalisation et au réseau d'eau" stoen hunn.

**Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 5.2.

**Administration générale.**

Règlement général des tarifs: modification du chapitre XVIII «Stationnement et parcage» – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei reegele mir, wéi mir an Zukunft eis Parkingen, eis Taxe rechne respektiv uwenden. Wéi gesot, do ass u sech, wou mir fir d'éischt d'„parkings couverts" upeilen. Do kommen nei Parkingen, déi schonn do stinn oder geschwë fäerdeg sinn, a Fro. Hei schwätze mir vun der Museksschoul zu Péiteng, de Parking an der rue Jos. Moscardo, de Parking op der route de Longwy – vun der Résidence Tokyo – zu Rodange an och deen neie Komplex, dee virgesinn ass zu Rodange mat der Schoul. Hei differenzéiere mir tëscht „parkings à court terme", déi u sech am Zentrum sinn, a „parkings à long terme", déi an der Peripherie sinn, a Parkingen dobaussen, déi esou bleiwen ewéi se sinn. Déi ginn net changéiert.

D'„parkings à court terme", déi sinn zu Péiteng an der Museksschoul, zu Rodange am Blobierg, am Duerf, Résidence Tokyo (25, route de Longwy) an am neie Schoulkomplex, deen eng Kéier am Zentrum soll entstoen. An de „parking à long terme", do hu mir zu Rodange de Parking an der rue Jos. Moscardo.

Bei de „parkings à court terme", do ass déi éischt hallef Stonn gratis. Déi éischt Stonn ass 0,75 Euro, déi ee muss bezuelen. An dann hu mir eng Majoratioun vun 0,5 Euro, déi all zwou Stonnen derbäikommen op den Tarif, deen z'applizéieren ass. Se sinn an der Mëttesstonn vun 12 bis 14 Auer gratis, grad esou wéi owes vun 23 Auer bis moies 6 Auer. De Weekend gëtt den Tarif 0,50 Euro ugewannt vu samschdes moies 6 Auer bis méindes moies 6 Auer.

A bei de „parkings à long terme" ass déi éischt hallef Stonn och gratis. Déi éischt Stonn kascht 0,75 Euro, an do hu mir ëmmer eng Majoratioun mat de Stonnen, wou mir 1 Euro froen. Do hu mir och gratis Entrée tëscht 12 a 14 Auer souwéi tëscht 23 Auer owes a 6 Auer moies. Den Tarif Weekend ass 0,5 Euro vu samschdes moies 6 Auer bis méindes moies 6 Auer.

Hei hu mir och e positiven Avis vun der Finanzkommissioun kritt, an ech géif de Gemengerot bieden, dës Tariffer esou unzehuelen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir haten et och schonn an der Verkéierskommissioun, wou et awer net eestëmmeg gestëmmt ginn ass ewéi et am Rapport, am Aide-mémoire steet. Mir haten och do kontrovers Diskussiounen an et war och kee Vott. Ech wollt dat nach just eng Kéier ganz kloer soen.

Fir mech ass et och, esou wéi et de Moment virläit, net attraktiv genuch fir eise Commerce. Mir haten déi Diskussioun jo och. Et sollten eng Stonn, zwou Stonnen op d'mannst gratis sinn – doriwwer kann een diskutéieren – fir géint déi grouss Supermarchéen, wou ebe gratis Parkingen op der grénger Wiss hunn, attraktiv fir d'Clienten ze bleiwen. Fir datt mir eise Geschäftsleit weiderhin d'Méiglechkeet gi fir attraktiv fir d'Clienten ze bleiwen. An ech mengen, an 1 oder 2 Stonne kann een akafe goen.

Dat anert ass, wéi dir dat Ganzt wëllt reglementéieren. Kommen do Barrièren op déi Parkingen? Et misst een iergendwéi erfaasst kréie wann déi Leit do erafueren. Oder ass et einfach nëmmen näischt? Da kritt een da mat Chance

iergendeng Kéier e Protokoll. Ma bis dohinner wäerte vill Leit sech emol einfach esou dohinner stellen. An dann deen neie Parking zu Rodange bei der Schoul, do war jo och eng kontrovers Diskussioun an der Verkéierskommissioun, well ech einfach eng Positioun hunn, datt et an der ganzer Gemeng soll gläich si fir d'Personal. Wann dat eent Personal gratis Parkplazen huet, da sollt dat anert Personal et och hunn. Mir sinn awer elo an enger Situatioun zu Rodange, wou duerno d'Schoulpersonal, dat nach ëmmer iwwer d'Gemeng affektéiert ass an nach ëmmer esou zielt – ech weess, dat ass och eng Diskussioun. Ma fir mech zielt et nach ëmmer zur Gemeng, wou d'Schoulpersonal awer elo mat deem neie Parking keng Méiglechkeete méi wäert hu fir wärend hiren Aarbechtsstonne gratis ze parken, wärend d'Villa Bambi niewendrun, déi och Gemeng ass, dee Service fir hir Mataarbechter offréiert. Dofir sinn ech der Meenung – dir wénkt Neen, ma d'Villa Bambi huet Parkplaze kritt, ma sécher, d'Villa Bambi krut extra vun der Gemeng Parkplaze gezeechent an en neit Verkéiersreglement, esou datt hir Mataarbechter kënnen nieft dem Haus parken. Dir kënnt et jo duerno nach eng Kéier erklären. Awer dat war an der Verkéierskommissioun, datt dat Reglement fir d'Villa Bambi geännert ginn ass, datt déi Parkplazen do fräi sinn an déi Leit, déi dohinner kommen, kréien einfach just e „Kiss&Go“. Dat war nämlech deemools d'Diskussioun, datt d'Personal do ka gratis parken. Bon, dat war de Stand ewéi mir en an der Verkéierskommissioun erkläert kruten. De Punkt, deen ech gären hätt, ass deen, datt d'Personal iwwerall d'selwecht géif an der ganzer Gemeng behandelt ginn. Hei hätt ee kéinte fir d'Personal eng Léisung fannen. Soe mer en Ticket mat 6 Stonnen den Dag, Schaffstonnen, wou si gratis do kéinte parken. Esou datt een einfach fair wier an der ganzer Gemeng, wat d'Personal ubelaangt.

Dann hunn ech och e Problem mat der Reegel vun 11 Auer owes bis 6 Auer moies, well dat eigentlech just d'Promoteuren encouragéiert fir d'Parkingen dann iergendwou anescht ze verlounen oder soss eppes dermat ze maachen, awer net onbedéngt mam Appartement direkt matzeverkafen, wann ee jo souwisou an deene Strukturen - an dat hei ass jo eben no bei de Residenzen - gratis nuets do ka parken. Da brauch ee jo eigentlech keng Stellplaz mat sengem Appartement ze kafen. Do hätt ee missten eng aner Reegel maachen, well dat do d'Leit awer usporn, déi Stellplaz net ze huelen, an da kann duerno, wéi dat z.B. an der Résidence Tokyo de Fall ass, de Promoteur un de fräie Marché verlounen. Dann ass eng aner Fro, déi ech mer stelle stellen, wéi dat duerno an der Résidence Tokyo geet. Iwwregens e Parking, wou d'Gemeng awer bezuelt huet a wou elo Stellplazen iwwer de Promoteur ze loune sinn op all Mount. Wéi geet dat dann duerno, well mir jo awer do en ëffentleche Parking hunn? Dat ass awer e ganze Mischmasch. Dofir wäert ech och géint d'Reglement stëmmen, well esou wéi et elo ass, net logesch ass a virun allem déi Affär mam Personal net fair ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech probéieren, iech esou gutt et geet op är Froen ze äntweren. Dat éischt, wat mir mol musse maache bei de Parkingen, wou Barrièren hikommen, ass reglementéieren, wat mir dann och op déi heiten Aart a Weis gemaach hunn.

Fir op de Parking bei der Sportshal anzegoen, hu mir dat do selbstverständlech ugeschwat. Mir hunn eis awer gesot, mir kënnen net einfach dohinner goen an e Stack reservéieren. Mir hu jo ëmmer d'Méiglechkeet fir dat z'adaptéiere fir ze kucken, wéi den Zoulaf ass op deene Parkingen. An da gëtt am Hibléck op dat adaptéiert.

Dat anert, wat dir ugeschwat hutt, mam gratis Parking, do si mir amgaang mam Büro ze schaffen. Dat huet sech net esou einfach erausgestallt ewéi mir eis dat virgestallt haten. Elo hu mir emol d'Parkingen all erfaasst, an do si mir amgaang, dat ze maachen. Dat wäert och iergendwann eng Kéier kommen.

Op där aner Säit hate mir eng Kéier d'Diskussioun – wéi dir och selwer ervirbruecht hutt -, datt mir effektiv verschidde Wunnstroossen hu wou Haiser awer keng Garagen hunn an datt et fir déi Leit enorm schwéier wier. Mir haten ë.a. iwwer d'rue Charlotte geschwat, esou guer hei am Gemengerot. Och ewéi d'Aarbechten do waren. Esou probéiere mir awer, de Leit nuets eng Parkplaz ze gi fir hiren Auto ënnerdaach ze stellen. Ech mengen, no enger gewëssener Zäit muss een dann de Constat maachen. A wann et sech eriwwergt, da muss een och déi néideg Adaptatiounen dozou maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Also ech wëll just kuerz soen – den Här Goergen huet jo schonn e puer Froe gestallt an ech hu jo och schonn Äntwerte kritt vum Här Mertzig -, also et sinn e puer Saachen, wou eben och an der Verkéierskommissioun waren a wou mir och aner Propose gemaach haten, wat eben elo net berécksiichtegt ginn ass. Ech mengen, et kann een net ëmmer alles berécksiichtege wat mir virschloen, dat ass kloer. Et ass eben esou. Ech wollt awer zum deem, wat elo gesot ginn ass zur Villa Bambi, eppes kloerstellen.

Ech hat an der Verkéierskommissioun gefrot, fir virun der Villa Bambi deen Zebrasträifen ewechzehuele fir Parkplaze bäizekréien, an net, datt dat fir d'Personal fir d'Villa Bambi wier, ma fir d'Allgemengheet, déi dohinner kënnt. A mir hunn och an der Verkéierskommissioun entscheet – an dat geet jo dann un iech am Schäfferot weider – datt mir géife kucke fir e Kiss&Go, a vläicht fir eng hallef Stonn oder eng Dräivéierelsstonn do ze maachen, fir datt d'Elteren d'Méiglechkeet hätte fir hir Kanner eranzeginn. Dat si Kanner tëscht 0 a 4 Joer, déi kënnen net op engem Kiss&Go erausgelooss gi mat engem Maxi-Cosi, dat geet jo net. Et war net geduecht fir datt d'Parkplaze fir d'Personal vun der Villa Bambi sinn, well déi hunn eng Afaart fir d'Camionnette. Déi stellen deelweis hir Autoen dohinner. Déi sinn duerno frou wann d'Parkhaus dohinner kënnt fir hir Autoen dohinner ze stelle well am ganzen Eck jo Problemer si fir ze parken. Dat ass just déi Äntwert zur Villa Bambi.

An déi aner Saach, déi ech wollt froen, ass déi. Déi Tariffer si jo elo bei deenen anere Parkhaiser net direkt um Automat affichéiert. Mir haten eng Kéier d'Diskussioun mam Parking am Blobierg. Déi sti jo op engem Schëld virum Parkhaus, an een, dee kuckt, ob e Parking fräi ass, dee fiert eran. Dee kuckt net onbedéngt, wat et kascht oder wéi laang e muss bezuelen. Besteet do eng Méiglechkeet fir dat beim Automat opzehänke wat dat kascht? An och, wéi mir elo am Text stoen hunn, wann een de Parkschäi verluer huet, deen och muss bezuelt ginn. Dat kéint och dobäistoen, esou datt dat kloer ass datt, wann een de Parkingschäi verléiert, et eppes kascht a wat dat kascht. Net datt een duerno seet, ech hunn e verluer, kréien ech en aneren Ticket oder wéi kommen ech elo eraus?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir dee System e bëssen z'erklären. Ech huelen elo d'Beispill vum Flughafen. Do fiert ee bäi, d'Plaque gëtt gescannt, da gesäit een, wann een eragefuer ass, an da gëtt dat comptabiliséiert. Duerno, wann dir mam Ticket, mat dem Barcode bezuelt hutt, da braucht dir op ville Plazen den Ticket emol guer net an den Automat ze stiechen an d'Barrière geet automatesch op. Wann är Plaque gelies ginn ass, da kann deen, deen sech dorëm këmmert, jo liesen, wéini datt deen eragefuer ass, an da kritt en dat berechent wéi laang en dobanne war. Firwat hu mir dat gemaach? Fir einfach ze vermeiden, datt verschidde Leit deeglaang am Parking stinn a Plaze blockéieren an duerno einfach soen, si hätten den Ticket verluer. Dat war u sech d'Haaptursaach dofir.

Wat d'Villa Bambi ugeet, do hu mir den Zebrasträifen net ewechgemaach fir eng Parkplaz ze schafen. Wann ech dat richteg verstanen hunn, da war et, well do eng gewësse Gefor war well deen Zebrasträifen an d'Niemandsland gaangen ass an d'Mauer déi aner Säit, wou souwisou kee konnt trëppelen. Mir hate mat deem Zebrasträifen, deen do war, eng gréisser Gefor wéi dovunner profitéiert gouf. Natierlech, wéi deen ewech war, gouf et eng Parkplaz méi, dat huet sech esou erginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Gëtt dat dann affichéiert? De Präis beim Automat.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Do komme jo souwisou nei Automaten dohinner, an da musse mir dat affichéieren. Et ass net glécklech, datt ee bei den aktuellen Apparaten, déi mir hunn, net mat der Kaart ka bezuelen. Wa mir déi nei Apparaten hunn, dann hu mir e moderne System, deen ob alle Fall emol fir e puer Joer sécher wäert halen.

**Accord par 14 voix 'Oui' et 1 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 5.3.

### Administration générale.

Mise à jour du calcul hydraulique du réseau d'eau potable de la commune de Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total du devis approuvé:* | *85.799,24 € (ttc)* |
| *Total du crédit approuvé:* | *85.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *79.866,16 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 5.4.

### Administration générale.

Rapport d'activités de l'année 2022 de la commission consultative communale d'intégration – information.

*Explications par MM Romain Mertzig, échevin et Marco Stoffel, président de la commission consultative communale d'intégration.*

**Il en est pris acte.**

## 5.5.

### Administration générale.

Dénomination d'une nouvelle place à côté du centre culturel à Rodange, avenue Dr Gaasch n°83 – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

*Il est proposé d'attribuer le non «Place Abbé Nicolas Gloden» à la place nouvellement aménagée à côté du Centre culturel à Rodange.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Personnel.

Création de divers postes pour les besoins de l'Office social – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir wësst jo och, datt mir e ganz dynameschen Office social hunn, deen och esou muss sinn, well mir relativ vill Aktivitéiten do hunn. An dofir wollte mir dem Gemengerot virschloen, dësen opzeräschten. Dir wësst, datt mir elo eng Persoun hunn, déi net méi op de Quota drop geet. Mir hunn se awer bezuelt kritt vum Ministère. Elo ass jo eng nei Gesetzgebung komm an et ass alles ugepasst ginn. A mat där neier Demarche gëtt et d'Méiglechkeet, neit Personal anzestellen. Dofir proposéiere mir dem Gemengerot, eng Persoun als Assistante sociale am Grad 2 anzestellen. Eng aner Persoun fir déi administrativ Aarbechten, well mir jo vill Fäll hunn. Dat ginn och vill méi grouss administrativ Aarbechten, an dofir mengen ech, wier et ubruecht fir och dat ze maachen. Dat ass eng Entscheedung, déi vum Office social ënner hirem President an dem Gemengesekretär Mike Braun, deen do derbäi ass, geholl gouf. Et ass och op der Plaz gekuckt ginn, well d'Raimlechkeete vun der Maison sociale si jo och grouss, esou datt et och kee Problem ass fir datt d'Leit als Equippen och weider anstänneg zesumme schaffe kënnen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Mir haten elo am leschten Office social effektiv d'Diskussioun doriwwer. Et ass begréisst ginn, datt d'Equipe méi grouss gëtt, well et ginn ëmmer méi Demanden un den Office social an der Lescht an d'Demandë ginn och ëmmer méi komplex. Also, just fir e Beispill ze soen. Am leschten Office social souze mir vu 5 bis bal 8 Auer do mat nëmmen e puer Dossieren, déi awer ganz schwéier ze behandele sinn. Dofir sinn och déi 2 Mataarbechter, déi do nei dobäikommen, häerzlech wëllkomm.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech ka mech deem, wat den Här Brecht gesot huet, nëmmen uschléissen. Den Här Braun huet mir eppes Änleches gesot, an ech hunn och de Rapport gesinn, esou datt ech mengen, datt wa mir dat hei als Gemengerot maachen, mir dat Richtegt maachen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et mengt een ëmmer, et hätt een alles gesinn, ma da kënnt nees eppes Neies. Dir kënnt iech dat net virstellen. Hei an der Gemeng an heiansdo och nach Leit, déi ee kennt. Dat ass ganz schlëmm.

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 7.

### Affaires sociales.

Aide financière de 5.000,00 euros au profit des victimes des tremblements de terre en Turquie et en Syrie – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.1.

### Environnement.

Nouvelle convention «Klima-Bündnis Lëtzebuerg» – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et ass u sech keng ganz nei Konventioun, et ass eng Adaptatioun vun der Konventioun vum Klima-Bündnis, wou

mëttlerweil 40 Gemengen dozougehéieren. Wéi gesot, d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg huet u sech verschidde Prinzippie festgehalen, wou dir dann och hei fannt. Den Equitéitsprinzip, d'Konformitéit mat der Natur, dee lokale Prinzip, de „principe de préservation des ressources“ an de „principe de diversité“. Wéi gesot, si hunn sech fir eng nei Konventioun ausgeschwat a fir dat mat engem „règlement interne“ ze maachen. A well do verschidde Saachen international duerch d'Wels-Charta respektiv am nationale Kader geännert hunn, ewéi z.B. de Klimapakt 2.0 huet geännert oder de „Plan National Energie et Climat“ (PNEC), dee mir am Januar 2023 ënnerschriwwen hunn. Déi grouss Prinzippien dovunner changéieren net. Wéi gesot, et sinn déi Saachen, déi geännert hunn, déi iwwerholl ginn.

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.2.

### Environnement.

Avenant n°1 à la convention avec l'association «Valorlux ASBL» pour les systèmes de collectes sélectives d'emballages – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Do hu mir och eng Konventioun mat Valorlux, déi besteet. Dat do ass elo en Avenant N° 1 gemaach ginn. Firwat ass dat esou gemaach ginn? Den Avenant N° 1 gesäit u sech d'Klausel vir, datt déi Konventioun vu Joer zu Joer erneiert. Ausser se gëtt vun enger vun de Parteie resiliéiert. An och all déi aner Modalitéite vun der Konventioun bleiwen onverännert.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci Här Mertzig fir d'Erklärungen. D'Valorlux-Tute si jo eng super Geschicht. Valorlux selwer war och scho bei eis um Büro, esou datt mir doriwwer geschwat hunn. Ma deselwechte Problem stellt sech eigentlech an all de Gemengen, an zwar datt all déi Tuten net wierklech gëeegent si fir owes erauszesetzen an deen aneren Dag nach stoen ze bleiwen, wou se eigentlech higesat goufen. Heiansdo fënnt ee bei eis an der Strooss erëm, datt se egal wou déi aner Säit oder an de Stroosse leien. Kéint een do net laangfristeg op eng aner Léisung goen? Eng Aart blo Dreckskëscht. Ech weess, déi blo Faarf gëtt och scho fir eng aner Poubelle benotzt. Ma datt een eng aner Léisung géif fannen. Datt een iergendeppes géif fanne fir datt déi Tuten eben net, wann e bësse Wand ass oder iergend e Problem ass, duerch d'Géigend fléien an duerno an de Blummendëppen an iwwerall landen. Et ass heiansdo kee schéint Bild obwuel d'Saach vun den Tute ganz gutt ass, awer et ass ewéi et gehandhaabt gëtt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Effektiv stellt deen do Problem sech, well d'Tute relativ liicht sinn. Den Inhalt ass och relativ liicht a wann d'Leit se net gebündelt dohi setzen, da flatteren se natierlech dorëmmer erëm. Et ginn och aner Leit, déi hëllefen sech esou, datt si se provisoresch un e Luuchtepotto ustrécken. Effektiv kéint ee kucken, eng aner Léisung ze fannen. Ech mengen, do si mir als Gemeng net onbedéngt direkt gefuerdert. Do misst ee mat Valorlux kucken, ob een do eng allgemeng Léisung kéint fannen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Also d'Awunner kréien am Allgemenge jo 3 Bonge fir d'Tuten op d'Gemeng sichen ze kommen. Da kommen se nëmmen eng Kéier op d'Gemeng fir se ewechzehuelen. Dat ass jo eng gutt Saach. Ma anescht ass et, wann een 3 Rouleauen doheem huet an d'Leit d'Tute fir aner Zwecker benotzen. An d'Tute sinn och no enger Zäit net méi grad dat, wat se waren, well se si porös. Wann een se dann zouzitt, da fueren se futti. Dofir wollt ech emol froen, ob verschidde Betriber hei an der Gemeng ewéi Crèchen oder gréisser Betriber, Hoteller, d'Méiglechkeet hu fir eng Dreckskëscht ze kréien? Oder kréien déi schonn eng offréiert, wou een dee Moment kéint de Plastik recycléieren? Dat wier méi einfach ewéi wann se 10 Tute virun der Dier leien hunn. Wéi den Här Goergen elo gesot huet, se fléie fort, an et wier méi einfach an et géif och méi propper ausgesinn. Well wann d'Tuten duerch d'Strooss fléien, ewéi den Här Goergen gesot huet, dann ass dat net eng super Saach. Ass dat schonn esou, datt d'Betriber eng gréisser Dreckskëscht offréiert kréien? Ech weess, datt d'Altersheim hei zu Péiteng déi Méiglechkeet huet. Dann hätt een dee Moment schonn déi Tute manner erauszeginn. Ech mengen, déi Tute si jo och verluer. Mat enger gréisserer Dreckskëscht wier dat och vill méi einfach fir d'Personal, déi dat mussen asammele fir déi dann ze kippen.

Wou ginn déi Tute momentan higefouert fir ze stockéieren? Ass dat nach ëmmer d'Firma Hein? Wéi ech elo matkritt hunn, kënnt an der Nopeschgemeng Longlaville eng Firma, déi Plastik recycléieren. Wësst dir do weider Bescheed? Oder wier do eng Méiglechkeet, datt mir als Gemeng kéinten op Longlaville fueren? Wéi en Impakt huet déi Firma verkéierstechnesch an och ëmwelttechnesch op eis Gemeng, wann ech liesen, dann ass dat direkt bei den Tankstellen zu Longlaville, wou dat soll hikommen. Dat ass jo dee Moment och no bei Rodange. Ginn dat Ofgasen, ginn dat keng? Laut hirem Text solle méi oder manner 150 Camionen am Dag do bäifuere fir dat ze liwweren, fir ofzelueden. Dat soll 6% méi Verkéier sinn. Huet dat en Impakt op eis Gemeng?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat déi éischt Saach ugeet, esou hu mir dat begrenzt mat den Tuten, well d'Leit vill Tute siche komm sinn an se net gebraucht hunn. Wann ee kuckt – mat 2 Bongen huet een 52 Tuten, esou datt een u sech all Kéier – well all 14 Deeg den Dreck oder déi blot Tuten opgehuewe ginn – d'Méiglechkeet huet fir 2 Tuten erauszesetzen.

Mir hunn awer och driwwer geschwat oder d'Leit hunn d'Méiglechkeet, wann se net domat géifen auskommen, da kënnen se heihinner kommen an da gëtt gekuckt, wéi de Stot sech zesummesetzt. Am Prinzip ass da kee Problem do fir hinnen nach zousätzlech Tuten ze ginn, wann se noutwenneg sinn. Well mir jo wëssen, datt dat do näischt am normalen Dreck verluer huet.

Wat d'Ofhuele vun deem PVC – nenne mir et emol esou - ugeet mat de bloen Tuten, do fuere mir jo als Gemeng mat eisem Müllwon all 14 Deeg ewechhuelen. Dat gëtt de Moment beim Hein deposéiert. Wéi fonctionéiert dat Ganzt u sech? Do ass all 2 Joer e Marché, wou dann ausgeschriwwe gëtt a wou déi verschidde Prestatairen sech kënne melle fir dat ofzehuelen. Wéi mir wëssen, huet den Hein de Marché kritt. Beim Schrott, do sinn och Leit, déi sech mellen. Si kommen dann och zousätzlech op eise Recyclingzenter. Mir wëssen, datt mir och verschidde Konventiounen hu fir aner Saachen, wat eis Wäschmaschinnen, eis Frigoen an eis al PCen ugeet. Do gi Marchéen ausgeschriwwen an da kënnen déi Leit sech mellen. Da gëtt gekuckt, wien am gënschtegsten ass, an dee kritt dann de Marché. Wann do extern Prestatairen an der Gemeng dat ewechhuelen, dann ass dat alles op Privatinitiativ hin an do huet d'Gemeng näischt direkt domat ze doen.

Op déi aner Fro fir d'Betriber, do kann ech iech elo net konkret äntweren, well ech elo näischt weess, datt mir do solle Gespréicher gefouert hunn oder net. Dat wier eng Saach, déi ee kéint préiwen. Et muss een natierlech och kucken – et ass

ëmmer einfach jo gesot -, datt ee fir d'éischt kuckt, wéi een dat organiséiert kritt. A wann et méiglech ass, da kann een de Leit dat proposéieren. Momentan kann ech iech awer do keng konkret Äntwert ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech géif soen, déi grouss Dreckskëschten, déi ech gesinn hunn, dat ass praktesch. Awer dee Moment fir grouss Betriber. Mir hu jo awer och eng Crèche, wou zimlech warscheinlech vill kënnt wat ee ka recycléieren. An deem Fall kéint een awer op de Wee goen a kucken, ob d'Méiglechkeet géif bestoe fir dat ze maachen. Ech hat elo net gemengt, datt eng extern Firma dat géif siche kommen, ech hat just gefrot, ob dir um Courant wiert vun der Firma vu Longlaville.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Neen. Ech weess awer, datt se haaptsächlech bei gréisser Geschäfter awer och bei d'Leit esouguer de Kartong siche ginn. Dat hunn ech scho selwer gesinn, awer offiziell weess ech näischt vun där Firma vu Longlaville.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wëll just soen, wann de Plastik recycléiert géif ginn op der Grenz, dann hätt dat jo och en Impakt op eis Gemeng. Et kéint een sech vläicht eng Kéier Gedanke maache wat dat fir en Impakt fir Rodange huet. Z.B. well do komme jo dann och Ofgasen hin. Verkéierstechnesch hu mir jo scho Problemer mat Camionen op der Grenz. Dir kënnt vläicht eng Kéier do als Gemeng kucken oder ech maachen d'Propose emol an der Verkéierskommissioun.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir kënne kengem Private verbidden, wann deen eppes geliwwert kritt oder eppes ewechgeholl kritt bei senger Dier. Ech mengen net, datt mir do als Gemeng en Afloss hu fir dat ze reegele respektiv fir dat ze verbidden.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

### Ordre public.

Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la Commune – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 10.1.

### Propriétés.

Convention relative au réaménagement de la gare de Rodange, de la gare routière, du P&R, des souterrains et de la passerelle piétonnière et à la répartition des missions d'entretien avec l'Etat, la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois et l'Administration communale de Pétange– décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An deem Kontext kann ech iech soen, datt Mëtt Abrëll dëse Parking normalerweis wäert opgoen, an datt mir awer an deem Kontext mat den CFL en Arrangement fonnt hunn. Net nëmme wéi dee Souterrain finanzéiert gëtt, ma och wéi dee Rond-point finanzéiert gëtt mam Accès an de P&R. Mir haten dat jo schonn hei am Gemengerot an hate jo och schonn Devisen an deem Kontext gestëmmt, esouguer en ugepassten Devis, well och do alles méi deier ginn ass. Et geet och e bëssen drëm, wat d'Gemeng soll ënnerhalen an deem Kontext. Dir gesitt, alles wat hei blo ugezeechent ass, dat ass haaptsächlech de Souterrain respektiv d'Gare routière an och virun der Gare, souwéi de ganzen Zougang zum Souterrain, deen duerno net just vun de Benotzer vum CFL gebraucht gëtt ma och vun de Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng. Déi Konventioun läit hei vir. Den aneren Ënnerhalt fält op d'CFL zeréck. Dat sinn d'Quaien, dat sinn d'Iwwergäng fir an de P&R selwer. Domat hu mir eigentlech näischt direkt ze doen.

Mir evaluéieren dat awer, an et soll een och wëssen, datt d'Gemeng esou méi oder manner zum haitegen Zäitpunkt e Käschtepunkt huet vu ronn 100.000 Euro - Personalkäschten an alles inklusiv. Dat ass op alle Fall dat, wat de Moment vun eisen Servicer an deem Kontext ausgerechent ginn ass. Trotzdeem ass et am Intressi vun der Propretéit vun deem ganze Site an och wou déi Leit, eis Bierger, dat benotzen, do ass et noutwenneg, datt eis Gemeng sech dorunner bedeelegt. Dofir géif ech iech virschloen, dës Konventioun guttzeheeschen an dann iwwerhuele mir den Ënnerhalt vun deenen Aarbechten, déi dann do op deene Plazen ufalen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Also de Projet u sech ass wierklech gutt an d'Rodanger Gare wäert duerno méi wichteg ginn ewéi déi Péitenger Gare, esou datt déi meescht Zich a Passagéier wäerten iwwer Rodange fueren. Et ass och gutt, datt d'Gemeng den Ënnerhalt iwwerhëlt. Et ass just nach eng Fro, déi sech awer do stellt. Dir kennt sécherlech déi Sécherheetsfirme wéi se och op der Stater Gare an an den Alentouren aktiv si fir och do fir Sécherheet ze suergen. Dir hutt jo do de Busparking, d'Gare selwer, d'Gebai wat nach CFL ass, awer d'Alentouren u sech sinn duerno och eng Sécherheetsfro, déi d'Police am Moment leider – mir hunn hei kee voll besate Kommissariat, dat 24 Stonnen op 24 do ass – net garantéiere kann, esou datt d'CFL zeréckgräift op Sécherheetspersonal, dat an de Garen aktiv ass. Wéi stellt dat sech dann elo am Kader vun där Konventioun duer? Wäerten déi dann awer do, wou d'Gemeng duerno den Ënnerhalt mécht, kënne goen oder wäerten déi just op dem CFL-Terrain kënne fir d'Sécherheet suergen? Well si fuere jo och mam Zuch mat a klammen eraus.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Proprietéitsverhältnisser hunn net geännert. Et bleift am Besëtz vun der CFL. Och d'Gare routière gehéiert net der Gemeng. Och de Souterrain gehéiert net der Gemeng an och net alles, wat um Plang blo gezeechent ass, ass Territoire vun der CFL. An do ass an éischter Instanz d'CFL verantwortlech fir d'Sécherheet do ze assuréieren. Ma wa mir mierken, datt dat do eng Kéier e Problem duerstellt, da wäerte mir als Gemeng eis Verantwortung mussen iwwerhuelen a mat der CFL an der Police kucken, wéi mir dat gereegelt hunn.

Am Géigesaz zu iech – dir mengt, et wier net 24 Stonnen am Dag hei eng Iwwerwaachung vun der Police do – sinn ech der Meenung, datt déi do ass. Och wann de Büro net op ass. Ma och vun der Péitenger Maartplaz aus kann een dat do kontrolléieren. Ech hu léiwer, déi Leit komme vun Déifferdeng an se kontrolléieren dat. Ech gesinn d'Police reegelméisseg an eiser Gemeng. Och owes no 6 Auer, wann de Büro zou ass. Dat ass mir méi wichteg ewéi wann de Büro op der place du Marché zu Péiteng op ass. Dofir sinn ech der Meenung, datt dat de Moment fonctionéiert.

Ech sinn awer och der Meenung, datt mir méi wéi sécher den Effektiv vun der Police mussen erhéijen an eisem Eck. Mir sinn an engem Grenzgebitt, mir sinn an enger déck besidelter Uertschaft, mir hu ganz vill Transitverkéier. Dofir misst méi eng grouss Presenz vun der Police sinn. Awer dat gesinn ech net doduerch, datt de Büro op der place du Marché 24 Stonnen

op 24 op ass. Ech gesinn et éischter, datt mir Patrulle 24 Stonnen op 24 hei duerch eis Uertschafte fuere loossen. Déi sinn do, se sinn zu engem méi groussen Undeel do ewéi virdrun – dat muss ee ganz kloer soen. Awer et geet vläicht net duer. An do muss een dann, wann e Besoin do ass, vun Zäit zu Zäit nobesseren. An dat wäerte mir am Aklang mat der CFL an der Police maachen. Ech gesinn awer elo net, datt d'Péitenger Gemeng eng privat Sécherheetsfirma op deen dote Site soll schécken. Wann een dat kéint maachen, da kéint d'CFL dat maachen, well et hire Privatterrain ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.2.

**Propriétés.**

Convention relative aux mesures de compensation dans le cadre du plan d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord par 14 voix 'Oui' et 1 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 10.3.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part du consortium d'héritiers Mme Kozar Ajka, M. Kozar Damit, Mme Kozar Jasmina et Mme Mirela Kozar – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain avec une contenance de 0,15 are se fait au prix de 112,50 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.4.

**Propriétés.**

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», à M. De Oliveira Pereira Antonio et Mme Da Silva Almeida Pereira Justina – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente du terrain avec une contenance de 0,05 are se fait au prix de 37,50 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.5.

**Propriétés.**

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», à Mme Streng Loredana – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente du terrain avec une contenance de 0,01 are se fait au prix de 7,50 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.6.

**Propriétés.**

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue des Jardins», à M. Gonçalves da Cunha Fernando et Mme Dos Reis Costa Paula – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente du terrain avec une contenance de 0,03 are se fait au prix de 22,50 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.7.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,30 are) sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», de la part de la société Kalista Immo SA – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.8.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,01 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue Jean-Baptiste Gillardin», de la part de la société Trident SARL – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord par 14 voix 'Oui' et 1 voix 'Non' (M. Becker).**

## 10.9.

**Propriétés.**

Acte concernant l'échange gratuit de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Alliés», avec la société Kalista Immo SA – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.

**Urbanisation.**

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Au Doihl» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.2.

**Urbanisation.**

Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy»: vote définitif – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Déi 3 Saachen – Punkt 11.2, 11.3 an 11.4 hänken enk zesummen. Et geet ëm de PAP Route de Longwy, wou mir schonn den 28. Februar 2022 entscheet hu fir eng „procédure d'adaptation“, eng punktuell Modifikatioun vun dem geschriwwenen Deel vum allgemenge Bebauungsplang ze maachen. Ëm wat geet et do? Et ass fir e ganz klengen Deel vun der „zone d'habitation 2HAB2“ an d'„zone mixte urbaine“ eriwwer ze klasséieren. An et geet och drëm fir de PAP Nummer 27, deen am PAG virgesinn ass, z'abregéieren am Hibléck op deen neie PAP. Deen huet eng aner Limitt. Eng vun de fundamentalen Ännerungen ass, datt mer d'Koeffizient vum COS, CUS, CSS an DL liicht eropgesat hunn. Awer wat haaptsächlech eng vun den Aufgabe vun där punktueller Modifikatioun vum PAG war, dat ass déi Villa, déi op der Lonkecher Strooss steet an déi soll erhale bleiwen. Dat war e wichtege Punkt. An déi gëtt dann och erausgeholl aus dem PAP „nouveau quartier“.

Mir hunn dës Modifikatioun vum PAG 30 Deeg aushänke gelooss. Mir hu keng Objektioun krut a mir haten och eng Informatiounsversammlung an deem Kader, déi de 16. Mäerz 2022 war. Et ass ëmmer wichteg, datt een dat seet, well d'Leit vergiessen dat.

Wat d'SUP ubelaangt, do hate mir eng Demande gemaach fir am Fong geholl dispenséiert ze gi fir esou eng ze maachen. Dat well et keng wesentlech Apporten hat um Niveau vun dem Afloss op d'Ëmwelt. Dat hu mir och approuvéiert kritt a mir hunn dat och an der Publikatioun ënnerstallt. Do war den Avis den 11. Mäerz 2022 erausgaangen a wärend 40 Deeg konnt een do Recours huelen. Dat huet och kee gemaach, esou datt am Fong de Public an all deenen Domainer keng Reklamatioun gemaach huet. Mir hunn doropshin den Avis vun der „Commission de l'aménagement“ krut. Deen ass den 23. Mäerz 2022 geschriwwe ginn, mir hunn en awer eréischt den 18. Juli 2022 krut. Mir hunn dat analyséiert, an ee vun deene wesentleche Punkte war, datt d'Kommissioun frou war, datt mer dat Gebai, dat Haus, dat virdrun och gewise gouf, aus dem PAP erausgehuelen an et erhale bleift. An si géife mengen, et misst een dat als „bâtiment protégé“ an eise PAG aschreiwen.

Mir géifen iech virschloen, dat och esou ze maachen, esou datt mir an déi adaptéiert Versioun, wou dat Haus als „bâtiment protégé" agesat ass an och dee ganze Secteur als „secteur protégé de type environnement construit“ definéiert géif ginn, dat definitiv an de PAG integréieren. Wann dir also domat averstane sidd, da géif ech iech zwou Entscheedunge virleeën. Déi éischt wann dir averstane sidd, wat de Schäfferot proposéiert, an zwar fir den Avis vun der „Commission de l'aménagement“ guttzeheeschen. Déi zweet wier fir de Projet vun der punktueller Modifikatioun vum PAG, esou wéi en elo virläit an enger Versioun vum Januar 2023, definitiv z'arrêtéieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech begréissen et, datt mir dat Haus erhalen, well wann een am Allgemenge kuckt, versicht dir jo, Gebaier z'erhalen, déi nenneswäert sinn. Dat do ass en Haus, wou ee wierklech eppes draus maache kann. Ech hoffen, datt mir och op deem Wee weiderginn, well wann een d'Lonkecher Strooss gesäit, do hänken iwwerall Schëlter, wou gebaut soll ginn a wou Haiser ewechgeholl ginn. Da wier ech frou, wa mir op dee Wee géife goen a versichen, nach aner Haiser op der Lonkecher Strooss z'erhalen, well soss hu mir gläich e klengen Tunnel vu Residenzen an der Strooss. Natierlech sinn eis d'Hänn gebonne wann de Bauplang dat ergëtt. Ma et kéint een awer vläicht heiansdo kucken, ob e Gebai nach valabel wier an och kéint erhale bleiwen. Da wier et och méi schéi fir de Flair vun enger Gemeng an datt dat Ausgesi vun enger Strooss e bësse méi schéi wier.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

2017 hu mir definéiert, eng ganz Rei Stroosse streng z'erhalen. Och an der Lonkecherstrooss. Dat war virdrun net am PAG virgesinn. An alles, wat virdrun entscheet ginn ass, virun 2017, dat kënne mir net méi réckgängeg maachen. Awer ech kann iech garantéieren, wann dir de PAG kuckt, do sinn eng ganz Rei Partien, déi net kënne méi ewechgerappt ginn an déi erhale musse bleiwen. Ech kann iech soen, ech hunn elo Dank dem PAG – de Buergermeeschter kann nëmmen dat maachen, wat de Gemengerot hei entscheet, an dat hu vill Leit nach ni verstanen – datt ech elo engem Promoteur konnt soen, dat geet net, wat hien do amgaang ass ze baue well et géint eise PAG geet. Well de Gemengerot dem Buergermeeschter an dem Schäfferot elo Méiglechkeete ginn huet, fir opgrond vun hirem neie PAG vun 2017 esou Saachen ze soen. An da wäert de Buergermeeschter dat och maachen. Esou laang en dat natierlech net hat, konnt en dat och net maachen.

Hei war et e bëssen anescht. Dat Haus hei war am PAP „nouveau quartier“ virgesinn, a mir si frou, datt hei déi Modifikatioun gemaach gëtt. Ma wann do déi Iddi vun deem Promoteur net komm wier fir dat Haus z'erhalen, dann hätte mir Schwieregkeete gehat, zeréckzerudderen. Wann de Gemengerot eng Kéier eng Entscheedung getraff huet, da muss e wëssen, datt hien se geholl huet. Da kann en net muer nees vergiessen, datt en se geholl huet oder soen, et war net esou gemengt, mir haten eis geiert a mir wëllen e ganz anere Wee goen. Dofir ass dat hei eng ganz glécklech Situatioun, datt, an dësem Kontext, de Gemengerot konnt op eng Propositioun vum Promoteur zeréckgräife fir dat Haus ze halen. Wéi si eis dat proposéiert hunn, hu mir direkt den 28. Februar gesot, dann ännere mir de PAG direkt am Hibléck op déi Geschicht. Géintiwwer stinn eng ganz Rei Haiser, wou et och schonn d'office net méi méiglech ass fir se ewechzerappen. An ech mengen, esoulaang de Gemengerot seng Positioun do net ännert, wäert dat och net méiglech si fir déi ewechzerappen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Do kann ee just soen, all Respekt fir de Promoteur, datt deen emol eng Kéier esou eng Iddi hat fir dat z'erhalen. Wësst dir vläicht ob dat als Wunnzweck bestoe bleift oder wat mat deem Gebai geschitt?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass de Moment als Hab2 klasséiert. Dat Haus ka fir Wunnzwecker oder och vläicht fir Bürosraim benotzt ginn. Mir ginn nach e Schratt méi wäit. Mir definéieren et als „bâtiment protégé“, d.h. dat Haus dierf iwwerhaapt net ofgerappt ginn. Wann de „secteur protégé“ do ass, da kann d'Haus ofgerappt ginn, muss awer dann am selwechte Stil opgebaut ginn, et muss déiselwecht Ëffnungen hunn, deselwechte Gabarit, an et kann ee keng Residenz do bauen. Hei muss d'Haus esouguer an där Form, wou et elo do steet, stoe bleiwen.

**Accord à l’unanimité.**

## 11.3.

### Urbanisation.

Projet de modification ponctuelle du plan d’aménagement particulier «quartier existant» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l’unanimité.**

## 11.4.

### Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy» – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass dee leschten Deel, deen och eng Konsequenz ass vum 11.2 an 11.3. Dat ass de PAP „nouveau quartier" op der Lonkecherstrooss zu Péiteng, deen da liicht ugepasst gëtt. Engersäits sinn déi 66,91 Ar elo an der „zone d'habitation 2HAB2" awer „superposée d'une zone soumise à un plan d'aménagement particulier nouveau quartier" definéiert. Et ginn, an et ass virgesinn – och ursprénglech, wéi mir de PAG geännert hunn – an et war och scho méi oder manner am ale PAP virgesinn, fir 8 Loten am Fong fir de Bau vun 30 „unités de logement" ze definéieren. An et ass eng Cessioun vu 27,31 Ar, wat 40,81% vum Territoire ass. E groussen Deel, dat gesitt der hannen an uewen, dat Gréngt, dat ass am Fong do, wou mir d'Trame verte vum Lycée a Richtung Cactus maachen. Dat ass jo och de positive Punkt, dee mir duerch dee PAP do kënne kréien.

Et solle 6 Eefamilljenhaiser ginn, 4 riets „en ligne" an 2 „maisons jumelées". Et solle 24 „unités de logement collectif" ginn, dat ass d'Appartementshaus, wat uewe steet. Am Ganze sollen et da 44,84 Unitéite pro Bruttohektar sinn. Wann een elo kuckt, och dee PAP hu mir an d'Prozedur ginn. En houng 30 Deeg aus an et ass keng Objektioun vun de Leit komm, esou datt dat an der Rei ass.

Mir hunn och der „cellule d'évalutation" hiren Avis gefrot, esou wéi dat och gesetzlech virgesinn ass. Déi hunn emol definitiv festgehalen, datt dee ganze PAP konform ass zu der punktueller Modifikatioun vum PAG, deen an der Prozedur ass, a wou mir am Punkt 11.2 ofgeschloss hunn. Fir d'alleréischt huet si eis felicitéiert an et och gutt fonnt, datt déi Mixitéit vun den Typologië vun den Haiser assuréiert, datt och eng sozial Mixitéit an deem Projet ginn ass.

Da kommen déi Lote 4 bis 7, dat ass tëscht der Residenz, zimmlech an der Mëtt. Do haten si e puer Bemierkungen ze maachen. Déi éischt war déi, datt se déi wollten dréinen. Am Ufank waren se mat der viischter Fassad zur Residenz, mat de Gäert no hannen. Si hu gemengt, et soll een se ëm 90 Grad dréinen – esou wéi et elo do gemoolt ass – esou datt een d'Haiser zu der Strooss definéiert an hanne méi e grousse Gaart kritt. Hannendru si fir de Moment Gäert, awer ob dat éiweg bleift, dat ass eng aner Fro. Ma datt een awer do méi e grousse Gaart kritt, méi Gréngs ronderëm déi Haiser kritt. Eis Iddi ass déi, also d'Propositioun vun eis ass, datt mir déi 90 Grad solle guttheeschen an datt déi Haiser solle gedréint ginn.

Dann haten si d'Iddi fir virun d'Haiser Carporten ze setzen. Do hate mir eis Bedenken, well mir gesot, dat gesäit net schéin aus, wa mir do virdru Carporten hunn, a mir hunn zum Promoteur gesot, si sollten eng besser Léisung fannen, well mir wéilten déi net. D'Léisung, déi mir elo hei hunn ass déi, datt, well an der Residenz, der grousser Residenz, de Promoteur den Avantage huet, datt hien do 10 Plaze méi installéiere kann ewéi en der brauch - d.h. do sinn 10 Garagen, Boxen oder Plazen am Souterrain méi do ewéi en der fir d'Residenz brauch - de Konsens an d'Iddi vun eis war, datt all Haus 1 Garage bannenan a 1 Plaz bausse muss hunn. Do war d'Iddi, datt deen, deen an de Plaze bannen ass, dee soll an d'Residenz kommen. Vun deenen 10 ginn der da 4 den Haiser zougedeelt. Dat arrangéiert d'„cellule d'évaluation", déi seet, datt de Rez-de-Chaussée do ass, wou ee kann am beschte wunnen a wou een hannen an de Gaart ka goen. Da kann dee komplett fir Wunnzwecker genotzt ginn. Dat wier urbanistesch besser, dat dréit deem Rechnung. A virun der Dier géife mir een Emplacement maachen, dat ass dat Emplacement, dat virgesinn ass. Dat ka virun der Dier sinn. Dat gëtt och de Leit, wann se heem kommen, d'Méiglechkeet fir virun der Dier ze hale fir opzelueden, esou datt se net musse mat hirem Gepäck aus dem ënneschte Parking aus der Residenz eropkommen. Domat hu mir eis zwou Parkplazen, déi laut eisem Bautereglement virgesi sinn, och assuréiert. Mir hunn awer och deem Rechnung gedroen, wat d'„cellule d'évaluation" eis virschléit, an zwar fir de Rez-de-Chaussée beschtméiglechst fir Wunnzwecker ze benotzen.

Dann hunn se gesot fir eventuell déi eng oder aner Parkplaz z'eliminéieren um Niveau vun den ëffentleche Parkplazen, well mir déi Parkplazen do virun der Dier kënnen halen. Do hu mir gesot, mer géifen dat e bësse reduzéieren. Dat ass och doduerch bedéngt, datt déi Haiser e bëssen anescht gedréint sinn, an do ware Parkplaze virgesinn, wou elo d'Entréesdiere vun den Haiser vun de Lote 4 bis 7 sinn. D.h. do ginn et e wéineg manner Parkplazen an deem Stupp Strooss do.

Da war d'Iddi do fir an déi Residenz déi Typologie vu Maisonnetten z'integréieren, Triplexe mat engem onof-hängegen Zougang. Doropshin hu mir gesot, mir géifen dat léiwer net maachen, well do ass och e Melange tëscht Eefamilljenhaiser a Residenzen, „logements collectifs". An dofir hu mir gesot, mir géifen dat net gutt fannen an hunn eis géint esou Maisonnettë bannent dëser Residenz ausgeschwat. Dat ass op alle Fall eis Propositioun.

Dann haten si och virgeschloe fir den 3. Niveau vum Volume B e bësse manner grouss ze gestalten an do e Retrait um leschte Stack ze maachen. Och dat, hu mir gesot, géife mir integréieren. Et ass elo virgesinn, datt do um leschte Stack e Retrait ass an der Partie Nordwest vum Volume B.

Da war d'Iddi fir d'Gäert mat Mineraltipp ze besetzen, dat soll ee verbidden. A mir validéieren dës Propositioun a schreiwen dat do dran.

Dee schrëftlechen Deel. Do sinn eng ganz Partie Propositioune komm, awer där ouni ganz grouss Wichtegkeet, wou si gäre Saache fusionéiert hätten. Dat hu mir op enger Plaz net gemaach, well et eis zevill komplizéiert ass, well et zwee verschidde Volete sinn. Deen een ass privat, deen aneren ass ëffentlech. Ma all déi aner Punkten, déi éischter textuell Punkte sinn, wou si Sätz wollte verkierzen, deem hu mir Rechnung gedroen. Dat eenzegt, wou mir net averstane waren, dat ass am Artikel 8 fir dat ze fusionéieren. Dat maache mir awer net.

Dat kënnt de „logement à coût modéré". Do wollten si higoen an hu gesot, datt déi 2 Haiser, déi lénks sinn an „à coût modéré" sinn – dat sinn ongeféier 10%. Do hunn si gesot, datt, wa mir net op déi 10% komme vun der „surface construite brute", da géifen si probéieren, emol eng aner Typologie vun Eefamilljenhaiser ze maachen. Dat sinn am Fong geholl „logements intégrés". Firwat dat net eng Kéier proposéieren an och benotzen. Dofir hu mir da gesot, mir wieren averstanen a proposéieren dann dem Gemengerot fir een Haus vun deem Typ op där dote Plaz virzegesinn an ze kucken, wéi dat ka bestoen.

An da wollten si bei deenen zwee Haiser „logement abordable" just een Emplacement pro Unitéit maachen. Do hu mir gesot, mir géifen dat net maachen. An eisem Bautereglement hu mir 2 Emplacementer virgesinn. A wa mir elo nach wëssen, datt mer och nach e „logement intégré" an engem Gebai hunn, da kënne mir eis eppes virmaachen, awer da riskéiere mir, do nach zousätzlech Autoen ze kréien. Wa mir och wëssen, datt mir och nach déi eng oder aner Parkplaz am ëffentlechen Deel ewechhuelen, da brauche mir déi Parkplazen op där Plaz a géifen do och trotzdeem virschloen, déi 2 Emplacementer do bäizebehalen.

Da kënnt nach de leschte Punkt: de Punkt vun der Cessioun. Mir kréie 40,81% ofgetrueden. Dat sinn der wesentlech méi ewéi mer der zegutt hunn. Mir hu jo 25% zegutt. Dofir si mir awer 15,81% driwwer, dat sinn 10,59 Ar. Als Kompensatioun fir dat, wat mir do méi kréien, schloe mir vir, déi ëffentlech Beliichtung – op jidder Fall en Deel – bis op e Betrag vu méi oder manner 110.000 € als ëffentlech Hand z'iwwerhuelen. Dann hu mir déi Fläch, déi mir do méi kréien, duerch e finanziellen Apport vun der Péitenger Gemeng kompenséiert.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hu just zwou Froen. Et ass jo eng Sakgaass, e bëssen ewéi d'rue des Acacias. Do ass virun der Residenz esou eng Zort Rond-point gemaach gi fir datt se kënnen dréine fir déi, déi bei der Residenz eppes geliwwert kréien. Ech weess net, wou se hei kënnen erafueren. Ass dat hannen an deem orangen Deel, wou e bësse méi grouss ass oder wéi kënnt e Camion vun der Gemeng, e Pompjeeswon, oder een, deen e Miwwelstéck muss ofliwweren, do eran? Déi aner Saach ass déi vun engem Biotop. Dee war do uewen an deem gréngen Deel, dee mir do hunn am Plang. Ass do e Biotop gewiescht? Gëtt deen an de Plang integréiert?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also dat éischt ass dat, wou de Camion dréint. Dofir hu mir deen Hummer do, well eise Müllwon kënnt entweder bei déi 6 Haiser oder bei d'Entrée vun der Residenz. An do dréint en. Dofir sinn och an Zukunft déi 2 Stroossestipp gemaach, well wann dir de „plan directeur" kuckt, dann ass jo och – an der nächster Zukunft – virgesi fir riets a lénks eppes ze maachen. An déi 2 Stroossendeeler, déi sinn eigentlech virgesi fir lénks a riets op déi Terrainen ze kommen. An der éischter Phas, ier dat ze realiséieren ass, gëtt op där Plaz gedréint. Mir wëssen och, datt dat net esou evident ass. Ma mir gi jo dovunner aus, datt eng Kéier eng Suite do kënnt, an da fiert een op enger aner Plaz eraus, esou datt een do en Einbahnsystem huet.

Uewen an deem Gréngs, dat ass scho méi laang gewosst, kënnt e Reeniwwerlafbecke vun deem PAP. Dat gëtt eng Gréngzon, déi mir jo ofgetruede kréien. Déi gëtt jo an déi „trame verte" integréiert mat enger Gréngzon ronderëm. Ech mengen, et kënnt och eng Spillplaz dohinner, wann ech gutt am Bild sinn. Dat ass mam Environnement esou diskutéiert, an den Environnement huet dat do jo am Kader vum PAP gesinn. Fir mech ass do keng weider Oplo méi an deem Kontext vum Environnement fir dat ze halen. Dofir huet mussen déi Gréngzon bäibehale ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dat heescht, do war e Biotop oder ass een do? Gutt Fro. Lénks a riets kéint et sinn, datt déi Strooss eng Kéier verlängert gëtt, esou datt do weider gebaut kéint ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wann dir eng Kéier dee „plan directeur" vun der Gemeng kuckt, dann ass lénks a riets och nach virgesi fir dat z'entwéckelen. Riets komme mir jo da bei de Cactus. Dofir hu mir och drop gehalen, datt déi Stroosse streng esou gemaach ginn ewéi se do sinn. An dat fir kënnen, wann sech do eppes entwéckelt, do virunzefueren. Dat ass jo och eng Obligatioun, déi de Staat eis bei all Fall – dat hu mir jo och beim PAP Lidl esou musse maachen – gëtt, esou datt een do net déi Terraine lénks a riets condamnéiert duerch e PAP, esou datt kee méi op säin Terrain géif kommen. Dofir ass dat do schonn ugeduecht am Hibléck dorop, datt do eng Kéier eventuell eppes dohinner kënnt. Dat hänkt jo vun de Besëtzer vun deenen Terrainen of. Ma wann do eppes kënnt, da kënnt een op dee Site do.

**Accord à l'unanimité.**

## 12.1.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, route de Longwy (travaux de génie civil dans le cadre de l'aménagement d'un axe pluvial) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 12.2.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, route de Longwy (rénovation de l'immeuble sis au n° 14, route de Longwy) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 13.

**Vie associative.**

Dissolution de l'association subsidiée « Angel's Majorettes de la commune de Pétange ASBL » – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

# Gemeinderatssitzung vom 20. Februar 2023

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV) – bis Punkt 11.3 inkl.<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Breyer Roland** (CSV); **Martins Dias André** (CSV) – ab Punkt11.4; **Welter Christian** (Piratepartei)

### 1. - Personalangelegenheiten.

Punkt 1 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, die getroffene Entscheidung nicht zu veröffentlichen.

### 2. - Schulwesen.

Punkt 2 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidung zu veröffentlichen:

Ernennung eines Zahnarztes (m/w) für das „médico-socio-scolaire"-Team - Beschluss.

Frau Valérie Maurice aus Cons-la-Grandville (F) wird als Zahnarzt des „médico-socio-scolaire"-Teams der Gemeinde Petingen ernannt.

### 3. - Musikunterricht.

Die Punkte 3.1 und 3.2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, die getroffenen Entscheidungen nicht zu veröffentlichen.

### 4. - Mitteilungen.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung: Einführung einer Gebühr für die Erlaubnis einer Anbindung an das Wassernetz sowie an die Kanalisation im Kapitel XI „Taxes de chancellerie": 2. Lesung - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung: Änderung des Kapitels XVIII „Stationnement et parcage" - Beschluss.

Beschluss mit 14 Ja-Stimmen und 1 Gegenstimme (Piratepartei).

### 5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Aktualisierung der hydraulischen Messung des Trinkwassernetzes in der Gemeinde Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkostenvoranschlag: | 85.799,24 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkredit: | 85.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 79.866,16 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 5.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Tätigkeitsbericht des Jahres 2022 des beratenden Gemeindeausschusses für Integration - Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

### 5.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Benennung eines neuen Platzes neben dem Kulturzentrum in Rodange, 83, avenue Dr. Gaasch - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Personalangelegenheiten.

Schaffung verschiedener Posten im Sozialamt - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 7. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 5.000,00 € für die Opfer der Erdbeben in der Türkei sowie in Syrien - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1. - Umwelt.

Neue Konvention „Klima-Bündnis Lëtzebuerg" - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.2. - Umwelt.

Konventionszusatz 1 mit der Gesellschaft „Valorlux ASBL" für die selektiven Einsammlungssysteme von Verpackungen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung für eine Tür-zu-Tür Verkaufsaktion in der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 10.1. - Liegenschaften.

Konvention in Bezug auf die Erneuerung des Bahnhofs in Rodange, des Busbahnhofs sowie des P&R, der Untergeschosse, der Fußgängerbrücke und der Verteilung der Unterhaltsmissionen mit dem Staat, der nationalen Eisenbahngesellschaft und der Gemeindeverwaltung Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.2. - Liegenschaften.

Konvention in Bezug auf die Kompensationsmaßnahmen im Rahmen des Teilbebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort „A la Croix Cassée“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 14 Ja-Stimmen und 1 Gegenstimme (Piratepartei).

### 10.3. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Charlotte" in Rodange vom Erbkonsortium mit Frau Ajka Kozar, Herr Damit Kozar sowie den Damen Jasmina und Mirela Kozar – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.4. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „rue Joseph Philippart“ in Rodange an Herrn Antonio Oliveira Pereira und Frau Justina Da Silva Almeida Pereira - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.5. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „rue Joseph Philippart“ in Rodange an Frau Loredana Streng - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.6. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „rue des Jardins“ in Rodange an Herrn Fernando Gonçalves da Cunha und Frau Paula Dos Reis Costa - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.7. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Joseph Philippart“ in Rodange von der Gesellschaft Kalista Immo SA - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.8. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Jean-Baptiste Gillardin“ in Petingen von der Gesellschaft Trident SARL - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.9. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Tausch von Grundstücken am Standort „rue des Alliés“ in Petingen mit der Gesellschaft Kalista Immo SA - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 11.1. - Raumplanung.

Vorkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „Au Doihl“ in Rodange – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 11.2. - Raumplanung.

Punktuelles Änderungsprojekt des allgemeinen Bebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort „route de Longwy“ in Petingen: definitive Abstimmung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 11.3. - Raumplanung.

Punktuelles Änderungsprojekt des Teilbebauungsplanes „quartier existant“ in Bezug auf Ländereien am Standort „route de Longwy“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 11.4. - Raumplanung.

Teilbebauungsplanprojekt „nouveau quartier“ in Bezug auf Ländereien am Standort „route de Longwy“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 12.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy (Hoch- und Tiefbauarbeiten im Rahmen der Verlegung einer Regenwasserachse) in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 12.2. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy in Rodange (Renovierung des Gebäudes mit der Nummer 14 in der route de Longwy) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 14. - Vereinsleben.

Auflösung der subventionierten Vereinigung „Angel's Majorettes de la commune de Pétange ASBL“ - Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

# Séance publique du 27 mars 2023

***Durée de la séance**: 15.00 à 17.30 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

Néant

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.00 heures)**

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du service culture et communications – décision.
   1.2. Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service culture et communications – décision.
   1.3. Réduction de la durée du service provisoire d'une fonctionnaire communale – décision.
   1.4. Nomination définitive d'une fonctionnaire communale – décision.
   1.5. Réduction de la durée du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
   1.6. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.
2. Enseignement musical: Classement d'un chargé de cours d'une classe de piano – décision.

**Séance publique (15.30 heures)**

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   4.1. Titres de recettes – décision.
   4.2. Règlement général des tarifs: introduction d'une nouvelle taxe pour l'organisation des cours de langues au chapitre XII «Services spéciaux» – décision.
   4.3. Travaux de renouvellement des infrastructures dans l'avenue de la Gare à Lamadelaine: vote d'un devis adapté – décision.
   4.4. Travaux d'aménagement d'un axe d'eau pluviale à Lamadelaine: vote d'un devis adapté – décision.
   4.5. Acquisition d'un nouveau camion à ordures: vote d'un crédit supplémentaire – décision.
   4.6. Primes dans l'intérêt de la protection de l'environnement: vote d'un crédit supplémentaire – décision.
   4.7. Renouvellement des infrastructures dans la rue Adolphe à Pétange: vote d'un décompte provisoire et d'un crédit supplémentaire – décisions.
5. Enseignement: Règlement d'occupation des postes pour les instituteurs (m/f) – décision.
6. Personnel: Création d'un poste de salarié (m/f) à tâche intellectuelle pour les besoins du nouveau service des archives communales – décision.
7. Affaires sociales
   7.1. Convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'année 2023 - décision.
   7.2. Convention portant sur le fonctionnement de l'Office social de Pétange pour l'année 2023 – décision.

7.3. Conventions concernant le fonctionnement du centre de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» pour l'année 2023 – décisions.
7.4. Convention bipartite 2023 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – décision.
7.5. Office social: Création d'un poste d'assistant social (m/f) sous le statut du salarié – avis.

8. Propriétés
    8.1. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Edward Steichen», de la part de 17 propriétaires - décision.
    8.2. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», à Mme Maria De Araujo Nerva Pereira Luiz – décision.
    8.3. Acte concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», avec Mme Liliane Huberty – décision.
9. Urbanisation: Demande de lotissement / morcellement de la part de la société Kalista Immo SA en vue du morcellement de quatre terrains sis à Pétange, route de Longwy n° 64 - 70 – décision.
10. Transports et communications
    10.1. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, rue Joseph Philippart – décision.
    10.2. Adaptation du règlement général de la circulation – décision.

# COMPTE RENDU

## 1.

**Personnel.**

Les points 1.1 à 1.6 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du service culture et communications – décision.

**Mme Nathalie Flenghi, demeurant à Oberkorn, est nommée aux fonctions d'employée communale dans le groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif.**

Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service culture et communications – décision.

**M. Tom Meis, demeurant à Sanem, est nommé aux fonctions d'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif.**

Nomination définitive d'une fonctionnaire communale - décision.

**Mme Patricia Correia Caçador est définitivement nommée aux fonctions de fonctionnaire communale dans le groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour la fonction d'expéditionnaire.**

Nomination définitive d'un fonctionnaire communal - décision.

**M. Andy Spoo est définitivement nommé aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour la fonction d'expéditionnaire.**

## 2.

**Enseignement musical.**

Le point 2 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public la décision prise.

## 3.

**Communications.**

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 4.1.

Titres de recettes aux montants totaux de 3.641.849,87 euros (exercice 2022) et 10.708.366,96 euros (exercice 2023) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes:*

*Exercice 2022:*

| | |
|---|---|
| *Subside pour les travaux d'extension de l'école «An Eigent» à Pétange* | *2.062.044,00 €* |
| *Remboursement par l'Office social des rémunérations et indemnités du personnel mis à sa disposition par la commune* | *846.721,93 €* |
| *Subside pour les travaux d'aménagement d'un gîte touristique dans le cadre d'un projet de revalorisation de la région du «Minett»* | *302.260,43 €* |

*Exercice 2023:*

| | |
|---|---|
| *Fonds de dotation globale des communes – avance 1er trimestre 2023* | *8.763.969,00 €* |
| *Maisons Relais – Part Etat – 1ère avance* | *1.453.499,00 €* |
| *Impôt commercial – 1er trimestre 2023* | *317.000,00 €* |
| *Pacte Climat – subvention variable* | *154.657,53 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

### Administration générale.

Règlement général des tarifs: introduction d'une nouvelle taxe pour l'organisation des cours de langues au chapitre XII «Services spéciaux» – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass esou, datt mer am Exercice 2022/2023 vum President vum Syndicat d'Initiative et de Tourisme vun der Gemeng Péiteng kontaktéiert gi sinn, datt se Problemer hätte mat de Sproochecoursen. Bis elo waren déi Coursen e fest Standbee vum Syndicat d'Initiative, mä d'Zäiten hu geännert, et kommen ëmmer méi Leit, et ass eng nei Gesetzgebung an deem ganze Beräich komm. An doduerch hunn se eis gefrot, ob mer hinnen net kéinten eng Hand mat upaken an datt mer kuerz- bis mëttelfristeg dat Ganzt organiséieren. Mir sinn eis dunn eens ginn. Mir hunn eist Biergeramt domadder beoptraagt, fir déi ganz Gespréicher ze maachen an ze kucken, wéi ee Modell mer kéinten huelen a wéi d'Eckwäerter sollte sinn. Mir sinn zur Conclusioun komm, datt mer et esou sollte maachen, wéi et a ville Gemengen ass, wéi zum Beispill zu Esch oder an der Stad. Dat heescht, datt mer eng national Gesetzgebung applizéieren. Dat heescht, mir ginn an d'Richtung, datt mer net méi wéi bis elo Ënnerscheeder maachen, deemno wou ee wunnt, wat d'Sproochecoursen ugeet, mä datt mer fir e Quality label ze kréien, deen ausgi gëtt vun der Education nationale, an och fir Remboursementer ze kréie vu Leit, déi Bonge vum Stat kréie, well se aus verschidden Ëmstänn Lëtzebuergesch maachen a se dat deelweis vum Stat bezuelt kréien, all déi Sue kréie mer erëm. Mir kréien notamment 25 Euro pro Stonn a pro Cours, wa mer effektiv dat Konzept, wéi et am Sproochegesetz virgesinn ass, applizéieren. An dofir si mer an déi Richtung gaangen.

Mir hu schonn iwwerluecht, wéi mer dat sollte maachen. Fir de Moment hate mer Lëtzebuergesch a Franséisch a mir sinn eis eens, datt déi Propositioun, déi vun der Kommissioun komm ass, schonn eis war an deem Sënn, datt mer am Schäfferot scho gesot haten, datt mer dat eng Kéier missten ausbauen. Dir hutt eis elo Suggestioune gemaach, notamment am Engleschen, am Portugiseschen, am Spueneschen an an de Balkan-Sproochen.

Et soll een dat elo «step by step» maachen. An deem Sënn mécht et Sënn, datt eist Biergeramt dat mécht. Well déi gréissten Aarbecht ass am Fong de Kontakt mat de Bierger. Dat hate mer och deemools esou vum Roland Breyer erkläert kritt. An de Patrick Remacle war och dobäi. An ech mengen, datt dat Konzept, wat mer elo ausgeschafft hunn, datt dat fit ass fir déi nächst Joren deen Ausbau vun de Sproochecoursen ze maachen.

De Participant soll 100 Euro bezuelen an de Professer kritt 65 Euro d'Stonn, wat och an deem Sënn besser ass, well déi aner Gemenge bezuelen och verschidden Tariffer. An et ass ëmmer gutt, wann déi d'selwecht sinn an da fënnt een och éischter Leit.

Dat fir meng Introduktioun. Dem Syndicat d'Initiative nach eng Kéier Merci gesot fir dat, wat hien iwwert all déi Joren an deem Beräich gemaach huet, an datt mer et effektiv hikritt hunn, fir eppes opzebauen, wat wierklech koherent ass an datt mer esouguer nach eng Subsidiéierung kréien. Esou datt dat, wat mer iech haut hei virleeën, e gudde Bléck an d'Zukunft ass an eis aner Méiglechkeeten am Beräich vun de Sproochecoursë gëtt.

**Arendt Patrick (CSV):**

Et steet enger Gemeng Péiteng sécher gutt zu Gesiicht, wann se weiderhin déi traditionell Sproochecoursen ubitt, déi iwwer etlech Jore vum Syndicat d'Initiative et du Tourisme vu Péiteng assuméiert goufen. Vun dëser Plaz och e risege Merci un si, fir all déi wäertvoll Aarbecht, déi an der Vergaangenheet geleescht gouf. Ech hu mir den Avis vun der Finanzkommissioun zu dësem Punkt och ugekuckt, an do ass eben och gefrot gi fir dës Coursen eventuell an Zukunft op d'Englescht, d'Portugisescht oder Spuenescht, an eventuell och an de Sproochen aus dem Balkan ze erweideren, wat, wann een d'Bevëlkerung an eiser Gemeng kuckt, sécherlech ee Schratt no vir wier. Hei stellt sech d'Fro och, wéi et mam Italieeneschen ausgesäit, déi säit Jore vun deem anere Syndicat d'Initiative aus der Gemeng, vu Rodange, ugebuede ginn. Steet dat weider bei hinnen um Programm?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Beim Italieenesche war et bis elo ëmmer esou, datt de Syndicat d'Initiative vu Rodange dat gemaach huet, an dat aus verschiddene Grënn. An esou, wéi se elo opgestallt sinn, wäerten se dat och nach eng Zäit maachen. An et soll een se och net dorunner hënneren, wann eppes gutt fonctionéiert, da sollen se dat maachen. Et soll net eng Exklusivitéit gi vun der Gemeng.

Et ass e bëssen esou wéi bei de Scouten. Do hu mer jo och déi Péitenger Scouten, déi mat der Pabeiersammlung wollte weider maachen. A fir déi aner hu mer eng Léisung gesicht. An hei ass et d'selwecht.

Ech deelen alles, wat der elo gesot hutt. Et ass effektiv gutt Aarbecht geleescht ginn. An datt mer alleguerte wëlles hunn dat auszebauen, dat steet eis gutt zu Gesiicht, besonnesch enger fënneftgréisster Gemeng vu Lëtzebuerg.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

E puer Äntwerten, firwat dat esou ass, datt d'Gemeng et iwwerhëlt, hunn ech elo scho bei den Erklärunge vum Här Halsdorf kritt. Et ass kloer, datt do vill Aarbecht op een duerkënnt, wann eng Persoun dat eleng muss maachen. Dann ass et kloer, datt dat hautdesdaags net méi ze maachen ass. Well et ware jo ëmmer iwwer 300 Leit, déi ugemellt waren.

Ech weess net, ob de Syndicat dat net wousst, datt se déi Suen och zegutt hate vum Stat. Well dann hätten se och vläicht ee fonnt, deen dat gemaach hätt wann e bezuelt gi wier.

Déi Coursë gi jo nach ëmmer vun deene selwechte Leit gehalen, obwuel d'Gemeng dat iwwerhëlt. Wann d'Gemeng sech elo ëm déi Coursë bekëmmert an déi Coursen organiséiert, gi mer dann op de Wee, datt dat Personal, wat bei eis an der Gemeng schafft an nach net Lëtzebuergesch schwätzt, och déi Coursë maache soll? Dat wier jo dann och flott wéinst der Integratioun, datt se déi Sprooch och géife léieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Also d'Suggestioun ass gutt, mä dat konnte mer och scho virdru maachen. Dat heescht, och wann de Syndicat d'Initiative dat mécht, kann een de Leit och d'Méiglechkeet gi fir Lëtzebuergesch oder eng aner Sprooch ze léieren. Ech mengen, dat ass onofhängeg dovunner, wien duerno déi Coursen dréit. Et ass esou, datt effektiv mat de Chargéë verschidde Problemer aus verschiddene Grënn waren. An dofir ware verschidde Chargéen net méi disponibel a verschiddener sinn och net méi disponibel. Dofir hu mer missten en anere Wee goen. A menges Wëssens wousst de Syndicat d'Initiative, datt dat dote méiglech wier. Mä si hate fir en anere System optéiert a mir hunn de System esou ugepasst, datt mer dat solle kréien. An doduerch falen och déi Avantage fir d'Leit aus der Péitenger Gemeng ewech, déi méi bëlleg konnten an d'Coursë goen. De Staat seet, datt all Bierger d'selwecht ass a se mussen och déi selwecht Konditioune kréien. An dat hu mer dann och gemaach an ech mengen, dat ass och eng richteg Conclusioun. An

doduerch, well mer dat gemaach hunn a well mer och dat elo iwwer si alles organiséieren, a well mer och vläicht elo nach besser elektronesch opgestallt sinn – well dat war och ee vun de Problemer, deen de Syndicat hat – kënne mer déi grouss Bewältegung vun der administrativer Charge, déi mat den Oploen ëmmer méi grouss gëtt, duerch eist Biergeramt maache loossen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Gitt der dann och op de Wee, datt der dem Personal dat och proposéiert?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir kënnen dem Personal dat proposéieren. Ech géif mengen, dat Personal hätt scho gesot kritt, datt wann se gäre wéilte Coursë maachen, datt se dat kënne maachen.

Mä et ass e bësse wéi an de Spideeler, wou der déi selwecht Problematik hutt. Do kréien d'Leit och gesot, datt se d'Sproochecoursë kënne maachen, mä wat dobäi erauskënnt, gesitt der. Op ville Plazen an de Spideeler schwätzen se net Lëtzebuergesch, obschonn ze d'Chance kritt hu fir Lëtzebuergesch ze léieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wa mir d'Coursen als Gemeng proposéieren, da kéinte mer jo och en Effort maachen, datt se vläicht méi Méiglechkeeten hätte fir d'Coursen ze maachen.

Ech weess och, datt Leit – deemno wéi eng Schichten, datt se schaffen – déi Méiglechkeeten net hu fir d'Coursen ze maachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech géif mengen, déi Méiglechkeet hätten se schonn haut. Et ass net doduerch, datt mir d'Coursen als Gemeng organiséieren, datt se eng besser Méiglechkeet géife kréien. Si kréie genee déi selwecht Méiglechkeeten. Et gëtt just aneschters finanzéiert.

Ech hunn awer de Message verstanen.

**Remacle Patrick (CSV):**

Ech hunn an deene leschten 10 Joer a menger Funktioun als Secretaire vum Syndicat d'Initiative et du Tourisme vun der Gemeng Péiteng matgehollef déi Owescoursen ze organiséieren. Dës Organisatioun war eigentlech ëmmer ee vun den Aushängeschëlder vum Syndicat, an et ass e bësse schued, datt mir dat ofginn. Et ass awer nun emol leider esou, datt et am Benevolat ganz schwéier ass, dës zäitintensiv Aarbecht ze geréieren duerch dee groussen administrativen Opwand, deen do derhannert stécht.

Fir iech eng Iddi vun der Envergure ze ginn, mir haten am leschte September 330 Aschreiwungen, fir am ganze 16 Lëtzebuergesch- a Franséischcoursen. Dat ass also eng Aarbecht, déi een net einfach esou niewelaanscht ka maachen, an ech si sécher, datt se elo am Biergerzenter a gudden Hänn ass. Och wann et, an ech widderhuele mech, e bësse schued ass, datt de Syndicat dat net méi mécht.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech kann dat, wat den Här Remacle gesot huet, nëmmen deelen. An ech kann och nëmme soen, datt e Recht huet wann e seet, datt de Benevolat e Problem an de Veräiner ass. Ëmsou méi no dem Covid-Spektakel, dee mer iwwer 2 Joer haten, si verschidde Leit ganz anescht getuned an et ass effektiv elo vill méi schwéier Motivatiounen ze kréien an d'Leit iergendwéi bei der Staang ze halen. Dofir hu mer ganz vill Versteesdemech fir dat, wat do geschitt ass, an datt et bal normal ass. Et ass leider esou, datt eis Gesellschaft esou evoluéiert. Et ass just schued, well dat, wéi der selwer gesot hutt, e Standbee vum Syndicat war, e Stéck vum Profil vum Syndicat war vun eiser Gemeng.

**Breyer Roland (CSV):**

Et ass elo vill iwwert de Syndicat geschwat ginn, an och heiansdo iwwer mech. Ech wëll just emol déi historesch Donnéeën am Fong dohinnersetzen. De Syndicat d'Initiative vu Péiteng organiséiert zanter 1971 Sproochecoursen, dat heescht zanter 52 Joer. Dat ass zoufälleg esou laang, wéi ech President sinn. Dat waren nach am Ufank englesch a russesch Coursen. Firwat déi 2 Sproochen? Mir hate mat der russescher Ambassade gutt Kontakter an do hu mer dann e ganze Koup «influences russes» an och «folklore russe» a «cours russes» erakritt.

Duerno sinn tëschenduerch nach spuenesch Coursen organiséiert ginn. Mir hu franséisch a portugisesch Coursen organiséiert, a mir hunn haaptsächlech lëtzebuergesch Coursen organiséiert. Am Ganze si ronn 10.000 Leit duerch déi Coursë gaangen. Dat war fir eis en touristeschen Impuls, well vun deenen 10.000 Leit, déi an d'Coursë komm sinn, ware ronn 70% Frontalieren. Déi sinn heihinner an d'Coursë komm, sinn duerno e Pättchen huele gaangen oder eng Pizza iesse gaangen. Si haten e Stéck vu Péiteng kennegeléiert, dat se soss vläicht net kennegeléiert hätten.

Mir hunn opgehalen, net well mer qualitativ net gutt waren, well mir hate vill Zoulaf, wéi den Här Remacle et scho gesot hat. Mir haten och de «Label de qualité» vum Ministère, dat war och net de Punkt, mä et war haaptsächlech déi administrativ Erausfuerderung, déi un eis Leit erausgaangen ass. Eis Leit hunn dat benevole gemaach. Et huet kee Mënsch e Frang verdéngt. An dat zweet war, datt mer déi finanziell Balance net méi haten. Firwat? Ma well mer déi Reegel haten, datt d'Awunner aus der Gemeng 30 Euro manner bezuelt hu wéi déi vun auswäerts. An dat ass duerno och gekippt mat deene Bongen, déi vun de Sozialämter ausgestallt si ginn. 10 Euro a Plaz 100 Euro, déi mer kritt hunn. D'Kompensatioun hu mer zwar vun der Gemeng kritt, wat déi Péitenger ubelaangt, mä déi aner hunn ëmmer gefeelt an et war e Lach do.

Wann d'Gemeng dat elo iwwert de Ministère lafe léisst, da kritt se – laut dem aktuelle Stand – eng 13.000 Euro Subsid. Dat hätte mir och kritt, mä mir hätten nach missten op dee Privileeg fir déi Péitenger Awunner verzichten. An dat wollte mer dunn net méi maachen an eis ëmstellen.

D'Fro stellt sech och nach vun de Chargé de coursen, déi mer hunn. Déi sinn alleguerte vum Ministère agreéiert an dierfen déi Coursen offiziell ginn. Déi stinn elo am Raum an ech géif hoffen, datt d'Gemeng awer en Appell un se mécht, fir ze kucken, ob se averstane si fir weiderzemaachen ënnert deenen neie Konditiounen. Mir hunn och 65 Euro bezuelt, dat war dee selwechten Tarif.

Am Fong geholl war et e Standbee vum Syndicat. Mir sinn och am Gaange fir anerer opzebauen. Ech huelen un, datt mer dat doten zwar vermëssen, well et war ëmmer eng flott Ambiance an dee ganze Comité huet praktesch matgeschafft op deenen Owender, wou d'Aschreiwunge waren. Ech wënschen der Gemeng vill Chance bei hirer neier Aufgab. Si ass besser equipéiert wéi mir an dat dierft also kee Problem sinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Här Breyer, dir hutt och Recht. Dat dote sinn d'Zeeche vun der Zäit. A wann een zeréckkuckt, dann deet et engem heiansdo déck. Et ass effektiv esou, datt déi Veräiner alleguerten ëmmer e bësse gewuess sinn op Opportunitéiten an Iddien hin. An d'Iddi war eben déi vun de Coursen an et ass schued, wann een déi muss fale loossen. Dat ass richteg.

An dee Rodanger Syndicat huet net fir näischt déi italieenesch Coursë geholl, well dës net hei zu Péiteng gemaach si ginn. Ech huelen un, datt dat esou an der Zäit entstanen ass. Mä dat ass net relevant. Relevant ass elo, dass mer eng Léisung fonnt hunn, dass de Syndicat sech erëm muss nei oder anescht opstellen, well d'Zäite geännert hunn, well de Benevolat geännert huet an och d'Organisatiounen hu geännert. Et ass net fir näischt, datt mer och eisen Service Culture et communications erweidert hu fir eng Hand mat unzepaken, well mer mierken, datt a Veräiner verschidde Besoinen do sinn. Et ass schued, datt de Benevolat esou am gaangen ass ze wackelen, mä en ass awer nach ëmmer do an dorops si mer houfreg.

**Breyer Roland (CSV):**

De Syndicat ass prett fir d'Zukunft.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.3.

### Administration générale.

Travaux de renouvellement des infrastructures dans l'avenue de la Gare à Lamadelaine: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 2.160.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

*Les coûts supplémentaires (160.000 euros) résultent de la forte augmentation des prix du béton et du béton bitumineux ainsi que de l'inflation économique au cours des quatre dernières années.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.4.

### Administration générale.

Travaux d'aménagement d'un axe d'eau pluviale à Lamadelaine: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 3.510.000,00 euros (TTC)– décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Wa mer d'Infrastrukture vun der Avenue de la Gare frësch maachen, war d'Fuerderung vun der Waasserwirtschafts-verwaltung do, fir och deen Axe pluvial ze maachen, deen dann erof bis an d'Kor geet. An dofir musse mer ënnert der Eisebunn erduerchfueren. An dat ass dee schwierege Punkt. An dat soll eis och erméiglechе fir duerno bei eisen Atelieren zu Rolleng kënne Wunnquartieren ze maachen.

Firwat ass dat elo esou deier ginn? Dat ass éischtens, well den Devis vun 2019 staamt, esou datt deen Devis scho praktesch 4 Joer huet. An do weess ee genee, datt d'Präisser deemools aneschters ware wéi elo. Et ass alles vill méi deier ginn. An dat erkläert, firwat datt dat do elo esou eng Deierecht gëtt. Mir mussen dann effektiv vun 1,7 Milliounen eropgoen op 3,51 Milliounen. Dat ass praktesch eng Verdueblung. An zweetens – ganz wichteg – sinn och deemools déi Berechnungen net ganz richteg gemaach ginn. Dat heescht, de Fonçage ënnert der Eisebunn ass méi deier gi well éischtens eng Restreinte gemaach ginn ass fir dat ze maachen. Et konnt net all Firma dat maachen. Zweetens huet missten eng Period gesicht ginn. Dat kascht dann och, wann een zu enger Firma seet, datt se mussen an enger gewëssener Zäit déi Aarbechte maachen, well d'Eisebunn een dann nëmme bäi léisst. Dat huet dann och kascht. An dann hunn se nach festgestallt, datt dee ganze Fonçage 20 Meter muss méi wäit goe wéi am Fong geholl virgesi war. Wou ech mech och heiansdo froen, wéi Ingenieuren dat kucken, wann ee muss duerno nach 30 Meter méi wäit goe wéi geplangt.

Mä d'Resultat vun der Geschicht ass 3,51 Milliounen anstatt 1,7 Milliounen Euro.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hu just eng Fro. Wéini gëtt an där ganzer Strooss eng Kéier richteg ugefaange fir datt alles anstänneg gemaach gëtt. Mir hu jo elo schonn emol d'Loftlächer zougemaach, déi Kaulen, déi an der Strooss waren, fir datt d'Leit sech net erféiere wann se duerch e Lach fueren. Mä wéini ginn déi Aarbechte richteg ugefaangen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir hätte scho gären ugefaangen, mä do waren ëmmer erëm Contrainten. Mir sinn elo esou wäit, datt mer eis mat den Ponts et Chaussées eens sinn. Ponts et Chaussées huet de Lead vun deem Schantjen. Dat heescht, si mussen d'Ausschreiwunge maachen. Déi Ausschreiwunge sinn deemnächst an déi Aarbechte gi spéitstens am Hierscht dëst Joer un.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.5.

### Administration générale.

Acquisition d'un nouveau camion à ordures: vote d'un crédit supplémentaire de 15.000,00 euros – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.6.

### Administration générale.

Primes dans l'intérêt de la protection de l'environnement: vote d'un crédit supplémentaire de 30.000,00 euros – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Arendt Patrick (CSV):**

Wann ee weess, datt den Nohaltegkeetsrot festgehalen huet, datt Lëtzebuerg muss etlech Ustrengungen ënnerhuele fir säin ökologesche Foussofdrock ze verréngeren, a wann ee weess, datt den Overshootday de 14. Februar bei eis stattfonnt huet, da weess een, datt mir zu de Spëtzereider gehéieren a Saache Ressourcëverbrauch. Déi wichtegst Ënnerberäicher vum private Konsum sinn eben och d'Heizen (mat 9,42 Erden) oder de Sprit mat 0,21 Erden. Hei gëtt et sécherlech Aspuerpotential an Handlungsfelder kënnen ebe grad d'Photovoltaik an nei an innovativ Heizforme wéi z.B. d'Solarthermie oder d'Wäermepompel sinn. Hei ass d'Politik gefuerdert, déi noutwenneg Rumm ze setzen. Mir maachen dat hei um lokale Plang an den Här Schäffe vum Ressort huet vun engem positive Signal geschwat. Dofir kann een dëser Augmentatioun vun 30.000 Euro an dësem Budgetsartikel och just zoustëmmen an eis Bierger weiderhi motivéieren, och am eegenen Haushalt géint de Klimawandel an all sengen Aspekter virzegoen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech kann u sech dem Här Arendt senger Ausso just zoustëmmen. Hei handelt et sech effektiv ëm Isolatioun vu Gebaier, Fassaden, Diech, Photovoltaikanlagen, Wäerme-pompele respektiv Waarmwaasseropbereedung. Do bleift och

ze soen, datt Leit och op eis zeréckkommen. Déi meescht Leit konnten och schonn eng Primm vun Enovos an och eng vum Staat kréien. Esou datt se u sech och belount gi fir déi Mesuren ze maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Kënnt der eis soen, fir wéi eng Renovatiounen déi meeschten Demanden erakomm sinn? Huet de Solarkadaster sech bewäert, datt d'Leit doropshi méi drop reagéieren?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Déi Demanden, déi erakomm sinn, sinn haaptsächlech An Atzéngen, wat nei Gebaier sinn. An do schwätze mer vu Photovoltaikanlagen, vu Wäermepompelen a Waarmwaasser-opbereedungsanlagen. Dat sinn déi Demanden, déi bis elo am meeschten erakomm sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dat heescht, éischter am Neibau wéi bei eeleren Haiser, déi renovéiert ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei war et elo éischter Neibau. Mä, wéi gesot, et sinn och méi eeler Gebaier dobäi. Mä hei huet et sech erausgeschielt, datt et u sech éischter de Moment de Quartier Atzéngen war, wou déi meeschten Demanden erakomm sinn.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.7.

### Administration générale.

Renouvellement des infrastructures dans la rue Adolphe à Pétange: vote d'un décompte provisoire et d'un crédit supplémentaire de 50.000,00 euros – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *1.598.798,69 € (TTC)* |
| *Total du devis approuvé:* | *1.600.000,00 € (TTC)* |
| *Total de la dépense effective:* | *1.583.800,32 € (TTC)* |
| *Total de la dépense prévisible:* | *1.648.798,69 € (TTC)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 5.

### Enseignement.

Règlement d'occupation des postes pour les instituteurs (m/f) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Personnel.

Création d'un poste de salarié (m/f) à tâche intellectuelle pour les besoins du nouveau service des archives communales – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir hu wëlles och an dësem Beräich an 21. Joerhonnert ze kommen an eis anstänneg opzestelle wat den Archivage ugeet. Ëmsou méi an enger digitaliséierter Welt, déi ëmmer méi op eis zoukënnt, ass et och wichteg, wann een zeréckkuckt, datt een dat anstänneg cadréiert. An ech ka mer virstellen, datt och laangfristeg eng Digitaliséierung vun eise ganzen Archive wäert stattfannen. An do geet et emol drëm fir dat Ganzt ze organiséieren.

Mir hunn eis um Terrain e bësse renseignéiert, wéi eng Leit do fräi sinn a fir esou Leit ze fannen. Dat ass guer net evident. Et ass ganz schwiereg. A mir sinn zur Conclusioun komm, nodeems mer verschidde Leit begéint hunn, datt et net anescht geet an déi Persoun iwwer e Contrat de salarié anzestellen. Dat gëtt eis méi Flexibilitéit an dann hu mer och méi Choix. Well et si praktesch keng Lëtzebuerger, oder Leit um Terrain, déi Fonctionnaire sinn an och an deem Domaine spezialiséiert sinn. Mir hu mat den Archivisten zesumme geschwat. Also, mir schreiwen elo emol méi breet aus a kucken, wat dobäi erauskënnt. An da komme mer nach eng Kéier zeréck an de Gemengerot fir ze soen, wat fir eng Persoun mer wëllen engagéieren.

Et ass och wichteg ze soen, datt mer dat an Zesummenaarbecht gemaach hu mat der Gemeng Käerjeng. Well déi kréien déi Persoun och zu 20 %. Mir haten och e Spezialist dobäi, deen eis e bësse beroden huet. An deem Sënn, mengen ech, ass déi Demarche hei gutt iwwerluecht a mir erwaarden eis dann och, datt mer Leit fannen, déi deem entspriechen. Well de Virdeel ass, wann s de an där heite Carrière engagéiers, dass d'Sproocheklausel relativéiert ass. An deem Sënn geet et da besser, wa mer kee Lëtzebuerger géife fannen, datt mer vläicht ee fannen, dee Lëtzebuergesch versteet. Mir kucken, wat elo dobäi erauskënnt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dat heescht, mir als Gemeng Péiteng stellen déi Persoun an a mir ginn se dann 8 Stonnen un d'Gemeng Käerjeng? Mir bekëmmeren eis ganz ëm d'Astellung?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass richteg. Mir hunn de Lead vun där Geschicht. Mir hu wëlles eng Konventioun ze maachen an do kréien si och eng Garantie, datt déi Persoun esouvill Joer fir déi 2 Gemenge schafft. A mëttel- bis laangfristeg kréie mer 1 Persoun eleng a Käerjeng kritt och eng Persoun eleng. Mä dat muss een opbauen. Et sinn déi wéinegst Gemengen, déi Archivagen hunn. An et gehéiert an en 21. Joerhonnert. An enger digitaliséierter Welt muss een dat hunn. Mir hoffen, datt dat elo gutt ausgeet, datt mer richteg weiderkommen an datt mer eng Persoun fannen, déi deem entsprécht wat mer brauchen.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ass déi Persoun och dofir geduecht, fir duerno Stonne bei de Geschichtsfrënn ze maachen? Oder gëtt dat nach eng Kéier «à part» traitéiert? Well dir wësst, datt bei de Geschichtsfrënn an Zukunft eng Kéier Schwieregkeete wäerten optriede fir den Archivage ze maachen. Et kënnt och nach dobäi, datt verschidde Leit schonn am Alter sinn an déi dat bis elo gemaach hunn. A mir wiere frou, wann mer och eng Kéier eng Hëllef kriten.

Dofir wollt ech froen, ob dat dote mat ofgedeckt ass, oder musse mer do nach eng Kéier kucke fir eng aner Persoun ze fannen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir hate jo schonn eng breet Ausschreiwung gemaach fir emol ze kucken, wat um Maart ass a wéi eng Leit sech do presentéieren. An do hate mer eng duebel Konditioun gesat. Op der enger Säit «archiviste pur» an op der aner Säit Leit, déi Geschicht studéiert hunn an déi spezialiséiert sinn am Archivage.

An an där Hisiicht si Leit ënnerwee. An do kann eppes erauskommen dobäi. An dann hu mer de facto eng Persoun, déi

och dat mécht. An och déi ASBL muss eng Kéier – ech nennen et emol esou – professionaliséiert ginn. Dat heescht «à terme» kënnt sécherlech e Rapprochement vun eise Geschichtsfrënn mat dem Archivage vun eiser Gemeng. Well et ass jo ee Ganzt. Si hale jo och eng Mémoire vun eiser Gemeng bei sech. An dat wäert e Ganzt herno sinn. Wéi dat elo ausgesäit, wäerten dat déi nächst Ekippen hei an der Gemeng maachen. Mir maachen elo emol hei een éischte richtege Schratt an ech hoffen, datt dee Schratt och nach opgeet.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

### Affaires sociales.

Convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'année 2023 – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech kann nëmme soen, datt de Club Senior vun Déifferdeng e ganz wichtege Punkt ass fir d'Leit, fir d'Senioren a fir Leit, déi vläicht net méi esou mobil sinn, an se esou aus hirer Isolatioun erauszehuelen. Et gi flott Saachen ugebueden. An ech fannen och ganz flott, datt se Toure maache ginn. Si bidde ganz vill un an dofir wier ech ganz frou, wann och nach méi Péitenger Leit sech dofir géifen interesséiere fir do matzemaachen am Déifferdenger Club Senior, wou mir jo och finanziell e gutt Stéck mat bäidroen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn, fir de Club Senior och méi bekannt ze maachen an eiser Gemeng, och elo d'Broschür mat hiren Aktivitéiten als «toutes boîtes» verdeelt. Dat war jo länger Zäit net de Fall. Mä et ass awer ganz wichteg, well déi eeler Leit net ëmmer esou an de moderne Medien doheem sinn. A wann se awer esou eng Broschür an d'Haus kréien, da kënnen se déi duerchbliederen an sech ukräizen, wat fir Aktivitéite fir si interessant sinn. Dat ass eng ganz gutt Saach a mir gesinn och, datt doduerch dat Ganz besser evoluéiert.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.2.

### Affaires sociales.

Convention portant sur le fonctionnement de l'Office social de Pétange pour l'année 2023 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.3.

### Affaires sociales.

Conventions concernant le fonctionnement du centre de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» pour l'année 2023 – décisions.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Bei däser Konventioun geet et haaptsächlech ëm de Service «Outreach», dee mer doranner ubidden. An zwar ass et esou, datt an där ganzer Konventioun verschidde Punkte festgehale sinn, wou den Outreacher sech och muss drun halen. An zwar geet et haaptsächlech iwwer d'Aktivitéiten, déi am Péitenger Jugendhaus sinn an déi sech un déi Jonk tëscht 12 a 26 Joer riichten. Déi sollen natierlech och mat där néideger Confidentialitéit traitéiert ginn, déi verlaangt gëtt wann ee mat Jugendlecher schafft an se betreit.

Dat ass e «concept d'action général», wou muss ausgeschafft ginn, no deem déi Jugendlech am Jugendhaus solle betreit ginn. Am Journal de bord muss festgehale ginn, wat donidde geschitt. D'Formation continue ass obligatoresch a gëtt haaptsächlech vum SNJ elaboréiert. An do gëtt och all Joer en neie Programm festgeluecht, wéi d'Personal fir den Encadrement vun de Jugendleche soll deelhuelen, an dat och ganz genee suivéieren. D'Fichë vun den edukative Projete mussen och ausgefëllt ginn. Alles an allem ass schonn alles ganz staark festgeluecht. Et ass och esou, datt de Ministère sech beim Outreacher festgeluecht huet an eng Côte barre vu 50% bäileet zu deem wat den Outreacher eis budgetsméisseg kascht. An datt mer och 870 Euro fir e «premier équipement» kréien.

Alles an allem ass alles ganz genee festgeluecht, fir der Jugend, déi Hëllef brauch, esou vill wéi méiglech ënnert d'Äerm ze gräifen. A bei eis an der Gemeng ass et net anescht wéi an anere Gemengen am Land. Mir hunn ëmmer méi Jugendlecher, déi Hëllef brauchen a mir mussen se ënnerstëtzen, fir datt mer se esou gutt wéi méiglech op hiert Weiderliewen an och op d'Liewen dobaussen, an op hir weider Zukunft kënne virbereeden.

**Arendt Patrick (CSV):**

An der Konventioun steet, datt den Accueil 3 Deeg d'Woch garantéiert ass fir Jonker tëscht 12 a 26 Joer. Ass dat wéinst der Annexe vu Rodange oder firwat stinn hei just 3 Deeg dran?

Ech wollt mech och schlau maache wat d'Aarbecht vun eisem Outreacher am Moment ausmécht an a wéi wäit d'Iwwerleeunge vu weidere Streetworkeren hei bei eis an der Gemeng ugeduecht ass, konkret ronderëm eis Skateboardpist zu Péiteng, wou leschtens och leider bei der 20. Editioun vum Plogging – an ech hätt mer gewënscht, datt eis dat erspuert bliwwe wier – mer awer do Sprëtze fonnt hunn. Och op anere Plazen, wéi zum Beispill zu Rodange am Park, géif esou eng Offer sécher seng Friichten droen. Dobäi muss een net forcement weidert Personal astellen, mä et kéint ee mat dem Personal, wou mer hunn, stonneweis erausgoen, opsichend Jugendaarbecht maachen, virun allem zu Rodange, wou d'Jugendhaus dach e bëssen ewech vum Duerfkär läit, woubäi ech weess, datt dat schonn zum Deel och gemaach ginn ass an der Vergaangenheet, an d'Madamm Schäffin vum Ressort huet dat an der Virried jo och kuerz ugeschnidden.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wann der op gewësse Plazen hei an der Gemeng gitt, da wäert der ëmmer esou Residue fannen, wou der sot, Sprëtzen an och nach aner Utensilien, déi geféierlech fir eis Jugend sinn. Dat wëll natierlech net ëmmer heeschen, datt et och ëmmer effektiv vun eise Jugendlechen hei aus eiser Gemeng ass.

Mir dierfen net vergiessen, datt mer eng Gemeng sinn, déi hei un 3 Grenze stécht, a wou mer och nach mat anere Leit ze dinn hunn, déi reegelméisseg eriwwer kommen a gewësse Saache kommerzialiséieren an di déi och notzen.

Wat elo är Initiativ betrëfft, wou der sot, fir datt eis Educateuren owes méi laang sollen erausgoen, esou fält dat ënnert de Streetworker. A mir froe jo scho wéi laang en zweete Streetworker beim Ministère an hunn e bis elo nach net accordéiert kritt. Et läit am Ministère um Schreifdësch an ech hoffen, datt mer iergendwann och d'Ënnerschréft kréie vum Minister, datt mer kënnen en zweete Streetworker astellen.

Eis Educateuren, déi agestallt si fir an de Jugendhaiser ze schaffen, deenen enthält net déi Aarbecht als Streetworker. An dofir musse mer dat och ganz genee trennen an net vermëschen. An esoubal mer den Accord kréien, wäerte mer natierlech esou séier wéi méiglech eis op d'Been setze fir e Streetworker kënnen anzestellen, well mer och ganz genee wëssen, datt ee Streetworker fir déi ganz Gemeng net duergeet. Mä mat deenen Educateuren, déi mer de Moment donidden hunn, mat deenen Aktivitéiten, déi se maachen, a wou vill Jugendlecher dohinner ginn, an och reegelméisseg kommen, kënne mer awer soen, datt mer fir eis Jugend awer schonn eenegermoosse gutt opgestallt sinn. Mä, wéi gesot, et geet ni duer, mä mir sinn hei ofhängeg vum Ministère.

**Arendt Patrick (CSV):**

Fir mech ass et ganz kloer, datt do ënnen am Jugendhaus eng ganz wäertvoll Aarbecht geleescht gëtt. Mä ech kann iech awer just soen, datt ech aus eegener Erfarung weess, datt ech selwer och emol sporadesch erausgeschéckt gi sinn, well mer och do hu missten an där Institutioun waarde bis de Streetworker vum Staat geneemegt ginn ass. An do ass gesot ginn, datt d'Educateurs diplômés dat och sporadesch kënne maachen an och do op den Terrain eraus kënne goen. An dat huet mech, a menger Funktioun als Educateur, effektiv weiderentwéckelt. Ech hunn do eng ganz aner Basis an och eng ganz aner Vue krut op déi ganz Aarbecht vum Educateur. Dofir soen ech, et ass méiglech. Mä gutt, mir mussen ebe kucken, wéi mer dat Ganzt do ënnen an deem Konzept uginn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech soen iech jo, esoubal mer den Accord hunn, hu mer e Streetworker. Eist Personal huet de Moment Kontrakter, déi lafen och iwwert den Dag a wärend den Ëffnungszäite vun der Maison des jeunes. An et ass jo och haaptsächlech d'Aarbecht vum Streetworker, fir owes erauszegoen an ze kucken, wou sech déi Jugendlech, déi gefäerdet sinn, ophalen a fir deenen dann Hëllefsstellung ze ginn. An et ass haaptsächlech owes, wou déi gefäerdet Jugend opgefaange muss ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.4.

### Affaires sociales.

Convention bipartite 2023 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Arendt Patrick (CSV):**

Et ass jo esou, datt déi Demandë fir déi eenzel Formatioune musse beim Agent régional ugefrot ginn. An zwar soll do am Haus selwer mat den eenzele Leit um Terrain gekuckt ginn, a wat fir Beräicher et Sënn mécht, d'Leit a Formatiounen ze schécken. Dat hänkt ganz dovunner of, wou d'Problematiken am Alldag grad optauchen a wéi een sech pedagogesch wëll weiderbilde fir deenen entgéint ze wierken. Hei ass d'Palette un Themen nawell net kleng. Dat geet vun aggressivem Verhale bis op Mobbing, vun Trauer bis op prekär familiär Verhältnisser, vu Pubertéit bis Léierschwieregkeeten, vun Inclusioun bis Teambuilding. Kënnt dir mer soen, wat fir Thematiken sech do an deenen eenzelen Haiser erausschielen a wéi do de Werdegang war, fir déi zesummen ze definéieren? Et ass jo och esou, datt d'Crédits d'heures just op CDIen am Haus, an net op CDDe gerechent ginn, an datt d'Crédits d'heures just opgebraucht gi bei gemeinsame Formatiounen, net awer bei eenzele Formatiounen. Sinn do déi eenzel Formatioune weider Bestand am Alldag vun eisen Erzéier, an ass do eng grouss Demande do? Wéi gesäit et an deem Kader mat den CDDen aus, wann een zum Beispill een CDD onbedéngt wéilt halen am Hibléck vun enger oppener Plaz an Zukunft? Hunn déi och d'Méiglechkeet fir intern Formatiounen ze maachen, well d'Aarbecht um Terrain ass déi lescht Joren net manner a scho guer net manner kompliziéiert ginn. An do kënnen engem d'Formatiounen dach e gutt Stéck Bagage mat op de Wee ginn, fir weiderhin zesummen ze kucken, datt den Adressat mat all senge Facettë gutt betreit ass.

Zesumme resuméiert misst folgende Werdegang agehale ginn: Kucken, wat fir Besoinen d'Ekipp huet an d'Formatiounen, zum Beispill d'Gestioun vun den Emotiounen oder déi aner, déi ech opgelëscht hunn.

2. Etapp: e Formatiounsplang un den Agent régional schécken, wou mir dann den Accord kréien.

3. Etapp: mir musse beim SNJ eis Kreditter froe fir d'Joer 2023. Do gëtt e spezielle Formulaire ausgefëlt, wou mir all d'CDIen dra maachen.

Eng aner Fro betreffend d'Aschreiwungen ass déi vum Accueil. Mir hu jo gratis Betreiung fir déi non-formal Bildung vu 7 bis 19 Auer. Well mer awer schonn ab 6.45 Auer Accueil ubidden, kréien d'Elteren déi 15 Minutte verrechent. Dat zum Thema «simplification administrative» säitens dem Staat. Wéi gesäit et hei an de Vakanzen aus? Sinn do d'Aschreiwungen net réckleefeg? An der Konventioun steet des Weideren dran, wann et um Terrain net méi mat der inklusiver Aarbecht opgeet, dat heescht, wa Personalressourcë feelen, da kéint een op den Service Inkluso zeréckgräifen. Ass dat schonn de Fall gewiescht bei eis am SEA?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat war elo e ganze Katalog vu Froen, Här Arendt. Ech wëll iech direkt emol soen, datt en CDD och e Recht op Fortbildung huet. D'Fortbildunge ginn natierlech iwwert den SNJ ugefrot an iwwert den Agent régional. Déi Fortbildungen, déi mer elo fir d'lescht eragescheckt hunn, si Fortbildungen iwwer d'Gewalt. A wa mer Gewalt dran hunn, da gräife mer och ëmmer direkt an a mir kucke fir dat geléist ze kréien. Eng Fortbildung, déi elo ganz nei ugefrot ass, ass haaptsächlech fir déi gréisser Zyklen. Dat sinn déi, déi elo de Wiessel maache vun der Maison Relais an de Lycée, wou elo eng ganz grouss Formatioun lass geet mat spezialiséiertem Personal, wat do kënnt, fir déi Kanner virzebereeden. Esou gutt fir se éischtens iwwert déi aner Aart a Weis am Lycée ze informéieren an se drop virzebereeden, fir se op d'Geforen hinzebereeden. Déi Geforen, déi och doduerch entstinn, wann se eeler sinn, wann se mat Alkohol oder Drogen a Verbindung kommen, a wou d'Police esouguer mat ageschalt gëtt, déi och Formatioun maache kënnt. Si ginn an d'Jugendhaus a weisen hinnen d'Jugendhaus, wou se soen, datt se do eng Opfangstruktur hunn, wann se ausserhalb der Schoul gäre mat anere Kolleegen aner Aktivitéite wëlle maachen.

Dann hutt der d'Vakanzen ugeschwat. Do ass et ëmmer ganz schwiereg, well et ganz grouss variéiert ob et déi grouss Vakanz oder klenger Vakanze sinn, ob d'Eltere fortfueren oder net, ob se Congé hunn oder net, ob d'Kanner weiderhin ageschriwwe bleiwen. Et sinn natierlech vill Elteren, déi hir Kanner wärend der Vakanzenzäit eraushuelen, esou datt mer méi Plaze wärend der Vakanzenzäit hunn a kënnen Dépannage maache fir déi Elteren, déi soss keng Plaz kréien, well se einfach wärend der Vakanzenzäit, wann d'Kanner do sinn, misste bezuelen. Well dat spigelt sech och am Budget vun den Elteren erëm.

Eis Kanner kënne mueres um 6.45 Auer kommen. Mä mir hu jo e Roulement an der Auerzäit, esou datt eben d'Auerzäit ëmmer ugepasst gëtt an eis Leit och net méi Stonne schaffe

wéi se am Kontrakt stoen hunn. Esou datt mer dat kënne mat erduerchhuelen.

De Service Inkluso ass och scho bei eis komm. Dat ass schonn ugefrot ginn an huet dann och do seng Aktivitéite mat erabruecht, säi Wësse mat erabruecht an esou Hëllefsstellung ginn.

**Accord à l'unanimité. Mme Agostino, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 7.5.

### Affaires sociales.

Office social: Création d'un poste d'assistant social (m/f) sous le statut du salarié – avis.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.1.

### Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Edward Steichen», de la part de 17 propriétaires – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, avec une contenance de 13,30 ares, se fait au prix total de 9.975,00 euros.*

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Déi éischt Fro ass déi, ob et just en Deel ass vun der Strooss, esou wéi et laut Plang elo ausgesäit? An déi aner Fro ass, wann elo d'Gemeng Proprietär ass vun der Strooss, gëtt dann duerno gekuckt, datt déi Strooss dann och esou ass, wéi se soll sinn? Datt d'Trottoiren, d'Bordüre vun der Strooss ersat ginn? Well et gouf jo ëmmer gesot, datt dat net gemaach konnt gi well d'Gemeng net Proprietär wier. Well wann ech vun de Leit ugeschwat gi sinn, dann huet et ëmmer geheescht «Wann ech elo hei eppes net wëll, da fiert kee méi hei duerch meng Strooss. Dat ass meng Strooss!» Mä komescherweis stinn déi Leit elo net op där Lëscht vun deene 17 Proprietären, déi hei un d'Gemeng verkafen. Deen een Här wunnt zwar an deem aneren Deel, an dofir wollt ech froen, ob dat hei elo just deen een Deel ass.

Wa mer elo hei spéiderhin eppes géife maache fir datt déi Strooss duerno anstänneg wier – well momentan huet et nach net vill Wäert, well nach vill Camionen derduerch fuere wéinst dem Schantjen – da misst een och kucke fir d'Parkplazen iergendwéi esou anzezeechnen datt se Sënn maachen. An dat, well jo iwwerall Parkplazproblemer sinn. An der Zäit sinn d'Leit aus der rue des Jardins nach dohinner parke komm, mä do ass de Fousswee jo zougemaach ginn, esou datt déi Méiglechkeet elo net méi besteet. An deen een Deel ass jo och zougemaach gi well do de Parking fir de Schantjen ass. Et misst een dann duerno kucken, datt déi Parkplazen esou géifen agedeelt ginn, datt se Sënn géife maachen an der ganzer Strooss.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt dat heiten déi Strooss ass, déi d'Verbindung mécht vum Supermarché bis bei deen hënneschten Deel beim Lycée. Deen ass jo Bestanddeel vun engem PAP an do gi mer jo virun a Richtung rue Batty Weber. An an der rue Batty Weber, deen Deel vun der Strooss wäerte mer dann am Kader vum PAP cedéiert kréien. Dat ass jo och esou am Kader vum PAP ofgemaach ginn.

Esou datt awer vum Cactus bis an d'Batty Weber-Strooss dat eis Strooss wäert sinn. Et gëtt jo och eng Verbindung erop an d'rue des Jardins. Do si jo och am Kader vum PAP Weeër virgesinn. An et ass och e Wee virgesinn a Richtung vun der rue Mathias Adam. Och do si Weeër virgesinn, déi mer awer eréischt cedéiert kréie wann se fäerdeg sinn a wann de Staat seng Aarbechten ofgeschloss huet.

Dir hutt Recht, déi Strooss ass fir de Moment net an engem ganz gudden Zoustand. Dat hat och richtegerweis kee Sënn, fir do elo un där Strooss vill ze schaffen. Well mir wousste jo, datt dee grousse Projet am Lafen ass. Ech denken, dee wäert nach 1,5 Joer daueren. A wann deen Deel vun der Strooss och fäerdeg ass, an déi ganz Aarbechte si fäerdeg an deem PAP, dann ass de Moment och do, fir d'rue Edward Steichen frësch ze maachen. Dee Moment gehéiert eis jo déi Strooss, an da kënne mer se frësch maachen. An anerersäits si mer dann och op deem Punkt ukomm, wou et Sënn mécht fir se frësch ze maachen. Mä dat ass awer deen nächste Gemengerot, deen dat warscheinlech soll oder muss decidéieren.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt u sech dat selwecht froen, well ech och um Plang gesinn hat, datt et just de viischten Deel. Dat heescht, wann ech elo richteg verstanen hunn, da gehéiert deen Deel elo net méi deenen hënneschte Proprietären, mä dee gehéiert dem Staat.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dee gehéiert dem Staat an dee kréie mer cedéiert vum Staat. Dat ass deen Deel, vum Lycée bis bei d'Batty Weber-Strooss. An deen Deel gëtt am Kader vum PAP cedéiert.

**Agostino Maria (CSV):**

Endlech ass et gelongen, d'Edward Steichen-Strooss an de Besëtz vun der Gemeng ze kréien. Dat war mat vill Aarbecht verbonnen an dofir e grousse Merci un all déi Leit, déi un dësem Projet geschafft hunn. Dat ass ee ganz wichtege Punkt am Hibléck op d'Entwécklung vum alen LTMA-Site an eng koherent Fouss- a Stroosseverbindung am Zentrum vu Péiteng bei deem Schoulquartier vun Eigent, déi sech dorausser ergëtt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir hutt Recht. Dat do ass genee dat, wat wichteg ass. Mir sinn am Gaangen, nach ganz vill Altlaaschten opzeschaffen, an d'rue Edward Steichen, wann ee weess, wéi laang datt do scho Leit wunnen, an eis d'Strooss nach ëmmer net gehéiert, beweist, datt do awer an enger ganz laanger Zäit net mat där Systematik déi Strooss iwwerholl gouf. An dofir hu mer jo esou vill Projeten, wou mer all Kéiers mussen Deelstroossen iwwerhuelen. Mir brauchen eng Planungssécherheet, wann een se wëll frësch maachen. A wann do iergendeen – och wann e mengt e wier Proprietär an en ass et net – mengt, et dierft keen derduerchfueren oder et dierf do net geschafft ginn, da gëtt dat problematesch. Ech weess datt an der Nopeschgemeng Déifferdeng dat dote genee d'Schwieregkeet war, well eng Kéier hu missten Infrastrukturaarbechte gemaach ginn an enger Strooss an do haten sech Leit queesch geluecht. An dat ass sécherlech net gutt. An am Kader vun deem PAP, deen sech hannendrun entwéckelt, an am Kader vun engem ganz koherente Fouss-, respektiv och Stroosseverkaf an deem Quartier – wat awer trotzdeem e wichtege Quartier, e Schoulquartier ass – ass dat heiten eng wichteg Aufgab, déi mer elo gemaach hunn. An elo gehéiert d'Strooss eis an elo kënne mer och – wa mer deen hënneschten Deel nach cedéiert kréien am Kader vum PAP – déi Strooss och selwer gestallten esou wéi mer et wëllen.

An ech sinn der Meenung, datt wann d'Aarbechten all ofgeschloss sinn, et déck Zäit ass fir eng Kéier déi rue Edward Steichen op de Leescht ze huelen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Den Här Scheuer huet schonn e bësse meng Fro gestallt, well ech ëmmer dat selwecht och héieren hunn. An dir hutt mer elo Bestätegung ginn, datt et vum Cactus bis hannenhi geet. Mä do hunn ëmmer nach Leit gewunnt a gesot, et wier hir Strooss a si géif net der Gemeng gehéieren. An dann hu mer jo elo d'Bestätegung, datt et der Gemeng hir Strooss ass. Mä ech gesinn och, datt déi Nimm vun deene Leit och net bei den Ënnerschrëfte figuréieren. Ech wollt just d'Bestätegung hunn, datt déi Strooss elo der Gemeng gehéiert.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat war och déi ganz Komplikatioun an deem ganzen Dossier. An et ass net esou evident, wann ee muss 17 Leit un een Dësch kréie fir do mat z'ënnerschreiwen. Wann do een an der Tëschenzäit erëm säin Terrain verkaf huet an net méi Proprietär ass, oder et ass ee verstuerwen an et muss een den Ierwe sichen, da versteet een, datt et schonn eng laangwiereg Geschicht war. Mä mir hunn et awer elo zu Enn bruecht. An zum Schluss war nach ee wichtege Punkt, wann ee seet, datt déi 9.975 Euro mussen duerch 17 gedeelt ginn, a wann een do och nach nëmmen 1/8 vun deem 17tel huet, da gëtt dat ganz gelunge Chifferen. An dat war guer net esou evident, fir dat ze aktéieren, wien wéivill géif kréien. Mä eise Péitenger Notaire huet dat awer elo exzellent gemaach. An ech si gudder Déng, wann dat elo enregistréiert ass, datt d'Strooss dann definitiv eis ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», à Mme Maria De Araujo Nerva Pereira Luiz – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente du terrain, avec une contenance de 0,31 are, se fait au prix total de 217,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.3.

### Propriétés.

Acte concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», avec Mme Liliane Huberty – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'échange des terrains se fait moyennant le paiement d'une soulte de 564,00 euros en faveur de l'administration communale de Pétange.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

### Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement de la part de la société Kalista Immo SA en vue du morcellement de quatre terrains sis à Pétange, route de Longwy n° 64 - 70 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Le morcellement envisagé prévoit la division des quatre lots initiaux en trois nouveaux lots, d'une part les lots 1 et 2, sur lesquels il est projeté de réaliser sur chaque lot un immeuble à usage résidentiel, et d'autre part le lot 3, lequel est à céder à l'État luxembourgeois en tant qu'emprise-trottoir à intégrer au domaine public.*

*Il est également proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains, étant donné que la Commune n'envisage pas d'y réaliser de projet.*

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Et huet ee scho länger d'Publicitéit op den Haiser gesinn, datt do e Projet am Gaange wier. Haut ass en dann am Gemengerot. Eis politesch Positioun ass jo, datt mer net onbedéngt alles sollten an enger privater Hand herno realiséiere well do eben de Wunnraum herno net ze bezuelen ass. Mä ech féieren dat elo net nach eng Kéier aus.

Et ass awer eng aner Iwwerleeung, déi ech hunn, datt wann een aktuell duerch d'Haaptstrooss zu Péiteng fiert, da mengt een et wier ee quasi an enger amerikanescher Grousssstad. Dat ass awer nëmme meng perséinlech Aschätzung, datt et mir einfach net gefält, wann déi grouss Gebaier do gebaut ginn, déi grouss Appartementer. Et kann een elo streiden, ob déi Haiser hei schéi sinn oder net. Si hunn awer e gewëssene Charakter vun eiser Haaptstrooss. Et ass och vläicht, well ech do opgewuess sinn, datt ech eng aner Vue hunn. Mir gefalen déi Projeten, déi do kommen, net. De Projet ass jo och am Aide-mémoire mat dran an esou wéi et um Bild ausgesäit, gëtt et erëm eppes Riichtes, Héijes, mat 4 Stäck, a mir wäert dat net gefalen. Mir wäerten dee Projet haut och net matstëmmen, well et net eis Visioun vu Péiteng ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Visioun ass déi, déi de Gemengerot festgeluecht huet. Dir sidd nach net laang genuch dobäi fir ze wëssen, 2017 huet de Gemengerot eigentlech e puer Decisioune geholl, fir eng ganz Rei Quartieren ze schützen. Do si ganz Quartieren, wou et virdrun ouni Problem och méiglech gewiescht wier fir dat doten ze maachen a wou et elo haut net méi méiglech ass. Mir hunn och op enger ganzer Rei vu Plazen et ëm ee Stack erofgedriwwen. Wann ech awer elo haut kucke wéi d'Nationalpolitik am Gaangen ass, esou geet dat éischter a Richtung méi héich a méi dicht bauen. Mir sinn 2017 erofgaange vu 5 op 4 Stäck. Dat ass awer dat, wat de Gemengerot deemools definéiert huet an dat heiten – an ech mengen, do si mer haut an enger Exekutioun – ass am Kader vun deem wat de Gemengerot 2017 als Visioun fir Péiteng festgeluecht huet. Ech stelle fest, datt dat net är Visioun ass. Ech verstinn dat. Ech mengen, mir musse souwisou am Joer 2024 eng Revisioun vum PAG maachen. Da kënne mer versiche fir am Péitenger Gemengerot nach méi zeréckzegoen. Ech fäerten zwar ganz, datt mer dat vun der Nationalpolitik net approuvéiert kréien, well mer brauchen och d'Autorisatioun vum Inneministère an deem Kontext.

Ech mengen, dat ass awer Zukunftsmusek. Haut musse mer eis an deem Beräich beweegen, deen ebe virgesinn ass. An dat ass eben «Mix-urbain, densité 4 Niveauen», wéi der elo just gesot hutt. Dat ass eben esou an dat ass op enger ganz kuerzer Plaz hei am Zentrum limitéiert, wou dat nach méiglech ass. Do kann een elo dergéintstëmmen. Mä wa mir elo hei am Gemengerot majoritär géifen dogéintstëmmen, da gëtt et natierlech problematesch. Well mat deenen doten Argumenter wäert deejéinegen, deen elo hei Proprietär vun deem Terrain ass, sech géint d'Gemeng wenden a soen, datt mir am Gaange sinn, säin Terrain ze devaloriséieren an datt e gären dat kompenséiert hätt.

Mir mussen eis awer e bëssen un eis Reegelen halen, déi mer selwer opstellen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hu schonn e puer Äntwerte kritt. Et ass kloer, datt mer nach Appartementer bauen, ob se schéi sinn oder net. Et kommen awer Problemer op eis duer. Wa mer dat Morcellement elo net géife matstëmmen, wat kéint déi Agence dann dohinner bauen? Véier eenzel Bléck a Plaz nëmmen 2 Bléck, oder wéi géif dat ausgesinn?

Wann ee kuckt, vum Rez-de-chaussée bis de Späicher, deen ausgebaut gëtt, sinn et 5 Stäck. An et si 4 Haiser, déi ewechkommen an net nëmmen dräi. Wann ee kuckt, de Charme vu Péiteng verfält e bëssen, doduerch datt déi Haiser alleguerten ewechgerappt ginn. Wann ech elo matkritt hunn, e bësse méi erof kënnt deen nächste Projet. Dat heescht, dat Alles gëtt e bësse verbaut. Op der enger Säit heescht et, mir musse Wunnenge schafen – dat hätte mer och gären –, mä wann ee kuckt, momentan sinn op dem Site 232 Appartementer zu Péiteng z verkafen. Dat sinn der vill, obwuel ee momentan jo och weess, firwat, datt net alles verkaf gëtt.

En anere Problem gesinn ech e bësse bei deene ganzen Appartementer, wou mer bauen. An dat sinn d'Parkplazproblemer. Ech weess och, datt bei engem Appartement mat 2 Schlofkummeren theoretesch missten 2 Parkplaze sinn, oder bei enger Schlofkummer eng Parkplaz. Mä de Problem ass deen, wann de Proprietär da säin Appartement kritt an e soll mat sengem Auto erafueren, dann ass déi Parkplaz esou ugeluecht, datt en net mat sengem Auto erakënnt. Haut hu verschidde Leit méi grouss oder méi déck Autoen, mä d'Parkplaze sinn an de Residenzen einfach net ëmmer korrekt. A wa mir déi Residenzen als Gemeng ofhuelen, da misste mer och esou Saachen emol kucken. Well ech sinn elo vun 3 Leit ugeschwat ginn, déi elo en Appartement hei an der Gemeng kaf hunn, an déi Problemer an där Hisiicht hunn, mat de Parkplazen an de Residenzen, oder déi zum Schluss an enger Residenz kaf hunn, an déi duerno keng Parkplaz méi kritt hunn, well déi vu virdrun 2 Parkplaze kaaft hunn.

Natierlech, wann d'Agence immobilière dat esou wëll verkafen, esou fannen ech et just net gutt. Dir hutt jo och gesot, datt mer 2024 missten op een anere Wee goen an datt mer dat alles missten oder sollen änneren. Da si vläicht vill Leit net méi hei, mä ech hoffe just, datt se dann op de Wee ginn, datt beim Verkaf vum Appartement an der Kadasternummer d'Parkplaz dobäi wier. Da wier dat méi einfach, well da wier d'Plaz beim Appartement dobäi. Well et sinn och vill Leit, déi en Appartement kafen an dann hir Parkplaz verkafen, well se keng brauchen. A wann duerno d'Appartement verkaf gëtt, dann ass erëm keng Parkplaz dobäi.

Dat ass ëmmer esou een Hick-Hack hin an hier. Mir hunn net vill Afloss drop, mä ech wëll dat just soen. Dir kënnt och net vill änneren, wann der d'Baugeneemegung ausstellt. Mä dat ass dee gréisste Problem hautdesdaags bei den Appartementer, déi gebaut ginn. Ech hunn de Problem bei mir an der Strooss. Et sinn 18 Appartementer a momentan sinn 3 Proprietären, déi keng Stellplaz hunn. Owes, wann déi vun der Aarbecht kommen, da stinn déi deelweis an der Nidderkuererstrooss. Wann se Chance hunn, da kréien se nach beim Kierfecht eng Parkplaz.

Ech wëll just drop hiweisen, datt déi Problematik mat de Parkplazen ëmmer méi schlëmm gëtt. A wéi gesot ginn ass, d'Lonkecher-Strooss ass scho betraff dovunner. Well wann ee kuckt, mir hu scho Schantje vun hanne bis vir. Et ass och wichteg, datt déi Aarbechte gemaach ginn. Mä wann ee kuckt, wann ee vun der Shell bis bei d'Porte de Lamadelaine fiert, dann hu mer ëmmer méi Appartementer, déi kommen. An et misst ee kucken, datt een déi Parkplazproblamtik iergendwéi an de Grëff kritt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech sinn net ganz mat iech averstanen, well et ass sécherlech esou, datt mer an der Route de Longwy eng ganz Rei Plazen hunn, déi geschützt sinn. Dat heescht, do kann een d'Haiser net ofrappen an et kann een se net duerch eng Residenz ersetzen. Dat si ganz Bléck vun Haiser, déi mer als Zone d'environnement protégé definéiert hunn. Dat huet de Gemengerot esou decidéiert an op deene Plazen ass dat net méiglech. Hei huet de Gemengerot et net gemaach an dofir ass et an deem heite Fall méiglech. Dat ass eng Decisioun, déi de Gemengerot geholl huet. Mir kënnen natierlech elo soen, datt de Gemengerot am Joer 2017 eng schlecht Decisioun geholl hätt, mä da muss een et nobesseren. Do war jo scho Geleeënheet genuch, fir hei eng Propositioun ze maache fir dat nozebesseren. A wann eng Majoritéit vum Gemengerot der Meenung gewiescht wier, fir do nach méi restriktiv virzegoen – natierlech ëmmer «sous réserve», datt de Ministère dat och esou gesäit an approuvéiert, well et huet kee Wäert, datt mir am Gemengerot eng Decisioun huelen an de Ministère refuséiert eis dat – dann hätte mer d'Reegelen upasse kënnen.

Ech gesinn dat sécherlech net esou wéi dir. Mir hunn e Secteur hei a Péiteng, deen ass relativ limitéiert, vill méi limitéiert wéi am ale PAG, wou nach kënne Residenze gebaut ginn. An beim Rescht vun der Péitenger Gemeng, dat ass e ganz groussen Deel an ech géif bal soen 80%, do geet dat guer net. Dat ass Hab-1 klasséiert an dat ginn Eefamilljenhaiser. Do sinn e ganze Koup «zones de protection». Lénks a riets vun der Lëtzebuerger Strooss sinn d'Haiser all protegéiert an do kann een haut keng Residenz méi bauen. Do kann ee just Eefamilljenhaiser bauen. A wann een en Haus ofrappt, da muss een et d'selwecht erëm opriichte wéi et do steet.

Dat sinn d'Reegelen, wéi se haut bestinn. An an deem PAG ass eben déi dote Plaz nach eng vun deenen eenzege Plazen, wou dat méiglech ass. Well wann ee vill méi wäit dorower geet, dann ass dat guer net méi méiglech – an ech weess net, wou der dat nach wëllt gesinn, mä dat kënne mer dann eng Kéier zesumme kucken – fir ofzerappen an dann eng Residenz ze bauen.

Mä hei, well mer einfach soen am Zentrum vun eiser Uertschaft – dat huet de Gemengerot 2017 festgehalen – do kann een dat nach maachen an et muss een och där Méiglechkeete ginn. Mir hätte jo och gäre Commerce an och Aktivitéiten an deem Beräich, datt mer liberal Beruffer hunn, an da musse mer esou Méiglechkeete schafen. An dat heiten ass nach an där Zone Mix-Urbaine – an déi Zone ass guer net esou grouss – nach machbar. Dofir mengen ech, ass dat deen ee Volet.

Deen anere Volet ass dee mat de Parkplazen. Effektiv war dat scho virun 30 Joer an der Belsch méiglech, well d'Notairë matgespillt hunn. Wann een do keng Parkplaz matkaaft huet beim Kaf vun engem Haus oder Appartement, dann huet ee missten eng Tax bezuelen. An den Notaire huet déi encaisséiert fir d'Gemeng. Dat ass awer bei eis hei zu Lëtzebuerg net méiglech. Nach net méiglech. Vläicht kritt een dat um nationale Plang als Gesetz duerchgesat. Da kann een och soen, datt mat engem Appartement mat 2 Schlofkummeren och zwee Emplacementer musse bezuelt ginn. Wann een dat nach net huet, da kann een dat natierlech och net imposéieren.

Dat eenzegt, wat mir als Gemeng kënnen imposéieren, dat ass, datt mer soen, et musse pro Appartement mat zwou Schlofkummeren 2 Emplacementer geschaf ginn, a mat enger Schlofkummer 1 Emplacement. Dat heescht, et gëtt eng Zuel vun Emplacementer geschaf, déi noutwenneg ass. Wann do awer een déi all keeft, dann hu mir keen Afloss drop wien se keeft. Mir sinn net dobäi, wann déi Vente gemaach gëtt. Ech

muss just soen, da mussen déi aner domm genuch sinn, wann se en Appartement mat 2 Schlofkummere kafen a wou se keng Garage hunn. Well si mussen herno kucken, wann se eng Kéier wëlle verkafen, och kënne verkafen. Dat heescht, dat ass e Choix vun de Leit. Wa si bereet sinn en Appartement ze kafe mat 2 Schlofkummeren, wou 2 Emplacementer laut eisem Bautereglement virgesi sinn, an si kafen et ouni Emplacementer, jo, da mussen se mat de Konsequenze liewen an dann dierfen se net op d'Gemeng kommen a froen, wou se dann elo hiren Auto kënne parken. Dat ass hire Problem. Si hätten e Recht, fir der zwee ze kafen. An ech soen iech ganz éierlech, ech géif keen Appartement ouni Emplacement kafen. Mä een, deen dat mécht, dee mécht dat. Ech sinn net dobäi an ech kann en net mat der Hand huelen a him soen, datt ech dat doten net géif maachen. A wann eis Promoteuren emol e puer Mol op Appartementer sëtze géife bleiwen, da géifen se sech vläicht dat iwwerleeën, ob se nach esou géife virgoen. Da géifen se vläicht déi néideg Parkplaze pro Appartement reservéieren.

Mä esoulaang se Leit fannen, déi bereet si fir dat ze kafen, esoulaang ass de Promoteur jo fräi fir 7 oder 8 Parkplazen un eng Persoun ze gi mat engem Appartement mat enger Schlofkummer. Dat ass e Choix vun eenzele Leit. Mir kënne just de Rahmenprogramm stellen – fir de Moment op jiddwer Fall – an déi Rumm ass kloer an do dierft kee Problem bestoen. Mä wann d'Leit an d'Promoteuren sech net un déi Rumm halen, dann ass dat e Problem tëscht de Promoteuren an de Leit an net e Problem mat der Gemeng. An dat bemängelen ech och, datt vill Leit en Appartement kafen ouni Emplacement an dann op d'Gemeng komme mat der Fro, wou se hiren Auto da kënnen ofstellen. Esou einfach ass d'Welt nun awer net. Dann hätten se sech sollen en Appartement kafe mat engem Emplacement.

Et ass d'selwecht, wann dir iech en Auto kaaft, deen nëmme mat 50 fiert, an da gitt der duerno an d'Garage a sot, dir wéilt gäre mat 150 fueren an et geet net. Et muss ee scho wësse wat ee keeft.

An dat ass hei genee dat nämmlecht. Wéi gesot, eist Reglement ass fir mech gutt, obschonn d'Tendenz jo ëmmer méi dohinner geet, datt gesot gëtt fir manner Parkplazen ze maachen, well een d'Leit dozou wëll bréngen op den ëffentlechen Transport iwwerzegoen. D'Leit solle manner Auto fueren oder iwwerhaapt keen Auto méi hunn. Dat ass dat, wat mer reegelméisseg gesot kréie bei de PAPen, ob mer net da sollen op anere Plazen nëmme méi op eng Parkplaz goen. Bei engem Haus hu mer jo 2 Emplacementer an eisem Reglement stoen. Do halen ech ëmmer drop, datt eist Reglement respektéiert gëtt. Mä dat do sinn Tendenzen, wou mer higinn. Dat ass alles schéin a gutt, wann een dann och duerno ouni Auto wëll fueren. Mä een, deen elo hei op Péiteng kënnt a sech en Appartement keeft an en huet keen Auto, ma dee kann sech och en Appartement ouni Emplacement kafen. Mä ongléckelecherweis sinn et där ëmmer manner. Am Contraire, si hunn ee Garage an awer 6 Autoen. An da gëtt d'Saach natierlech nach méi kompliziéiert.

Wat d'Gréissten ugeet fir an d'Garage eranzefueren, esou muss ech iech do awer soen, datt mer Dispositiounen hunn, déi vill méi schaarf gi si wéi se waren. En Emplacement muss 2,50 op 5 Meter hunn, plus fir ze Zirkuléiere muss et 6 Meter breet sinn, plus wann et laanscht d'Mauer ass, muss d'Emplacement esouguer 2,80 Meter breet sinn. An dat gëtt awer vun eisen Servicer gekuckt. Do wéilt ech awer scho gäre wëssen, wat fir ee konkrete Fall dat do ass. Well wann dat e Fall ass, deen net richteg gekuckt ginn ass, da musse mer do nach eng Kéier nobesseren. Well dat sinn awer Dispositiounen, déi an eisem Reglement stinn a wou awer vun eisem Service bei der Abnahm vun enger Residenz oder vun engem Haus gekuckt gëtt, ob déi Normen agehale ginn oder net.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech ginn iech bei verschidde Saache Recht a bei verschidde Saachen net Recht. Et huet näischt mat domm ze dinn, wann een eppes keeft an et ass näischt méi do. Et ass nämlech och esou, deelweis steet dann do, datt keng Emplacementer méi do wieren a komescherweis herno, wann d'Gebai gebaut ass, steet do «emplacements à louer». Dat fannen ech dann och net korrekt vun engem Promoteur. Ech weess och, datt dir näischt domadder ze dinn hutt, an ech och net, mä ech fannen dat net korrekt géigeniwwer vun engem Promoteur. Et gëtt dohigestallt, datt se souwisou maache wat se wëllen. An dofir huet et kee Wäert méi, datt mer nach doriwwer diskutéieren.

Déi aner Saach ass déi, datt ech iech duerno déi Adresse ginn, wou ech elo drop ugeschwat si ginn a wou déi Problemer sinn. Do kann de Service vun der Gemeng och net dofir, an dir och net. Et ass esou, datt de Statiker op eemol seet, datt e Pilier muss gemaach ginn an da feelen 30 Zentimeter vun der Parkplaz. An do sinn elo Leit, déi kënnen sech zu Rodange net op där Adress umellen, well net alles konform ass. Mä dat ass jo dann och e bëssen allerhand. D'Promoteuren huelen sech alles eraus an déi Gebiischte sinn dann ëmmer d'Leit, déi kafen. An dat huet näischt mat domm ze dinn. Ech fanne just, et ass ëmmer e bësse Respekt vum Promoteur – dee genuch Suen op engem Appartement verdéngt – dass e sech och un d'Reegele muss halen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do kann ech iech nëmme Recht ginn. A gitt mer déi Adress an da kucke mer dat no a kucken, wéi mer dann do virgi fir dat dann an de Grëff ze kréien. Ech ginn iech awer och Recht, wann dat doten alles scho steet a mir stelle fest, datt do de Statiker kuerzfristeg eng Decisioun geholl huet, déi contraire ass zum Plang, datt mer do net kënne soen, datt dat ganzt Haus ofgerappt muss ginn, mä da kënne mer vläicht aner Mesuren huelen en Vue vun där Situatioun. Op mannst musse mer dann zu deem Promoteur soen, datt en z.B. 3 Parkplazen ze mann huet well se net accessibel sinn, an da muss en 3 Mol 20.000 Euro Indemnitéit oder Tax un d'Gemeng bezuelen. Dat hëlleft de Leit net, dat ass an der Rei, mä dat anert kënne mer emol probéieren. Mir kënnen natierlech och higoen – an dat muss de Gemengerot decidéieren – fir «d'ester en justice» a fuerderen, datt déi Residenz ofgerappt gëtt. Mir musse just e Geriicht fannen, wat dat dann och sprécht, ma ech ginn awer net dovunner aus, datt dat de Fall wäert sinn.

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 10.1.

### Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, rue Joseph Philippart – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*Du 15.03.2023 au 31.03.2023, les jours ouvrables du lundi au vendredi entre 7.00 et 17.00 heures, dans la rue Joseph Philippart à Rodange:*

- *la circulation routière sera interdite sur une moitié de la chaussée devant l'immeuble n°92;*
- *la circulation piétonnière sera interdite entre les immeubles n°72 et n°92;*
- *la déviation des piétons se fera par les passages existants se trouvant à la hauteur des immeubles n°57 et n°87;*
- *le stationnement sera interdit entre les maisons n°73 et n°85.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.2.

**Transports et communications.**

Adaptation du règlement général de la circulation – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*Il est proposé d'intégrer les éléments suivants au règlement général de la circulation en vigueur:*

- *réglementation de la bretelle réaménagée reliant la rue de l'Industrie (tronçon existant) à l'avenue de l'Europe (N31) en direction de Pétange;*
- *réglementation du nouveau parking couvert P+R à la gare de Rodange.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.3.

**Transports et communications.**

Point supplémentaire porté à l'ordre du jour concernant la ratification d'un règlement d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, lieu-dit «Im Gieschtefeld».

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité de compléter l'ordre du jour de la présente séance par ce point 10.3.**

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*Toute circulation routière sera interdite sur une partie du chemin «Im Gieschtefeld» à Lamadelaine, entre 20.00 et 7.00 heures, heures d'hiver respectivement entre 21.00 et 7.00 heures, heures d'été, les jours de migration effective des batraciens.*

**Arendt Patrick (CSV):**

Ech stinn zu 100% hannert dem Schäfferot. Mir ware selwer de leschten Donneschdeg an engem klenge Grupp um a ronderëm de Site vun de Rollenger Weieren ënnerwee.

Stéchwuert Biodiversitéitsverloscht. An dat ass awer eng Thematik, wou mir als Gemeinschaft net däerfe vum Radar verléieren, wann een dovunner schwätzt – wann ech dat dann op deen Owend projezéieren, da muss ech iech soen, just Mouken, et waren der zwar ronn 60, awer keng Grasfräschen a keng Molchen. Hei gesäit een dann awer en akut Verschwanne vun Aarten, déi säit jee hier zu eisem Ëmfeld gehéiert hunn.

Mouken hunn e gewëssene Schutzreflex. Si bleiwe stoen a beweegen sech net méi, wann eppes op se duerkënnt. Ob dat ee Mënsch ass, deen se oprafe wëll, oder en Auto, deen da leider driwwer fiert, dat ass egal. Ech kann iech soen, ech sinn deen Owend e puer Mol iwwer Messenger ugeschriwwe ginn, ob et net méiglech ass, déi Strooss schonn éischter ze späeren, also schonn ab 19 Auer. Da wiere munch Leit sécherlech nach manner zefridden, wat een och verstoe kann. U sech missten déi Leit dach zefridde sinn, wa Matbierger proaktiv a fräiwëlleg sech owes op de Wee maache fir do verschidde Läichen op de Stroosse vun der Gemeng ze vermeiden. Well wa meng Duechter, eng Frëndin a meng Wéinegkeet, souwéi verschidden aner Matbierger, dorënner och ee Schoulmeeschter mat senger Klass – wat ech extrem luewenswäert fannen – sech net géife fräiwëlleg op de Wee maachen, da géif dës Situatioun sécherlech am Volleksmond ronderëm d'Rollenger Weieren zu méi Polemik féieren. Well op eemol och aner Leit, déi virdrun de Problem net kannt hunn, op dës Läichen opmierksam gemaach ginn an da géife sécherlech nach méi Leit éischter d'Ubrénge vun déser Barrière fuerderen.

Et wieren aner Léisungen am petto. Et misst een et u sech esou maache wéi zu Péiteng. Eng Ënnerféierung a riets a lenks eng Plastiksplanche, déi d'Mouken an all déi aner Amphibien oder Déieren an dës Ënnerféierung féiert. Jiddwerfalls, an dat wëll ech gesot hunn, wien 330 Deeg am Joer an esou engem privilegiéierte Kader, mat gratis Parking (där der 2 Stéck un der Zuel) säi Business exploitéiere kann, a matzen an der Natur läit, an duerch dee Fait och sécherlech vill Leit unzitt, muss een nun emol sech mat deem ganzen Entourage esou ufrënnen, datt een do op ganzer Linn Zefriddenheet, Mënsch, Flora a Fauna, erauszitt. An dozou gehéieren eben och d'Mouken.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech mengen, et ass richteg, wat dir sot. Mir hunn dat dote schonn déi Jore virdrun och hei thematiséiert, mat der Ënnerféierung. Mir mussen awer do wëssen, dass mer do am Naturschutzgebitt sinn. Dofir hu mer och ëmmer déi Diskussioun mam Parking. Do musse mer eis awer un d'Virgabe vun der ANF halen. Do hu mer u sech keng Méiglechkeeten.

Wa mer dat Reglement hei esou huelen, hale mer eis un d'Virgabe vun der ANF. A leider kënne mer do net méi maachen. Och wann een se géif op der Strooss opfänken, da muss ee wëssen, datt se duerno iwwert de Parking géife lafen, an dann hu mer u sech näischt geschafft. Ech weess awer elo net, firwat se 9 Auer festgehalen hunn. Do sëtze jo awer lauter Experten, esou datt dat awer scho wäert eng Ursaach hunn, firwat et eréischt ab där Zäit ass.

**Arendt Patrick (CSV):**

Et hänkt domadder zesummen, datt dann déi meescht Migratioun ass. Mä ech kann iech soen, mir waren um 19.30 Auer ënnerwee an ech hunn iech jo virdru gesot, wéivill Mouke mer opgeraf hunn. Et waren der net wéineg.

**Accord à l'unanimité.**

# Gemeinderatssitzung vom 27. März 2023

**Anwesend:**

| | |
|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |

| | | |
|---|---|---|
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. - Personalangelegenheiten.

Die Punkte 1.1 bis 1.6 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung einer Gemeindeangestellten (w/m) der Gehaltsklasse A2, Verwaltungsbereich, für das Amt für Kultur und Kommunikation - Beschluss.

Frau Nathalie Flenghi, aus Oberkorn, wurde als Gemeinde-angestellte in der Gehaltsgruppe A2, Verwaltungsgruppe, ernannt.

Ernennung eines Gemeindeangestellten (w/m) der Gehaltsklasse B1, Verwaltungsbereich, für das Amt für Kultur und Kommunikation - Beschluss.

Herr Tom Meis aus Sanem wurde als Gemeindeangestellter in der Gehaltsgruppe B1, Verwaltungsgruppe, ernannt.

Definitive Ernennung einer Gemeindebeamtin - Beschluss.

Frau Patricia Correia Caçador wurde definitiv als Gemeinde-beamtin der Gehaltsgruppe C1, Verwaltungsgruppe, ernannt.

Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten – Beschluss.

Herr Andy Spoo wurde definitiv als Gemeindebeamter der Gehaltsgruppe C1, Verwaltungsgruppe, ernannt.

### 2. - Musikunterricht.

Punkt 2 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat entschieden, den Beschluss nicht zu veröffentlichen.

### 3. - Mitteilungen.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 4.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gesamteinnahmen in Höhe von 3.641.849,87 € (Betriebsjahr 2022) und 10.708.366,96 € (Betriebsjahr 2023) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung und neue Gebühr für die Veranstaltung von Sprachlernkursen im Kapitel XI – Spezialdienstleistungen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerungsarbeiten an den Infrastrukturen der avenue de la Gare in Lamadelaine: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 2,16 Millionen Euro (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bau eines Regenwasserkanals in Lamadelaine: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag in Höhe von 3,51 Millionen Euro (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erwerb eines neuen Müllwagens: Abstimmung über einen Zusatzkredit über 15.000 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Prämien im Interesse des Umweltschutzes: Abstimmung über einen Zusatzkredit über 30.000 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerung der Infrastrukturen in der rue Adolphe in Petingen: Abstimmung über eine provisorische Abrechnung und einen Zusatzkredit über 50.000€ - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit: | 1.598.798,69 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag: | 1.600.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 1.583.800,32 € (inkl. MwSt.) |
| Vorhersehbare Gesamtausgabe: | 1.648.798,69 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 5. - Schulwesen.

Verordnung zur Besetzung der Lehrerposten (w/m) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Personalangelegenheiten.

Schaffung eines Angestelltenpostens (w/m) für die neue Abteilung Gemeinderegistratur - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.1. - Soziales.

Konvention mit dem „Club Senior Prënzebierg" für das Jahr 2023 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.2. - Soziales.

Konvention in Bezug auf die Aufgaben des Sozialamtes in Petingen für das Jahr 2023 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.3. - Soziales.

Konventionen in Bezug auf die Aufgaben des Begegnungs-, Informations- und Animationszentrums „Péitenger Jugendhaus“ für junge Leute für das Jahr 2023 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.4. - Soziales.

Zweiseitige Konvention für 2023 mit dem Ministerium für Nationale Bildung, Kindheit und Jugend für die Kindertagesstätten - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Agostino hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 7.5. - Soziales.

Sozialamt: Schaffung eines Sozialarbeiters (w/m) im Angestelltenstatus - Mitteilung.

Beschluss einstimmig. Herr Goergen hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Edward Steichen“ in Petingen von den 17 Eigentümern - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „rue Joseph Philippart“ in Rodange an Frau Maria De Araujo Nerva Pereira Luiz – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.3. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort „rue du Clopp“ mit Frau Liliane Huberty – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Raumplanung.

Antrag zur Besiedlung / Aufteilung seitens der Gesellschaft „Kalista Immo SA“ im Hinblick auf die Parzellierung von 4 Grundstücken am Standort „rue de Longwy Nr. 64-70“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

### 10.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der „rue Jos. Philippart“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.2. - Transport und Kommunikation.

Anpassung der allgemeinen Verkehrsverordnung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.3. - Transport und Kommunikation.

Zusatzpunkt der Tagesordnung in Bezug auf die Ratifizierung einer Verkehrsdringlichkeitsverordnung am Standort „Im Gieschtefeld" in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

# Séance publique du 24 avril 2023

***__Durée de la séance__**: 15.30 à 18.30 heures*

**__Présents:__**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**__Absents et excusés:__**

Néant

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.30 heures)**

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du secrétariat général – décision.
   1.2. Classement d'un employé communal du groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif – décision.
   1.3. Démission volontaire d'une employée communale – décision.

**Séance publique (15.45 heures)**

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   3.1. Titres de recettes – décision.
   3.2. Nouveau règlement général de police – décision.
   3.3. Aires de jeux publiques: fixation des catégories d'âge des utilisateurs admis aux aires de jeux – décision.
   3.4. Règlement général des tarifs: introduction d'une nouvelle taxe communale au chapitre XIII «Taxes sur les jeux et amusements publics» – décision.
   3.5. Convention avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse portant sur la participation financière de l'Etat aux frais de rénovation et d'extension de la Maison des Jeunes à Pétange – décision.
   3.6. Allocation d'une rétribution complémentaire communale aux membres des bureaux de vote – décision.
   3.7. Renouvellement du drainage du terrain de football du Stade Jos Philippart à Rodange: vote du devis et d'un crédit spécial – décision.
   3.8. Renouvellement de l'éclairage public dans la rue Pierre Grégoire à Pétange: vote du décompte et d'un crédit supplémentaire – décision.
   3.9. Travaux d'isolation de la toiture de l'Hôtel de Ville à Pétange: vote du décompte – décision.
4. Enseignement: Projet d'organisation scolaire 2023/2024 – décision.
5. Affaires sociales: Avenant n° 2 à la convention bipartite 2022 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – décision.
6. Ordre public: Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la commune – décision.
7. Propriétés
   7.1. Accord d'approvisionnement avec la société Munhowen SA pour le Hall polyvalent et le Stade Jos Philippart à Rodange – décision.

7.2. Convention avec le club de football FC Rodange 91 relative à l'exploitation de la nouvelle buvette au Stade Jos Philippart et à l'utilisation du bureau au Hall polyvalent à Rodange – décision.
7.3. Avenant n° 1 à la convention avec le club de football FC Rodange 91 relative à la mise à disposition de terrains de football, dépendances et installations à Rodange - décision.
7.4. Règlement interne concernant l'exploitation de la buvette du Hall polyvalent à Rodange – décision.

8. Urbanisation: Approbation de la convention et du projet d'exécution portant sur le Plan d'Aménagement Particulier (PAP) concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Rue Léonard Schroeder» - décision.

9. Transports et communications
9.1. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Pétange, route de Longwy et rue de la Liberté – décision.
9.2. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Pétange, rue de Niederkorn – décision.
9.3. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Lamadelaine, rue de la Montagne – décision.
9.4. Adaptation du règlement général de la circulation: réglementation de divers parkings couverts à Rodange – décision.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Personnel communal.

Les points 1.1 à 1.3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du secrétariat général – décision.

**Mme Julie Marx, demeurant à Rodange, est nommée aux fonctions d'employée communale dans le groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif.**

Démission volontaire d'une employée communale – décision.

**La démission volontaire de ses fonctions auprès de l'administration communale est accordée à Mme Madeleine Noesen.**

## 2.

### Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir hunn eis Parkingen alleguerten op de Leescht geholl a gekuckt, wéi se genannt gi sinn a wou se sinn. Verschiddener haten iwwerhaapt keng Denominatioun a verschidden anerer hu mer probéiert unzepassen. An ech zielen elo einfach déi eenzel op, wou eppes geännert huet:

Pétange:

| Emplacement parking | Ancienne dénomination | Nouvelle dénomination |
|---|---|---|
| Derrière Station Shell (Ecole de musique) | Parking Centre | Parking Ecole de musique |
| Rue Hôtel de ville | Néant | Parking Hôtel de ville |
| Parking Moulin Wax | Néant | Parking Moulin Wax |
| Parking terrains de tennis | Néant | Parking terrains de tennis |
| Cimetière | Néant | Parking Kierfecht |

Rodange:

| Emplacement parking | Ancienne dénomination | Nouvelle dénomination |
|---|---|---|
| Rue du Commerce / Nic. Biever | Parking Eglise | Parking Am Duerf |
| Gare SNCFL | Parking Gare | P+R Gare Rodange |
| Route de Longwy | Parking Casino | Parking Route de Longwy |
| Hall polyvalent | Parking Sportshal | Parking Bei der Eil |
| Rue Jos Moscardo / camionnettes | Néant | Parking Camionnettes |
| Fonderie | Néant | Parking Fonderie |
| Résidence TOKYO | Néant | Parking Casino M.M.R. |
| Rue du Clopp / rue du Stade | Néant | Parking Clopp |
| Rue de la Fontaine / restaurant | Néant | Parking Fontaine |

Lamadelaine:

| Emplacement parking | Ancienne dénomination | Nouvelle dénomination |
|---|---|---|
| Terrain de football | Néant | Parking Titus |

## 3.1.

### Administration générale.

Titres de recettes au montants totaux de 14.734.516,92 euros (exercice 2022) et 17.102,98 euros (exercice 2023) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes (exercice 2022):*

| | |
|---|---|
| *Impôt commercial – solde 2022* | *1.171.561,61 €* |
| *Fonds de dotation globale des communes – solde 2022* | *11.798.930,73 €* |
| *Participation de l'Etat dans les frais de l'enseignement musical – part Ministère de l'Intérieur* | *784.531,00 €* |
| *Participation de l'Etat dans les frais de l'enseignement musical – part du Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* | *784.531,00 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

### Administration générale.

Nouveau règlement général de police – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei Punkt 3.2. geet et ëm en neit Règlement général de police. Een, deen dat verglach huet mat deem wat mer de 15.10.2012 hei am Gemengerot festgehalen hunn, stellt fest, datt do ganz wéineg Ännerungen an dësem Reglement gemaach goufen. Et gouf awer, wat de Kontext ubelaangt, nei geschriwwen. Firwat gouf et nei geschriwwen? Ma mir hunn en neit Gesetz vum 27.07.2022 iwwert d'Sanctions administratives communales - déi kënnen elo a verschidde Beräicher och elo vun Agents municipauxen ausgeschwat ginn - an och d'Erweiderung vun der Kompetenz vun den Agents municipauxen. An dat ass den 1. Januar 2023 a Kraaft getrueden.

Des Weideren hu mir als Gemengerot decidéiert fir eisen Effektiv vun Agents municipauxen eropzesetzen, fir dësen neien Tâchen am Fong och gerecht ze ginn.

Fir dann awer och e Règlement de police ze hunn, deen d'Strooss hält an deen dann och am Fall, wou eng Infraktioun festgestallt ginn ass, eisen Agents municipauxen d'Méiglechkeet gëtt fir am Fong eng administrativ Strof auszeschwätzen, huet dëse missten op de Leescht geholl an adaptéiert ginn. Mir hu vum Ministère de l'Intérieur en Draft krut, wéi mer dat solle maachen, a mir hunn als Schäfferot an dëser Phas elo decidéiert, fir eist Reglement esou unzepassen, datt e genau dëse Viraussetzunge vum Ministère de l'Intérieur entsprécht, wuel wëssend, datt do ganz wéineg Modifikatiounen an Ännerunge par rapport zu eisem sinn. Et ass just wéi et opgestallt ginn ass a wéi et formuléiert ass, sinn op där enger oder aner Plaz Adaptatioune gemaach ginn.

Wa mer dat Reglement hei esou unhuelen, gëtt et eis zwou Méiglechkeeten, ganz séier – well mir gi jo dovunner aus, datt de Ministère de l'Interieur säin eegent Reglement och positiv aviséiert – a Mesure si fir déi Leit, déi mer astellen – an dat wäert och nach virun de Wale sinn, well d'Gespréicher lafe scho fir nei Agents municipauxen anzestellen – am Intressi vun dësem neie Gesetz esou ze agencéieren, datt se hir Aarbecht kënne maachen. Dat wäerte mer da ganz séier kënne maachen. An et gëtt eis natierlech d'Méiglechkeet, fir an den nächste Wochen a Méint – wa mer mierken, datt déi eng oder aner Nobesserung nach muss gemaach ginn – fir déi an aller Rou ze preparéieren.

Hei geet et elo drëm fir eist Reglement, dat mer haten, quasi 1 zu 1, mat vläicht där eng oder anerer ganz liichter Modifikatioun – ob een sech nach d'Fro muss stellen, ob een déi nach muss nobesseren – quasi 1 zu 1 op deen neien Text, op déi nei Formulatioun vum Ministère de l'Interieur zeréckzeféieren. Esou datt mer dann en mesure sinn, datt mer eis Aarbechten, déi mer elo als Gemeng nei kréien an déi eis Agents municipauxen nei kréien an der Gemeng, datt mer déi kënne beschtméiglechst ausüben.

**Arendt Patrick (CSV):**

An der Deliberatioun gëtt geschwat vu «petite délinquance qui gêne la vie en commun». An enger anerer europäescher Sprooch seet een «Kleinvieh macht auch Mist». A Jo, mir hunn de Plogging zu Péiteng als Ëmweltkommissioun net fir näischt en place gesat. Eng pedagogesch Aart a Weis, fir en Ëmdenken an eiser Bevëlkerung ze erreechen, soll emol déi éischt Demarche sinn. An dat hu mer op alle Volete probéiert. Leider hu mer an eiser Gesellschaft awer e puer Onverbesserlecher an dofir ass dës Adaptatioun vum Policereglement, wou eis Agents communaux eng ganz Rei Kompetenzen dobäi kréien, och richteg a wichteg, am Geescht vun engem gudde sozialen Zesummeliewe vun eiser Agglomeratioun.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Där Meenung sinn ech och. Ech mengen, dat Reglement, dat mir 2012 haten, stoung schonn op ganz feste Féiss. Et geet elo drëm, fir déi nei Kompetenzen, déi mer elo kréien als Gemeng, an déi d'Agents municipauxe kréien, och esou ze cadréieren, datt se kënnen ëmgesat ginn.

**Martins Dias André (CSV):**

Ech wollt kuerz soen, datt mer an der Finanzkommissioun d'Reglement am Detail duerchgekuckt hunn an datt global déi Approche begréisst ginn ass, fir an enger éischter Phas – fir datt et méi séier geet, datt mer dat Reglement approuvéiert kréien – datt mer eis do baséieren op d'Reglement vum Ministère an datt een dann – esoubal et approuvéiert ass – sech nach eng Kéier zesummesetzt an do kuckt, ob eppes misst nogebessert ginn oder net.

Zwou, dräi kleng Propositioune si scho gemaach ginn. Mä mir waren eis all ronderëm den Dësch eens, datt dat awer déi richteg Approche ass, well et ass awer néideg, datt dobaussen d'Police och e bësse verstäerkt gëtt – virun allem fir déi meng kleng Delikter – fir datt do kann agegraff ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn iech och Recht an ech sinn och frou, datt déi Kommissioun dat och esou gesäit. Wa mer wëllen handlungsfäeg sinn, da musse mer eis dat neit Reglement ginn. A wa mer gären dat neit Reglement esou séier wéi méiglech sprochräif hunn, da musse mer eis och un dat hale wat de Ministère eis virgëtt. Mir wëssen alleguerten, datt vläicht nach déi eng oder aner Verbesserung duerno méiglech an noutwenneg ass. Dat musse mer gesinn an d'Zukunft wäert eis dat weisen. Mä fir mech ass et wichteg, datt dat Reglement ënnert där dote Form kann hei am Gemengerot guttgeheescht ginn, wuel wëssend, datt dat Reglement extrem no un dat erukënnt, dat mer schonn 2012 haten an heiansdo esouguer textuell 1 zu 1 kopéiert ass.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech hu mer dat Reglement ganz gutt ugekuckt. Do stinn esou vill Saachen dran, déi ech scho laang ëmmer hei kontestéieren, z.B. de Knascht op de Stroossen, d'Zigaretten op de Stroossen. Ech gi weider elo net dorobber an, well et sinn nach esou vill Saachen dran. Wann dann elo eis Agents municipauxen dat Recht kréien, ginn déi dann och wierklech kontrolléieren, ob dat dann och esou agehale gëtt? Ginn se z.B. d'Spillplazen emol kontrolléieren? Ginn se kucken, wou d'Hënn iwwerall maachen? Ginn se kucken, wou d'Zigaretten an de Revers leien? Fréier, als Kand, hunn ech den Trottoir doheem gekiert an och de Revers. Dunn hat een eng ganz Schëpp voller Stëbs. Haut huet een eng ganz Schëpp voller Zigarettestëmp. Ech hu mir dat ganz genau ugekuckt. Dat eenzegt, wat ech mir erhoffen ass, datt wa mir dat Reglement esou maachen, mir de Leit et och vläicht eng Kéier an d'Haiser ginn, fir datt se wëssen, wat se dierfe maachen a wat net. An datt dann och eis Agents municipauxen och vläicht emol eng Mëttesschicht asetzen a vläicht och emol d'Spadséierweeër kontrolléiere ginn an owes emol bis op d'Spillplaze kucke ginn. Well et ass net nëmmen eleng d'Jugend, déi do Knascht mécht, mä esouguer d'Famille mat hire Kanner sinn net capabel fir den Dreck an Dreckskëschten ze geheien.

Wann ech dann z.B. och liesen «dépôt d'imondices», esou steet bei eis an der Strooss en Haus scho jorelaang eidel an do läit elauter Dreck. Do gëtt ni duerno gekuckt. D'Police war scho wéivill Mol do, well der do ëmmer squatten.

Ech wënsche mer just datt wa mir elo dat heiten hunn, datt dann och esou kontrolléiert gëtt an datt eis Agents municipauxen och agräifen an se d'Leit dann och kënne verbaliséieren.

Wann een an d'Ausland geet, da ginn et zum Beispill Uertschaften a Spuenien, wou et 500 Euro kascht, wann ee Knascht op de Buedem geheit. Do geet all Mënsch, dee mam Hond trëppele geet, mat enger Tut fir den Dreck opzerafen. An do si mir mat 25 Euro bei deenen eenzele Saachen awer ganz bëlleg.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn iech Recht. Et gëtt dat eent, dat ass dat Präventiivt an den Här Arendt huet et just ugeschwat. Hie wëll mat senger Aktioun Plogging, déi hien do zesumme mat der Ëmweltkommissioun mécht, och d'Leit drop opmierksam maachen, datt ee fir d'éischt präventiv sollt kucken, datt den Dreck net op eiser Voirie publique an an der Ëffentlechkeet läit. Dat ass dat Eent.

Mir wëssen awer alleguerten, datt dat net esou respektéiert gëtt vun alle Matbiergerinnen a Matbierger. An da musse mer och kënne reagéieren. Wéi mir kënne reagéieren, dat definéiert elo d'Gesetz. Et sinn eng Rei Saachen, wou elo d'Gesetz d'Méiglechkeet gëtt – iwwer dat, wat virdru virum 1. Januar war – wou en Agent municipal kann intervenéieren. Et sinn och Limitte vu Strofen, déi mir kënne virgesinn.

Et muss een awer soen, de Gemengerot huet säin Accord gi fir d'Zuel vun den Agents municipauxen ze verduebelen an dat ass jo net onwesentlech. Dat huet de Gemengerot och nëmme gemaach, well e wousst, datt dat heite Gesetz an der Pipeline wier, well soss hätt et kee Wäert, fir esou vill Leit ze engagéieren, wann se souwisou näischt kënne maachen.

Mir hunn elo en Outil fir bei gewëssene Saachen, déi d'Gesetz eis erlaabt, mat eisen Agents municipauxen ze intervenéieren. An do gehéiert och dozou – an do ginn ech iech och Recht – datt déi Leit musse méi onreegelméisseg schaffen, datt déi net vun 8 bis 12 a vu 14 bis 17 Auer schaffen, mä datt se och emol owes schaffen, op Roulement schaffen. An deenen neie Leit, déi mer elo engagéieren, wäerte mer och ganz kloer un d'Häerz leeën a soen, datt dat d'Konditioune vun der Stee sinn.

Mir wëssen awer och, datt eis Pecherten, eis Agents municipauxen och elo schonn um Weekend oder owes schaffen, mä mir hunn der awer elo net esou vill, datt mer dat kéinte permanent maachen. A wa mer eisen Effektiv elo verduebelen, da si mer sécherlech méi aktiv op deem Gebitt. An dobäi kënnt och, datt d'Moyenen, d'Saachen, déi en Agent municipal ka feststellen, duerch d'Gesetz erweidert gi sinn an datt mer do méi Méiglechkeeten hunn. Mir hoffen, datt dat doten eis elo eng Méiglechkeet gëtt, fir an Zukunft besser kënnen ze reagéieren. Mä dat allerbescht ass nach ëmmer d'Educatioun, dat allerbescht ass nach ëmmer fir d'Leit ze sensibiliséieren, den Dreck net op d'Strooss ze geheien an eng ganz Rei Incivibilitéiten net ze maachen. Well da bräichte mer keng Agents municipauxen. Mir wëssen awer alleguerten, datt et nieft der Präventioun och d'Repressioun muss ginn. An och hei musse mer agéieren. Mir hunn elo, duerch dat neit Reglement, wat mer haut zum Vott stellen, duerch déi nei Leit, déi mer a kuerzer Zäit wäerten astellen, eis besser opgestallt fir besser ze reagéieren op eng ganz Rei Incivibilitéiten. Datt mer se alleguerten aus dem Wee geschaf kréien, déi Illusioun ginn ech mer net, mä mir kënnen awer emol erëm op en Deel besser reagéieren an och do intervenéieren.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci fir d'Erklärungen. Op enger anerer Plaz hat ech d'Gesetz mat ausgeschafft an dofir ass et gutt, datt et elo hei ëmgesat gëtt. An et gesäit ee jo schonn an anere Gemengen, datt dat Gesetz awer seng Wierkung huet an datt et dee richtege Wee war fir den Agente méi Méiglechkeeten ze ginn, an net fir eng lokal Police ze schafen. Well dat heiten ass e Wee, dee vill méi schnell ëmsetzbar ass a wou d'Resultater och méi schnell moossbar wären.

Natierlech sollte mer mat enger Welt liewen, wou herno wéi ugeschwat e Plogging oder eng Fréijoersbotz guer net méi néideg sollt sinn, well d'Bierger sech am Viraus dorunner géingen halen. Mä et ass leider net de Fall. Dat heiten ass elo ee weidere Versuch fir alt op deenen eenzele Punkten e bëssen, nenne mer et emol Uerdnung, ze suergen an de Leit eng Kéier ze weisen, grad wann een och d'Agente verduebelt, datt se sollen oppassen an datt se kënnen erwëscht ginn. Et geet bis 250 Euro an da ka schonn eenzele Leit wéi doen. Et kann een ëmmer iwwer d'Montanten diskutéieren, och dat war eng länger Diskussioun, mä et geet virun allem jo emol drëm, fir déi Klengegkeeten, déi d'Police eigentlech iwwerlaaschten, datt mer déi emol op Gemengenniveau op d'Agente kënnen ëmsetzen an domadder eiser Police eigentlech méi Zäit gi fir déi richteg Gangsteren ze fänken, an net fir esou Klengegkeeten.

Et ass mir och opgefall, wou ee vläicht dobausse méi kommunizéiere misst, dat ass den Artikel 10 an 11. Dat ass mam Schnéi, wou d'Senioren ausgeholl sinn, dass d'Senioren och déi Méiglechkeet kréie fir dass hinne gehollef gëtt wann et schneit oder soss iergendeppes ass.

Dat selwecht gëllt dann awer eigentlech och fir den Artikel 60, wou een den Dag virdru just bis 6 Auer seng Poubelle kann erausseteen. Et ass wuel nëmmen eng Klengegkeet, mä wann een awer elo e Senior ass an et ass een ugewisen op Enkelen oder Kanner, dann ass et oft, datt déi se scho musse virdrun erausseteze fir deen aneren Dag. Dat sinn esou Klengegkeeten am Reglement, déi vläicht duerno kënnen op ganz eenzele Plazen, wann een en Handicap huet oder Senior ass, ka benodeelegen.

Ech wollt awer nach eppes lass ginn, an dat ass, datt eist Personal gutt schafft. Et war elo eng Verkéierskommissioun, wou en LSAP-Vertrieder gemengt huet, eist Personal géing d'Leit harceléieren, wann se Protokoller maachen. Ech wëll dat awer vehement zeréckweisen, well eist Personal vun der Gemeng mécht en deementspriechende gudden Job. A wann se dat maachen, dann ass dat, well een eppes falsch gemaach huet an net fir d'Leit ze harceléieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dee leschte Saz kann ech nëmmen ënnersträichen. Wa mir intervenéieren a wann eis Agenten intervenéieren, dann ass dat ganz kloer fir Uerdnung a fir an eiser Gemeng eng gewësse Rigueur bäizebehalen. Mir hätte gären eng propper Gemeng. Mir hätte gären eng uerdentlech Gemeng an da muss een sech och un elementar Spillreegelen halen. Dat gehéiert sécherlech dozou, datt wann dat net de Fall ass, datt dann eis Agenten intervenéieren.

Ech wëll och do – wat déi Kommunikatioun ubelaangt, an dat huet och d'Madamm Bouché virdru gesot – soen, datt mer selbstverständlech, wéi mer dat 2012 gemaach hunn, eng ganz Kommunikatioun maachen, wann dat Reglement hei a Kraaft trëtt an datt mer do kloer de Leit nach eng Kéier rappelléieren. Et muss ee vun Zäit zu Zäit rappelléieren. Mir hunn dat och gemaach. Et ass net jiddereen, déi an d'Gemeng bäiplënnert, deen onbedéngt weess, datt ee sonndes mueres net dierf méinen oder datt een op engem Feierdag net säi Wues dierf méinen. Och dat muss ee vun Zäit zu Zäit rappelléieren. Dat ass engersäits wichteg. An och dat mat de Senioren, esou hu mer e CIGL, dee ganz aktiv ass an deen de Leit ab engem gewëssenen Alter zur Hand geet, wann et heescht de Schnéi schëppen. Ech kenne ganz vill Leit, déi op deen Service zeréckgräifen. An dofir fannen ech dat och gutt,

datt mer dat vun Zäit zu Zäit de Leit rappelléieren. A wa mer dat de Leit soen, och mat der Dreckskëscht virun d'Dier setzen, esou ginn et och do Reegelen a wann een se anstatt um 6 Auer um hallwer 6 erausstellt, dann ass dat kee Problem. Den Haaptproblem ass, wann se Dag an Nuecht, 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7, virun der Dier steet. Dat ass kee ganz schéint Bild. Och wann ech verstinn, datt Leit mat Trapen sech vläicht e bësse schwéier dinn an ëmmer mussen déi Dreckskëscht bis hannenaus féieren. Dat ass sécherlech fir eeler Leit net esou einfach. An da kënne mer ëmmer nach kucken, ob mer am Kader vum CIGL, am Kader vun esou Aktiounen deene Leit kënnen hëllefen. Well si setzen d'Dreckskëscht jo net all Dag virun d'Dier, mä si setzen se vläicht all 2 oder 3 Wochen eraus. An da bréngen mer et och fäerdeg fir do eng Hand mat unzepaken.

Ech mengen, et ass e bëssen «donnant-donnant», wann een do Leit huet, déi hir Problemer hunn, da sollen se och kënnen ënnerstëtzt ginn. An dat ass awer iwwer de CIGL méiglech, mat Sécherheet, wat de Schnéi ubelaangt. A wat dat anert ubelaangt, mengen ech och.

Dat sinn zwou Saachen. Et soll een d'Reegel de Leit erklären an et soll een de Leit och d'Hand reechen an de Leit weisen, déi da vläicht Schwieregkeeten hunn déi Reegelen ze respektéieren, wéi se kënne gehollef kréie fir déi Reegelen ze respektéieren. An dat ass eng vun de Aufgaben, déi d'Gemengen hunn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et si scho vill Saachen hei ernimmt ginn, wou ech och opgeschriwwen hat. Ech hunn awer nach eng Fro zu den Agents municipauxen, datt mer déi géife verduebelen. Dat ass jo dann eng gutt Saach, obwuel se dann herno musse respektéiert gi wann se schaffen. Wann se de Leit wëllen eppes erklären, d'Reglement virleeën oder se protokolléieren, da soll awer och de Respekt vun de Leit vis-à-vis vun hinne kommen. Well et wäerte warscheinlech vill Diskussiounen op si duerkommen.

Wann elo den Effektiv verduebelt ass, geet et mat de Büroen, wou se aktuell sinn, nach duer? Dann, fir se e bësse méi mobil ze maachen – si hunn zwar en Auto – kënnen se net och vläicht op en elektresche Vëlo oder Moto zeréckgräifen? Well deelweis, wou se mussen hifueren, kommen se och net mam Auto bäi an dat wier warscheinlech och eng flott Saach fir si, wann se domadder méi séier op der Plaz wieren oder besser géife bäikommen. Well deemno wéi, wann een hei am Verkéier steet, da steet een, a wann se da mussen op eng Plaz fueren, wou se geruff ginn, da wier et net schlecht, wann se aneschters mobil wieren.

Mir haten d'Diskussioun an der Verkéierskommissioun an do hat deen, deen si vertrëtt och gesot, datt dat eng gutt Iddi wier. An dofir wollt ech dat op dëser Plaz weiderginn an datt mer op de Wee gi fir se an deem Sënn ze ënnerstëtzen.

Et ass och scho vum Plogging geschwat ginn. Mir hate bei der 20. Editioun vum Plogging eng Firma op der Plaz, déi virgestallt huet, wat ee mat Zigarettestëmp kéint maachen. Kann een net op de Wee goen an där Behälter, déi si do haten – déi duerchsiichteg wou ee gesäit, wéivill Stëmp datt dra sinn – datt mer als Gemeng där op Plaze stellen a wou d'Leit géife gesinn, datt et Sënn mécht fir d'Stëmp net op d'Strooss ze geheien. An et géif ee gesinn, wéivill een der zesummegesammelt huet an datt een och nach mat deene Stëmp eppes kéint ufänken.

Déi aner Saach ass déi, mat de Reglementer, wou der elo gesot hutt, datt mer de Leit dat géife matdeelen. Ënner wéi enger Form deele mer de Leit dat mat? Well wéi der gesot hutt mam Méinen, esou ginn et Leit, déi trotzdeem de Weekend méinen. Si méinen an der Mëttesstonn oder si méine samschdes owes oder sonndes mueres oder sonndes mëttes, obwuel ech et heiansdo ka verstoen. Et si Leit, déi schaffen déi ganz Woch a wiere frou, wann se owes nach kéinte geméint kréien ier et vläicht reent. Et ass wéi bei de Poubellen. Et muss een heiansdo d'Saach e bëssen op d'Wo leeën, ier een d'Leit bestrooft, géif ech mengen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat d'Büroe vun eisen Agenten ubelaangt, esou hu mer do déi néideg Initiative geholl. Dir wësst, datt si am Haus Fisch hir Büroen hunn. An deem Haus war nach engersäits eng Associatioun an dës Weidere war nach d'Main tendue an deem Haus. Mir hu mat deenen en Arrangement fonnt, esou datt se erausgeplënnert sinn. Well mir waren eis bewosst, datt d'Agenten net an 2 Büroen zu 8 Leit sëtze kënnen an dofir hu mer zanter dem 1. September d'Büroe liberéiert a si sinn och scho frësch gemaach ginn. Mir hunn déi néideg Initiative geholl fir Bürosraim do ze schafen, esou datt – wann déi Leit kommen – och déi néideg Plaz fir si do ass.

D'Fro war och ee Moment, ob een se net vläicht an engem anere Gebai vun der Gemeng kéint ënnerbréngen. Et ass awer zeréckbehale ginn, datt mer se géifen am Haus Fisch loossen, well se d'Proximitéit vun der Police brauchen a well et noutwenneg ass, datt se enk zesummeschaffen. Dofir war dat Gebai beschtméiglechst agencéiert fir weiderhin d'Büroe vun den Agents municipauxen ze stellen. Dat heescht, dee Volet ass ofgeschloss.

Wat d'Mobilitéit ubelaangt, esou hunn se effektiv en Auto. Selbstverständlech, wann déi Leit elo kommen, musse mer eis eng Kéier Gedanke maachen, ob een sech net vläicht mat z.B. elektresche Vëloe weider opstellt. Dat muss een zesumme mat hinne kucken, mat der Aart a Weis, wéi se wëlle schaffen. Och besteet eng Méiglechkeet, fir mam ëffentlechen Transport hin- an hierzefueren. Mä dat muss een – wann se eng Kéier do sinn – mat hinne kucken. Mä et wäert sécherlech net un 2 elektresche Vëloen oder un enger anerer Aart a Wéis, wéi se sech deplacéieren, scheiteren. Dat ass eng nächst Etapp, déi muss gemaach ginn.

D'Büroe sinn do. D'Reglement wäerte mer haut finaliséieren a wann et approuvéiert ass, dann ass dat do. D'Personal wäert kommen an da wäerte mer eis mam Personal zesummesetzen. Et gouf och vun neien Uniforme geschwat, fir se nach weider ervirzesträichen, wéi se sech dobaussen op der Place publique presentéieren. Och dat ass nach en Element, wat muss gekuckt ginn. Dat sinn déi nächst Etappen, déi musse gemaach ginn an et wäert sécherlech net dorunner scheiteren.

Mir wäerten dat public maachen. Dat ass richteg. De Bulletin «Meng Gemeng» ass sécherlech een Outil. Ech mengen, mir sollten eis och eng Kéier Gedanke maachen, wou een dat vläicht nach e bësse méi peppeg ka presentéieren. An och do hu mer jo och den Service «Culture et communications», dee mer opgestockt hunn. An do sinn nei Leit mat neien Iddien do a mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint do déi néideg Mesuren huelen, datt wann alles steet, och eng anstänneg an appropriéiert Kommunikatioun gemaach gëtt fir de Leit dat matzedeelen an datt et och akzeptéiert gëtt vun de Leit.

An ech ginn iech komplett Recht, et geet net drëm fir Leit ze tyranniséieren a fir bei de Leit um Tëppelchen ze reiden. Mä et geet drëm fir eng Uerdnung an eiser Gemeng ze hunn, eng Uerdnung, déi et erlaabt, datt jidderee gutt mateneen eens gëtt an niewentenee ka liewen. Esou datt mer e gutt Zesummeliewen an eiser Gemeng kënnen assuréieren. An do zielt och e bëssen dozou, datt een emol muss heiansdo akzeptéieren, datt vläicht emol een sech net bis un de leschten Tëppelchen un d'Reegelen hält. Och dat ass eng Fro vu guddem Zesummeliewen an da muss een och emol vläicht als Noper soen, datt een sech do gestéiert gefillt huet an da muss

deen Noper och emol akzeptéieren, datt dat e gestéiert huet. A wann en e bësse Respekt huet – an de Respekt ass dat, wat ëmmer méi verluer geet an eiser Gesellschaft – vis-à-vis vu sengem Noper, da mécht en dat déi nächste Kéier net, wann dee Mann e bësse säi Problem domadder huet. Wann ee grillt an den Noper wëll onbedéngt méinen, dann ass dat schonn eng Saach vu Respekt, wann den Noper seng Kolleegen invitéiert huet fir ze grillen, datt een net dann och nach als Noper dee ganzen Owend mat der Méimaschinn ronderëm rennt. Dat ass eng Saach vu Respekt, och wann dat sécherlech net méi esou einfach ass an eiser Gesellschaft. Mä ech sinn awer nach ëmmer iwwerzeegt, datt mer dat hikréien.

A mat all deene Saachen, engersäits respektvoll ëmgoen tëscht de Biergerinnen a Bierger an anersäits eng gewësse Reglementatioun, eng gewësse Kontroll, wou mer vläicht op Incivibilitéiten hiweisen, dat zesumme wäert eis dann erlabe fir an Zukunft beschtméiglechst zesummen ze liewen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Den Här Mertzig ka mer vläicht drop äntweren. Déi Saach, déi ech iech gefrot hat, fir déi Behälter ze maache fir d'Zigarettestëmp. Mir hunn zwar schonn e Versuch gestart, datt mer bei eise Gebaier där higestallt hunn. Ma ech weess net, ob d'Leit esou séier fëmmen, datt se déi Poubellen net gesinn an den Zigarettestomp awer dernieft geheien. Wou mer um Plogging beim Centre culturel waren, du war et net normal. 5 Meter niewent dem Behälter louch awer alles voller Zigaretten. Mä wa mer där Behälter och vläicht op der Gemeng kéinten opstelle fir datt d'Leit gesinn, dass dat Sënn mécht, datt mer dat asammelen. Mir hu jo schonn emol e Versuch vun der Gemeng aus gemaach bei de Gebaier, wéi gesot, mä datt mer dat och nach iergendwéi op anere Plaze maachen. Wann ee kuckt, hei bei de Caféen, wéi do Zigarette leien, obwuel de Cafetier och eng Poubelle dohinner gestallt huet, esou ass awer kee Respekt vun de Leit do. Mä wann een déi duerchsiichteg Behälter, wou ee gesäit wéivill Zigarettestëmp do dra leien, géif méi visibel maachen, da géif dat, obwuel et eppes kascht, Sënn maachen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir hu jo dee Projet, dee mer hate mat «Zéro mégôts», wat e Pilotprojet hei zu Péiteng war, an deen hat e ganz grousse Succès. A wann ech déi Leit richteg verstanen hat, dann hate mer méi Succès domadder wéi déi aner Gemengen. Dat encouragéiert eis, fir dat och weider ze maachen. An dofir hate mer dat jo och schonn hei op der Plaz thematiséiert, esou datt mer dat och emol an deenen aneren Uertschaften aus der Gemeng maachen. An da kann een nach ëmmer weider kucke fir de Projet weider ze féieren. Et schéngt eis awer elo emol an enger nächster Phas wichteg ze sinn, datt mer alleguerten eis Gemengegebaier erfaassen an duerno kënnt dann déi drëtt Phas vum Projet, wou een déi Saache kann envisagéieren.

**Brecht Guy (LSAP):**

Här Buergermeeschter, ech hunn iech elo mat groussem Intressi nogelauschtert, virun allem är lescht Wierder, wou der vu Respekt geschwat hutt. Ech mengen, de Respekt ass hautdesdaags nach just Theorie. Wann der mengt, et géif een da bei den Noper goen an deem da schéi manéierlech soen, e sollt domadder ophalen, ma da mécht en et grad. Déi Erfarung, mengen ech, huet scho jidderee matgemaach.

Da wollt ech och nach soen, wéi mer deemools dat Reglement heibanne gestëmmt hunn, do hat meng Fraktioun gefrot, ob mer dat net kënnen iergendwou public maachen, fir de Leit dat matzedeelen. An dir hutt mer deemools geäntwert, déi Leit a virun allem d'Entrepreneuren, déi an eis Gemeng schaffe kommen, déi hunn eist Reglement ze kennen. Dofir sinn ech elo frou, datt mer et awer iergendwéi public maachen, fir datt et awer un eis Bevëlkerung kënnt.

Dann hunn ech nach eng Fro: Wéi verhält een sech elo als Bierger, wann ee gesäit, datt zum Beispill eng Garage barrikadéiert gëtt, datt do ee schonns wéi laang do steet oder datt een do ganz um Trottoir steet, an zwar esou, datt e scho mat engem Fouss op der Trap fir eran an d'Haus steet? Dat gëtt et alles. Dat hu mer schonn alles gesinn. Wéi verhält een sech do als Bierger, wann een esou eng Infraktioun gesäit? Rifft een da bei Pecherten un oder geet et wéi virdrun, datt ee bei d'Police urifft? Kommen déi dann op d'Plaz fir sech dat unzekucken an ze protokolléieren? Oder wéi geet dat?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De Wee, fir bei d'Police unzeruffen, ass schonn dee richtege Wee, wann do e Problem ass. An d'Police wäert dann – well se enk mat eisen Agents municipauxen zesummeschaffen – entweder soen, datt si et selwer musse maachen oder si ginn dat virun un d'Agents municipauxen. Eng aner Alternativ ass sécherlech, an dat wäerte mer och maache wa mer dat Reglement hei bis a Kraaft hunn a wann eis Pecherte bis do sinn, datt mer publizéieren, wéi een sech soll uleeë wann e Problem ass. Sonndes mëttes hei an d'Gemeng unzeruffe fir ze soen, datt een am Gaangen ass ze méinen, hëlleft warscheinlech net vill. Well do wäert der warscheinlech e Message kréien, datt d'Büroen hei an der Gemeng zou sinn.

Mä mir mussen A et fäerdeg bréngen, ouni datt d'Leit uruffen, eng reegelméisseg Kontroll ze maachen, a B musse mer schonn eng Kéier kommunizéieren, wann dat Reglement a wann eis Leit aktiv sinn, wéi een sech muss uleeën, wann een eppes feststellt wat net konform ass.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Just nach ee Saz: Hei geet et esou, wéi et ëmmer ass. «Learning by doing» soe mer haut esou schéin. An hei wäert et genau d'selwecht sinn. Wat elo wichteg ass, dat ass, datt een um Ball bleift, datt een d'Situatioun analyséiert an net Gottes Waasser iwwer Gottes Land lafe léist. An dann, mengen ech, geet dat.

Dofir, déi Froen, déi gestallt gi sinn, si gutt an de Buergermeeschter huet alles gesot. Dat ass am Fong de Prinzip hei. «Learning by doing». Well et ass jo eng Situatioun, déi mer nach net hei zu Lëtzebuerg haten an da muss ee kucken, wéi dat duerno geet, wéi dann déi zwou Autoritéite mateneen um Terrain eens ginn. An do muss de Péitenger Modell opgebaut ginn a fäerdeg. Esou stellen ech mer dat emol vir.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.3.

### Administration générale.

Aires de jeux publiques: fixation des catégories d'âge des utilisateurs admis aux aires de jeux – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Artikel 17 vum Polizeireglement seet, datt mer d'Spillplaze musse regulariséieren, datt mer se mussen a Kategorien andeelen nom Alter wou d'Kanner se kënne benotzen, an och den Accès dovunner.

Mir hunn dat elo gemaach a mir hunn eng Tabell opgestallt, wou eis 26 Spillplazen drop stinn. Mir wësse jo och, datt mer no DIN-Normen akafen, datt Luxcontrol dat ganzt kontrolléiert wa mer d'Spillplaz opmaachen. Mir hunn och elo ganz genee d'Alterskategorie gekuckt. Natierlech, et sinn och elo Spiller dobäi, oder Terrains multisports oder Fitnessen, wou ee ka vun 3 bis 99 Joer dropgoen, well dat esou och am Akaf stipuléiert ass.

Hei hu mer elo eng Tabell, wou d'Kategorie festgeluecht sinn, wou dat dann och nach op d'Spillplaz opgesat muss ginn, an dann hoffe mer, datt deem dann och Rechnung gedroe gëtt.

Mir hunn och e Plang vun der Lokalisatioun vun de Spillplazen. Mir hunn och eng App, wou der kënnt dropgoen, wou ee gesäit, wou eis Spillplaze leien. Dat ass ganz flott fir haaptsächlech déi jonk Familljen, déi mat hire Kanner och emol gären op eng aner Spillplaz ginn. Dat hu mer scho méi laang, ma et ass vläicht nach net esou bekannt hei an der Gemeng. Mä ech mengen duerch deen heite Punkt gëtt et da vläicht méi public.

**Arendt Patrick (CSV):**

Dat hei kann ech just begréissen. Ech hunn awer e puer Infoe mat op de Wee ze ginn. Op der Spillplaz bei der Skaterpist, nieft der Bréck, ass jo elo den 1B ganz nei gemaach ginn. U sech kann een déi Astandsetzung just begréissen. Ech verstinn awer net, firwat déi zwou Parzelle virun der Spillplaz, wou nach Wiss mat e puer Blumme waren, elo hu missten enger Stengwüst Plaz maachen. Wa mir als Gemeng eis Matbierger wëllen iwwerzeegen, datt et wichteg ass fir weiderhin e Virgaart ze hunn, da musse mer jo awer mam gudde Beispill virgoen.

Par contre war op der Parzell 1C, direkt niewendrun, ëmmer e Lach mat Bulli. An do hat ech och schonn drop higewisen, an dat Lach besteet nach ëmmer. Dat hätt een awer kéinten domadder zoumaachen.

Eng aner Saach ass zu Rodange, an dat hunn ech och schonn e puer Mol am Gremium gesot, wou d'Zauberschoul lues awer sécher generell iwwerholl misst ginn.

Eng aner Iwwerleeung ass mat der Nuetsrou. An d'Madamm Bouché huet dat virdru schonn ugeschwat an den Här Buergermeeschter huet drop geäntwert, datt effektiv owes scho Kontrolle gemaach ginn. Do ginn also déi erweidert Kompetenze vun eise Pecherte genotzt fir do sporadesch Kontrollen ze maachen. Am Beschte wier et jo awer ëmmer am Sënn, wann et net eng Autoritéit als Solches, mä eng Vertrauenspersoun dës Zilsetzung géif hikréien. Hei schwätzen ech vun engem Streetworker, deen och owes Jugendaarbecht mécht. Dat hunn ech jo och schonn e puer Mol ugeschwat.

Dann ass nach ganz kuerz déi Saach mam Alter ugeschwat ginn. Do hu mer jo och schonn hei am Gremium e puer Mol drop higewisen, datt et vläicht wichteg wier, fir an Zukunft eise Fitness-Parcours deementspriechend opzemaache fir eis behënnert an eis eeler Matbierger. Do ginn et Méiglechkeeten, déi och schonn an aner Gemengen ëmgesat goufen. An do wiere mer och frou, wa mer dat an Zukunft och hei zu Péiteng géifen hikréien.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech kann iech direkt op d'Fro vun der Stengwiss äntweren. Et ass esou, datt mer eis hu misste ganz genee un dat halen, wat mer vum Environnement virgeluecht kritt hunn op deem dote Fitness. Well ronderëm ware verschidden Terrainen a mir haten immens vill Problemer, fir iwwerhaapt dee Fitness ze maachen a mir ware ganz frou, wou mer op eemol déi Erlabnis kritt hunn. An do hu mer eis einfach missten un dat halen, wat mer do virgeluecht kritt hunn. An dat Ganzt ass och mam Fierschter zesummen, mat den Oploe vum Environnement, esou autoriséiert ginn an och deementspriechend opgeriicht ginn. Dat ass nun eemol esou a mir kënnen eis deem och net entzéien.

Ech weess och, datt scho ganz laang geschwat gëtt, fir op deem Fitness-Parcours och e Parcours fir den Drëtten Alter a fir Leit mat engem Handicap ze maachen. Mir haten dat jo och elo viru Kuerzem an enger Kommissioun beschwat, wou ech jo ausdrécklech drop higewisen hunn, datt wa mer do wëllen nach zousätzlech Fitness-Parcours maachen, datt mer ganz genee nach eng Kéier dee ganzen Terrain analyséieren, nach eng Kéier musse bei den Environnement goen, well jo och do Terrain ass, deen eis net gehéiert. An deemno wéi deen Terrain klasséiert ass, kënne mer net do maache wéi mer wëllen. Mir hunn eis och un déi Reglementer ze halen. Näischt schwätzt géint e Fitness fir eeler Leit. An do si jo och Geräter, wou och eeler Leit kënnen notzen. Vläicht elo net grad e Mënsch mat engem Handicap, mä op deem dote Fitness-Parcours, esou wéi en elo do steet an esou wéi en ofgeholl ass, kënne mer de Moment elo näischt dobäi maachen. Mir mussen eis eben dann no enger anerer Iddi ëmkucken. A wéi gesot, déi läit an de Käpp. Mir hu jo schonn driwwer geschwat an esoubal mer do eng Plaz an eng weider Iddi virleien hunn, wäerte mer och op dee Wee goen.

Da schwätzt der vun der Nuetsrou. Do soll et jo esou sinn, datt no 10 Auer owes Rou ass. Wann elo déi Spillplazen alleguerten enumeréiert sinn, a mir setzen och nach eng Auerzäit drop, dann ass et un der Police fir owes ze kucken, datt do d'Nuetsrou agehale gëtt.

Déi Saach vum Streetworker ass schéin a gutt, datt mer esou ee Streetworker sollen heihinner kréien. Mir hu jo och scho ganz laang ee gefrot. Mir hu jo och net Nee gesot kritt vum Ministère, mä mir hunn en nach net. An dat ass allgemeng esou. Mir sinn net dat eenzegt Jugendhaus hei am Land, wat dat scho länger freet an nach keen huet. Mir hoffen awer, datt mer ee kréien. A wéi deen dann agesat gëtt a wéi dat Reglement da soll ausgesinn, dat wäerte mer dann an nächster Zäit gesinn, wa mer dat erlaabt kréien.

Da schwätzt der nach d'Zauberschoul un. Bei der Zauberschoul wollte mer zu där Zäit, wou mer se gemaach an opgeriicht hunn, Virreider sinn a mir hunn se am Rubinienholz gemaach. Beim Rubinienholz, an eise Géigenden, kritt een ëmmer erëm gesot, datt dat wärend esou vill Jore garantéiert ass an dat géif schéi bleiwen. Dat ass awer net de Fall, well et reent, et ass fiicht, et fält Schnéi, et ass Sonn. Mir hu jo schonn ugefaange fir kleng Sujeten nei unzesträichen, wat och net grad dee richtege Wee ass, well et soll een d'Rubinienholz an Natur loossen. Mä da gesäit et no enger gewëssen Zäit verwittert aus. Dat ass nun eben esou. Mä mir wäerten an nächster Zäit fir d'Zauberschoul eng aner Formel musse sichen. Mir musse kucke fir dat eventuell nei ze iwwerdenken, nei ze kucken, well et soll een – wéi mer et och elo bei der Kor gemaach hunn – nei Spiller maachen a munches ersetzen. Et brauch een awer natierlech e grousse Budget, wann een dat wëll maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt d'Madamm Conter nach eng Kéier froen, ob se mer ka soen, wéi eng Plaz dass dat ass vum Environnement, wou dat misst esou gemaach ginn. Schwätzt der elo vum 1B oder vum Fitness-Parcours?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech schwätze vum ganze Fitness-Parcours.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Well ech weess net, ob mer elo laanschtenee geschwat hunn. Well beim 1B sinn och kleng Stengercher wéi Muselwaken op d'Spillplaz komm. War dat och en Uerder vum Environnement? Well ech fannen et net ganz glécklech. Ech war elo wéini nach do getréppelt an do huet d'Personal vun der Gemeng sech misste ploen, well d'Leit – alt erëm eng Kéier – kee Respekt hunn an hir Hënn do hir Besoine maache gelooss hunn. Du konnten si da mat der Schëpp an de Stengercher kraze fir den Dreck erauszekréien, obwuel d'Leit jo näischt do op der Plaz mat hiren Hënn ze sichen hunn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat huet näischt méi mat de Spillplazen ze dinn. Dat huet mam Environnement ze dinn. Den 1B geet a Richtung vum Environnement. Do musst der da kucken, wéi der mam Environnement eens gitt, firwat datt dat esou ugeluecht ass. Ech mengen dat wier éischter fir do iergend eng Barrière ze setzen, well wann een do spadséiere geet, dat gesäit ee ganz oft, datt Leit illegal do parken. Wéi déi heiansdo dohinner kommen, do muss een sech och Froe stellen. Ob déi iwwert de Spadséierwee dohinner fueren oder hannen iwwert d'Korstrooss eran, do stinn heiansdo ganz komesch Autoen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

De Problem mam Parken ass warscheinlech elo opgehuewen, well et ass jo e Polder an der Korstrooss dohinner komm.

Dann hätt ech nach eng weider Fro. Et ass jo elo geschwat gi vu Kanner a Leit am Alter bis 99 Joer. Dir hutt och geschwat vu behënnerte Leit, fir Spillplazen ze maachen. Et gi Spillplazen hei am Land, wou een esouguer kann e Rollstull op e Spill maachen, wat ganz interessant ass fir Leit, déi net op e Spill kommen. Mir kéinten awer e klengen Effort maachen. Mir mussen net nach laang sichen. Ech mengen, et ass en Altersheem no bäi an déi Leit wieren och vläicht frou fir erëm an hir al Zäit zeréckzekommen, datt se erëm eng Kéier schaukele kéinte mam engem Rollstull. Dat sinn esou kleng Iddien, wou mer scho vu Spillplaze schwätzen, a wou mer op dee Wee kéinte goe fir méi séier déi Initiativ ze ergräifen. Anstatt datt mer ëmmer nëmme kucken a kucken a mir maachen näischt.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass net, datt mer kucken a kucken a mir maachen näischt. Mir hu jo awer gemaach. Mir hu vill gemaach. Well wann der elo nach eng Kéier zeréckdenkt, dee ganze Fitness-Parcours, deen donidde bei der Kor opgeriicht ginn ass, esou war dat e Produit vun der Jugend. An deen ass och vun der Jugend ausgeschafft ginn a mir hunn eis deem ugeschloss, well mer jo och mussen no eiser Jugend kucken. Mir wëlle jo och net, datt eis Jugend dauernd op der Strooss läit an egal wat mécht. A wann d'Jugend op de Fitness-Parcours geet, da sinn se do scho beschäftegt a si maachen eppes fir hir Gesondheet. An deementspriechend hu mer se net an aneren Ecker leien.

An, wéi gesot, d'Iddi, déi opkoum fir e Fitness-Parcours ze maache fir Leit mat engem Handicap, do hu mer nach an der leschter Familljekommissioun – wou dir leider net Member sidd – driwwer geschwat an dat festgehalen. A wann dee Rapport erauskënnt, da steet deen dran.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt net soen, datt mer näischt maachen. Mir hu vill Spillplazen an der Gemeng, wou mer och vill interessant Spiller hunn. Et war just gesot, fir op d'Spiller zeréckzegoe fir behënnert Persounen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir ass opgefall, datt an anere Gemenge mam Alter gesot gëtt «vun 0 bis ...». Bei eis ass et iwwert «1 bis 12» oder «1 bis 8», asw. Dat heescht, bei eis wieren d'Bëbeeën iwwerall ausgeholl. Do kënnen et zwee Grënn ginn: Entweder Luxcontrol, dat heescht, mir hu keen ee Spill fir Bëbeeën, oder et ass anescht geschriwwe wéi an den anere Gemengen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hu Luxcontrol, déi eis dat virginn huet, well mer jo no deenen doten Normen akaf hunn. An déi soen dann, datt et ab engem Joer ass. Et ass och vläicht keng esou Garantie do mat de Bëbeeën drop. Ech ka mer dat kaum virstellen, datt een e Bëbee einfach esou kann dropsetzen. Well deemno wéi d'Spill ass, muss e Bëbee och nach vun den Elteren ugehale ginn oder et muss an engem spezielle Kierfche sinn.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Bei engem Joer och.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Bei de Kanner vun engem Joer, déi si jo schonn e bësse méi grouss an déi dabbere schonn emol. Déi kann ee schonn emol op de Juppela setzen. Op déi Spiller kann een awer kee Bëbee vun 8 Méint dropsetzen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Esoubal se mat 6, 7 Méint sëtzen, kann een se och op verschidde Spiller setzen. Et ginn a Gemengen och extra Spillinstallatioune fir Bëbeeën. Et war just eng Fro, well eben iwwerall bei eis de minimalen Alter bei 1 ass. Bei anere Gemenge gëtt et keng Limitt no ënnen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn d'Limitt no ënne vun engem Joer un.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Déi aner Fro ass mam 5B a mam 5A. De 5A, dat ass zu Rolleng d'Schoul, den Terrain multisport, deen ass vun «3 bis 99 Joer» an de 5B, dat ass do, wou se Basket spillen, deen ass vun «3 bis 14 Joer». Hätt een dat net kënnen trennen an den Haff mam Basket op mannst mam 5A gläichstellen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

De 5A ass den Terrain multisport an de 5B ass d'Spillplaz, an déi geet hannen eran a Richtung Park.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Dir hätt et jo einfach kéinten trennen an e 5C dorausser maachen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

An dann déi aner Spiller, déi do nach si bei der Schoul, dat sinn déi Spiller, déi jo och aus Holz sinn a wou d'Kanner drop balancéieren. Am Schoulhaff, säitlech.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir geet et net ëm d'Spiller. Dat verstinn ech, datt déi bis 14 Joer sinn. Mir geet et ëm de Schoulhaff, wou se Basket spillen. Well et wäerte vill Jonker enttäuscht sinn, wann se nëmme bis 14 Joer kënnen do Basket spillen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Säitlech sti jo nach déi Spiller, déi mer esou akaf hunn. Ech fannen, datt déi awer gutt bei eng Schoul passen, well mer jo och mam Precoce fueren. Des Wiederen hu mer jo och elo déi aner Säit déi nei Maison Relais mat der Spillschoul, wou eng Spillplaz fir sech ass. Awer déi heiten, déi elo do steet an déi vun 3 Joer un ass, déi hëlt de Precoce mat eran an déi Jonk bis 14 Joer.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Et ass mir net ëm déi Spiller aus Holz gaangen. Et ass just reng ëm de Schoulhaff gaangen, well déi eng Säit ass en 5A no 14 Joer an am 5B ass e bis 14 Joer. An déi Jonk spillen awer elo schonn do hire Basket. Et ass zweemol dat selwecht, just mam Alter gëtt en Ënnerscheed gemaach.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Jo, den Alter ass aneschters agedeelt.

De 5A ass jo hannert der Schoul. An de 5B ass un der Schoul.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wann ech elo richteg verstinn, wat de Gemengerot elo hei seet, dat ass, datt de 5A (terrain multisport) an der Rei ass. De 5B, do hu mer een Deel, wou mer Spiller hunn – dat ass vir laanscht d'Strooss – an een Deel, wou Basket a Fussball gespillt gëtt. Wann ech hei richteg verstinn, da wëll de Gemengerot deen Deel, wou d'Kanner kënne kloteren als 5B loossen an deen aneren Deel d'selwecht wéi de 5A hannenaus maachen. An domadder kéint ech liewen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir dierfen eppes net vergiessen, datt do awer kleng Goaler stinn. Do sti keng grouss Goaler.

Mir ass et egal. Wann dir dat léiwer esou hätt an dat geet, da kënne mer dat unhuelen. Ech hu kee Problem domadder.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif da proposéieren, datt mer dat heiten zum Vott stellen an datt mer de 5A loossen a beim 5B dee viischten Deel 5B loossen an de Schoulhaff, wou de Basket ass, 5C maache mam Alter 3 bis 99 Joer.

Da géif et dat zum Vott stelle mat där Modifikatioun, déi elo hei am Gemengerot aktéiert gouf.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.4.

### Administration générale.

Règlement général des tarifs: introduction d'une nouvelle taxe communale au chapitre XIII «Taxes sur les jeux et amusements publics» – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

*Il est proposé de compléter le chapitre XV «Taxes sur les jeux et amusements publics » du règlement général des tarifs d'un nouvel article 7 «Bon de consommation pour fêtes communales (prix unitaire): 10 €».*

**Accord à l'unanimité.**

## 3.5.

### Administration générale.

Convention avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse portant sur la participation financière de l'Etat aux frais de rénovation et d'extension de la Maison des Jeunes à Pétange – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

*L'Etat accorde une participation financière limitée à 50% des coûts des travaux de rénovation et d'extension de la structure susmentionnée jusqu'à un montant total maximal de 500.000,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 3.6.

### Administration générale.

Allocation d'une rétribution complémentaire communale aux membres des bureaux de vote – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 3.7.

### Administration générale.

Renouvellement du drainage du terrain de football du Stade Jos Philippart à Rodange: vote du devis au montant total arrondi de 60.000,00 euros (TTC) et d'un crédit spécial – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 3.8.

### Administration générale.

Renouvellement de l'éclairage public dans la rue Pierre Grégoire à Pétange: vote du décompte et d'un crédit supplémentaire de 11.759,56 euros – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *101.759,56 € (TTC)* |
| *Total du devis approuvé:* | *90.000,00 € (TTC)* |
| *Total de la dépense projetée:* | *101.759,56 € (TTC)* |

**Accord à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 3.9.

### Administration générale.

Travaux d'isolation de la toiture de l'Hôtel de Ville à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *60.000,00 € (TTC)* |
| *Total du devis approuvé:* | *60.000,00 € (TTC)* |
| *Total de la dépense projetée:* | *59.957,65 € (TTC)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 4.

### Enseignement.

Projet d'organisation scolaire 2023/2024 – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den 29. Mäerz hate mer eng Schoulkommissioun, wou déi provisoresch Schoulorganisatioun och dem Comité d'école virgeluecht an erkläert ginn ass an och approuvéiert ginn ass, och vun der Direction régionale vun de Schoulen.

Fir d'Rentrée, déi elo usteet, hu mer eng Schülerzuel, déi manner héich ass wéi déi vun de leschte Joren. Et ass natierlech eng Zuel, déi stänneg changéiert, well mer net wëssen, wat fir Variatiounen nach kommen, wéi vill Kanner eran- oder erausplënneren. Mir hunn awer elo missten e Punkt maache fir kënnen d'Klasseverdeelung opzestellen.

Mir hu fir dës Rentrée e Contingent vum Educatiounsministère kritt vu 4.061 Stonnen. Déi sinn dann och elo an däser provisorescher Organisatioun verdeelt ginn.

Ech fänken u mat der Schoul vu Péiteng:

| | |
|---|---|
| Ageschriwwe Kanner | 1.004 |
| Kannerzuel fir de Contingent | 972 |
| Klassenzuel | 62 |

| | |
|---|---|
| Klassemoyenne (ouni Précoce) | 15,7 |
| Mesures d'appui | 272 Stonnen |

Wat an der Schoul Péiteng opfält, an dat ass e wéineg beonrouegend, dat ass datt am Cycle 2.2. 43 Kanner den Cycle dräimol maachen, an am Cycle 3.2. sinn et 28 Kanner, déi den Cycle dräimol maachen. An dowéinst ass et begréissenswäert, datt d'Klassenzuel e wéineg anescht agedeelt ginn ass an den Appui manner ginn ass, well d'Iddi vum Schoulpersonal doranner besteet, fir méi intensiv mat de Kanner an de Klassen ze schaffen. Mir stellen eis gläich mat deem, wat d'Léierpersonal ugedeit huet, wéi se wëlle schaffen. Si kennen d'Kanner am Beschten. Si wëssen, wat fir Besoinen d'Kanner hunn. A wann se elo mat där Klassemoyenne, mat där Schülerzuel an de Klassen esou kënne schaffen a si kënne gutt schaffen, da solle mer deem och Rechnung droen. Si wëllen och dee Coolness Training vun 8 Stonnen hei zu Péiteng onbedéngt weiderbehalen, well se eben och duerch d'Inclusioun ëmmer méi Kanner «à besoins spécifiques» hunn. Dat ass e roude Fuedem, deen sech duerch déi ganz Schoulorganisatioun zitt, a wou ëmmer erëm gesot gëtt, datt se méi Zäit brauchen, méi Personal brauchen, aner Strukture brauche fir mat deene Kanner kënnen ze schaffen.

Hei zu Péiteng hu mer och genuch Klassesäll zur Verfügung, och wann ech muss soen, datt mer hei zu Péiteng mam Ëmbau vun der Schoul nach e bësse Gedold mussen hunn, bis mer deen esou wäit hunn, datt mer kënnen eriwwer plënneren. Mir kucken awer, «au fur et à mesure» wa Klasseraim fäerdeg ginn, fir datt do scho kënne Klassen eraplënneren an och dat scho kënne benotzen.

Da kommen ech zu der Schoul Lamadelaine:

| | |
|---|---|
| Ageschriwwe Kanner | 347 |
| Kannerzuel fir de Contingent | 331 |
| Klassenzuel | 21 |
| Klassemoyenne (ouni Précoce) | 15,8 |
| Mesures d'appui | 95 Stonnen |

Fir d'Rentrée geet och dat neit Schoulgebai op, mat op där enger Säit der Maison relais an déi aner Säit de Précoce an d'Spillschoul.

Zu Lamadelaine kënnt dann och an dat neit Gebai eng Logopediesklass, an da wäert do de Cycle 1 hikommen, an datt do och Kanner kënnen opgefaange ginn, déi Problemer hunn an déi dann net méi brauchen an d'Stad ze fueren. Esou datt mer och do deem Rechnung gedroen hunn, wat un eis erugedroe ginn ass.

Da kommen ech zu der Schoul Rodange:

| | |
|---|---|
| Ageschriwwe Kanner | 712 |
| Kannerzuel fir de Contingent | 696 |
| Klassenzuel | 46 |
| Klassemoyenne (ouni Précoce) | 15,1 |
| Mesures d'appui | 150 Stonnen |

Da kommen ech nach zu den zousätzleche Posten (Décharge-Surnuméraire):

| | |
|---|---|
| Ed. physique / Natation | 7 |
| Surnuméraire / Décharges Lamadelaine | 2 |
| Surnuméraire / Décharges Rodange | 6 |
| Surnuméraire / Décharges Pétange | 9,5 |

Zousätzlech Posten (Hors-Contingent):

| | |
|---|---|
| Classe Logopédie C1 | 1 |
| Cours d'accueil | 7 |
| Naturschoul Lasauvage | 1 |

**Accord à l'unanimité.**

## 5.

### Affaires sociales.

Avenant n° 2 à la convention bipartite 2022 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Ordre public.

Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la commune – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'association «Péitenger Jugendhaus ASBL» procède à une quête à domicile dans la Commune de Pétange, pendant la période du 15 au 20 mai 2023.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

### Propriétés.

Accord d'approvisionnement avec la société Munhowen SA pour le Hall polyvalent et le Stade Jos Philippart à Rodange – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Wann nei Infrastrukture gemaach ginn, wou Ausschank gemaach gëtt, da schaffe mer mat der Brasserie nationale aus dem Nopeschduerf Käerjeng zesummen. Dat ass hei och de Fall. Op där Plaz haten se bis elo eng Buvette, déi virun ongeféier 20 Joer ageriicht ginn ass. An dat hei ass elo déi nei Buvette, déi se och elo ageriicht hunn. An dee Kontrakt zielt natierlech fir déi zwou Buvetten, déi mer elo hunn.

Ënnenan gëtt eng Buvette gemaach mat Grill, wou d'Leit sech kënne vu baussen iessen a Gedrénks siche kommen. An uewen um éischte Stack ass nach eng Buvette vun iwwer 100 m2. Wat mer och nach negociéiert hunn a wat net an der Deliberatioun dra steet, ass, datt och eng professionell Spullmaschinn dohinner kënnt. Mir wësse jo, an den nächste Joren – an dat ass och gutt esou – dierfe mer jo kee Plastik méi huelen, an dofir waren si averstane fir eis déi ze bezuelen. Dat ass e schéine Geste, well et ass am Prinzip net an hirer Logik.

Dir hutt och gesinn, datt dee ganze Mobilier 55.600 Euro kascht. Also, si hu vill Geld hei dragestach, an dofir ass et och evident, datt dee Kontrakt da 5 Joer laang leeft. An et gëtt duerch Reconduction tacite verlängert, wa kee vun deenen zwou Säite kënnegt.

Wéi gesot, dat hei ass déi Konventioun, mat där ech ëmmer heihinner kommen a wou ee weess, datt den Här Goergen dat

net esou gutt fënnt. Hien wäert dat dann och haut nees eng Kéier soen. Awer déi meescht vun iech fannen dat ganz gutt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Den Här Halsdorf huet jo elo just déi Saach mam Plastik ernimmt. Et steet jo alles dran, wat déi Firma Munhowen liwwert vu Gedrénks. Mä ech hunn e Problem domadder, wann nach an de Sportshale Plastiksfläschen a Béchsen zerwéiert ginn. Ech fannen dat net ganz gutt. Mir sollten op de Wee goen, datt mer solle Plastik vermeiden. Da solle mer och vläicht hinnen opdroen, datt se vläicht net méi mat klenge Plastiksfläschen do zerwéieren, an och net méi mat Béchsen zerwéieren. Mir kréien haut och d'Waasser a Fläschen. Et gi vläicht Saachen, déi een net aneschters kritt wéi a Béchsen, mä dat muss dann net onbedéngt op engem Terrain verdeelt ginn. Et kann een iwwer villes diskutéieren. Och wann ee kuckt, wann eng Versammlung ass, da soll ee mam gudde Beispill virgoen als Gemeng an net och nach Plastiksfläschen dohinner setzen. Et ass e Gebai vun der Gemeng, och wann de Fussball et duerno bedreift, mä mir sollen hinne mat op de Wee ginn a soen, datt kee Plastik a keng Béchse méi dierfe geholl ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech deelen är Iwwerleeungen zu 100%. Si kënnen dat liwweren, mä mir mussen de Veräiner elo soen, datt se nëmme méi dierfe Saachen huele mat Glas. An et ass net fir näischt, datt ech gesot hunn, si sollen eis eng professionell Spullmaschinn dohinner setzen. Dat heescht, si kënnen alles am Glas kafen, et kann alles gespullt ginn. Dat heescht, mir kënnen dat anstänneg maachen an da si mer och konform.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Eis Positioun ass jo bekannt, datt mer der Meenung sinn, dass fir esou ee Projet eng Ausschreiwung misst gemaach ginn. Mir hate virdru Projeten hei vu 60.000 Euro. Hei leien d'Budgete vill méi héich well een net op déi eemoleg dierf kucken, mä op déi 5 Joer Valeur, déi am Kontrakt steet. An deementspriechend hätt et missten ausgeschriwwe ginn. Et ass elo net, datt ech e Problem mat Béier hätt, bei Wäitem net, mä datt een anere Brasserië och muss eng Chance gi fir hire Business kënnen ze maachen. Et ginn 3 Brauereien hei am Land an et ass ni eng Ausschreiwung. An dofir si mir net zefridden domadder a wäerten et och net matstëmmen.

Ech wollt just nach soen, datt ee muss oppassen, wann een duerno an enger Sportshal, um Spillfeld, an där Géigend mat Glas géif hantéieren. Do goufen et eng Kéier Reegelen, wou gesot gouf, datt do kee Glas dierft benotzt ginn. Et kann ee wuelverstanen op eppes goen, wat erëm fëllbar ass. Mä de Problem ass, wann dat zu Broch kënnt, da kann dat duerno zu Verletzunge vun de Spiller féieren. An dofir war et laang esou, datt beim Sport de Plastik eng Alternativ war, oder eben elo fir nei ze fëllen, mä kee Glas konnt benotzt ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir haten eng Reunioun mat de Veräiner zu Rodange am Kader vun den Assisen. Do hate mer eng grouss Diskussioun, déi ganz flott war, iwwert den Offallkonzept an iwwert déi nei Approche, fir déi Saachen do all ze reegelen. An do ass et ganz kloer, datt mer deem, wat dir elo sot, Rechnung mussen droen. Et schéngt mer kloer ze sinn. Mä ech wollt et méi einfach maachen an dofir sinn ech der Meenung, datt op all Plaz Spullmaschinne musse sinn. An op deene Plazen, wou et net ass, musse mer aner Léisunge sichen an déi wäerte mer och fannen an déi fanne mer mateneen.

Dann zu där anerer Saach, esou soen ech och dat, wat ech ëmmer soen. Mir denke lokal a regional. Mir si jo och eng lokal Declinaisoun vun eisem Staat, an et ass evident, datt mer Leit aus eiser Gemeng an enger gewëssener Aart a Weis favoriséieren. An et ass och normal, datt een am Kordall eng Brauerei, déi am Kordall ass, hëlt. Ech fannen dat ganz normal. An dir kënnt mer sécher sinn, datt ech keng aner Decisioun géif huelen, well ech dat soss héchst befriemend géif fannen. Et gëtt ëmmer méi an der Politik gesot, datt mer lokal sollen handelen a mir sollte kucken, fir eis lokal ze organiséieren. An deem Sënn wëll ech do net méi helleg si wéi de Poopst. Ech fannen, dat hei ass ganz gutt an et soll een et esou loossen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech wéilt gäre ganz kuerz drop reagéieren. Dat selwecht wier dann och bei Handwierksfirmen oder aner Systemer, wou kaaft ginn, wann ee seet, well déi Firma vu Péiteng ass, maache mer keng Ausschreiwung?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Zum Beispill bei Kaddoen, déi mer kafen, esou huele mer systematesch déi zanter e puer Joer zum Beispill beim Feidt hei zu Péiteng. Soss hu mer ëmmer auswäerteg kaaft. An och bei anere Saachen, wa mer d'Méiglechkeet hunn, kafe mer alles hei an der Gemeng. D'Corbeillen, déi mer ginn, huele mer an eisem Kuerbuttek. Mir versiche fir esou vill wéi méiglech lokal ze maachen. Ech sinn och guer net esou ekonomesch oder wirtschaftlech ausgeluecht. Et ass och guer net un enger Gemeng, fir esou eng Approche ze hunn, wou nëmmen d'Wirtschaft zielt. Et soll ee kucken, datt ee senge Bierger eppes ka bidden an der lokaler Geschäftswelt, an och doriwwer eraus am Kordall, datt een do zesumme schafft. Dat ass meng perséinlech Meenung. Dir dierft jo och är Meenung hunn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech ass esou, wéi den Här Halsdorf gesot huet, mir kéinte mam CUP-System fueren an da bräichte mer kee Glas zu huele fir op den Terrain ze goen. Mat deem System hätt een da kee Glas, wat brécht. A mam Pfand, deen d'Leit musse bezuelen, bréngen se de Becher och erëm zeréck an et ass alles propper. Et leie keng Fläschen a Béchsen dorëmmer.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass jo dat, wat mer deemools gesot haten. Mir hunn eis nach un deem Suessemer Modell inspiréiert. Et war eng exzellent gutt Reunioun, wou mer déi richteg Conclusioune gezunn hu fir d'Zukunft vun eiser Gemeng. Op där anerer Säit ass et awer och flott, wann een an engem Bistro sëtzt, datt een do kann d'Gedrénks an engem Glas kréien.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

An der Buvette, Jo.

**Brecht Guy (LSAP):**

Wann awer elo erauskënnt, datt mer ënnen erëm Fläschen zerwéieren, da musse mer awer d'Reglement änneren, wat d'Terraine betrëfft. Do hate mer nämlech dra geschriwwen, datt kee Glas dierf erausgoen aus der Buvette.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat hunn ech jo elo grad gesot. Wann e Match ass, da kann een net mat Glas duerch d'Géigend lafen. Mä wann een awer dobannen an der Buvette sëtzt, dann ass d'Glas méiglech. A wann een de CUP-System do géif huelen, da kann een déi och an d'Spullmaschinn setzen. Dat heescht, mir musse wierklech a Richtung vu professionelle Spullmaschinne goe wa grouss Debite sinn. Éischtens ass dat effizient. Si ginn ee Mol gehëtzt a bleiwen op Temperatur an an 10 Minutten huet een alles gespullt.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et sinn elo 2 Buvetten, déi op den Terrain kommen. Déi eng wier ënnenan an déi aner wier uewenop. Ass dat dann esou,

datt déi Leit vun de Gradinen uewenop an d'Buvette ginn an déi aner ënnenan? Oder wéi ass dat ze verstoen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ënnenan ass een Ausschank. Dat ass keng Buvette. Et ass am Fong eng Thüringersbud, wou och eng Installatioun dobäi kënnt fir Gedrénks, mat engem Frigo dobäi. Oder wann eng Kéier méi Leit do sinn, da kann een och e Faass Béier uschléissen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

D'Buvette an der Sportshal ass jo fir de Fussball. Déi nei Buvette ass jo och fir de Fussball. An an der Sportshal dierfe jo nach zwee aner Veräiner d'Buvette huelen. Dat steet do.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Den Här Mertzig als Sportschäffe wäert iech dee Volet presentéieren.

A wéi gesot, dat heiten ass just eng Buvette, an zwar uewenop, an dat ënnen ass een Ausschank, esou wéi en op all Terrain ass. An ech ka mer virstellen, wann do emol eppes aneres ass, wéi z.B. de Wisi-Cup vum Handball – wann en erëm eng Kéier sollt stattfannen – a si froe fir déi Buvette ze kréien, da wäert warscheinlech net Neen gesot ginn.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et ass dat, wat ech wollt wëssen.

**Accord par 15 voix 'Oui' et 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 7.2.

### Propriétés.

Convention avec le club de football FC Rodange 91 relative à l'exploitation de la nouvelle buvette au Stade Jos Philippart et à l'utilisation du bureau au Hall polyvalent à Rodange – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir d'éischt hätte mer beim Punkt 7.2. d'Konventioun mam Fussball vu Rodange, fir d'Exploitatioun vun där neier Buvette. Domadder fält dann och déi Konventioun vun 2007 ewech, wou mer deemools mat hinne gemaach haten, datt dat un sech d'Buvette wier vum Rodanger Fussball.

Den 23. Februar hu mer mam FC Rodange eng nei Konventioun ënnerschriwwen, fir d'Utilisatioun vun der Buvette an der neier Tribün. Wéi der gesitt, annuléiert dës Konventioun déi Konventioun, déi de 14. November 2007 gemaach ginn ass. An der neier Konventioun gëtt d'Gemeng d'Autorisatioun fir dës Buvette ze exploitéieren. Op der neier Tribün zu Rodange ass den Objet fir d'Locatioun un sech, datt do ka Gedrénks, alkoholesch oder net-alkoholesch, verkaaft ginn, et kann eng kleng Restauratioun – awer nëmme bei Sportsmanifestatiounen – stattfannen. Bei dëser Konventioun ass virgesinn, datt fir de Loyer e symboleschen Euro gefrot gëtt, wou d'Gemeng awer drop verzicht.

Et steet och nach eng Kéier ganz kloer an der Konventioun, datt d'Sous-locatioun verbueden ass. Déi aner Clibb vun der Gemeng, déi subsidéiert sinn an déi eng Sportsaktivitéit an der Enceinte hunn, kënnen autoriséiert kréie fir dës Buvette ze notzen, wann se d'Autorisatioun vun der Gemeng hunn.

Den Approvisionnement vum Waasser, Gas a Stroum, esou wéi d'Taxe fir d'Müllentsuerge vum Club dréit d'Gemeng, esoulaang et eng «consommation raisonnable» vum Club ass.

De Club muss déi ganz Lokalitéiten an Equipementer an engem propperen, anstännegen Zoustand halen. Des Weidere kann de Club déi aner säit hire Büro, deen um éischte Stack vun der Sportshal installéiert ass, weider notzen.

An dës Konventioun fänkt u sech un den 01.06.2023 a gëtt un sech fir ee Joer gemaach. A si ass da vu Joer zu Joer automatesch verlängert, wann se net gekënnegt gëtt.

Den nächste Punkt 7.3. ass u sech en Avenant zu der Konventioun, wou u sech de Club d'Dependancen an d'Installatiounen um Rez-de-chaussée vun der neier Tribün, de Local technique, d'Vestiairen, d'Duschen, och zur Verfügung gestallt kréie fir hir Sportsmanifestatiounen ofzehalen. An dësen Avenant ass och rechtsgülteg, wann de Gemengerot e stëmmt, vum 01.06.2023 un.

Doduerch datt mer déi Changementer haten, hu mer de Punkt 7.4., wou mer dann am Règlement interne vun der Sportshal verschidde Saachen änneren. Ech muss soen, datt dat Reglement awer opgebaut ass wéi hei zu Péiteng. Do gesi mer awer vir, datt déi Haapthalesportaarten, wéi de Basket, de Volley an den Handball, Prioritéit hu fir d'Buvette, wann se Sportsmanifestatiounen an der Hal hunn, fir da kënnen déi Buvette och ze notze wärend hire Sportsmanifestatiounen. Dës Lokaler gesinn dann och d'Cafetariat, d'Kichen, d'sanitär Installatiounen an d'Reserve vir.

Och do soe mer nach eng Kéier ganz kloer, datt Sous-locatioun verbueden ass. An och do hunn am Prinzip déi Halesportaarten, déi hir Sportsmanifestatiounen an der Hal ausüben, un sech Prioritéit. D'Gemeng hält sech awer d'Recht vir, fir Organisatiounen do ze maachen.

Da kënnt eppes Typesches: d'Lokaler dierfen net ëmgebaut oder ëmgestallt ginn. Do dierf u sech kee Changement gemaach gi bei deenen Installatiounen. Och do soe mer, datt mer fir d'Energie an och fir déi aner Fraisen opkommen. Mir wäerten a mir mussen och am A behalen, datt dat Ganzt eng «consommation raisonnable» vun de Veräiner mat sech bréngt. Mir rappelléieren och nach eng Kéier an der Konventioun, dass se sech mussen drun halen – wann kee méi do ass – fir d'Luuchten auszemaachen. A mir erënneren nach eng Kéier un d'Sécherheetsmesuren, ob alles mam Schlëssel zou ass an ob d'Alarmanlagen ugemaach ginn.

An dofir och den Artikel 5, wou mer fir déi Clibb, déi mer virdru genannt hunn a Prioritéit hunn, e Plang opgestallt hu fir hir Manifestatiounen eranzeginn, esou datt se dann och kënnen dovunner profitéieren. Si sollen u sech bis de 15. August hir Manifestatioune fir September, Oktober, November an Dezember eraginn – wat dann d'Spillpläng si vun deene jéinesche Sportaarten. An da bis de 15. Dezember fir d'Méint Januar, Februar, Mäerz a bis de 15. Mäerz fir d'Méint Abrëll, Mee, Juni a Juli. Dat ass geduecht, datt wann dee Programm steet, datt och déi aner Veräiner d'Méiglechkeet hu fir d'Sportshal, respektiv déi Installatiounen ze notzen.

Wat och nach wichteg ass, dat ass, datt d'Buvette muss um 24 Auer zou sinn.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech hunn iech elo nogelauschtert an dir hutt gesot, deen 1 Euro géingt der jo dann net froen. Et geet net ëm d'Valeur vun engem Euro, mä fréier war et, datt een deen een Euro huet misste froe well et eng Assurancëgeschicht war. Wéi ass dat dann anescht gereegelt ginn? Fréier war et einfach, fir datt d'Veräiner eng Assurance konnten drop maachen, do huet een e symboleschen Euro oder soss eppes misste froen.

Wann ech iech elo richteg verstanen hunn, dann ass et elo op fir all d'Veräiner, déi natierlech subsidéiert sinn a wou d'Reglement vun der Gemeng unerkennen. Dat wier jo eigentlech eng Nouveautéit. Well zu Péiteng ass et jo net esou. Do kann net all Veräin d'Buvette esou fräi huele wéi et

elo hei ass. Ech begréissen et. Wat et méi op ass fir all d'Veräiner, wat mer méi kulturellt Liewe kréien. Also, et ass schonn de richtege Wee. Et leeft iwwert de Schäfferot, dat ass fir mech och OK. Dir kritt zwar méi Aarbecht domadder wéi wann een direkt beim Veräin ufreet. Mä et leeft iwwert de Schäfferot, wann ech är Explikatioune richteg verstanen hunn. Wann e Veräin elo d'Buvette wëll, oder iergendeppes vun der Struktur wëll, da kënnt e bei de Schäfferot an de Schäfferot seet dann dem Fussball Bescheed. Dat ass elo deen neie Wee. Dat ass fir mech och OK.

Et ass awer richteg, datt elo eng ganz grouss Ouverture gemaach ginn ass par rapport zu soss. Hunn ech dat richteg verstanen?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Bei deem engen Euro kann ech iech net kloer äntweren, ob dat wéinst der Assurance war oder net. Mir hunn et u sech d'selwecht gemaach wéi hei zu Péiteng. Just fir op d'Assurancen zeréckzekommen, do ass et esou, dass d'Gemeng u sech d'Gebai verséchert huet an de Veräiner verséchert seng eege Saachen, wann se Material do leien hunn.

Dass elo all d'Veräiner kënnen dovunner profitéieren, Jo, do maache mer eng Klamer op, mä d'Sportsveräiner hunn awer u sech Prioritéit. Dofir mussen déi eis jo hire Programm matdeelen. An dann hu mer jo nach aner Sportsveräiner, déi net Haaptnotznéisser si vun der Sportshal, an da kommen déi drun. Wéi gesot, et ass jo eng grouss Ännerung, wou mer och méi Kloerheet hunn an dat Ganzt gëtt jo vun der Gemeng geréiert, fir datt een och gesäit, wat fräi ass a wat net. Do hu mer scho par rapport zu virdrun eng Ouverture, mä ënnert deene selwechte Konditiounen, a wéi gesot, et muss eng Demande un de Schäfferot gemaach ginn, ob hien dat wëll autoriséieren oder net.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hätt e puer Froen zum Punkt 7.4. Déi éischt Saach ass, wéi den Här Mertzig gesot huet, datt mer sollen oppassen a Saachen Energie vum Gebai. Datt d'Veräiner sollen oppassen, datt do net ze vill Energie verluer geet. Ech géif soen, datt mir als Gemeng selwer emol kucken, ob dat richteg mat der Heizung agestallt ass. Well wann der an der Buvette sidd, dann ass do eng Afenhëtzt an da gëtt hannen d'Dier opgemaach fir d'Trap erof, fir datt ee bannenan net ëmgeet vun Hëtzt.

Déi aner Saach ass déi, datt ech den Zougank zum Gebai net ganz gutt fannen. Well do sinn heiansdo Problemer. Déi leschte Kéier war eng Generalversammlung uewenop an dann ass d'Dier zou. Et kann ee verstoen, datt als Sécherheet déi Dier zou ass, wann d'Leit trainéieren, fir datt keen an hir Vestiaire kënnt. Mä dann ass déi Dier zou an et muss een hoffen, datt dann ee kënnt, deen d'Dier opmécht. Well et war elo e puer Mol de Fall, datt ech virun zouener Dier stoung an hu missten técken oder uruffen, fir eranzekommen. Ass dat e Sécherheetspunkt oder u wat läit dat?

Dat steet am Règlement interne, ënner Charges et conditions am Artikel 1 «Les clubs doivent être en possession d'une concession pour débit de boissons alcooliques et non alcooliques conformément aux dispositions légales en vigueur et doivent respecter les dispositions du règlement interne concernant l'utilisation du règlement d'utilisation du Hall polyvalent à Rodange.» Kënnt dir mer dat erklären?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Jo, dat kann ech erklären. Fänke mer vir u mat der Energie. Do si mer permanent drun. Och mam Klimapakt ass et jo esou, datt mer d'Energie opschreiwen, respektiv mussen opschreiwe wat do geschitt. Eis Portiere sinn och instruéiert mat deene Moossnamen, déi mer am Kader vum Energiespuere geholl hunn. Selbstverständlech soll dat net sinn, datt d'Dieren opsti wa Sport gemaach gëtt.

Datt déi Dier viraus zou ass, ass aus Sécherheetsgrënn, fir datt do net jidderee kann an- an ausgoen, respektiv an d'Vestiaire goen. Dofir ass et u sech geduecht – et sinn zwar vill Veräiner, déi handhaben dat net esou – datt u sech d'Entrée laanscht d'Gebai soll op sinn, an da kënnen se theoretesch d'Trapen erop an hir Versammlung goen. Well wann d'Veräiner keen dohinner stelle fir d'Dier op- an zouzemaachen, da kënnt een emol heiansdo an d'Situatioun, datt ee mat der Nues widder d'Dier rennt. Wéi gesot, dat ass ausschliisslech aus Sécherheetsgrënn esou geduecht.

Mat der Konzessioun ass et net anescht wéi an eisen anere Gebaier. Wann dir zum Beispill eng Manifestatioun hutt am Rodanger Centre culturel oder am Centre de loisirs zu Rolleng, da musst der dat jo offiziell ufroen. An dann hutt der jo d'Méiglechkeet, fir iwwert eise Portier eng Konzessioun ze kréien.

All Portier an eise Gebaier huet eng Konzessioun. An dofir maache mer dat och esou, fir datt mer de Leit déi da kënnen zur Verfügung stellen. Do muss zwar eng administrativ Demarche gemaach ginn, et muss ugefrot ginn, an déi Pabeiere musse bei der Douane deposéiert ginn an dann delegéiert de Portier seng Autorisatioun un déi Persoun oder déi Persounen, déi ganz kloer definéiert sinn, wien dat dierf, soll a muss sinn.

Och, wann eng Kontroll ass, sinn déi Leit gebieden do ze sinn an déi ginn dann och – wann eppes net sollt klappen – zur Rechenschaft gezunn.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech muss éierlech zouginn, ech hunn am Ufank, wéi den Här Mertzig et erkläert hat, déi eng Buvette mat där anerer e bëssen duerchernee gehäit. Dat heescht, dat huet alles ze di mat der aler Buvette am Hall polyvalent?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Jo.

**Brecht Guy (LSAP):**

OK, dat huet alles domadder ze dinn.

Dir hutt gesot, datt keng Sous-Locatioun méi erlaabt ass. An ech mengen, dat ass ganz wichteg. Well do sinn onheemlech Abuse bedriwwe ginn an der Lescht. An net nëmmen zu Rodange an där Buvette, mä och zu Rolleng, wou zum Beispill Kommiounsiesse stattfonnt hunn. Zu Rodange war no engem Begriefnis en Iessen do. Also do hu mer vläicht e bëssen ze vill duerch d'Fangere gekuckt. Mä mir mussen dat an nächster Zukunft effektiv méi iwwerwaachen. Well wann een e Gebuertsdag do feiert, da gëtt och no 24 Auer nach do gegrölt. An dir wësst, datt Leit vu Rodange aus dem Brouckerwee schonn e puer Mol dowéinst reklaméiert hunn.

Dann hutt der geschwat vun engem Sall, deen den FC Rodange elo nach huet a wou se deen ofgetrennt hunn, wou eng Hallschent VIP ass. Kann deen och vun anere Veräiner benotzt ginn? Ech huelen un, wa mer elo de Centre zu Rodange frësch maachen, datt e puer Veräiner dovunner profitéiere bis deen da fäerdeg ass. An den Här Halsdorf huet dat jo och wéini virgestallt. Mir kréien e grousse Sall an de Centre zu Rodange, wou all Veräi kann seng Versammlungen ofhalen, wann ech dat esou richteg verstanen hunn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir hutt dat richteg verstanen. Ech kann iech och kuerz drop äntweren. Dat war déi zweet Versammlung, déi mer gemaach hunn am Kontext mam Renouveau vum Centre culturel vu

Rodange. Beim Budget dëst Joer hu mer e Montant gestëmmt fir eng Etüd ze maachen, fir datt dann en neie Centre gebaut gëtt. An et ass net esou wéi fälschlecherweis dobausse gezielt gëtt, mir géifen dat hei politesch ausnotze fir déi Versammlungen ze maachen. Déi ware geplangt. Dat hei war déi zweet an et ass nach eng drëtt am Hierscht. Ob mir se maachen oder en aneren se mécht, dat gesi mer, mä mir hunn ech drëtt Versammlung wëlles. An dann hunn d'Veräiner haut hir desiderata total erfëllt kritt, mä et ass elo nach ze fréi, fir elo schonn hei am Detail ze diskutéieren. An de Gemengerot muss dat jo decidéieren. Mä mir ginn an eng Richtung, wou d'Säll vill méi mutualiséiert ginn. A mir sinn eis och eens gi mat der Musek, mat der Chorale, mat dem Interesseveräi vu Rolleng, asw.

Ech wollt dat awer soen, well verschidde Leit e bëssen egal wat schreiwen op de sozialen Netzwierker. Ech hat hei d'Méiglechkeet, fir dat e bësse riicht ze béien an dofir hunn ech dat elo hei gemaach.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et war elo just, well de Centre frësch gemaach gëtt, ass et gutt, datt d'Veräiner eng Méiglechkeet hunn an déi mer elo schafe mat deem Raum a wou d'Veräiner hir Versammlunge kënnen ofhalen.

Wann ech dat och richteg verstanen hunn, da kënnen d'Veräiner och déi nei Buvette froen. Ass dat esou?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Eppes wëll ech ganz kloer hei betounen. D'Sous-Locatioun war nach ni erlaabt. Ech wëll dat emol hei kloerstellen. Mir erlaben se weider net, mir hunn et just rappelléiert. Si war nach ni erlaabt. Ech mengen och do – an dann huet een net gepetzt – wann ee Saache gesäit, déi geschéien, da muss een dat matdeele fir datt mer kënne reagéieren. Et ass déi selwecht Diskussioun, wéi mer virdru mat eisen Agenten haten. Wa mir et net matgedeelt kréien, da kënne mer net reagéieren.

De Sall, wou den FC Rodange huet, ass net do wou dir gesot hutt, de VIP-Sall. Deen hu mer bewosst erausgeholl. Mir schwätzen hei vun hirem Büro, wou se hire Computer stoen hunn. Wann der an der Sportshal d'Trapen eropgitt, dann ass dat dee Sall op der lénker Säit.

**Brecht Guy (LSAP):**

Jo, dat ass de Büro. Ech hu geschwat vun deem Sall, deen nach do ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Loosst mech ausschwätzen. Mir hunn déi ganzen Zäit vun deem Sall geschwat. Net vun deem Sall, wou de VIP dran ass.

Dee Sall, wou de VIP dran ass, ass relativ grouss. Dee gëtt an Zukunft vun der Gemeng geréiert. Do wëlle mer verschidde Veräiner, déi an der Hal aktiv, d'Méiglechkeet ginn, fir och e Sall ze hunn. Ech mengen do si Schief, esou datt och verschidde Veräiner hir Schief emol kënnen dohinner stellen, an hiert Material, wat deelweis doheem läit a wat net glécklech ass, kënnen do deposéieren. Et kritt awer elo keen dee Sall fest zur Verfügung gestallt, esou datt méi Veräiner kënne vun deem Sall profitéieren. Mir als Service vun der Gemeng koordinéieren dat. Wann een de Sall brauch, da kritt en e gären. An, wéi gesot, et huet jo da jiddereen Accès dohinner fir a seng Schief ze kommen. Wéi gesot, dat gëtt net méi vum Fussball geréiert.

Déi nei Buvette ass net fir ze verlounen. Dat ass d'Buvette vum Fussballsterrain. An esou wéi ech dat virdru gesot hunn, déi kann een notzen, wann een eng Sportsmanifestatioun um Terrain huet. Ech huelen elo einfach als Beispill de Wisi-Cup. Wann déi de Wisi-Cup hunn, da kéinten déi theoretesch ufroe fir déi Buvette ze benotzen, well dann eng Manifestatioun op den Installatioune selwer ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.3.

### Propriétés.

Avenant n° 1 à la convention avec le club de football FC Rodange 91 relative à la mise à disposition de terrains de football, dépendances et installations à Rodange – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.4.

### Propriétés.

Règlement interne concernant l'exploitation de la buvette du Hall polyvalent à Rodange – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.

### Urbanisation.

Approbation de la convention et du projet d'exécution portant sur le Plan d'Aménagement Particulier (PAP) concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Rue Léonard Schroeder» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Pétange, route de Longwy et rue de la Liberté (travaux de génie civil dans le cadre de l'aménagement d'un axe pluvial) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*A partir du mardi 28 mars 2023, pour une durée estimée à 2 mois, à Pétange,*

*dans la route de Longwy [N5]:*

- *la circulation routière sera interdite sur une demi-chaussée,*
- *la circulation routière sera réglée par des feux tricolores entre les immeubles n°16A de la route de Longwy et n°12 de la place du Marché,*
- *la sortie de la rue de la Liberté [CR 175B] vers la route de Longwy [N5] sera barrée.*
- *le stationnement sera interdit des deux côtés sur le tronçon compris entre les immeubles n°16A de la route de Longwy et n°12 de la place du Marché,*
- *la circulation piétonnière sera interdite sur le tronçon compris entre les immeubles n°16A et n°1,*
- *les piétons seront déviés par les passages piétons sis à la hauteur des immeubles n°19 de la route de Longwy et n°15 de la place du Marché,*

- *le passage piétons à la hauteur de l'immeuble n°5 de la route de Longwy[N5] sera barré;*

*dans la rue de la Liberté [CR 175B]:*

- *la circulation sera interdite pour les non-riverains, sauf utilisateurs du parking situé derrière la Maison de la Culture « A Rousen »,*
- *la déviation se fera par la rue de l'Hôtel de Ville,*
- *l'arrêt de bus sera supprimé,*
- *le passage à piétons situé près du carrefour avec la route de Longwy sera supprimé,*
- *les piétons seront déviés par la place du Marché.*

**Goergen Marc (Piratepartei):**

De Schantjen ass néideg an ech reege mech och elo net op iwwert d'Koordinatioun mat Ponts et Chaussées, wann nach aner Schantercher an der Ëmgéigend sinn. Dat ass net gutt fir de Bluttdrock. Well zu de Ponts et Chaussées kéint ee villes soen.

Mä déi aner Fro, déi ech konkret wollt stellen ass, datt mer opgefall ass, datt am Schantjen déi Bushaltestell relativ vill stéiert. Dat heescht, all Kéiers wann et gréng ass, fueren d'Autoen duerch an da bleiwen een, zwee Bussen do stoen, an da steet dee ganze Buttek. Déi aner Säit kréien se awer scho gréng, ma si kënnen net fuere well de Géigeverkéier net laanscht Bushaltestell kënnt. Gëtt et do keng aner Léisung? Vläicht andeems een d'Bushaltestell e puer Meter géif réckelen oder aus dem Schantjen eraushëlt?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir sinn déi, déi am mannste frou sinn, datt déi Koordinatioun mat de Ponts et Chaussées net klappt. Et ass scho bal eng Frechheet wat se maachen, fir eis ëmmer virun de Fait accompli ze setzen. An da si mir geplot. Mir wësse jo - wa si géife mat eis schwätzen – wat lass ass am Duerf. Ech widderhuelen dat, wat ech och déi Kéiere virdrun ëmmer gesot hunn, si setzen sech iwwert alles ewech. An dës Kéier war et nach méi schlëmm. Et war virgesinn een Dag, an dunn huet d'Wieder net matgespillt an dunn hate mer och nach samschdes moies Rebelote. Ech mengen, do ass keng Fraktioun aus dem Gemengerot frou driwwer, datt dat esou ass. A mir wënschen eis och do – a mir maachen och nach eng Kéier en Opruff u Ponts et Chaussées – eng besser Zesummenaarbecht an datt dat sollt koordinéiert sinn. Et kann net sinn, datt ëmmer nëmme just eis Bierger déi leeddroend bei där ganzer Saach sinn.

Mat der Bushaltestell hutt der Recht. Do musse mer vläicht kucke fir eng aner Léisung ze fannen. Ech weess elo net, ob et méiglech ass. Mir kucken eis déi Saach un a wann et méiglech ass, dat kucke mer fir eng Léisung ze fannen. Mir préiwen dat a kucken, ob mer dat kënne verbesseren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dir hutt elo gesot, datt d'rue de la Liberté zou wier. Wann elo d'Aarbechten an der Strooss no uewe weider ginn, da kënnt ee jo net méi hanner Rousen eran. Wéi ginn do d'Leit informéiert? Well op eemol steet de Bagger virun der Dier an et kënnt een net méi a seng Garage eran. Mir hate schonn esou Situatiounen, wou d'Leit mech drop ugeschwat hunn, well se Problemer hätten. Well déi grouss Residenz, déi an der Lonkecherstrooss ass, hunn hir Garagen hannert der Residenz. An déi kommen elo net méi an hir Garagen eran. Kéinte mer hinnen do eng Méiglechkeet bidden? Ech hat dat an der Verkéierskommissioun gefrot an ech krut gesot, datt se dat géife mat an de Schäfferot huelen an dee géif da kucke fir eng Léisung ze fannen. Hutt der eng Léisung fonnt?

Mir schwätze jo vun de Bussen. Et ass schonn iergendwéi komesch. Mir hunn eng Deviatioun gemaach. Da geet d'Deviatioun duerno d'rue de l'Hôtel de ville erof. Uewen, wou de Restaurant Hamer war, musse mer dann 2 Schëlter setzen, well mer mierken, datt d'Bussen net ëm d'Kéier kommen. Dat misst awer alles scho virdru geplangt sinn. D'Busse stoungen hei uewen ze tuten an et war e Stau bis erop op d'Nidderkuerer Strooss, bis emol endlech een den Auto an der Kéier ewech geholl huet. D'Police ass komm a si hunn en ofschleefe gelooss.

Dir schwätzt jo vun der Koordinatioun. Et ass och eng Koordinatioun vun der Gemeng mat dem Entrepreneur, wou ee misst am Virfeld kucken, wéi de Verkéier leeft, fir dat dann ze léisen.

Och mat de Bussen. Ech mengen déi Buschaufferen, déi do fueren an déi de Problem gesinn, mir hunn heibanne Leit aus dem TICE hei setzen, da kéinten déi dat jo och weiderginn. De Buschauffer kéint jo och mellen, datt do oder do e Problem besteet, esou datt dat méi séier kéint gereegelt ginn a mir och als Gemeng kéinte reagéieren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Eppes muss ee wëssen, et sinn ëmmer Bussen do gefuer, duerch d'rue de l'Hôtel de ville erof. Mir haten den RGTR, deen do zirkuléiert huet. Mir haten den CFL, deen och mat Bussen do gefuer ass. Do war eis net bekannt, datt do Problemer sinn. Dir hutt awer Recht, datt et net verbueden ass fir eis dat matzedeelen. Well mech géing dat nerven, wann ech misst vläicht aus dem Bus erausklammen, eppes réckelen oder mech opreegen. A wann een dat géing matdeelen, da kéint een dat och besser koordinéieren.

Dat heite Reglement ass jo elo emol fir déi nächst 2 Méint. An dann ass et esou, datt fir déi nächste Phas deen zoustännege Beamte bei deen zoustännege Schäffe kënnt an da preparéiere mer dat Reglement fir déi nächst Phas vum Schantjen. An da wäerte mer dann och do Léisunge proposéiere fir d'Leit, an datt se dann och informéiert ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir sinn elo 2 Meter virun der Entrée vu Rousen. Et ass net méi, fir laang ze iwwerleeën an ze waarden. Och déi aner Säit mat de Bussen, dat si Gelenkbussen, déi de Moment do gefuer kommen, déi virdru warscheinlech net gefuer sinn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt Recht. Och do ass et ee Schratt nom aneren, Här Scheuer. Mir kënnen net fir d'éischt d'Reglement uewe maachen, wa mer nach ënne schaffen. Eent nom aneren. Mir huelen dat op de Leescht. Et si jo elo 2 Méint, wou dat heiten dauert. Mir wëssen et jo an da kucke mer. Am Prinzip ass et esou, datt mer den Terrain kucke ginn an dann hale mer eppes fest a bréngen dat mat an de Schäfferot. Da gëtt dat proposéiert an ofgeseent an duerno kënnt et dann an de Gemengerot. Esou ass et, wéi et u sech fonctionéiert.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dann hu mer den nächste Gemengerot nach eng Kéier e Règlement d'urgence?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Neen, wa mer et an deen nächste Gemengerot huelen, dann ass et kee Règlement d'urgence. Mir wësse jo och net ëmmer, wéi se mat den Aarbechte weiderkommen. Hei ass jo elo emol virgesi fir 2 Méint. Wann elo en Inconvenient kënnt, dann dauert et méi laang. Mir kënnen awer dann net dat heite Reglement schonn abregéieren an dat nächst huelen. Et muss een eent nom anere maachen. Do sinn eis och d'Hänn gebonnen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech verstinn, datt är Hänn gebonne sinn. Ech hat just gefrot, well mer d'lescht d'Woch Verkéierskommissioun haten an do

huet deen Zoustännege gesot, hie géif dann am Schäfferot froen. Dofir wollt ech froen, ob de Schäfferot schonn eng Solutioun fonnt hätt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir hunn am Prinzip all Freideg Schäfferot. An da gëtt deen Dossier preparéiert. A wann den Dossier bis mëttwochs virum Schäfferot net dobannen ass, da gëtt et déi Woch drop traitéiert. An et ass nach net am Schäfferot traitéiert.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

OK, dann hunn ech dat falsch gesot kritt. Hien sot zu mir, ech huelen dat muer mat an de Schäfferot.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wéi gesot, mir kruten nach näischt vun him dozou gesot.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.2.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Pétange, rue de Niederkorn (travaux de réfection du réseau électrique) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*A partir du lundi 17 avril 2023 de 8.00 à 16.30 heures, pour une durée estimée à 2 semaines, à Pétange, dans la route de Niederkorn (CRI 75):*

- *une partie de la voie de circulation sera partiellement inaccessible suite à une tranchée ouverte ;*
- *la circulation routière sera réglée au moyen de feux tricolores sur le tronçon compris entre la rue Prinzenberg et la rue Belle-Vue.*

**Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.3.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Lamadelaine, rue de la Montagne (construction d'une maison à caractère social) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*A partir du samedi 1er avril 2023, pour une durée estimée à 3 mois, à Lamadelaine, dans la rue de la Montagne:*

- *une grue occupera une partie de la voie publique,*
- *le stationnement sera interdit sur le tronçon compris entre les maisons n°45 et 49 afin de pouvoir dévier la circulation routière,*
- *le tronçon compris entre les maisons n°45 et 63 sera réglementé en sens unique.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.4.

### Transports et communications.

Adaptation du règlement général de la circulation: réglementation de divers parkings couverts à Rodange – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir huelen elo geschwë verschidde Parkingen a Betrib, respektiv verschiddener si schonn a Betrib. Mir hunn duerch d'Tarifikatioun verschidde Saachen aneschters misste reglementéieren, respektiv an deene ganz neie Parkingen hu mer iwwerhaapt emol misste reglementéieren. Dat hu mer dann an deem Reglement hei festgehalen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hätt eng Fro zum Parking an der Avenue Dr Gaasch. Do war jo de Problem mat den Emplacementer fir «personnes handicapées». Hutt der do schonn eppes mam Promoteur erreecht, datt deen Trottoir adaptéiert gëtt, fir datt Leit am Rollstull besser do eran- an erauskommen?

Dann ass och elo deen neie Parking bei der Eil zu Rodange ageweit ginn. Do ass jo momentan nach net alles agezeechent. Wou mer elo do waren, stoung do, datt um -1 siwe Plaze fir behënnert Persoune wieren. Wou ass den -1 an deem Gebai? Ech hoffe jo net, datt déi Leit mussen eroffueren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wann der gutt gekuckt hutt, esou konnt der gesinn, datt mer am Parking e Lift hunn. Am Prinzip sollen d'Leit och net op där Plaz erausgoen, wou se mat den Autoen eran- an erausfueren. An dofir sinn déi säitlech Dieren do, wou der vum Lift bei de Park kommt. Dir kommt vum Lift déi aner Säit bei de syntheetesche Fussballsterrain. An dat ass bewosst esou gemaach, fir datt duerch déi Sortien déi Leit, déi Mobilité réduite hunn, kënne securiséiert zu de Säiten erausgoen. Well soss géifen se effektiv mat hire Rollstill do erausfuere wou d'Autoen erakommen. An dat ass net gewollt.

Mir gesinn awer am Alldag, datt d'Leit sech net ëmmer drun halen an awer do erausginn, wou et fir d'Foussgänger verbueden ass a wou d'Entrée an d'Sortie fir d'Autoen ass. An och wann se géifen do erausgoen, sinn se duerch d'Barrièren opgehalen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dann hätt een dat awer vläicht esou kënne plangen. Da soen ech dem Här Alleva dat, datt een déi nächste Kéier mat aplangt, datt een eng Sortie mécht fir d'Leit mam Rollstull, datt déi op deem nämmlechten Niveau si wéi den Trottoir. Dat wier da vläicht méi einfach gewiescht.

Wéini geet de Parking dann elo op fir de Public?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mäi Wëssensstand ass deen, datt mer am Parking «Bei der Eil» nach verschidde Saache mussen anzeechnen, d'Barrière muss nach opgeriicht ginn, de Payage, an dann ass och alles virausgerüst fir Elektroautoen, asw.

Dat gëtt an Etappe gemaach. An dofir si mer am Gaangen e genauen Timing ze kréien an da maache mer de Parking nach eng Kéier eng gewëssen Zäit zou. An duerno ass en dann op a mir hu wëlles, fir en dann nach eng gewëssen Zäit gratis ze maachen an dann am Hierscht maache mer e payant.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Menges Wëssens misst en awer elo schonn disponibel si fir d'Leit.

**Brecht Guy (LSAP):**

Am Moment ass en op.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat ass dat, wat ech wëll soen.

*(Tëscheruff: En ass zou!)*

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Da gi mer deem no. Et war op jiddwer Fall net de Wëlle vum Schäfferot.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt nach eppes soen. De Parking hei ass e bëssen eng Kopie vum grousse Parking zu Ettelbréck. An den Här Alleva huet deen och gebaut. A konzeptuell ass et dat selwecht wéi dat an deem Sënn. An haut gëtt ëmmer méi dat gemaach, wat den Här Mertzig erkläert huet. Datt an der Mëtt keng Leit trëppelen an datt d'Leit nëmmen net do si wou d'Autoe sinn. Do ass et verbuede fir d'Foussgänger.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir dann nach op déi Fro zum Parking an der Avenue Dr Gaasch zeréckzekommen, esou hu mer do nach keen Arrangement konnte mat der Co-Proprietéit fannen. Do si mer nach am Gaange mat kucken an et wäert och net einfach gi fir do en Arrangement ze fannen. Mir sinn um Dossier drop, mä mir hunn nach keen Accord konnte fannen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Beim neie Parking, deen elo ageweit ginn ass beim Televie, esou hunn ech haut Fotoe geschéckt kritt, wou e Baugerüst virdru gesat ginn ass, datt de Parking net méi accessibel ass. De Muere wollte Leit dohinner fueren a si sinn net méi an de Parking erakomm. D'Leit waren e bëssen iwwerrascht. Si hunn d'Fotoe gesinn, datt alles op wier, fir den Televie war alles op, an haut ass erëm zou. Ech weess net wéi laang, mä op mannst de Stand haut ass de Parking zou. An dat ass net onbedéngt förderlech fir d'Leit, wann se sech dann drop verlooss hunn, nom Televie-Weekend, fir do parken ze goen an en ass dann erëm zou. Mä dir hutt jo gesot, datt nach e bësse Marquage, asw., muss gemaach ginn.

Mä mech beschäftegt och déi Saach mam Blobierg. Dat ass elo scho Joren, wou dee Parking op ass, datt ee mat engem Rollstull net méi do erauskënnt. Elo sot der, datt der mam Proprietär net eens gitt. Dat ass déi eng Geschicht. Mä kënne mer dann net iergendeen Hiweis dohinner maachen, esou datt Leit mat engem Rollstull, déi do erafueren, net do hänken? Esou datt d'Leit gewarnt ginn, datt se mat engem Handicap net sollen do erafueren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Meng Propositioun wäert déi heite sinn – mir mussen elo kucken, wéi mer dat maachen – datt mer déi Handicapéierteplaz komplett aus deem Parking eraushuelen an datt mer dann am Blobierg zousätzlech Handicapéierteparkplaze virgesinn. Ech mengen, datt dat déi verstännegst an déi séierst Léisung wäert sinn.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et ass esouguer fir Leit mat engem Rollator oder enger Krätsch schwéier. Deen Ofsaz ass einfach fir munch Leit ze héich bei deem Parking. Et muss een sech emol einfach eng Kéier an de Fall setzen. Den Trottoir ass einfach ze héich.

Da wollt ech nach froen, ob een an dee Parking an der Lonkecherstrooss, an der Résidence Tokyo, scho kann erafueren, och wann en nach net ageweit ass? Ass dee schonn op fir de Public?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee Parking op der Lonkecherstrooss ass nach zou.

Ech hu jo eng Propose am Kapp, wéi mer et kéinte maache mat deem Parking am Blobierg. Och do ass dat mat deenen Trottoire bewosst gemaach. Et ass fir d'Sécherheet vun de Foussgänger. Well et ass scho schmuel, wou déi mussen trëppelen. A wa mer da just e klengen Ofsaz hunn, da sinn d'Foussgänger iwwerhaapt net securiséiert. Dat hu mer och esou imposéiert kritt aus Sécherheetsgrënn, mä et ass net glécklech.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Dann hoffen ech awer, wann déi Plazen do verschwannen, dass awer wéinstens 2 Handicapéierteplazen am Blobierg géife gemaach ginn. Well da feele jo erëm Handicapéierteplazen. Well beim Orchidea si keng méi an da wiere guer keng méi am Blobierg.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir mussen awer och wëssen, datt mer de Moment d'Situatioun am Blobierg hunn, datt mer bei der Post schaffen, respektiv ënnendrënner, datt do och geschafft gëtt. A fir mech gehéiert herno, als Beispill, eng Handicapéierteplaz bei d'Post. Mä och do kommen d'Leit net an d'Post eran, well mer Trapen do hunn. Mä awer vläicht emol fir déi aner Commercen, respektiv fir bei d'Dokteren. Mä och do mussen se Trapen eropgoen. Et ass och dat, wat ech verschidde Leit gesot hunn. Och am Duerf reklaméieren d'Kinéen Handicapéierteplazen, mä hir Entréeë sinn emol net handicapéiertegerecht gemaach. Datt mer och déi Leit opfuerderen, datt wann se eppes wëllen, si och en Effort fir déi Leit musse maachen. Et ass ëmmer einfach, fir déi ëffentlech Hand unzegräifen. Och dat sollt eng Saach zesumme sinn.

**Accord à l'unanimité.**

# Gemeinderatssitzung vom 24. April 2023

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. - Personalangelegenheiten.

Die Punkte 1.1 bis 1.3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Gemeindeangestellten (m/w) der Gehaltsgruppe A2, Verwaltungsbereich, für das Gemeindesekretariat - Beschluss.

Frau Julie Marx aus Rodange wird als Gemeindeangestellte der Gehaltsgruppe A2, Verwaltungsbereich ernannt.

Rücktritt einer Gemeindeangestellten - Beschluss.

Der Rücktritt von ihrem Posten bei der Gemeindeverwaltung wird Frau Madeleine Noesen gewährt.

### 2. - Mitteilungen.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Romain Mertzig gibt Auskunft über die zukünftige Benennung der öffentlichen Parkplätze auf dem Gebiet der Gemeinde Petingen.

### 3.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in Höhe von 14.734.516,92 € (Jahr 2022) und 17.102,98 € (Jahr 2023) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Neue allgemeine Polizeiverordnung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Öffentliche Spielplätze: Festlegen der Altersgruppen der Benutzer, die auf den Spielplätzen zugelassen sind - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung: Einführung einer neuen kommunalen Gebühr im Kapitel XIII „Taxes sur les jeux et amusements publics“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Konvention mit dem Ministerium für nationale Bildung, Kindheit und Jugend in Bezug auf die finanzielle Beteiligung des Staates an den Renovierungs- und Erweiterungskosten des Jugendhauses in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gewährung einer zusätzlichen kommunalen Entschädigung für die Mitglieder der Wahlbüros - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerung der Drainage des Fußballstadions Stade Jos. Philippart in Rodange: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 60.000 € (inkl. MwSt.) sowie einen Spezialkredit - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerung der öffentlichen Beleuchtung in der rue Pierre Grégoire in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung sowie einen zusätzlichen Kredit über 11.759,56 € - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit : | 101.759,56 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag : | 90.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Geplante Gesamtausgabe : | 101.759,56 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 3.9. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Isolierungsarbeiten des Rathausdaches in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit: | 60.000,00 € ( inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag: | 60.000,00 € ( inkl. MwSt.) |
| Geplante Gesamtausgabe: | 59.957,65 € ( inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 4. - Schulwesen.

Schulorganisationsprojekt 2023/2024 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5. - Soziales.

Konventionszusatz 2 der zweiseitigen Konvention 2022 mit dem Ministerium für nationale Bildung, Kindheit und Jugend für die Kindertagesstätten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung für eine Tür-zu-Tür Verkaufsaktion in der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.1. - Liegenschaften.

Belieferungsvereinbarung mit der Gesellschaft Munhowen SA für die „Sportshal“ sowie das Fußballstadion Jos. Philippart in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**7.2. - Liegenschaften.**

Konvention mit dem Fußballclub FC Rodange 91 in Bezug auf den Betrieb des neuen Ausschanks im Stadion Jos. Philippart sowie die Benutzung des Büros in der „Sportshal" in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**7.3. - Liegenschaften.**

Konventionszusatz 1 der Konvention mit dem Fußballclub FC Rodange 91 in Bezug auf die Zurverfügungstellung der Spielfelder, der Nebengebäude und Einrichtungen in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**7.4. - Liegenschaften.**

Interne Verordnung in Bezug auf den Betrieb des Ausschanks in der „Sportshal" in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8. - Raumplanung.**

Bewilligung der Konvention sowie der Umsetzung in Bezug auf den Teilbebauungsplan (PAP) in puncto Ländereien am Standort „rue Léonard Schroeder" in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.1. - Transport und Kommunikation.**

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy und der rue de la Liberté (Hoch- und Tiefbauarbeiten im Rahmen der Verlegung einer Regenwasserachse) in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.2. - Transport und Kommunikation.**

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue de Niederkorn (Instandsetzungsarbeiten am Stromnetz) in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**9.3. - Transport und Kommunikation.**

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue de la Montagne (Bau eines Wohnhauses als Sozialunterkunft) in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.4. - Transport und Kommunikation.**

Anpassung der allgemeinen Verkehrsverordnung: Regulierung verschiedener überdachter Parkplätze / Parkhäuser in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

---

# Séance publique du 22 mai 2023

***Durée de la séance***: *14.15 à 18.15 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

**Néant**

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.15 heures)**

1. Enseignement
   1.1. Demande de dérogation au règlement d'occupation des postes – décision.

1.2. Demande de dérogation au règlement d'occupation des postes – décision.
1.3. Demande de dérogation au règlement d'occupation des postes – décision.
1.4. Demande de dérogation au règlement d'occupation des postes – décision.
1.5. Demande de dérogation au règlement d'occupation des postes – décision.

2. Enseignement musical
   2.1. Classement d'un enseignant remplaçant pour une classe de formation musicale et percussion – décision.
   2.2. Classement d'une enseignante remplaçante pour une classe de formation musicale et flûte traversière – décision.
   2.3. Classement d'une enseignante remplaçante pour une classe de formation musicale – décision.
   2.4. Démission volontaire: mise à la retraite d'un employé communal – décision.
3. Personnel
   3.1. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.
   3.2. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.
   3.3. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.
   3.4. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.
   3.5. Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service ressources humaines – décision.
   3.6. Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique, pour les besoins du département technique – décision.
   3.7. Réduction de la durée du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
   3.8. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.
   3.9. Promotion d'un fonctionnaire communal – décision.

**Séance publique (15.00 heures)**

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Culture
   5.1. Projet de restauration et de transformation du corps de ferme sis à Lamadelaine, rue de la Fontaine n°5: approbation du mémoire descriptif, du devis et des plans - décision.
   5.2. Convention avec M. Albert Wolter et Mme Gaby Mancini relative à la donation de matériel et de documentation sur le sujet de la radiodiffusion et de l'enregistrement du son au profit de l'Administration communale de Pétange - décision.
   5.3. Statuts de l'association «Interesseveräin Maison du Son ASBL» - information.
   5.4. Convention avec l'association «Interesseveräin Maison du Son ASBL» et l'Université du Luxembourg relative à la conception et l'exploitation du futur espace muséologique «Maison du Son» à Lamadelaine – décision.
6. Administration générale
   6.1. Titres de recettes – décision.
   6.2. Démission dans la commission de la famille, du 3e âge et des handicapés – décision.
   6.3. Aménagement d'une zone d'activités économiques «Au Grand Bis» à Rodange: vote d'un devis adapté – décision.
   6.4. Assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie: vote d'un devis adapté – décision.
   6.5. Viabilisation de trois parcelles dans la zone industrielle PED à Rodange: vote d'un devis supplémentaire – décision.
   6.6. Déplacement d'un transformateur dans la rue Pierre Hamer à Pétange: vote du décompte – décision.
   6.7. Remise en état des pistes de quilles au Centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du décompte – décision.
   6.8. Rénovation des installations électriques et d'éclairage des pistes de quilles au Centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du décompte – décision.
   6.9. Installation d'un nouvel écran tactile à l'espace muséologique en la Maison Rouge à Pétange: vote du décompte – décision.
   6.10. Etat des recettes à recouvrer à la clôture de l'exercice 2022 – décision.
   6.11. Autorisation globale d'ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées – décision.
7. Affaires sociales
   7.1. Création de divers postes par l'Office social – avis.
   7.2. Adaptation des loyers des logements communaux – décision.
8. Personnel
   8.1. Création d'un premier poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité D1, sous-groupe technique pour les besoins du service des piscines communales – décision.

- 8.2. Création d'un second poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité D1, sous-groupe technique pour les besoins du service des piscines communales – décision.
- 8.3. Création d'un troisième poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité D1, sous-groupe technique pour les besoins du service des piscines communales – décision.
- 8.4. Convention relative à la mise à la disposition partielle et temporaire de l'archiviste communal à la commune de Käerjeng – décision.

9. Environnement: Diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la Commune de Pétange: approbation du devis – décision.
10. Propriétés
    - 10.1. Convention de servitude avec le Syndicat des Eaux du Sud concernant le déplacement d'une conduite d'eau potable à Lamadelaine et à Rodange – décision.
    - 10.2. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Montagne», de la part de M. Henri Vorwerk – décision.
    - 10.3. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare», de la part de M. Kiu Ling Tsui et Mme Yiluo Sun – décision.
    - 10.4. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch», de la part des consorts Dubru – décision.
    - 10.5. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part du consortium d'héritiers Kozar – décision.
    - 10.6. Acte concernant la vente de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Ecoles», à Mmes Monique et Christiane Weis – décision.
11. Urbanisation
    - 11.1. Classement de l'immeuble sis à Rodange, rue Joseph Philippart n°19, comme patrimoine culturel national – avis.
    - 11.2. Demande de lotissement/morcellement de la part du bureau d'architecture SFA pour le compte de Mme Mujevic Amela en vue du morcellement d'un terrain sis à Pétange, rue Adolphe n°9 – décision.
    - 11.3. Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Croix Saint Pierre» - décision.
    - 11.4. Demande de lotissement/morcellement de la part de M. De Sousa Da Silva Eugénio et Mme Ribeiro Da Silva Cristiana en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck» - décision.
    - 11.5. Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck n°65 – décision.
    - 11.6. Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 736/7771 - décision.
    - 11.7. Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 747/8275 - décision.
    - 11.8. Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, rue du Clopp n°48 – décision.
12. Transports et communications: Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.
13. Vie associative
    - 13.1. Statuts de l'association «Los Hombres Péiteng ASBL» – information.
    - 13.2. Statuts de l'association «Minièresbunn Doihl ASBL» anciennement «Minièresbunn Doihl Rodange» - information.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

**Enseignement.**

Les points 1.1 à 1.5 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public les décisions prises.

## 2.

**Enseignement musical.**

Les points 2.1 à 2.4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public la décision suivante:

Démission volontaire: mise à la retraite d'un employé communal – décision.

**La démission volontaire de ses fonctions auprès de l'administration communale à partir du 1er septembre 2023 est accordée à M. Philip Tack.**

## 3.

**Personnel.**

Les points 3.1 à 3.9 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.

**Mme Cheryl Britz, demeurant à Villerupt (France), est nommée fonctionnaire du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal).**

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.

**Mme Alyssa Klein, demeurant à Differdange, est nommée fonctionnaire du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal).**

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.

**Mme Laeritia Teixeira, demeurant à Rodange, est nommée fonctionnaire du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal).**

Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service ressources humaines – décision.

**M. Roland Knips, demeurant à Noertzange, est nommé comme employé communal au groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif.**

Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique, pour les besoins du département technique – décision.

**M. Nicolas Baustert, demeurant à Athus (Belgique), est nommé comme employé communal (m/f) au groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique.**

Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

**M. Pierre Bernard est nommé définitivement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique.**

## 4.

### Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir wësst, datt d'Konte vum Joer 2022 den 30. Abrëll ofgeschloss goufen. Den ordinären Deel schléisst mat Recettë vun 91,88 Millounen Euro of. E Plus vun 2,5 Millounen Euro par rapport zum rektifizéierte Budget, deen haaptsächlech op e Plus betreffend de „Fonds de dotation globale des communes" vun 1,2 Millounen Euro a vun der Gewerbesteier vu 600.000 Euro zeréckzeféieren ass.

Op der Ausgabesäit leien déi ordinär Ausgabe bei 59,4 Millounen Euro, dat ass e Minus vun 1,3 Millounen Euro par rapport zum rektifizéierte Budget.

Bei enger Populatioun vun 20.393 Awunner op den 1. Januar 2022 leien deemno déi ordinär Ausgaben am Kont ënner 3.000 Euro pro Kapp. Aus deem ergëtt sech dann en ordinären Iwwerschoss vun 32,47 Millounen Euro, e Plus vun 3,8 Millounen Euro par rapport zum rektifizéierte Budget an e quasi identescht Resultat ewéi am Kont 2021. An dëst trotz der Explosioun vun den Energiekäschten an enger genereller Erhéijung vun de lafende Käschten.

Wat déi extraordinär Ausgaben ugeet, esou belafen déi sech op 50,30 Millounen Euro am Kont 2022, esou datt eng Zomm vun 8,2 Millounen Euro op d'Joer 2023 reportéiert huet musse ginn. Am Total belafen sech d'Recetten – déi ordinär an déi extraordinär zesummen – op 99,90 Millounen Euro an d'Ausgaben – déi ordinär an déi extraordinär zesummen – op 109,70 Millounen Euro, esou datt d'Joer 2022 mat engem totale Minus vun 9,8 Millounen Euro ofschléisst. Doraus ergëtt sech, datt de finale Boni vun 52,25 Millounen Euro Enn 2021 op 42,45 Millounen Euro Enn 2022 erofgeet. Allerdéngs nach ëmmer en exzellent Polster fir zukünfteg Investissementer.

Ervirzehiewen ass awer ganz besonnesch, dat muss ech hei soen, datt am Kont 2022 46,07% vun den net affektéierte Revenue fir Investissementer, also extraordinär Ausgaben, zur Verfügung stoungen. En Undeel, deen sech weise léisst an dee vläicht eenzegaarteg ass an der Gemengelandschaft vu Lëtzebuerg, an deen d'Resultat vun der Finanzpolitik aus de leschten 20 Joer ass. Dat wollt ech iech als Informatioun ginn, an da wësse mir, op wat mir opbaue kënnen, wann no de Walen déi nei Equipe hei untrëtt.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech maachen dann och eng Kommunikatioun, déi ech iech versprach hat, wéi mir d'Budgetsdiskussiounen haten. Do hu mir gesot, mir hätten Handlungsbedarf am EP-Beräich, der Beliichtung, der Energie. An do hu mir elo ugefaangen. Mir hunn elo definitiv entscheet – dee Plang muss iwwer e puer Joer goen, a mir hunn elo en Ufank – datt mir an der ganzer Gemeng LEDen opriichte wëllen, iwwerall. Fir iech e Beispill ze ginn: zu Rodange an der rue de la Piscine fänke mir un. Do stinn nëmme 4 Pottoen, an do kënne mir dann dee ganze System testen a kucken, wéi dat da fonctionéiert. De Verbrauch vun den ale Luuchte läit bei 2.560 kW pro Stonn a pro Joer. Bei deenen neie Luuchte wieren et 416 kW pro Stonn a pro Joer. Dat ass eng Reduktioun vun 83,75% an dësem Beispill. Vu Strooss zu Strooss hänkt dat jo of wat fir eng Bieren een dra mécht. Ma do kënne mir wierklech vill Energie spueren. Mir testen och elo an deem heite Fall emol, wéi d'Leit dat unhuelen, wa mir nuets déi Luuchten dimmen. Wéi gesot, et ass en Test, awer mir si ganz kloer, mir wëllen e pluriannuelle Plang maachen. Dat heescht, déi nächst Equipe, déi do ass, déi mécht deen. Wa mir dat sinn, da maache mir dat, wann déi aner et sinn, da maachen déi dat hoffentlech och. Also e pluriannuelle Plang ewéi an anere Beräicher, wou mir d'Stroossen och lues a lues fréschmaachen. Da géife mir dat och an dësem Beräich maachen. Ech wéilt iech awer och matdeelen, datt mir pro Luucht vum Staat, vum Ministère 100 Euro kréien. De Prinzip ass deen, datt mir do ufänken, wou d'Modernisatioun sech am meeschten opdrängt. Dat heescht, déi éischt Etapp geet elo lass. Mir setzen de Plang op an deen nächste Gemengerot – ech weess net, ob mir am Juni scho méi Detailer hunn, awer wa mir der hunn, ginn ech iech déi. Soss muss déi nächst Equipe kucken, datt déi dat maachen. Et ass wichteg, datt mir och do an d'21. Joerhonnert kommen.

## 5.1.

### Culture.

Projet de restauration et de transformation du corps de ferme sis à Lamadelaine, rue de la Fontaine n°5:

approbation du mémoire descriptif, du devis au montant total arrondi de 13.650.000,00 euros (TTC) et des plans – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da géife mir zum Punkt 5 kommen, eigentlech dee wichtegste Punkt vun dëser Gemengerotssëtzung. Wéi gesot, de Punkt 5, dee mir haut op der Dagesuerdnung stoen hunn, dat ass de Projet „de restauration et de transformation“ vum Bauerenhaff an der Buergaass zu Rolleng. Ech si frou, an deem Kontext den Architektebüro Teisen-Giesler hei ze begréissen. Si stellen eis hannenno deen technesche Volet vun dësem Projet duer. Ech erënneren drun, datt d'Gemeng dësen Haff an der Burgaass zu Rolleng am Joer 2020 duerch en notariellen Akt, dee mir hei am Gemengerot den 20. Abréll 2020 guttgeheescht hunn, kaf huet. Nodeems dann duerno d'Modifikatioun vum PAG ofgeschloss war, hunn ech an der Dezembersëtzung vum 9. Dezember 2022 ugekënnegt, datt dëst Gebai an Zukunft zur Beliewung vum Duerfkär bäidroe soll. Allerdéngs soll och déi aktuell Bausubstanz vum Bauerenhaff an der Scheier erhale bleiwen. Mir gesi vir, datt an dësem Bauerenhaff eng Brasserie mat 50 Couverten an engem Ausseberäich, e lokaalt Geschäft, e ganz interessante Musée, eng Maison du Son an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg an d'Studioe vum lokale Radiossender Péiteng on Air an e puer Joer wäerten entstoen.

Wat de Musée ubelaangt, deen opgrond vun enger Donatioun vun dem Här an der Madamm Wolter vun enger imposanter Kollektioun vu Radioen, Apparater fir opzehuelen, Placken, Dokumentatioun a Bibliothéik aus de leschten 100 Joer – esou bis zeréck an d'19. Joerhonnert, awer och mam Fachwëssen an ënner der Leedung vum Här Fickers vun der Uni Lëtzebuerg entstoe wäert. Esou wäert dëse liewegen an interessante Musée en exzellente Réckbléck iwwer déi méi wéi 100-järeg Geschicht vum Radio ubidden. E grousse Merci geet hei emol vun eis aus besonnesch un d'Donateuren, den Här an d'Madamm Wolter. D'Gemeng engagéiert sech am Kader vun enger Konventioun, déi am Punkt 5.2 hei zur Diskussioun kënnt, dës remarkabel Kollektioun an engem Musée ze weisen an och fir Recherchen a Visitten zur Verfügung ze stellen. Dofir si mir och frou, mat der Uni Lëtzebuerg e kompetente Partner ze hu fir engersäits d'Konzept vun der Ausstellung ze developpéieren, ma och duerno de Musée ze férderen an duerch Konferenzen a Visitten ze beliewen. Dat Ganzt soll iwwer eng Asbl, Interesseveräin „Maison du Son“, verwalt ginn, wou och zwee Membere vum Gemengerot am Verwaltungsrot d'Interesse vun der Gemeng vertriede wäerten.

Et läit dann och op der Hand, datt eise lokale Radio Péiteng on Air seng Studioen an dëser „Maison du son“ kéint hunn. Dofir sinn dann och Raimlechkeeten um 1. Stack vun der Scheier fir dëse Radio virgesinn.

D'Renovatiounsaarbechte sinn zimmlech substanziell a belafen sech laut Devis – do sinn awer och schonn Indextranchen an Deierechte mat aberechent – op 13,65 Milliounen Euro. Et ass ervirzesträichen, datt um Deel vum Musée e Subsid vu 35% vum Kulturministère z'erwaarden ass. Dëst emol als politesch Aleedung zum Projet. Ech géif dem Architektebüro dann elo d'Wuert ginn. Si kënnen eis déi technesch Erklärunge ginn an da géif ech och de Punkt 5 zur Diskussioun stellen. An da wäerte mir dat eent oder anert nach beliichten. Dat hei ass den Ufank vun engem ganz flotten, interessante Projet, dee sécherlech och am Kader vun eiser Tourismusentwécklung eng Roll wäert spillen. Dofir nach eng Kéier all deene Merci, déi um Projet geschafft hunn. Haaptsächlech deene Leit, déi ech virdru genannt hunn, an och vun eiser Säit aus, eisem Architekt, dem Här Bauler, dee verantwortlech ass fir dee ganze Projet ze suivéieren. Ma ech géif elo der Madamm Teisen d'Wuert ginn. Si wäert eis déi eng oder aner technesch Finessen erklären, wéi dee Bauerenhaff soll ëmmodeléiert ginn an awer nach ëmmer esou ausgesinn ewéi elo.

**Bureau d'Architectes Teisen & Giesler Sàrl:**

*Erklärunge vun der Madamm Teisen zum Ëmbau vum Colléshaff zu Rolleng an der Buergaass:*

*L'ancienne ferme « Collé Haff »*

*Les bâtiments existants de l'exploitation agricole se distinguent typologiquement par plusieurs unités de qualités de construction différentes, accolées les unes aux autres. D'une part, une maison constitue la partie habitation ; et d'autre part, une grange donnant sur la rue, un hangar et une porcherie à l'arrière composent les bâtiments d'exploitation agricole.*

*Sur la base des premières recherches effectuées pour l'étude de faisabilité, on peut supposer que la maison et la grange attenante ont été construites au XVIIIe siècle. De plus, il a été découvert que la maison d'habitation avait autrefois 3 lucarnes au niveau de la toiture donnant sur la rue, orientées au sud (voir photo historique ci-après). Il a donc été décidé de les reconstruire, d'une part pour retrouver l'aspect historique, et d'autre part pour laisser entrer plus de lumière dans les combles, afin de donner une réelle habitabilité à ce dernier étage attribué au musée.*

*L'ensemble des bâtiments agricoles révèle un grand potentiel en raison des volumes capables et de leur authenticité, qui sont à préserver tant que possible, dans la mesure où les éléments structurels le permettent. L'ensemble doit néanmoins répondre aux normes nécessaires en matière de confort, d'accessibilité et de sécurité, afin de pouvoir accueillir des visiteurs et une fréquentation régulière, ce qui est l'intention principale du projet de revalorisation.*

*Maison du Son*

*Le projet de la "Maison du Son" à Lamadelaine est né de l'initiative du collectionneur privé M. Albert Wolter de mettre à disposition à la commune de Pétange sa collection privée de postes de radio et appareils audio (gramophones, etc…), afin de les exposer dans le cadre d'un musée. Le musée et son exposition sont désormais en cours de planification, en collaboration avec l'Université du Luxembourg (Uni.lu), par l'intermédiaire de M. Andreas Fickers, directeur du le Center for Contemporary and Digital History (C2DH), et le collectif Tokonoma pour la scénographie. Le parcours muséal thématisé s'intègrera dans les différents niveaux de la maison d'habitation existante et plusieurs autres espaces en relation avec le musée seront situés dans la grange. La fréquentation du musée se limiterait à environ 50 personnes pour des raisons de sécurité et de gestion.*

*Le projet invite le visiteur à accéder au lieu par la nouvelle entrée principale du site correspondant au portail de la grange actuelle. A partir du rez-de-chaussée de la grange, le visiteur peut accéder aux différentes fonctions, dont l'accueil du musée avec son ambiance de magasin d'objets radio des années 1950. Depuis cet accueil, le visiteur peut accéder à la maison, par ascenseur ou escalier, grâce à des ouvertures créées à chaque niveau dans le mur pignon la séparant de la grange. Selon le parcours muséal et la scénographie, il pourra explorer les différentes pièces de la maison en empruntant l'escalier historique. Il aura également accès aux différents espaces d'exposition situés au 1er étage de la grange, ainsi qu'au 2ème étage, toutefois accompagné d'un encadrant pour des visites plus spécifiques. De retour à l'accueil, il pourra remettre son audioguide/écouteurs, acheter de la littérature ou un catalogue souvenir...*

*Le thème du son et de la radio sera le fil conducteur du musée, ainsi que de l'ensemble du projet dans les différents espaces*

*communs accessibles au public, dans la brasserie, etc., comme le reflète le nom du projet « Maison du Son ».*

*Radio « Peiteng On Air »*

*Le projet prévoit d'intégrer au sein de la Maison du Son les studios de la radio local «Peiteng On Air » afin d'apporter une émulation autour du thème du son et de la radio. Ceci permettra de mettre en perspective la transcription historique du musée et la diffusion actuelle de la radio.*

*Mise en valeur de produits locaux: brasserie, cuisine et épicerie locale*

*L'intégration d'une brasserie permet une animation permanente tout au long de l'année, en semaine, comme le week-end. Le but étant d'attirer un très large public au sein d'un espace convivial et animé, pour ensuite attirer la curiosité des visiteurs vers l'univers du Son. La cuisine se trouve dans le nouvel hangar à l'arrière de la grange. Cet emplacement permet de servir à la fois la brasserie donnant sur la rue et les terrasses à l'arrière. L´ancienne porcherie, à la manière d'une pergola, permettra aux visiteurs de disposer d'un espace abrité en lien direct avec le jardin, de la même manière que les terrasses aménagées. L'ouverture vers l'intérieur d'îlot permet également une utilisation en lien avec l'espace publique, avec des équipements ludiques en rapport avec le domaine du son, pouvant servir lors d'évènements locaux (vide-greniers, fêtes du village…).*

*Enfin, un local commercial, potentiellement une épicerie de produits locaux, est prévue côté rue, afin d'offrir aux habitants et visiteurs un point de vente accessible mettant en valeur les richesses, notamment culinaires, de la région.*

*Conception sécurisée et durable*

*La requalification de l'ensemble des bâtiments, qui constituent l'ancienne ferme passe par la mise aux normes du lieu, afin d'assurer la sécurité des visiteurs. Le lieu sera accessible pour les personnes à mobilité réduite (PMR), les niveaux des nouvelles dalles de sol de l'ensemble des bâtiments sont unifiés en fonction des niveaux de la maison, dont les sols seront conservés, car présentant un intérêt architectural (parquet, seuils de portes, etc.). Ces planchers seront consolidés en sous-face, de manière à accueillir les visiteurs du musée.*

*Une étude de compartimentage est également réalisée pour répondre aux normes incendie. Concernant les matériaux utilisés, le projet souligne la volonté de combiner des matériaux contemporains avec les éléments d'origine à rénover, en distinguant clairement les éléments nouvellement ajoutés des volumes déjà présents. Ainsi, les revêtements des nouveaux planchers en béton brut seront visibles dans la grange, les structures métalliques nécessaires à la mise en sécurité du site seront visuellement assumées. Une optimisation du fonctionnement du lieu d'un point de vue énergétique et écologique est prévue. Le concept énergétique a donc aussi une place importante dans le projet au regard du contexte actuel, en considérant notamment que l'usage des bâtiments et les fonctions qui y sont prévues auront une certaine pérennité. Du point de vue énergétique, cela se traduit par l'étude de plusieurs modes de récupération d'énergie, alternatifs et complémentaire du gaz provenant du réseau urbain. Ainsi, une étude pour des forages géothermiques est en cours et il est prévu d'installer des panneaux photovoltaïques sur la nouvelle toiture orientée au sud du hangar à l'arrière de la grange. De plus, un système de récupération des eaux de pluie est également envisagé. Les nouveaux éléments techniques et statiques seront de manière générale au service de la mise en valeur de l'aspect authentique du lieu.*

**Remacle Patrick (CSV):**

Fir mech huet dee Projet hei 3 Voleten. Deen éischten, an dat ass dat, wat ech schonn an der Budgetsdiskussioun gesot hunn, entsteet hei e flotte Begegnungspunkt am Duerfkär vu Rolleng. Eng Brasserie an e Geschäft géifen d'Leit beienee bréngen a géif hinnen d'Méiglechkeet gi fir e puer gemittlech Stonne mateneen ze verbréngen. An e Béiergaart matten a Rolleng, dat huet eppes.

Deen zweete Volet ass dee vum Musée, also vun der „Maison du son". Hei wëll ech fir d'éischt emol am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Här an der Madamm Wolter villmools Merci soen, datt si hir Radiosammlung dem zukünftege Musée gratis zur Verfügung stellen. Dësen – an et kann een et soen – geniale Projet, deen och vun der Uni Lëtzebuerg ënnerstëtzt a begleet a spéider och vun hinne gefërdert gëtt, ass dann och e weideren héijen touristeschen Unzéiungspunkt an eiser Gemeng. Well mir hunn et jo elo hei héieren, datt dee Musée eenzegaarteg op der ganzer Welt wäert sinn.

Deen drëtte Volet ass dann dee vum lokale Radio Péiteng on Air. Wat läit méi no fir eise lokale Radio an d'„Maison du son", also d'Gebailechkeete vum Radiosmusée z'integréieren. Ech war e puer Joer President vu Radio Péiteng on Air, an ech hunn de Weekend mat de Kolleege vum Radio geschwat. Si wieren och ganz frou, wann dat géif klappen. Si hunn allerdéngs liicht Zweiwel wat d'Fläch ugeet. Si hunn de Moment zirka 90 Quadratmeter zur Verfügung a géifen an deem neie Gebai nëmmen 62,4 Quadratmeter kréien, déi net just fir de Radio wieren, ma och zum Deel als Gemeinschaftsfläch virgesi wiere wann een de Plang kuckt. Allerdéngs gesäit een um Plang awer och, datt déi 2 Studiokabinne vill besser integréiert sinn. Se sti jeeweils widder 2 Maueren, net datt et, wéi an der aktueller Konfiguratioun, vill verluere Plaz ronderëm gëtt. Ech géif awer trotzdeem eng kleng Ännerung um Plang virschloen, déi net vill an d'Gewiicht fält, an awer d'Nettogrondfläch fir de Radio géif vergréisseren.

Dann hunn ech nach eng Fro, wat d'Technik ubelaangt. Dir hutt gesot, et wier nach net sécher, ob déi Studioskabinne géife geplënnert ginn. Ech hu gesinn, datt d'Brasserie just ënnendrënner ass. Déi Studioskabinne si jo akustesch isoléiert. Do kann een e bësse Kaméidi maachen niewendrun, dat héiert een net dobannen. Wann déi Kabinnen awer elo net géife kommen, da muss no ënnen zu der Brasserie immens isoléiert ginn, well wann net grad Musek gespillt gëtt, da géif een dat awer gutt héiere wat ënne lass ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Remacle Merci fir seng Remarken. Wat dës Studioen ugeet, do ginn ech him engersäits Recht. Dee Raum wäert warscheinlech e bësse méi optimal ageriicht sinn ewéi deen, deen se haut hunn. Ma haut si mir an engem éischte Projet, an do wäerten nach Gespréicher gefouert gi fir hir Situatioun esou optimal ewéi méiglech ze realiséieren. Et muss een natierlech wëssen, datt een an engem ale Gebai ass, an do ass net ëmmer alles méiglech. Et muss een natierlech elo mat hinne kucken, wat fir Méiglechkeeten do bestinn. Wéi ech virdru gesot hunn, wäerte mir am Laf vun den nächste Wochen a Méint déi eng oder aner Diskussioun féiere mat all deene Leit, déi do wäerten aktiv ginn. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt mir hei eng eemoleg Geleeënheet kréien, fir fir eise Radio eng Situatioun ze fannen op enger Plaz, wou si awer sécherlech besser sinn ewéi do, wou se elo sinn, an enger fréierer Kierch. An ech mengen, et muss een elo kucken, dat Bescht aus deem Projet ze maachen. D'Diskussioune sinn nach net ofgeschloss, a mir wäerten déi och nach an den nächste Méint weiderféieren.

Ech weess net, ob d'Madamm Teisen dat mat deene Kabinnen do ka beäntwerten.

**Bureau d'Architectes Teisen & Giesler Sàrl:**

Dat si jo am Moment Scheiwen, déi wéi e Lego zesummegesat ginn. Dat heescht, d'Geometrie kann op dës Plaz ugepasst ginn. Dat heescht, mir kënnen se op alle Fall recuperéieren, d'Geometrie awer vläicht nach e bëssen adaptéieren. Dat misst een elo kucken. Mir hate jo bis elo nach net vill Geleeënheet, esou kleng Workshoppe mam Radio ze maachen, esou datt een sech emol mat der Architektur ausenanersetzt an hirer ganzer Ausstattung. Mir hunn also hir „ist"-Situatioun geholl an déi integréiert, an et ass méiglech. Elo kënnt den Detail, wéi si elo am beschten an Zukunft funktionéieren. Wa mir alles recuperéieren, dann ass d'Akustik schonn derbäi. Do hutt dir absolut Recht.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech soen emol Merci fir déi flott Präsentatioun vum Projet, well ech deen Haff scho vu klengem u kenne well ech jo e fréiere Rollenger sinn. Ech soen och der Famill Wolter Merci, datt si déi ganz Kollektioun zur Verfügung stellt. Wann ee gesäit, wat do alles zesummekënnt. Ech hunn och en ale Radio, an ech fannen et flott wa mir elo op de Wee ginn – wéi den Här gesot huet – fir e Repair-Café ze maachen. Net nëmme fir Radioen ze flécken, ma et wier och gutt, wa mir dee Sall kéinte fir e Repair-Café am Allgemenge kéinten notzen. Obwuel ech mat mengem ale Radio hu mussen op Suessem goe fir e gefléckt ze kréien an engem Repair-Café, soen ech, datt et eng ganz flott Saach ass. An et ass och flott, wann een esou en ale Radio huet an et hält een deen an Éiere well een dee geierft huet an da kann een ëmmer soen, datt et en aalt Familljestéck ass.

Ech hunn nach just e Problem mat dem Numm „Maison du son". Et ass zwar duerno en Haus, wou dat Ganzt stattfënnt. Ma ech fannen, et misst een och den Numm vun deene Leit erhalen, déi do gelieft hunn an déi och den Haff erhalen an de Betrib gefouert hunn. Déi meeschte Leit kennen d'Haus just ënner dem Numm „beim Ketty" oder bei „Marschall's Ketty", an ech fannen, deen Numm misst een och erhalen am Gedanken un déi Leit, déi do hiert ganz Liewe laang geschafft hunn. Och kann ee kucken, datt ee vläicht – dat huet elo net direkt eppes mam Haff ze doen – de Buer erhält. Et hätt een do scho vläicht éischter kënnen drun denke fir dee Buer frësch ze maachen, well deen huet och zum Bauerewiese bäigedroe well fréier sinn d'Kéi do drénke gaangen. An dee gehéiert och zum Bauerenhaff.

An da wëll ech soen, den Här Remacle fënnt dat flott, datt e Café dohinner kënnt. E Café ass ëmmer flott wann e Café anstänneg gefouert gëtt a wann de Café ëmmer esou respektéiert gëtt vun den Awunner vum Duerf. An ech hoffen, datt an deem heite Fall d'Awunner vum Duerf mat abezunn a mat Zäiten informéiert ginn, wat do kënnt. Et wier vläicht flott, wa mir do géifen eng Informatiounsversammlung maachen. Well dir wësst jo, wéi et ass. All Kéier wa mir elo e Projet haten an et war e Problem, dann huet et geheescht, mir sinn net informéiert ginn. Also kéinte mir dës Kéier drun denken, datt mir op de Wee gi fir de Leit aus dem Duerfkär emol eng Präsentatioun ze maachen. Ech mengen, mir hunn et haut gesinn, mir stëmmen haut of. Ma ech fannen, et wier wichteg, wa mir d'Leit aus dem Duerf mat abannen, well et ass eng Saach, wou spéiderhin – wann do eng Terrass ass a Leit matenee schwätzen, an ech weess vun engem Fall an der Groussgaass, wou scho Problemer ware mat der Musek. Et ass flott wann e Café do ass. Et kënnt jo e Geschäft dran. Et komme vill Saachen zesummen, wou nees neit Liewen entsteet. Rolleng ass am Fong e bëssen doudeg. Mir hunn zwar nach eng Apdikt an e Coiffeur do, ma et feelt wierklech e bësse Liewen am Duerf. Dat eenzegt, wat nach ass, dat si Parkplaze fir d'Geschäft an de Radio. Dovun hu mir elo net geschwat. Ech weess datt d'Leit, déi beim Radio schaffen, elo scho Problemer mat de Parkplazen hate wou se ënne waren. Wann se hiert Material mussen hin an hir fueren. Ech hoffen, datt duerno dru geduecht gëtt, datt si eng Plaz bei der Dir hunn, fir datt si hiert Material eraus- an era kënne schleefen. Och fir datt d'Geschäft ka beliwwert ginn.

An dann hunn ech nach eng Fro: wann den Haff erneiert gëtt. Den Haff stéisst jo zu zwou Säiten un d'Noperen. Déi eng Säit huet d'Madamm Teisen eis jo elo gewisen. Déi kleng Päertche kënnt jo ewech, do kënnt jo en Duerchgangswee. Do ass zu deem Haus riets eng Fënster op der Säit, dir hutt déi jo warscheinlech gesinn. Gëtt dat duerno kee Problem? Do soll dat jo och esou schéi begréngt ginn. Ech hoffen, datt dat och herno esou kënnt ewéi dat elo am Projet ausgesäit. Mir hu schonn dacks Projete gewise kritt, wou dat duerno net de Fall war. Mir géifen dat begréissen, wann dat esou géif kommen.

An da wollt ech froen, ob do e Lift dra kënnt. Et gesäit een do lénks a riets bei d'Noperen an d'Gäert. Wéi gesäit et do aus mam Siichtschutz? Kënnt do eppes? Den Noper riets huet jo schonn e Siichtschutz. Dir waart jo warscheinlech op der Plaz, do ass jo dee groen Drot do. Geschitt do nach eppes weider? Gëtt do gesuergt, datt d'Noperen net zevill gestéiert ginn duerch dat Ganzt. Déi wunnen och scho laang am Duerf an déi hätten och warscheinlech gär, datt dat Ganzt e bësse schéin ass an datt se och nach de Rescht vun der Zäit am Duerf kënne liewen an net zevill beaflosst ginn duerch dee ganze Projet.

Dann hunn ech e puer technesch Froen. Et si jo 100 Buerunge virgesinn, an déi kaschten nawell en Heedegeld. Et bleift net aus. Mir si jo haut op deem Wee, datt mir esou solle funktionéieren an datt mir dat esou sollen erhëtzen. Do steet jo dann och dran, datt 8 Boiler solle komme fir d'Waasser oder sécher fir alles, wou waarm Waasser soll do sinn. Sinn déi Boiler och fir d'Kichen, esou datt si waarm Waasser hunn? Gëtt dat iwwer déi Fotovoltaikanlag bedriwwen? Well dir hat gesot, et kéint vläicht eng Fotovoltaikanlag drop fir datt dat op dee Wee geet fir ze funktionéieren. Mir hu scho laang als Partei gefrot, datt mir bei alle Gebaier vun der Gemeng sollen op dee Wee goen an eng Fotovoltaikanlag drop maachen. Do wou et méiglech ass. Dir hutt jo gesot, den Daach géif hei verstäerkt ginn. Dann hätte mir jo d'Méiglechkeet fir dat hei ze maachen.

Vum Reewaasser steet jo och am Text, datt en Opfangbecke kënnt. Ass dat geduecht fir d'Toiletten an och fir dat Gréngs ronderëm, wat mer jo hoffentlech kréien, ze netzen esou datt mir d'Waasser notze vun där grousser Daachfläch. Dat géif jo Sënn maachen. Gëtt dat e Behälter? Wou kënnt deen hin? Dat huet een net esou richteg um Plang gesinn.

Ech si gläich fäerdeg. Wéi gesot, mir kréie jo Subsiden am Fall, wou mir eng Fotovoltaikanlag maachen. Dat ass jo flott, wa mir op dee Wee ginn. Et ass jo esou, datt op déi Terrainen hannen an der Groussgaass Appartementer kommen. Dat ass geplangt, mir hate jo mol dovunner geschwat. Déi Leit wësse jo duerno, datt eppes do ass. Datt e Geschäft do ass, datt Liewen am Duerf ass, net datt et nees heescht, mir hunn do kaf a mer hunn duerno nëmmen Zauber hannerem Haus. Ech mengen, et bleift net aus – wéi den Här Remacle gesot huet, ass och e Café do –, ma mir kënne jo dann och kucken, datt mir an de Limitte bleiwe mat den Auerzäiten, datt mir d'Liewen am Duerfkär awer e bëssen op eng anstänneg Aart a Weis erhalen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech versichen, op dat Politescht anzegoen, an duerno kommen déi e bësse méi technesch Froen, wou ech d'Seegele muss strecken. Awer ech kommen op dat Politescht mol hin.

Et ass elo engersäits vum Liewen am Duerf geschwat ginn. Ech mengen, et weess een, wann ee Liewen am Duerf huet, da gëtt et e bësse méi lieweg. Et kann een net Liewen am Duerf hunn an dann dovunner ausgoen, datt et roueg ass. Wéi dat hannenno ausgesäit, wéi déi Brasserie hannenno exploitéiert gëtt, dat entscheet dëse Gremium, de

Gemengerot. Well de Gemengerot sicht sech e Partner an definéiert wat fir Aktivitéiten a bis wéi spéit datt kann dobaussen eppes sinn. Laut Polizeireglement ass et um 22 Auer roueg, da wäerte mir dat jo och an eise Gebaier respektéiert kréien. Dat heescht, ech mengen dat ass eng Diskussioun, déi mir musse féieren. Mir sinn awer der Meenung, datt näischt méi zu enger Beliewung vun engem Uertskär bäidroe kann ewéi eng Brasserie. Well et ass jo haaptsächlech eng Brasserie, wou een eppes iesse kann, an eng Terrass. Selbstverständlech muss dat am Aklang mat den Nopere sinn. A selbstverständlech muss dat esou ageriicht ginn, fir datt d'Noperen net bis spéit an d'Nuecht emmerdéiert ginn, fir et emol esou auszedrécken. Mir kucken, wat mir hei zesumme festleeën. A mir wäerten am Gemengerot festleeën, wat fir eng Exploitatioun an där Brasserie do erlaabt gëtt. Mir verlounen et jo, da kënne mir och d'Konditioune setzen.

Dat mam Numm, do ginn ech iech Recht. Mir hunn et elo „Maison du Son“ genannt. Awer datt mir duerno de Familljennumm huelen – beim WAX hu mir dat och gemaach, dat kënnt och vu Waxweiler – an datt mir soen, d'„Maison du Son“ ass beim Biwesch Ketty oder wéi et dann heescht, dat kënne mir nach ëmmer entscheeden. Ech mengen, do hu mir jo nach e bëssen Zäit. An ech mengen, an zwee oder dräi Joer hu mir och en Numm fonnt. Ech géif et och flott fanne wann een do deen Numm géif bäibehalen an datt een dat eventuell géif festhalen. Ma et kéint een awer och soen, datt et e „Musée du Son Albert Wolter“ ass, well deen eis d'Apparature gestallt huet. Dat heescht, de Gemengerot muss eng Kéier diskutéieren a sech festleeën, wéi en dat wëll nennen. An ech mengen, do wäerte mir awer schlussendlech eng Eenegung fannen.

Wat d'Parkplazen ubelaangt – dir hutt et jo ugeschwat, dee Wee an déi Fënster – do si mir elo net onbedéngt déi, déi um Drécker sinn, well dee Passage ass Deel vum PAP. Dat huet eigentlech mat dem Projet hei näischt ze dinn. Mir profitéieren natierlech vun deem PAP, deen an der Prozedur ass, a mir wäerten a 14 Deeg driwwer schwätzen. Mir hunn elo d'Avise kritt vun der „Cellule d'évaluation“, a mir wäerten dann do op déi eenzel Saachen zeréckkommen. An da muss de Gemengerot entscheeden, wéi en dat do gesäit. D'Iddi ass, datt e Passage – esou wéi et op deem Bild gezeechent ass oder hei am Kader vun deem Projet gewise gouf – gemaach gëtt vun der Buergaass bis déi aner Säit an d'Groussgaass. Et ass e Fousswee. Et ass kee befuerbare Wee, wou een déi aner Säit an der Groussgaass erauskënnt. A wann een do iwwer d'Strooss geet, laanscht dee Kaffi, dann ass een op enger Parkplaz beim Schoulgebai Beim Tëtelbierg.

Ech ginn dovunner aus, datt, wann een an de Restaurant geet, dee Wee hëlt an net d'Strooße vollparkt lénks a riets. Et soll een dohinner parke goen an dee Wee huele fir wann iergendwéi eng Aktivitéit am Musée respektiv an der Brasserie ass. Dat heescht, de Groussdeel vun de Parkplaze wäerte mir am Zentrum definéieren. Et bleift awer och, an dat ass och ugeduecht, datt virun der Dier Parkplaze si fir Leit mat enger Behënnerung oder fir ofzelueden. Do ass eng Plaz virum Bauerenhaff, déi awer och kann optimal geléist an och genotzt ka ginn. Et wäert natierlech net all Parkproblemer léisen, déi do entstinn. Dofir ass déi aner Léisung ugeduecht fir dee Wee iwwer d'Groussgaass bei d'Tëtelbierg-Schoul ze benotzen.

Wat d'Liewen am Duerf ugeet – mir hunn et jo och op 50 Couverte reduzéiert, well wann een et gewollt hätt, dann hätt een do aus där Scheier nach vill méi kënnen draus maachen. Mir hunn do bewosst dat op 50 Couverten definéiert. Et ass e bëssen déiselwecht Gréisst ewéi de WAX. Och wéinst der Parkplaz, dem Kaméidi an den Onannehmlechkeeten, déi d'Noperen doduerch géifen erliewen, wollte mir dat net zevill staark, grouss maachen. Dofir ass et och an enger gewësser Dimensioun virgesinn.

Schlussendlech zur Fotovoltaik. Jo, iwwerall, wou mir nëmmen eng Méiglechkeet kréien, maache mir Fotovoltaik drop. Dat hu mir jo an der leschter Zäit bewisen. Mir hunn eng ganz Rei esou Projete realiséiert. Wa mir en Neibau gemaach hunn, dann hu mir där Léisunge gesicht. Dir wësst, an dir hutt et jo och vun der Architektin héieren, datt mir grad deen een Daach geännert hu fir déi Fotovoltaik do kënnen z'installéieren. Mir wäerten an déi Richtung goen. An dat ass och ëmmer d'Zilsetzung vun dësem Schäfferot, vun dësem Gemengerot gewiescht fir, wann et nëmme méiglech ass, Fotovoltaik virzegesinn.

An da géif ech vläicht, wat déi 100 Buerungen an déi Saach vum Lift ugeet, der Madamm Teisen d'Wuert ginn. Si kann och vläicht déi technesch Froe mat deem Opfangbaseng oder mat deem Baseng, wou mir d'Reewaasser opfänken, beäntwerten.

**Bureau d'Architectes Teisen & Giesler Sàrl:**

Also d'Reewaasser opfänken ass definitiv ugeduecht. Mir hunn am hënneschten Deel vum Haus elo scho vum fréiere Bauer Cuven, déi mir erwaarden. Mir hunn nach net alles grouss opgemaach, awer dee Beräich bitt sech u fir datt een do eng Kéier an d'Déift geet an e groussen Tank virgesäit. Dat heescht, dat ass definitiv de Fall. Natierlech mécht et och Sënn mat all deene groussen Daachflächen. Déi hënnescht Pentë ginn duer fir d'Reewaasser do opzefänken.

De Lift, deen ass jo bannen an der grousser Scheier. Dat heescht, deen huet just en Impakt bannen an deem Raum. Dee soll an engem gewëssene Grad transparent sinn, et soll mat Glas geschafft ginn, esou datt een do éischter esou e Panorama-Lift huet ouni datt een eng Konkurrenz schaaft mat dem Denkmalschutz, ma e gudde Mateneen. A bausse gesäit een dann näischt, well et ass jo an der Hüls. An déi hënnescht Fassad ass och esou geschloss – do si just e puer Fënstercher – datt deen Impakt vun enger Vue op iergenden Noper net ginn ass. Dat eenzegt, wat een huet, dat ass, datt déi hënnescht Fënstere vum Haapthaus um 1. Stack, do kéint ee vläicht eppes luussen, an dann nach. Dat ass am Fong geholl d'Konzept vum Musée. Si schaffen am Fong wéi eng Box an der Box. Dat muss jo elo nach ausgeschafft ginn. Also et ass esou, datt een sech an deem Musée méi op dat Ausstellungsstéck, op dee Radio konzentréiert. Och vum Toun hir.

Warscheinlech gëtt et och dacks Donkelraim. Dat ass alles nach net bis zum Schluss gekläert. Et huet een déi Fënsteren zwar, ma se sinn dacks ofgedonkelt fir datt et iwwerhaapt banne klappt mat deem Muséeskonzept. A wéi scho gesot: dee säitleche Passage ass jo spéider d'Oftriedung vum PAP, dee soll just als Duerchgang geduecht ginn. Ech denken och éischter, datt déi Béierkeller-Atmosphär sech a Grenzen hält. Et gi jo verschidde Plateauen, déi mat der Topographie ginn, esou datt sech kleng Gruppen do treffen a warscheinlech net e Risendësch wou se all Kéier haart laachen. Ech hunn och d'Gefill, datt dat eppes méi Gemittleches gëtt am Gréngs.

Also d'Buerunge ware proposéiert ginn, well mir am Fong wollte méiglechst alles, wat een energeetesch-ökologesch kann ubidden, och an dësem Projet gesäit. Obwuel mir vun engem denkmalgeschützten Objet schwätzen. An dofir sinn déi emol chiffréiert ginn. Also am Budget falen se op, well et awer en deiere Posten ass, dat ass wuel wouer. Do mussen elo Buerunge gemaach gi fir datt ee kuckt, wéi déif een iwwerhaapt buere kann, wat gëtt dat hir, wéivill Punkten hu mir dann um Terrain, déi genotzt ginn? Mir hunn der esouwuel hannen ewéi vir beim Parvis. Et ass awer och esou am Moment, datt et en Zesummespill gëtt mat dem Gesamtisolatiounsgrad vun der ganzer Scheier. Mir gi jo elo net hin an dämme vu bannen déi Wänn vun der Scheier. Mir maache just eng gutt Isolatioun vun allen Daachflächen a vum Buedem an och gutt nei Fënsteren. Dat bréngt mat sech, datt mir net terribel gutt sinn am Energiepass ewéi wann ee vun

engem Neibau schwätzt. An do si mir amgaang ze kucken, ob oder a wéi wäit mir Subside kréien, well soss ass déi Tiefenbohrung zwar eng gutt Saach, ma d'Subside falen am Fong manner gutt aus well mir am Gesamtbild net esou gutt do stinn. Dat ass elo e bëssen, wou mir elo nach kucken, u verschiddene Schrauwen ze dréinen ob mir eis dat wëlle ginn. Dann ass einfach d'Rentabilitéit esou vill Joer méi, wou et sech bei engem anere Projet schonn no esou vill Joer rentéiert.

Déi eenzeg Alternativ fir dat Gebai ass, fir eng Gasheizung ze verschaffen. Mir hunn och am Virfeld matenee geschwat, fir esou ökologesch ewéi méiglech ze maachen, an och am Zesummespill mat der Fotovoltaik. Natierlech ass et eng Wärmepompel an déi ass e bësse méi effektiv ewéi eng Gaschaudière. Déi richteg Unzuel u Buerungen ass nach ze definéieren. Mir missten eng Probebohrung maache fir ze kucken, wéi de Wärmeertrag am Buedem ass. Dat heescht am Moment hu mir de „worst case" mat dran. Dat ass am schlëmmste Fall esou, datt mir déi Buerunge brauchen. Ma dat géif et warscheinlech net ginn.

Och mat der Fotovoltaik ass et esou, datt mir op deem Daach, dee mir zur Verfügung hunn, och de Maximum, wat méiglech ass, gemaach hunn. Bei Sites et Monuments ass et natierlech net esou gär gesi fir vir um Süddaach eng grouss Fotovoltaik ze maachen. Dofir hu mir esou grouss ewéi méiglech hanne gemaach. Mat de Subsiden, déi kréie mir fir d'Fotovoltaik definitiv voll. Mir hunn och nach vill, wat mir mat aspeisen. Mir missten awer fir d'Gebai en neien Uschloss vun der Creos kréien. De Moment huet e just 40 Ampère, dat war och am initiale Budget net esou déck mat dran.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hu just eng Fro un d'Madamm Teisen. Dir hat elo grad gesot, et wier eng gréng Terrass hannenaus. Déi Beem, déi do stinn, oder dat Gehecks, kann do en Deel stoe bleiwen oder muss alles ewechkommen a spéider nei ugeplanzt ginn? Oder wéi gesäit dat aus? Well wann nämlech elo alles ewechkënnt, dann hu mir nees dat Thema an d'Diskussioun.

**Bureau d'Architectes Teisen & Giesler Sàrl:**

Dir hutt duerchaus Recht. Dat ass och vläicht eis Angscht. Dofir hu mir och virun der Dier gekuckt, wéivill dohinner géif passen. Dat sinn déi Kreesser, déi een um Parvis gesäit. Dat sinn déi einfachst. Do sinn d'Buerungen och net esou kompliżéiert am Bannenhaff. Jee nodeem wéi mir den Ertrag kennen, da misst een hannen nach kucken, wéi eng Plazen sech am beschte géifen eegenen. Déi wieren direkt hannerem Haus an net hanner der zweeter Scheier, well do ass am Fong deen ursprénglechsten Deel vun der Planzung a wou et och am Wëllsten ausgesäit. Et ass awer och esou, datt de Gemengegäertner schonn emol driwwer gekuckt a gebotzt huet, och emol nuancéiert huet wat erhalenswäert ass a wéi een eng Struktur an dee Gaart kritt. Deen ass mëttlerweil nees méi wëll. Dat heescht, wann een all Donnéeë beieneen huet, da muss een eng Kéier e Punkt maachen. An ech ginn iech Recht, et soll herno net en nei ugeséinte Gaart sinn, mä e misst nach dee Feeling behalen, deen en elo jorelaang hat.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech ginn elo net zevill an d'Detailer eran. Mol fir d'alleréischt fannen ech an och meng Partei dëse Projet immens. Et ass fir eis Gemeng eng grouss Beräicherung fir esou e Musée ze kréien. Dofir dem Här an der Madamm Wolter e grousse Merci, datt si dës Sammlung zur Verfügung stellen an datt déi dann och zur Geltung kënnt, an datt d'Leit och emol gesinn ewéi mir fréier de Radio gelauschtert hunn. Wann déi blo Liichtchen ugaangen ass, dann ass de Radio och ugaangen.

Da wollt ech awer och dozou soen - well ech perséinlech d'Biwesch Ketty, d'Joffer Biwer, kannt hunn - datt ech et géif flott fanne wann den Numm kéint bleiwen. Mir kéinte jo «Maison du son» fir dat Ganzt soen, an dann an der Brasserie kéint ee jo ëmmer nach soe «Bei Biwesch Ketty» oder esou. Ech fannen, den Numm misst awer erhale bleiwe well ech si perséinlech gutt kannt hunn déi lescht Joren.

Da wollt ech awer och nach e puer net ganz technesch, well do ass schonn alles gefrot ginn, Froe stellen. Ech hätt et och gutt fonnt, wa mir deene Rollenger Leit dee Projet géife virstellen, net datt nees gesot gëtt, mir géifen hei eppes maachen an et hätt nees keen eppes dovunner gewosst. An ech géif och virschloen, datt mir vläicht – ier dat Ganzt ugeet – kéinten eng «visite des lieux» maachen. Ech hu gesinn, déi schéin al Plättercher, dat bleift jo alles bestoen. Well an den alen Haiser ware jo déi wonnerschéi Plättercher op de Säiten an och um Buedem. D'Oftrennungen och, déi Mauer. Dat war nämlech meng Fro. Soss direkt hunn ech keng Froe méi, well dat meescht ass scho gesot ginn. Wéi gesot, dee Projet mat der Uni an dee ganze Projet vun deem ganze Musée, ech mengen, dat ass jo dann eemoleg, wat mir dann hei an eiser Gemeng kréien. Dat ass einfach nëmmen ze begréissen, an dofir sti mir ganz hanner dësem Projet.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen der Madamm Bouché och Merci. Fir nach eng Kéier op dat zeréckzekommen – ech mengen, dat hat ech beim Här Scheuer vergiess. Mir stellen net gär als Schäfferot e Projet vir, deen de Gemengerot nach net gesinn huet, well soss kréie mir vum Gemengerot gesot, mir géifen dobaussen eppes virstellen am Vorwahlsystem, wou mir nach eisen Accord net ginn hunn. Dofir hu mir haut dat virgestallt. Mir lauschtere wat de Gemengerot seet. De Gemengerot seent dat dann of an da wäerte mer selbstverständlech, wéi mir dat bei ganz ville Projete gemaach hunn, besonnesch bei wichtegen a grousse Projeten, de Leit dat erklären a virstelle wat do hikënnt. Ech mengen, mir si frou dat ze weisen, well mir maache jo eppes Interessantes fir eis Bevëlkerung a fir eis Gemeng Péiteng. An dofir wäerte mir och frou si fir dat ze weisen. Mir si jo eigentlech keng Politiker wa mir net weisen, wat mir maachen. Meeschtens gëtt engem virgehäit, et géif een zevill weisen an och Saache soen ier se Realitéit ginn. Bon, elo si mir haut an der éischter Etapp, déi aner Etappe wäerte kommen. Obwuel, wann een et weist, dann ass dat keng Garantie, datt an 2 oder 3 Joer net awer Leit kommen a soen, si wéissten net, wat dohinner géif kommen. Dat hu mir jo a leschter Zäit méi wéi eng Kéier gesinn, datt d'Leit dann op eemol guer net wësse wat geplangt war. Dat hält eis net dovunner of, datt dat geschitt. Ma mir wäerten dat maachen, esou wéi mir dat ëmmer maachen. Mir wäerten de Leit dat erklären an deemselwechte Kontext vun deem PAP, deen hannendru kënnt. Well dee PAP wäerte mir och nach eng Kéier hei zur Diskussioun stellen a 14 Deeg. An dann ass dat jo e Ganzt, an da kënne mir nach eng Kéier eise Bierger a Biergerinne weisen, wat mir elo am Zentrum vu Rolleng wëlle realiséieren. Da wäerte mir och dat Ganzt weisen, an dat wäert sécherlech interessant si fir eis Bierger a Biergerinnen. Do wäerte mir och eng Äntwert gi wann een eng Fro dozou huet.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Et mierkt een, datt d'Architekten sech do vill Iddie gemaach hunn an datt d'UNI.lu och kreativ do matgeschafft huet, esou datt een do e flotte Projet dra kritt. Merci och der Famill Wolter fir déi ganz Sammlung, well et ass eigentlech eenzegaarteg, wat mir am Land wäerte maachen. Dat ass sécherlech och fir eisen Tourismus eng Beräicherung, fir datt mir kënnen touristesch méi attraktiv ginn. Et ass natierlech schwiereg bei esou vill Informatiounen dat direkt ad hoc alles ze bewäerten, är Zuelen an alles, wat mir elo virgestallt kruten. Vum Grondkonzept, politesch, sinn ech awer averstanen, datt et e «Musée du son» soll sinn an herno mat den Detailer, datt et net zevill Impakt op d'Noperschaft an op Rolleng soll hunn.

Ech sinn zu Rolleng opgewuess an ech weess, wéi roueg et do ass. Et soll een dat net onbedéngt op d'Kipp geheien. Dat ass dann eben, wat een an deenen nächste 4 Joer muss an all eenzel Detailprojeten nach eng Kéier kucken, esou datt d'Leit awer elo net zevill Nuisancen hunn a Rolleng awer esou roueg bleift, obwuel et e bësse méi lieweg gëtt an et net op eemol esou ass ewéi am Zentrum vu Péiteng, wann dee Projet dohinner kënnt.

Mam Radio hat ech mer och ugekuckt. Ech hat mer dat mat de Vitrinnen esou virgestallt, datt et esou ass ewéi bei RTL, datt een da ka live kucken, wat si an der Kabinn maachen. Well dir hutt se blo agezeechent, also net als Miwwel. Déi gesäit jo anescht aus. An dir hat nämlech och eng Dir beim Radio gezeechent. Dofir hat ech eng aner Interpretatioun gemaach ewéi den Här Remacle. Ech verstinn, wat den Här Remacle seet. Et soll ee jo herno net, wann ee Radio lauschtert, matkréie wat déi ënnen an der Brasserie schwätzen. Vläicht do eng Kéier soen, wat der wëlles hutt. Well ech hat verstanen, datt déi Dëscher an alles, wat dir als Virraum bezeechent hutt, als Terrazzo, datt dat awer ofgetrennt wier. Datt dat propper wier fir de Radio. Well de Radio ass elo ongestéiert an der aler Kierch, an dat soll warscheinlech esou bleiwen. Et sollen och fir si duerno net esou vill Problemer entstoen. Ob si elo zwou oder méi Kabinne brauchen, dat kann ech net bewäerten.

**Bureau d'Architectes Teisen & Giesler Sàrl:**

Also am Moment hunn se e grousse Studio, wou se zu zwee dra sinn, mat 2 Dëscher, an do sinn se quasi déi ganzen Zäit. Wann déi Dier zou ass, da funktionéieren si. Da gëtt et nach e méi klenge Studio fir 1 Persoun. Wann se Besuch hu fir en Interview, da ginn se an dee Raum fir opzehuelen. An duerno gëtt et iwwerspillt a gespillt am grousse Studio. Also hir akustesch Onofhängegkeet passéiert wann si d'Dier vun hirer Këscht zoumaachen. Virun deenen zwou Këschten hunn si en Dësch, wou si sech zesummesëtzen, an eng kleng Bibliothéik ewéi si et elo an der Kierch hunn. An dat géif zum gesamte Raum gehéieren. D'Iddi wier datt, esoubal si d'Dier zoumaachen, da stéiert een si net méi. Et huet een awer eng Fënster, wou ee gesäit, datt si schwätzen oder ophuele respektiv live sinn. Wann d'Dieren op wieren oder si sëtzen do an hirer Bibliothéik, da kéint am Fong och e Visiteur vum Musée oder der Brasserie mat hinnen an d'Gespréich kommen. Dat ass genee déi Interaktioun, déi mir wéilten. Si soe jo och, datt si fir Lycéeën a soss fir Kanner Programmatioun maachen. Dat heescht déi kommen un, waarden an deem Virberäich, an da ginn se eran an de Studio geruff. Do soll schonn dee Plateau, deen si benotzen, erméiglechen, datt een awer ka luusse goen. A wann se natierlech wëlle Rou hunn, da maachen si hir Dieren zou. An da klappt dat. Mir haten eis gëeenegt, datt si esou funktionéieren. Awer dat musse mir nach weider ausbauen. Dat anert, mir hunn nach Vitrinnen, dat ass am Fong d'Kollektioun vum Här Wolter, déi mir net zu 100% kënne weisen, awer si soll zu 100% stockéiert ginn op dësem Site. Dat heescht all déi Elementer, déi net drukommen an der Ausstellung, déi misst een iergendwéi stockéieren. Net langweileg an engem geschlossene Raum, ma et kéint een dat maachen ewéi e Schaulager. Do gëtt et z.B. zu Basel e schéint Schaulager vun Architekturmodeller. Dat heescht, ech gesinn e Radio, hunn och nach vläicht eng kleng Explikatioun ewéi de Joergang, dee Modell, an dat geet mir dann duer fir zousätzlechen Dekor an där Scheier. Esou hätt een dann och verschidde Wänn nach gespickt mat engem vertikale Stockage.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Wichteg ass et fir den Zentrum vu Rolleng ze beliewen a gläichzäiteg déi al Substanz z'erhalen. De Musée gëtt eng Beräicherung an dem Här Wolter a senger Madamm soe mer Merci fir deen Don, deen si do maachen. Et ass och flott, datt eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg kann zustane kommen.

D'Brasserie an d'Terrass an e Geschäftsraum, dat ass eng wichteg Saach fir Rolleng, fir e bësse méi Liewen a Rolleng ze bréngen. De Radio Péiteng on Air wäert eng zousätzlech Beräicherung sinn.

E Problem wäert awer och dee wéinege Parkraum ronderëm sinn, dee schonn ugeschwat ginn ass. Do géif ech froen, ob et net méiglech wier fir an där Residenz, déi jo do hannendru gebaut soll ginn, zousätzlech Parkplaze virzegesinn oder ze kafen, fir datt mir kënnen déi Situatioun vereinfachen. Alles an allem ass et fir mech e flotte Projet, deen ech ënnerstëtzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Stoffel Merci. Bon, mir haten och un déi Residenz geduecht. Mir wëssen och ganz genee, datt mir do op engem Punkt sinn, wou net vill Plaz ass a wou mir en anere Problem hunn. An dat ass, datt all déi Parkplazen, déi do virgesi sinn, fir déi Wunnengen definéiert sinn. Dat heescht do gëtt et keen zousätzlechen, eidelen oder net affektéierte Parkraum. Do misst ee jo och e ganze Stack hu fir datt dat iwwerhaapt eppes bréngt.

Mir schwätzen alleguer, d'Leit sollen zu Fouss goen, sech beweegen. Ech sinn awer der Meenung datt, besonnesch wa mir och d'Parkplaz bei der Schoul benotzen a wa mir dee Wee do duerch d'Cité och e bësse beliichten – dat ass jo net esou, datt een do muss 5 km lafe fir an dee Restaurant ze kommen. Och wann een an der Stad an e Restaurant geet, da muss een och e bësse goen. Da kann een och net ëm den Eck parken. Dat ass esou. Mir wëlle jo och iwwerall an déi Richtung goen, da musse mir och hei an déi Richtung goen. Ech sinn der Meenung, datt dee Parkraum, deen do am Zentrum disponibel ass, ganz gutt vun deene Leit, déi an dat neit Gebai kommen, benotzt ka ginn. Mir si jo nach net mat deem Projet fäerdeg. Et kann een sech jo nach iwwerleeën, wat fir Alternativen et an der Ëmgéigend ginn. Do si jo nach Saachen ugeduecht, ma do muss een emol kucken, wat déi eenzel Parteien, déi hei um Dësch sëtzen, sech ausdenken. Ech mengen, do hu mir elo 3 bis 4 Joer Zäit fir am Fong nach zousätzlech Léisungen ze siche fir Parkraum. Et gëtt jo nach vläicht dat eent oder anert, wat disponibel gëtt. Awer dat, wat dir ugeschwat hutt, ass net méiglech, well dee Parkraum, deen do ass, scho komplett affektéiert ass op déi zwou keng Residenzen an déi 3 Haiser, déi do sollen entstoen.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Déi Äntwert ass OK fir mech. Dat eenzegt, wat ech mat op de Wee wollt ginn ass – ech weess net, wéi dacks dir laanscht déi Plaz zu Rolleng gaangen oder gefuer sidd, an zu wat fir engen Zäiten – déi Plaz ass meeschtens voll. An dofir muss een op dee Wee goen, deen dir gesot hutt, wou een eng Alternativ sicht, wou een eng Méiglechkeet fënnt.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass scho relativ vill gesot gi vu menge Kolleegen an och beäntwert ginn, wat ech mer opgeschriwwen hat. Dofir hunn ech nach just e puer Saachen hei. Wann een d'Entwécklung vun der Uertschaft Rolleng an de leschte Joerzéngte verfollegt huet, dann ass aus engem klengen Duerf eng mëttelgrouss Uertschaft ginn. Dee Quartier, wou mir elo de Projet hunn, dat ass en typeschen Duerfkär, esou wéi een sech Rolleng do fréier konnt virstelle ronderëm d'Kierch.

Natierlech och vu menger Säit aus e grousse Merci un d'Famill Wolter. Mir si selbstverständlech ëmmer op fir eppes Neies hei an eiser Gemeng, an och virun allem, wann et esou eemoleg ass wéi den Här Fickers dat gesot huet. Wann dat wierklech esou eemoleg ass an der Welt, da freet et eis nach vill méi.

Ech wousst net, datt den Albert Wolter esou e Radiosfanatiker wier. Ech hunn hie scho bewonnert als Eisebunnsfanatiker. An och nach als Radiosfanatiker, all Respekt dem Albert a senger Madamm.

Ech hu mir nach hei opgeschriwwen, fir Radio Péiteng on Air ass dat hei elo deen drëtte Standuert. Deen éischte war jo am Home, deen zweeten an der neoapostolescher Kierch, déi mir kaf hunn. An elo deen heiten. Wat geschitt elo mat deem Raum, dee jo praktesch de ganzen 1. Stack anhëlt an där aler neoapostolescher Kierch? Wat geschitt elo domat? Dat gëtt jo e Lach. Ech fäerten, d'Attraktivitéit vum AUDEO gëtt och domat geholl. Do musse mir eis eng afale loosse fir dat awer nees nëtzlech anzeriichten. Dat ass eng Aufgab fir déi nächst Equipe.

Ech hu mir nach Sound opgeschriwwen. Ech si ganz éierlech, wat den Här Fickers eis erkläert huet, do hunn ech net ganz vill verstanen, muss ech iech éierlech soen. Awer ech mengen, Sound ass eppes, wat een net nëmmen an der Theorie ka vermëttelen. Sound ass eppes, wat ee muss erliewen, wat ee muss matmaache fir sech kënnen eng richteg Meenung ze bilden. Ech ka mir dat esou virstellen, datt dee Sound, deen esou verschidden ass ewéi den Ënnerscheed vun enger Scheller-Plaque mat 78 Touren, déi mir kannt hunn, enger CD an elo déi ganz modern Technik, déi mir haut hunn. Esou kann ech mir et am Verglach virstellen. Ass dat déi richteg Definitioun fir dat, wat dir erkläert hutt. Ech hutt et mat e puer Wierder gemaach an dir hutt esou laang Zäit gebraucht fir dat z'erklären.

Dann hunn ech eppes gelies. D'Madamm mat hiren Terrassen do. Ech weess net. Ech wunne géintiwwer vum WAX a weess net, ob dir Recht behaalt, datt dat do esou roueg ass. Bon, loosse mer hoffen. Mir kréie jo elo besser Kontroll an eis Gemeng. Et gëtt esouvill Pecherte méi, déi ronderëm trëppelen. Ech loosse mech iwwerraschen, ob do net zevill Reklamatioune kommen, well op enger Terrass – zu spéider Stonn – gëtt e bësse méi gegrölt. Dat wësst dir esou gutt ewéi ech. An ech weess et aus Erfarung, well ech ebe vis-à-vis vum WAX wunnen.

Dann eng lescht Fro, dat ass méi technesch. Ech hunn op engem Plang gelies „puits de lumière“. Kéint dir mir erklären, wat dat heescht?

**Bureau d'Architectes Teisen & Giesler Sàrl:**

Well mir jo den Daach vun der hënneschter Scheier nei maachen hu mir d'Méiglechkeet ze soen, mir maachen et opak oder mir maachen do nach zousätzlech Luucht, also eng Méiglechkeet fir Luucht eranzekréien. Dat war elo am Moment eng Optioun. Dee „puits de lumière“, dat wier ewéi eng Velux oder eng grouss Verglasung. Dat wier do, wou d'Toilette sinn. Et muss also net sinn, et kann een natierlech och Zenitluucht huelen, dat ass wierklech nach méi en Detail.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt just op zwou oder dräi 3 Saachen agoen. Dir hutt effektiv op deen Duerfcharakter higewisen. Dofir ass jo och dee ganzen Eck do als „mixte village" an eisem PAG definéiert. Et ass eigentlech déi eenzeg Plaz, wou mir nach esou en Duerfcharakter hunn, an dofir wëlle mir deen och erhalen. A laut PAG ass och näischt aneschters méiglech ewéi dat ze maachen. Besonnesch an der Buergaass an an der Groussgaass si mir drop aus, fir datt dat erhale bleift, datt dee Cachet oder dee Charakter, deen déi Stroossen hunn, bäibehale ginn. Dofir hu mir jo och um Eck do – rue de la Providence a Groussgaass – deem, deen dat do baut, och grouss Oplage gi fir datt deen Duerfcharakter, déi Struktur, déi Bausubstanz, esou wéi déi ganz Strooss ausgesäit, esou erhale bleift. An ech mengen och an der Buergaass muss dat esou erhale bleiwen. Dofir ass et wichteg, datt mir dat kaf hunn 2020 an och elo am Kader vun dësem Projet dat realiséieren.

Wat de Radio Péiteng on Air ugeet, effektiv, dee war op 3 Plazen. Déi éischt Plaz waren nach net der Gemeng hir Raimlechkeeten. An der Tëschenzäit sinn et eis Raimlechkeete ginn, awer zu deem Zäitpunkt waren et net eis Raimlechkeeten. Et war e Provisorium, a mir wosste ganz genee, datt, wat d'Akustik ubelaangt, wat d'Qualitéit vum Radio ubelaangt, dat net do konnt weider erhale ginn. An do gouf déi Opportunitéit gebraucht vun dem AUDEO fir ze soen, mir setzen se elo mol do dran. Ech géif awer soen, datt déi do Plaz eigentlech déi Plaz ass, déi sech ubitt fir esou eppes ewéi dat do ze maachen. An da gëtt dat e Ganzt, da gesäit een déi aktuell Aart a Weis, wéi ee Radio mécht, an dernieft huet een dee Musée, déi «Maison du Son». An ech mengen, et wier eigentlech scho bal eng Doudsënn wann een net géif eng Plaz fanne fir si do ënnerzebréngen. An da muss een natierlech - an dat ass fir déi nächst Equipe, wéi dir selwer richteg gesot hutt - kucken, wat mat deene Raimlechkeeten eigentlech soll geschéien. Wuel wëssend datt, wéi mir et gebaut hunn, mir et net fir de Radio gebaut hunn. De Radio war eng Noutléisung, et war eng Opportunitéit, déi mir do genotzt hunn.

Wat elo d'Terrass ubelaangt, komm mir ginn där Saach eng Chance. Normalerweis ass et ab 22.00 Auer verbuede fir op enger Terrass ze sinn. Dat ass d'Polizeireglement. Et ass elo déi éischte Kéier, datt ech héieren, datt am WAX esou grouss Problemer sinn. Gewéinlech, wann esou Problemer sinn, da gëtt de Buergermeeschter dat awer och iergendwéi zäitno gewuer. Ech hunn dat awer haut zur Kenntnis geholl, an da muss een och nach eng Kéier deem Bedreiwer soen, datt hien dofir suergt, datt dat ab 22.00 Auer klappt. Ech mengen awer, wann ech dee Restaurant kucken – dat si et jo awer meeschtens Leit, déi an de Restaurant ginn – dann ass dat awer meeschtens um 22.00 oder 22.30 Auer fäerdeg. Et kann emol sinn, datt emol eng Kéier e Concert hannen am Gaart do ass, dann dauert et emol eng Kéier e bësse méi laang. Oder wa mir den „Afterwork“ hunn, da geet et e bësse méi laang. An och do musse mir mat Zäiten ophalen. Et soll ee kucken, datt d'Kierch am Duerf bleift, a wann een dann emol eng Kéier am Zentrum vun engem Duerf, vun enger Uertschaft wunnt, a wa gutt Wieder ass an et eng Kéier eng hallef Stonn méi laang geet, da muss een och dat als Bierger akzeptéieren. Soss muss een sech eventuell e bësse méi aus dem Duerf eraus en Haus sichen, dann ass ee méi roueg. Ma ech mengen, mir hätte jo gäre méi lieweg Uertschaften, an dat geet eben och e bësse mat Kaméidi eriwwer. Dat dierf natierlech och net d'Leit emmerdéieren an datt all Owend dat selwecht ass, datt all owes Kaméidi ass, dat geet och net. Et ass alles ëmmer e bëssen Akzeptatioun a Respekt op béide Säiten, da klappt dat.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech fanne fir d'éischt emol, datt et e formidabele Projet ass, dee mir hei presentéiert kruten. Normalerweis, wann een an der Gemengepolitik ass, a wann ee Visiounen huet, dann daueren déi laang bis se realiséiert ginn. Hei ass eng Visioun, déi relativ séier eng Plaz kritt huet. Wa mer kucken, fir d'éischt wou mir vun deem Duerfkär geschwat haten, an elo wou mer fäerdeg si mat deem «Musée du Son», sinn 10 Joer vergaangen. Dat ass näischt fir Projeten, déi mir an der Gemengepolitik hunn. Well mir hunn anerer – an ech wäert déi och nach ernimmen – déi nach e bëssen dertëscht hänken. Merci dem Albert Wolter fir dat, wat hien zur Verfügung gestallt huet. Albert, du bass elo scho fir d'zweete Kéier derbäi wann d'Weiche gesat ginn. Viru 50 Joer mam Train 1900 an elo nees eng Kéier. All Respekt. An ech wäert kucken, dass du eng speziell Medail an der Gemeng kriss fir déi Verdéngschter, déi s du bis elo schonn op deenen zwou Plazen hues.

D'Visiounen an der Gemengepolitik, haaptsächlech touristesch Attraktivitéiten, do muss een heiansdo ofwaarden, heiansdo opportunistesch sinn, ma et muss een och heiansdo

Ausdauer hunn. A wann een esou laang derbäi ass ewéi ech elo derbäi sinn, da si Saachen an Erfëllung gaangen, wou ech zefridde sinn. Et sinn aner Saachen, déi sinn nach ënnerwee. Et muss een net verzagen, et muss een dru gleewen. Mir hunn d'WAX-Mille genannt. Déi ass zustane komm, an et war keen einfache Projet. En ass och heiansdo nei affektéiert ginn. Ma e funktionéiert elo, an e funktionéiert ganz gutt an ass quasi net méi ewechzedenken. An och wann emol eng Kéier 4 oder 5 Mol am Joer e bësse méi Kaméidi ass – wou 2 oder 3 Mol den Här Brecht och selwer derbäi ass – dann ass dat nach net der Däiwel. An ech huelen un, datt hien an sengem Alter och nach net um 22.00 Auer am Bett läit. Bon, am Juni wäert elo e bëssi méi lass sinn. Ma et ass e Projet, dee mir realiséiert hunn a wou keng Parkplazen direkt derbäi sinn ausser 4 Stéck, wou d'Leit dat a Kaf huele fir 50 oder 100 Meter zu Fouss ze goen. Dat soll net de Problem sinn. Et soll ebe just déi Gesellegkeet sinn, déi Gemeinschaft, déi sech do begéint.

Mir hunn et fäerdeg bruecht, déi Rollenger Millen nees opzeriichten an se nees eng Kéier visibel ze maachen a méi en didaktesche Projet draus ze maachen. Mir hunn dat aalt Paschtoueschhaus restauréiert, wou d'„mémoire collective locale" dran ass. Alles an deene leschten 20 Joer. Mir hunn den Zentrum vu Rodange am Fong geholl apaiséiert mat der Plaz mat der Eil, wou een sech ka begéinen. Et sinn nach Saachen ënnerwee. Ech gleewen drun, ech gleewe fest drun, datt mir an deenen nächsten 2 oder 3 Joer vun deem Hotel schwätzen an en op der Plaz gesinn, wat mir scho virun 20 Joer ugefaangen hunn drun ze denken. Et ass e Jufa-Hotel, net egal wat fir een Hotel. Ech gesinn e Wellness-Zenter zu Rodange derbäi, an ech gesinn eventuell – wat och scho méi laang ass – e Projet, dee scho méi laang do ass, ma deen awer nach ëmmer wotlech ass, an zwar „La Maison du Rail", deen och nach ëmmer amgaangen ass ze bougéieren.

Wa mer déi Ziler sollte realiséieren, déi Katalysator vum Hotel derbäi, dann hu mir eppes Formidabeles gemaach aus der 5. gréisster Gemeng. Dann hu mir eppes gemaach wat hei am Pôle Européen, am Gebitt vun de Grenzregiounen eemoleg ass. Da si mir de Leader. An da soll een all deene Merci soen, déi dorunner geschafft hunn. Speziell dëser Equipe, dësem Projet.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Breyer Merci fir seng Interventioun, well hien huet elo dat Ganzt an de richtege Kader gesat. Hien huet eis gewisen, aus wat fir Elementer – dat Ganzt ass e Puzzle – dat sech zesummesetzt. An ech kann iech garantéieren, mir hu jo och schonn eng Optioun op den Terrain geholl fir deen Eisebunnsmusée ze realiséieren, datt et do relativ gutt virugeet an deem Beräich. Laut leschten Informatioune vum INPA si mir do um gudde Wee, datt mir do och e Projet kënne realiséieren, dee vun der Gréisst hir vill méi e grousse Projet ass, dee sécherlech dann och déi ganz Eisebunnsgeschicht opschafft. An da si mir hei an dësem Eck eng Gemeng, déi ganz vill ze bidden huet. An da spillt, an do ginn ech iech honnertprozenteg Recht, den Hotel dat absolut Kärstéck. Wa mir dat net hunn a mir kënnen eis net op den Dagestourismus konzentréieren, da gëtt dat sécherlech net deen Impakt, dee mir eis erwaarden. Mir hunn, dat hunn ech och schonn e puer Mol gesot, laang Joren en Zentrum vun der Stolindustrie an der Minn gespillt a mir hunn dee Volet verluer. Mir sinn an deene Joren e bësse stéifbridderlech behandelt gi vun der nationaler Politik, a mir si frou, eng Rei Elementer hei kënnen ze bidde fir dann um Niveau vum Tourismus en neien Elan ze fanne fir zesummen aus eisen Uertschaften eppes ze maachen. Well eng doudeg Uertschaft, wou näischt méi lass ass a wou kee méi higeet, dat ass op alle Fall net dat, wat déi meescht Politiker hei ronderëm den Dësch wëllen. An hei ass wierklech e super Element, wat nees e weidere Schratt an déi richteg Richtung mécht. An dofir soen ech jidderengem Merci, deen heiru bedeelegt ass, a mir hoffen, datt 2027 mir nach derbäi sinn. Vläicht net méi als Buergermeeschter, ma wie weess, vläicht als Éierebuergermeeschter wann dat opgemaach gëtt.

**Brecht Guy (LSAP):**

Här Breyer, ech wëll iech just soen, deen Afterwork ass tipptopp. Dat ass och eng Beräicherung. Dat war eng gutt Iddi vun deem, deen déi Iddi hat. An do klappt och alles. Do ass et roueg ewéi d'Reglement et virgesäit. Wat ech wollt soen ass, kënnt dir iech virstellen, e Gebuertsdag, eng Hochzäit – där si ganz vill am Summer – dee fuerchtbare Bass bis 3 Auer. Esou wéi et haut ass. Wann et schéi Musek wier mat Harmonika oder ech weess net wat, awer dee fuerchtbare Bass, dee bis 3 Auer geet. Vis à vis wunnen eeler Leit, deelweis krank. Da musst dir iech virstellen, wéi déi Leit do am Bett leie wann dee Bass bis 3 Auer geet. Dorop wollt ech hiweisen, net wann do e bësse gelaacht a gegeckst gëtt. Awer et ass dee fuerchtbare Bass, dee bis 3 Auer dann do dröhnt. Dat ass net auszehalen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass e Problem, dee mir och nach léise mussen. Ech mengen, mir hätten elo den „tour de table" gemaach a mir wieren eis eens, datt dat hei e ganz flotte Projet ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

### Culture.

Convention avec M. Albert Wolter et Mme Gaby Mancini relative à la donation de matériel et de documentation sur le sujet de la radiodiffusion et de l'enregistrement du son au profit de l'Administration communale de Pétange – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.3.

### Culture.

Statuts de l'association «Interesseveräin Maison du Son ASBL» – information.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Il en est pris acte.**

## 5.4.

### Culture.

Convention avec l'association «Interesseveräin Maison du Son ASBL» et l'Université du Luxembourg relative à la conception et l'exploitation du futur espace muséologique «Maison du Son» à Lamadelaine – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.1.

### Administration générale.

Titres de recettes aux montants totaux de 336.390,10 euros (exercice 2022) et 19.270.149,64 euros (exercice 2023) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes:*

*Exercice 2022:*

| | |
|---|---|
| *Esch 2022 : remboursement des fonds avancés pour l'organisation des manifestations* | *180.000,00 €* |
| *Maisons Relais – part Etat – avance supplémentaire 2022* | *94.082,00 €* |

*Exercice 2023:*

| | |
|---|---|
| *Fonds de dotations globale des communes – solde 1er trimestre et avance 2e trimestre* | *17.527.938,00 €* |
| *Maisons Relais – part Etat – 2e avance.* | *1.453.500,00 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 6.2.

**Administration générale.**

Démission dans la commission de la famille, du 3e âge et des handicapés – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Il est pris acte de la démission de Mme Danielle Desorbay.**

## 6.3.

**Administration générale.**

Aménagement d'une zone d'activités économiques «Au Grand Bis» à Rodange: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 28.255.500,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Effektiv, si mir hei nees bei eisem Liblingsthema, wat mir schonn e Véierelsjoerhonnert diskutéieren. Mir schéngen elo effektiv an déi lescht Etapp ze goe fir datt dee Projet sech ka realiséieren. Fir en ze realiséiere musse mir d'Enveloppe, déi mir brauchen, upassen. An da musse mir och d'Pläng an alles hei diskutéieren a stëmmen.

Wat muss ee feststellen? Wann dir gekuckt hutt, dann ass deen 1. Devis am Joer 2006 mat 8,74 Milliounen Euro gestëmmt ginn. Am Joer 2015 ware mer bi 12,675 Milliounen Euro an elo leie mer bei 28.255.500 Euro. Et ass eben esou. Et ass elo emol Gas komm vum Ministère a mir si frou, datt si de Projet wëlle realiséieren. Dir wësst jo, datt dat eis als Gemeng just 15% kascht. 85% ginn un de Wirtschaftsministère. An och déi 15% ginn nach eng Kéier opgedeelt op all déi Gemengen aus dem Sikor. Dofir musse mir och haut déi Decisioun hei huele fir kënnen am nächste Büro se do och ze huelen, esou datt de Projet sech da ka realiséieren. Ech géif mir op alle Fall wënschen, datt dat eppes géif ginn, well et huet eng Repercussioun, déi mir och ëmmer matgeschleeft hunn, op der Fonderie. Déi ganz Fonderie ass nach net ugeschloss un eis Kläranlag. An déi kann nëmmen ugeschloss ginn, wann déi „Zone d'activité économique" sech realiséiert. Wann déi sech elo realiséiert, da kënne mir dat maachen. Do stinn 11 Milliounen Euro an där ganzer Zomm mat dran. Dofir si mir elo frou, datt mir dee Projet maachen. Duerno hu mir jo de Projet nach méi präzis dran. D.h., et ass net just, datt mir eng „Zone d'activité économique" kréien, mir kréien doduerch och d'Méiglechkeet, och de Rescht vu Rodange un d'Kläranlag unzeschléissen. Dat fannen ech eng gutt Saach. An deem Sënn wier ech frou, wann dee Projet eppes géif ginn. Et gesäit jo elo besser aus ewéi virun e puer Joer. Loosse mer emol kucken.

**Breyer Roland (CSV):**

Als President vum Sikor wollt ech just soen, datt mir elo frou sinn, datt mir eppes virleien hu wann d'Gemeng deen Devis haut stëmmt. Och de Punkt 6.4 hannendrun, wat de Kanal ubelaangt fir ronn 12 Milliounen Euro. Da si mir op 37 Milliounen, déi mussen nees investéiert ginn. De Sikor setzt déi dann an eng Konventioun mam Ministère, an da kritt de Sikor da 85% erëm. An déi aner 4 Gemengen, déi leeë bei deenen anere 15% bäi, esou datt dat och kann op säi Wee goen an déi Konventioun endlech ka gemaach ginn.

De Präis pro Ar geet an d'Luucht. Mir musse kucken, ob nach Bewerber do bleiwen. Dee war soss 10.000 Euro. Do si 14 Hektar, déi a Fro kommen. Dovunner sinn der 10, déi nach viabel sinn, dat gëtt da 37.750 Euro den Ar. Dat ass relativ vill fir e Geschäft. Wann elo z.B. e Rodighiero dohannen amgaange wier an e gären en Hektar hätt, da muss en 3,7 Milliounen Euro hu fir deen Terrain. Da muss e kucken, wou en déi fënnt.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Souwisou kann e keen Hektar kréien, well mir d'Opdeelung anescht gemaach hunn.

**Breyer Roland (CSV):**

Also mir maache méi kleng Parzelle fir datt et abordabel bleift. An da muss ee kucken, ob déi alleguer, déi gewaart hunn, déi d'Ausdauer haten an nach do sinn. Déi meescht si schonn an der Pensioun, géif ech soen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Also ech gesinn et esou, datt déi wirtschaftlech Aktivitéiten do solle stattfannen, wou se higehéieren. Dat do ass eng Zon, déi fir wirtschaftlech Aktivitéite gemaach ass. An dofir ass et gutt, datt mir déi elo kënnen esou exploitéieren. Mir mussen eng Trennung maachen tëscht Géigenden, wou ee wunnt, a Géigende wou mëttelstänneg Betriber sinn. Dat hei ass eng Opportunitéit fir d'Land, an dofir mécht de Staat jo och mat. Et kascht de Staat jo och relativ vill Suen. A mir hunn dee Virdeel, datt deen Eck do e Gesiicht kritt, dee ganze „point triple" dohannen. An dat ass eng ganz positiv Saach. Et kann een dat do bal nëmme mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

**Breyer Roland (CSV):**

Deen eenzegen negative Bäigeschmaach ass, datt do muss opgefëllt ginn. Et mussen 260.000 Tonnen dohinner kommen. Dat ass e Koup, dat muss een sech emol virstellen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass jo och dat, wat dee grousse Käschtepunkt ausmécht. Dat kann e bësse manner ginn deemno wéi et dobausse geet, wou se de Buedem fannen.

**Breyer Roland (CSV):**

Do si mir nach op d'Detailer gespaant. De Moment ass emol wichteg, wann et hei gestëmmt gëtt, datt den Devis steet, datt déi Suen disponibel sinn. D'Gemeng Péiteng ass jo do de Bauhär. An de Sikor kann iwwerhuelen a weiderféieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

An et ass och bei eis sous-entendu – dat wëll ech och eng Kéier kloer an däitlech soen – datt mir dee Projet och nëmme realiséiere wa mir déi Participatioun vum Staat esou kréien, déi ech elo gesot hunn, also 85%. Et ass kloer, datt mir déi Millioun, déi mir schonn engagéiert hunn, och musse rembourséiert kréien.

**Breyer Roland (CSV):**

Déi muss dann och an d'Konventioun gemaach ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

De Pierre gesäit et d'selwecht, gelldu?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Jo.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.4.

### Administration générale.

Assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 13.500.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Den Här Breyer huet et jo och ugeschwat. Dat ass Rodange-Fonderie, dat mir dann un d'Kläranlag uschléissen. Ech wëll awer do emol d'Zuelen nennen, esou datt een emol gesäit, wat dat alles kascht. Am Joer 2006 waren et 5,85 Milliounen Euro, déi mir gestëmmt hunn. Am Joer 2015 waren et 8,52 Milliounen an elo sinn et 13,5 Milliounen Euro. Dat ass verréckt. Ma et ass awer gutt, et ass e Schrëtt fir d'Ëmwelt ze schützen, an dofir ass et eng gutt Saach. An ech mengen, et ass wichteg fir datt dat eent eppes gëtt. Dat war d'„conditio sine qua non".

**Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.5.

### Administration générale.

Viabilisation de trois parcelles dans la zone industrielle PED à Rodange: vote d'un devis supplémentaire au montant total arrondi de 985.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass dee Projet, deen de Roland Breyer och schonn deelweis ugeschwat huet. Dat sinn déi 3 Parzellen, déi mir schonn am Gemengerot haten. Do ass eng Parzell, déi ass net besat ginn. Do war eng Reservatioun do, ma där ass net Rechnung gedroe ginn. An do sollten am Fong 3 Parzellen entstoen, awer well eng Gesellschaft sech zeréckgezunn huet, hu mir eng grouss Parzell an deelen déi elo op fir datt mir méi Betriber kënnen dohinner setzen. Dat ass den Exercice, dee mir hei maachen, esou datt mir mussen 985.000 Euro bäistëmme fir eben deen Devis vun 1,7 Milliounen Euro vun 2016 ze festegen an ze maachen. Dat heescht, 2016 sollte mer 3 Parzelle maachen, elo maache mer der 6 oder 7. Dofir musse verschidden Aarbechte gemaach ginn. Et muss nach en Iwwerlafbecke gemaach ginn an esou Geschichten. Et gëtt eng Strooss eragezunn, an dat kascht eben 985.000 Euro méi. D'Aarbechte wäerten och direkt ufänken, an dat ass eng gutt Saach. Ech sinn am Fong geholl frou, datt dat gemaach gëtt, an dat wier och gutt fir eis Gemeng.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wa mir jo déi Terrainen do erëm amenagéieren, da kommen erëm Camione bäi. Mir hu jo d'Problematik mat de Camione fir ze beliwweren a fir datt si kënnen op de Plaze raschten. Ech hat jo déi leschte Kéier scho gefrot: wann d'Camionen do sinn, da ginn déi jo déi aner Säit vum Baseng a loossen hiren Dreck do leien. Mir musse kucken, datt mir dat an de Grëff kréien. Mat all deene Firmen, déi do beliwwert ginn, hunn se keng Plaze wou se kënne stationéieren. Ausser Offergeld, déi hunn hire grousse Parking, wou si d'Camionen opfänken. Ma wa mir elo erëm Camionen unzéien, da misste mir och kucken, datt d'Camionneuren och eng Plaz hu fir eng Paus ze maachen oder datt si wéinstens emol eng Méiglechkeet hu fir d'Poubellen eidel ze maachen. Ech hat den Här Mertzig gefrot, ech weess net, ob en eppes bei Ponts et Chaussées erreecht huet, well deen ee seet, et ass Ponts et Chaussées, deen anere seet et ass d'Gemeng.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass eng Iddi, déi net ofzeweisen ass. Et muss een dat eng Kéier studéieren. Et kann een dat zesumme mam Sikor kucke wat do méiglech ass. De Projet ass awer schéin equilibréiert a mir kréien elo Betriber aus der Gemeng, wou Plaze fräi ginn a wou mir am „tissu urbain" weider Wunnfläche kënne maachen a keng Betriber. An deem Sënn ass et och e Méiwäert.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat dat anert ubelaangt. Dat do ass Staatsstrooss, dat ass keng Gemengestrooss. Et brauch ee just de Kadaster ze kucken, da gesäit een dat.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Deen Här, deen d'Firma bedreift op där aner Säit, huet op d'Gemeng ugeruff an dee wousst och net richteg, wiem et géif gehéieren. Deen huet gesot, e soll d'Ponts et Chaussées uruffen, an déi hu gemengt, et wier d'Gemeng. Da misst een sech eng Kéier eens sinn. Dir hutt mir dat schonn eng Kéier gesot vum Botze wéi ech déi leschte Kéier gefrot hunn. Mir kréien dat vläicht e bësse behuewe wann hannen – do sinn se amgaang déi Tankstell ze maachen – da Plaz kënnt fir d'Camionen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass awer kloer, datt dat hei eng Staatsstrooss ass. Ech ka mech drun erënneren, datt mir virun 2 oder 3 Joer oder 4, 5 Joer ugefaangen hunn tëscht der Porte de Lamadelaine an dem Zentrum vu Péiteng, wat katastrophal ausgesinn huet, den Dreck laanscht d'Strooss opzerafen. An do si mir zeréckgepaff gi vu Ponts et Chaussées, mir hätten do näischt verluer. Ech ginn hinnen och Recht. Et kann awer och sinn, an dat ass och méiglech, datt dat hei op privatem Terrain ass an et dem Wirtschaftsministère gehéiert. An ech ka mech net erënneren, datt mir iergendwéi eng Konventioun hätten. Am Géigesaz zu der Eisebunn, mat där mir en Deal hunn a mir eng Rei Aarbechten iwwerhuelen an erhalen. Wann si dat do gären hätten, datt dat soll geschéien, da soll Ponts et Chaussées bei der Gemeng ufroen an dann entscheet de Gemengerot, ob mir dat maachen oder net. Awer et ass ganz kloer kee Gemengen-terrain, well op där Säit hu mir keen Terrain. Entweder ass et Ponts et Chaussées oder de Wirtschaftsministère. Op alle Fall ass et de Staat, do ass guer keng Diskussioun.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech weess dat och. Et ass einfach e schlecht Bild fir eng Gemeng. D'Leit fuere laanscht a wësse jo net, wéi d'Situatioun ass. Mir wëssen dat elo heibannen. Ma ech mengen, et ass einfach e schlecht Bild wann ee gesäit, wéi knaschteg et ass an deem Eck. Si wësse jo net, datt dat elo Staatsterrain oder de Wirtschaftsministère ass. Ech géif soen, et sinn déi, well se hunn nach déi ganz Tranchéeën, déi ganz Terrainen, wou se nach net wëssen, wat se solle maachen.

Ech wëll kengem e Virworf maachen, deen net botze geet. Dat Bild fannen ech net gutt. Mir sollen eng propper Gemeng sinn, mir sollen alles propper halen a mir ginn net dohin, mir bréngen et net färdeg. Mir kéinte jo eng Kéier kucken, och wann et net eist ass, an si drop hiweisen, e Bréif schreiwen oder froen. Da wier déi Saach gekläert. Well d'Leit fuere laanscht a soen, wat hu mir en Drecksseck hei. Et ass jo net schlëmm wann een sech eng Kéier eens géif ginn. Et ass net

einfach, ech weess dat och. Awer wa mir näischt maachen, dann heescht et ëmmer, d'Gemeng geet net botzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir hutt effektiv Recht domat. Ech hunn iech awer gesot, datt mir eng Kéier d'Initiativ geholl hu vun der Gemeng a wou mir och gesot hunn, datt et knaschteg ausgesäit a mir ginn dohinner botzen. Mir gi selwer botzen. An do huet de Ministère – grad d'Ponts et Chaussées – gesot, dir hutt näischt do verluer, mir botzen dat selwer. Datt et dann hannenno op d'Gemeng zeréckfält, do sinn ech komplett mat iech averstanen. Mir musse just oppassen, datt mir net eppes maachen, wou mir méi Problemer kréien ewéi et wäert ass. Well wa mir do laanscht d'Strooss ee schaffen hunn an dee gëtt iwwerrannt, da kréie mir nach gesot, mir hätten näischt do verluer gehat.

Ech mengen, mir kucken dat. Ech sinn och mat iech averstanen, datt mir nach e Bréif un de Ministère schreiwen a wou mir de Ministère nach eng Kéier froen, wéi si sech dat da virstellen. Awer et muss een dem Ministère awer kloer soen, datt et hiren Terrain ass an datt si d'Initiativ hunn. Mir kréien och gesot, datt de Verkéier net op der Route Nationale 5 leeft. Do gëtt och gemengt, et wier d'Gemeng. Mä d'Gemeng huet näischt domat ze dinn. Et kann een natierlech alles op d'Gemeng ofwälzen. Fakt ass awer, datt d'Gemeng eigentlech näischt op där dote Plaz verluer huet a mir selwer déi Erfarung gemaach hunn. Mir schreiwen awer nach eng Kéier e Bréif an aviséieren si, si sollen dat propper halen. Wa mir esou vill Äntwert kréie vu Ponts et Chaussées ewéi mir déi lescht 4 oder 5 Kéier kritt hunn an engem aneren Dossier, da kréie mir iwwerhaapt keng Äntwert. An ech kann iech soen, wéi et mat der Connectioun tëscht der avenue de l'Europe an dem Parkhaus geet, wéi do déi Jonctioun soll gemaach ginn. Do hu mir de Ponts et Chaussées scho 5 Bréiwer geschéckt, mir kréien emol keen „accusé de réception". Esou wäit si mir. Dofir maachen ech mir hei keng Illusiounen datt, wa mir hinnen elo hei e Bréif schreiwen a froen, wéi et elo mam Botzen hei geschitt, muer eng Äntwert hunn. Mir maachen et, dir hutt dat proposéiert. Mir ginn och d'Instruktioun, datt dat soll erausgoen an dann hale mir iech um Lafenden, wa mir eng Äntwert kréien.

Dat war zwar elo net d'Thema vun dësem Punkt. Dat war déi aner Säit, de PED, wou mir géife botze goe well dat eng regional Zon ass a mir do botze ginn.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech wollt just op d'Thema zeréckkommen. Do ass deselwechten Zenario ewéi beim Grand Bis. Et gëtt eng Konventioun mam Staat gemaach, mir kréie 85% erëm an déi aner ginn opgedeelt. Déi Suen, déi elo weider mussen investéiert ginn, da sinn déi Ofzweigungen, déi ronn Dengen, esou datt do all Parzell eenzel kann zerwéiert ginn. Ponts et Chaussées huet et net gär, datt do eng gemeinsam gewiescht wier an da wier do vläicht eng Waardeschläif gewiescht. Hei huet jidderee seng Ofzweigung, wou en zerwéiert gëtt.

Et bleift nach eng Parzell opstoen, déi de Moment als Schantje profitéiert gëtt vum CFL. An esou séier ewéi déi se net méi brauchen – si hunn se gelount beim Sikor – gi mir déi och of.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Do hu mir jo och eng Firma, déi interesséiert ass. Eng grouss Firma, déi wëll dohinner kommen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat zur Diskussioun zu dësem Punkt. Ech mengen, och do hoffe mir, datt mer vun der Plaz kommen an datt mir vun dësem Areal kënne beschtméiglech fir eis Firme profitéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.6.

### Administration générale.

Déplacement d'un transformateur dans la rue Pierre Hamer à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *300.000,56 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *300.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *253.303,91 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 6.7.

### Administration générale.

Remise en état des pistes de quilles au Centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *460.000,63 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *460.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *427.383,54 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 6.8.

### Administration générale.

Rénovation des installations électriques et d'éclairage des pistes de quilles au Centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *175.000,00 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *175.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *155.768,37 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 6.9.

### Administration générale.

Installation d'un nouvel écran tactile à l'espace muséologique en la Maison Rouge à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsorf, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *20.300,00 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *20.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *20.224,61 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 6.10.

### Administration générale.

Etat des recettes à recouvrer à la clôture de l'exercice 2022 – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Punkte 6.10 a 6.11 hänken zesummen. Wéi all Joer gëtt den 30. Abrëll de Point gemaach, wéi d'Recetten all erakomm sinn. An da gëtt den Etat gemaach vun de Recettë vum Exercice 2022. Am Punkt 6.11 gi mir dann eisem Receveur den Optrag

an och d'Erlabnis „d'ester en justice“ anzedreiwen. Wat een awer hei muss soen, an dat ass extrem wichteg fir dat hei ze soen, mir hunn eigentlech am Joer 2022 ronn 10,45 Milliounen Euro Rechnungen ausgestallt an et sinn 10,18 Milliounen Euro bezuelt ginn. Dat si 97,3% vun de Rechnungen, déi bezuelt goufen. Et si just 2,7% vun de Rechnungen, déi op den 30. Abrëll net bezuelt sinn. Dofir vu menger Säit aus e grousse Merci un eis Biergerinnen a Bierger fir hir gutt Zahlungsmoral, déi si un den Dag leeën. Awer och e grousse Merci un d'Gemengerecette mat hire Leit, de Receveur Här Schmit a seng Leit, déi awer och um Ball bleiwe fir datt dat Resultat esou gutt ass ewéi et hei ass. Ech mengen, dir braucht iech nëmmen emol bei anere Gemengen ëmzekucken an nozefroen, wéi do de Prozentsaz ass. Dann ass deen heiten exzellent.

Et ass och ee relativ décke Betrag vu bal 40.000 Euro, deen am Zesummenhang mat der Museksschoul steet a wou d'Gemenge Suessem an Dippech en Deel bäigedroen hunn. Dat sinn 39.780 Euro, Käschte vun hire Kanner a Jugendlechen, déi vun hinnen an d'Museksschoul kommen. An och do war e bëssen Hin an Hir, wéi si dat dann no dem neie Gesetz géife bezuelen. An doduerch ass och do eréischt Enn Abrëll entscheet ginn, datt si dat géife bezuelen. Déi Sue sinn eréischt am Mee erakomm, awer déi si schonn all do. Wann een déi 85.000 plus déi 73.000 Euro kuckt, da leie mir nach bei ronn 100.000 Euro, déi aus dem Joer 2022 opstinn a wat net vill ass. An da muss een derbäisoen, datt mir en Deel – dat ass e Virschlag, deen de Receveur eis mécht – Dechargë maachen, wou z.B. eng Faillite ass, Persounen net méi am Land sinn a mir déi Zommen net méi kënnen andreiwen. Do proposéiert hien dem Gemengerot, eng Decharge ze ginn. Dat sinn 22.000 Euro, dat sinn 3‰ vun de Recetten. 7.700 Euro dovunner sinn aus fréieren Exercicer, déi mir elo e puer Joer weidergeschleeft hunn a wou mir elo festgestallt hunn, datt mir déi Suen net méi kréien, esou datt dat och en exzellent Resultat ass.

Also vun 10.456.000 Euro, déi opstinn aus Rechnungen, sinn der 10,182 Milliounen Euro bezuelt ginn. Dofir géif ech iech virschloen 2 Votten ze huelen. Fir den „Etat des recettes à recouvrer" unzehuelen an am 6.11 dem Receveur d'Erlabnis ze ginn „d'ester en justice“ wann hie mat senge Prozeduren ofgeschloss huet an net méi virukënnt, esou datt hien de Rescht Sue kann andreiwen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci fir d'Erklärungen. Och Merci der Equipe fir déi gutt Aarbecht. Dir hutt elo gesot 2,7% - dat war nämlech och meng Fro -, ass et mat der Inflatioun a mat den Energiepräisser, wou mer jo elo awer wëssen, datt méi Leit ënner Drock gerode sinn, ass dat méi wéi soss am Verglach? Konnten déi Leit awer nach déi Rechnung bezuelen a wann si se net bezuelt hunn, ass déi vum Office social iwwerholl ginn? Well dat ass jo dann déi aner Stuf. Si gi jo da bei den Office social. Vläicht sinn der do méi opgelaf ewéi déi Jore virdrun. Et wier flott wa Péiteng déi eenzeg Gemeng wier, wou d'Inflatioun an d'Energiekris keen Impakt gehat hätt. Ma d'Fro geet éischter an déi Richtung wéi se bei eis ageschloen hunn. Déi aner Fro ass – ech weess, ech froen dat all Joer – ob et net méiglech wier fir datt d'Locatairen d'Waasserrechnungen direkt kréien. Dat géif och de Besëtzer vill spueren, an et wier och am Dateschutz e grousse Schrëtt. Well et geet u sech de Proprietär guer näischt un, wéivill Waasser datt de Locataire verbraucht. A Péiteng ass mat déi eenzeg Gemeng am Land, wou de Proprietär d'Sue muss virstrecke fir datt de Locataire dat iergendeng Kéier zeréckbezilt. Fir dat ze vereinfache fir d'Proprietären, kéint een net einfach dem Locataire d'Waasserrechnung schécken, esou wéi een et och bei de Poubellë mécht?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Fir d'alleréischt géif ech soen, datt mir d'lescht Joer och genee bei 2,7% louchen. Wéi den Zoufall et wëllt, ass et genee d'selwecht ewéi d'lescht Joer. De Betrag war awer nëmmen 9,8 Milliounen Euro, déi aus Rechnungen ausgestallt ginn. An dovunner waren et 2,7%. Dofir ass d'Gesamtvaleur par rapport zum leschte Joer bei 261.000 Euro, dëst Joer si mir bei 274.000 Euro. Ma dat ass einfach doduerch, datt d'Rechnunge méi héich sinn. Ech ka wierklech net soen, ob den Office social vill vun deene Saache bezuelt huet. Et ka sinn, datt den Office social en Deel iwwerhëlt. Ech mengen awer, do sidd dir besser placéiert ewéi ech, well dir sëtzt jo am Verwaltungsrot, an da misst dir jo wëssen, wéi do d'Evolutioun ass.

Ob se méi positiv oder negativ ass an der leschter Zäit? Ech gesi just och do, datt deen Deel, dee mir als Gemeng un den Office social am Joer 2022 bezuelt hunn, net deement-spriechend an d'Luucht gaangen als ewéi een dat hätt kënnen erwaarden opgrond vun der méi schwiereger Situatioun, déi mir net nëmmen zu Péiteng, ma am ganze Land hunn. Ech stellen awer fest, datt d'Bedeelegung vun der Gemeng am Office social, déi jo 50% duerstellt, proportional net esou schrecklech an d'Luucht gaangen ass ewéi an deene Jore virdrun.

A wann ee weess, datt do och d'Paie vun den Assistante socialen dra sinn a mir och méi Leit agestallt hunn, da mengen ech net, datt et aus der Rei geklommen ass. Dat ass mäi Gefill, ma et misst een dat am Detail kucke fir iech do eng Äntwert kënnen ze ginn.

Wat elo d'Waasserberechnung ugeet, esou muss ech dozou zwou Saache soen. D'Waasser ass net nëmmen de Verbrauch, et sinn zwee Deeler. Et ass de Verbrauch an d'Locatioun vun de Compteuren an de Waasserleitungen. Dat heescht wann ech d'Waasser bezuelen, da bezuelen ech eng „part fixe“ an eng „part variable“. Wann een et wierklech wéilt wuertwiertlech huelen, da misst ee soen, mir huele just d'„part variable“, déi mir dem Locataire verrechnen an d'„part fixe“ dem Proprietär. An ech sinn net mat iech averstanen, datt an deene meeschte Gemengen dat esou gemaach gëtt, datt de Locataire dat huet. Et si ganz vill Gemengen, déi net dee System hunn, dee mir hunn. Mir hu pro Appartement e Compteur. Et si ganz vill Gemengen, déi e globale Compteur hunn, an do gëtt et no Millième verrechent, well just ee Compteur an der ganzer Residenz ass.

Dir sidd jo kee grousse Frënd vum Promoteur. Ech héieren a liesen dat. Ech si vläicht méi e grousse Frënd vum Promoteur, awer ech wëll net Leit astelle fir dem Promoteur seng Aarbecht ze maachen. Well grad bei deenen, déi 200 oder 300 Appartementer hunn, do ass genuch Hin an Hir. A wann d'Gemeng elo d'Waasserrechnung mécht, da mécht d'Gemeng eng Rechnung un déi, d'Gemeng leeft deene Leit no fir ze kucken, datt d'Suen erakommen. An da gëtt de Restant nach vill méi grouss, well da sinn déi op eemol fort. Dofir sinn ech nach ëmmer der Meenung datt mir dat, wat de Gemengerot eng Kéier hei entscheet huet – dat ass schonn éiweg esou – solle bäibehale fir ze soen, mir froen dem Promoteur dat. Iwwregens, bei den Appartementshaiser gëtt et och nach d'waarmt Waasser. Do gëtt et nees e globale Compteur. Ech hat eng Kéier do gekuckt. Méi wéi 50% vun deem Waasser ass fir de Proprietär oder et ass e gemeinsame Compteur, wou d'waarmt Waasser driwwer geet. An dat anert ass och nëmme 50%, an dat gëtt eng ganz grouss Obligatioun fir all deem nozegoen. Dofir si mir der Meenung, datt mir solle beim Proprietär bleiwen.

Iwwregens, och do muss ech soen, hate mir jo eng Kéier een, dee gemengt hat, e misst um Geriicht géint eis virgoen. Do hu mir en „avis juridique“ schreiwe gelooss, deen och dokumentéiert firwat et richteg ass – do ass och nach vum „pollueur-payeur“ geschwat ginn – an deen huet dat komplett

auserneegeholl an dokumentéiert, datt et scho richteg ass ewéi d'Gemeng Péiteng dat gemaach huet. Wéi dat Ganzt bis do louch, do huet d'Géigepartei d'Seegele gestrach an sech zeréckgezunn an se hunn déi 200 € bezuelt. Do goung et och grad ëm eng Persoun, déi net bezuelt huet, an do hu mir gesot, dass se muss bezuelen. Si hunn och net bezuelt an do hunn si dann och mat der ganzer Entwécklung vum „pollueur-payeur" geschwat. Ech roden dovun of fir dat ze maachen, well dat gëtt eng Belaaschtung fir eis Verwaltung, déi net ze ënnerschätzen ass. Ech weess, datt ee Promoteur mer gesot huet „wann dir dat esou maacht, da muss ech 2 Leit astelle fir dat do ze maachen". An do hunn ech gesot „ech hu léiwer, dir stellt déi 2 Leit an ewéi datt ech se muss astellen". Dat war meng Äntwert.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech kann dat jo novollzéie mat de Promoteuren, wann do een oder zwee Promoteuren 200 oder 300 Appartementer huet. Mäi Punkt ass awer, datt en Ënnerscheed ass mat deenen, déi 1 oder 2 Haiser an der Locatioun hunn, datt déi mussen nolafen. Stellt iech vir, et ass een, dee seng Pensioun wëll opbesseren an huet säin Appartement verlount. An do ass ee Locataire, dee kräfteg iwwerdreift. Da wäert dee jo och net richteg nokommen. Dee muss jo d'Geld avancéiere bis deen dat bezilt. Dat war de Punkt. Et geet mer net ëm déi 200 oder 300 Appartementer. Et geet mir ëm déi Leit, déi eppes ginn hu fir hir Rent oder soss eppes opzebesseren. Fir déi wier et vill méi einfach wann d'Rechnung géing bei de Locataire géif kommen an si sech net mussen drëm këmmeren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wann dir haut en Appartement lount, dann hutt dir jo och aner Saachen ewéi an enger Co-Proprietéit den Ënnerhalt vum Lift, vun de "parties communes", an och do muss de Proprietär – och wann en nëmmen een Appartement huet – en Dekont maachen. Hei ass et dann d'Waasser, dat ass vun 10 Positiounen eng zousätzlech Positioun, wou een sech och kann Avancen op de Chargë froen. Dat do ass 1 Positioun wann een en Appartement huet, et ass 1 vun 12 Positiounen. 11 huet e souwisou, déi kritt e vum Syndic verrechent, an dann hëlt en deen do och nach derbäi an da verrechent deen dat. Et si 4 Rechnungen. E rechent dat zesummen a verrechent dat un déi eenzel Locatairen oder deen eenzele Locataire.

Awer eent ass kloer. Wa mir et fir deen ee maachen, da musse mir et och fir deen anere maachen. Mir kënnen net mat „deux poids et deux mesures" fueren. Dat heescht wa mir soen, mer maachen d'Dier op, da si mir esou gutt a mir maachen et op fir deen, deen 200 oder 300 Appartementer huet, grad esou wéi deen, dee just eent huet. An dofir mengen ech, déi Surcharge – ech weess, vu wat mir hei schwätzen – ass esou minimal, datt een dat ouni Weideres hikritt. Opgrond vun eisem Reglement – dat ass eist Taxereglement – dat gesäit dat vir, datt, wa mir dat do eng Kéier wéilten änneren, da kann déi nei Equipe dat maachen. Mat alle Konsequenzen, déi dat huet. Da muss een dat Taxereglement an deem Punkt änneren an et muss een da kloer wëssen, datt een dann och eppes verrechent un de Locataire wat eigentlech net direkt de Locataire concernéiert. Dat huet näischt mam Verbrauch ze doen, et concernéiert de Proprietär, well dat ass eng fix Leitung, déi do besteet. Ma ech mengen, de Gemengerot ass fräi fir z'entscheeden. Mir sinn elo laang esou gutt gefuer an ech roden dovunner of. Ech hunn awer kee Problem wann eng Majoritéit vum Gemengerot dat anescht entscheet, well ech wäert net méi derbäi si fir d'Konsequenzen dovunner am administrative Beräich ze droen. Dann dierfe mir eis natierlech net wonneren, wann d'Resultat heivunner méi schlecht ausgesäit.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech fannen, d'Waasser ass jo e ganzt wichtegt Gutt, wat all Mënsch muss a soll hunn. Ma ech fannen dann awer och, datt wann een de Krunn opdréint an et kritt ee säi Waasser, da soll een och säi Waasser bezuelen. Ech fannen, dat ass dat éischt un dat d'Leit sollen denken.

Wann ech da verschidde Positiounen hei kucken, wou méintelaang oder schonn e Joer laang kee Waasser méi bezuelt ginn ass, da froen ech, ob mir net schonn éischter eppes kënne maache fir d'Suen anzedreiwen ewéi eng Saisie op d'Pai ze leeën. Et kann een dach net e Joer laang kee Waasser bezuelen. A wann ech esou kucken, dann denken ech, datt et net eleng Leit sinn, déi op den Office social ginn. Dat ass dat mannst, datt ee säi Waasser soll bezuelen, well et gi vill Leit op der Welt, déi frou wiere wann se de Krunn géifen opdréien an da Waasser hätten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn iech Recht. Wann ech elo hei kucken, da sinn 3,2 Milliounen Euro Taxe fir Waasser ausgestallt ginn. An dovun, vun deenen 3,2 Milliounen Euro, sinn 18.000 Euro nach net bezuelt. Et kann och nach sinn, datt déi e bëssen a Verspéidung sinn. Déi kënnen och schonn am Mee bezuelt hunn, dann ass dat awer minimal. Mir hunn där och bei deem Solde vun 73.000 Euro, well dat gëtt jo herno recuperéiert an de „recettes ordinaires restant à recouvrer des exercices antérieurs". Do hu mir och een, deen huet eng ganz déck Zomm ausstoen. Do ass um Geriicht schonn 3 oder 4 Mol entscheet ginn, datt hie muss bezuelen. De gudde Mann sëtzt awer am Prisong an e bezilt net. An der Tëschenzäit ass awer kee méi an deem Gebai an et ass kee Waasseruschloss méi an deem Gebai. Elo hu mir awer eng Léisung fonnt. Elo ka keen sech méi do umelle bis dat do gereegelt ass. Do stinn am ganze bal 40.000 Euro op iwwer all déi Joren. Dat ass net nëmme Waasser, dat ass alles. Dat sinn der natierlech vill a mir hunn déi och nach net dechargéiert, well mir hunn um Friddensgeriicht 5 oder 6 Mol Recht kritt, ma hie bezilt einfach net. Dat sinn där Fäll, awer fir dee gréissten Deel – dat muss ech ganz éierlech soen – hu mir eng exzellent Zahlungsmoral. Et si jo och emol Leit, déi Problemer hunn a bei de Receveur gi fir ze froen, ob se dat net kéinten a 5 oder 6 Kéiere bezuelen. Da geet dat och, an da gi mir eis och eens. De Receveur léisst ëmmer mat sech schwätzen an hien ass och ëmmer bereet, eng Léisung ze sichen. An ech sinn der Meenung, datt dat hei exzellent funktionéiert. Wa mer op deem Niveau bleiwen, da kënne mir eis net bekloen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Kann ech nach just eng Erklärung gi wat der iwwer den Office social gesot hutt. Et ass effektiv esou ewéi dir dat gesot hutt: dee grousse Run, ewéi d'Energiepräisser esou an d'Luucht gaange sinn, blouf aus. Awer dat wat am meeschte gefrot gëtt, dat sinn d'Gemengerechnungen, d'Elektresch an alles, wat domat ze doen huet. D'Leit kréien och ëmmer vun den Assistante socialë gesot, se solle mat deene Leit schwätzen – mam Receveur oder mat der Enovos – fir eng Léisung ze fannen. Awer d'Leit maachen dat net. An da kommen se just dann eng Woch oder e puer Deeg ier soll ofgepëtzt ginn. Déi Leit kréien zwar gehollef, awer d'Leit mussen och matschaffen.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.11.

### Administration générale.

Autorisation globale d'ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

**Affaires sociales.**

Création de divers postes par l'Office social – avis.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 7.2.

**Affaires sociales.**

Adaptation des loyers des logements communaux – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*Il est suggéré de se rallier aux propositions d'adaptation des loyers des logements communaux arrêtées par le conseil d'administration de l'Office social de Pétange le 10 mai 2023.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

**Personnel.**

Création d'un premier poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité D1, sous-groupe technique pour les besoins du service des piscines communales – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

**Personnel.**

Création d'un second poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité D1, sous-groupe technique pour les besoins du service des piscines communales – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.3.

**Personnel.**

Création d'un troisième poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité D1, sous-groupe technique pour les besoins du service des piscines communales – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.4.

**Personnel.**

Convention relative à la mise à la disposition partielle et temporaire de l'archiviste communal à la commune de Käerjeng – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

*La convention stipule que la Commune de Pétange met à disposition de la Commune de Käerjeng son archiviste communal à raison de 30%, c'est-à-dire en principe 12 heures par semaine. En contrepartie, une indemnité annuelle, correspondant aux traitements et accessoires à la rémunération de l'agent y compris les charges sociales de l'année précédente, est versée à la recette communale de la Commune de Pétange par la Commune de Käerjeng.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

**Environnement.**

Diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la Commune de Pétange: approbation du devis au montant total de 28.106,80 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.1.

**Propriétés.**

Convention de servitude avec le Syndicat des Eaux du Sud concernant le déplacement d'une conduite d'eau potable à Lamadelaine et à Rodange – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.2.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,45 are) sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Montagne», de la part de M. Henri Vorwerk – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.3.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare», de la part de M. Kiu Ling Tsui et Mme Yiluo Sun – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain d'une contenance de 0,20 are se fait au prix de 150 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.4.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,13 are) sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch», de la part des consorts Dubru – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.5.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part du consortium d'héritiers Kozar – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain d'une contenance de 0,15 are se fait au prix de 112,50 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.6.

**Propriétés.**

Acte concernant la vente de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Ecoles», à Mmes Monique et Christiane Weis – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition des terrains d'une contenance de 0,16 are et 0,69 are se fait au prix de 17.000,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.

**Urbanisation.**

Classement de l'immeuble sis à Rodange, rue Joseph Philippart n°19, comme patrimoine culturel national – avis.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do geet et ëm e Courrier, dee mir de 4. Abréll 2023 vun der Kulturministesch kruten, an déi eis opgrond vun enger Demande vun de Proprietäre vum Haus Nr. 19 an der rue Jos. Philippart zu Rodange freet fir dat als „patrimoine culturel national" ze klasséieren. An där Demande gëtt iwwer 2 Säiten - a jidderee konnt et liesen – vun der Madamm Minister explizéiert, firwat dat Haus soll bestoe bleiwen. Dat, well et en typescht Haus ass aus deem Zäitalter ass. Mir sinn der Meenung als Schäfferot, datt dat och ouni Weideres esou ka sinn. Dat eenzegt, wat kloer ass, dat ass, datt mir eisen Avis nëmme kënne positiv gi vum Giewel bis hannenaus. Wat net autoriséiert ass vun der Gemeng a wat och nodréiglech gemaach ass an och net ze klasséieren ass, dat wäerte mir natierlech ausklammeren. Ma vun der viischter Front bis hanne kënne mir e positiven Avis gi fir de Klassement vun deem Gebai.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech mengen, mir haten déi Saach schonn eng Kéier an der Verkéierskommissioun beschwat well déi Situatioun net ganz glécklech ass. Mir gesinn dat jo all um Bild. An ech wier frou, wa mir eis als Gemeng mat der Famill géifen eens ginn an déi Situatioun behiewen. Wann de Schülerbus mat de Kanner kënnt an d'Kanner klammen aus dem Bus – de Buschauffer huet eis och gesot, datt déi Situatioun net ganz glécklech ass -, da kommen do keng 2 Kanner méi laanschteneen. Et weess een och datt, wann d'Kanner iwwer den Trottoir ginn, dat net ëmmer ganz iwwersiichtlech ass. Da wier et flott, wa mir eis géifen am Gudden eens gi fir déi Situatioun do ze behiewen. Et ass kee schéint Bild fir de Proprietär vum Haus an och kee schéint Bild am Allgemengen. An d'Sécherheet vun de Foussgänger ass och net garantéiert. Ech wier frou, wa mir géifen op de Wee goen an eng Léisung am Gudde fannen. Fir béid Parteien.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn iech Recht. Mir hunn och do scho Munches probéiert, sinn awer bis elo net op e gréngen Zweig komm. Ech mengen, mir haten all déi Proprietären ugeschriwwe wéi d'rue Jos. Philippart frësch gemaach ginn ass. Déi meescht waren averstane fir deen Deel vum Trottoir ofzetriede fir dat an d'Voirie publique z'integréieren. Déi Famill hei war awer net averstanen domat. Selbstverständlech kënne mir nach ëmmer eng Kéier intervenéiere fir dat ze maachen. Awer fir de Moment hunn ech net d'Impressioun – mir hunn dat scho méi dacks versicht – datt déi Famill averstane wier fir dat ze maachen. Mir kënnen déi Famill awer nach eng Kéier uschreiwen a froen, ob se bereet sinn dat, wéi déi aner et gemaach hunn, als Cessioun un d'Gemeng ze maachen. Selbstverständlech géint Bezuelen, wéi déi aner dat och bezuelt kréien. Wat kloer ass, an dat ass, wat mer hei diskutéieren, ob mir dat Klassement hei guttheeschen. Ech sinn der Meenung, datt dat Klassement soll erhale gi well mir jo elo hei eng Explikatioun vun der Ministesch hunn, déi seet, datt dat do en Haus ass, dat an deem Zäitalter, wou et gebaut gouf, en Zäitzeien ass a bleiwe soll. Mir si fir e Klassement vum Gebai, awer vum „pignon côté de rue" bis hannenaus an de Gaart. Awer net dee viischten Deel, deen net authentesch vu fréier ass, well deen ass eréischt 2020 gemaach ginn. Deen ass nodréiglech gemaach ginn an dofir kënne mer net soen, datt dat en Zäitzeien ass, well dat do ass eng Situatioun, déi elo eréischt geschaf gouf, déi net autoriséiert ass an, wéi dir richteg sot, eng Geforenzon op där Plaz duerstellt. Dofir ass eis Propositioun fir dat Klassement guttzeheeschen, awer „à partir du pignon côté de rue" bis hannenaus wéi d'Haus dann do besteet.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir sinn och frou iwwer all Haus, dat klasséiert gëtt. Et ass just, well et och am Text steet, datt et net konform ass. Mir kéinten awer versichen, nach eng Kéier op dee Wee ze goen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir wäerten nach eng Kéier kucke fir an d'Gespréich mat der Famill ze kommen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Also ech wollt just nach eng Kéier froen, ob just d'Face erhale bleift oder gëtt och dat hannendrun erhalen? Well do ass jo nach ëmmer de Kino dran.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Neen, do ass kee Kino.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech hu gemengt, et wier dat oranget Haus.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Neen, et ass dat anert.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ass et wierklech dat Haus dernieft? Riets. Ah sou. An dat ass klasséiert ginn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass e fréiere Schouster gewiescht. Ech mengen, et ass jo eng ganz Explikatioun do an der Dokumentatioun vum 4. Abréll.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech hunn dat och gelies. Ech war kucken, well ech net wousst, wat fir eent et genee wier. Wann ee bei Google Maps kucke geet, do gesäit een alles. Dofir war ech elo guer net méi sécher. An dat doten Haus ass elo klasséiert?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat soll klasséiert ginn. Wann dat Haus als „patrimoine national" klasséiert ass, da muss ee wëssen, datt et net nëmmen d'Aussefassad ass. Wa mir als Gemeng et klasséiert hätten, da wieren et d'Aussefassad, d'Daachform an esou virun. Well et awer „patrimoine national" ass – si schreiwen dat jo och – da sinn et och bannenan Elementer, déi mussen erhale bleiwen. Et ass kloer datt, wann dat eng Kéier elo klasséiert ass – d'Awunner sinn sech jo bewosst, wat dat heescht, well si hu jo d'Demande selwer beim Kulturministère gemaach – da bréngt dat ganz kloer Avantagë mat sech. Wann een do Renovatiounsaarbechte mécht, da kritt een zum Deel Subsiden. Awer et bréngt och Nodeeler mat sech, well et muss een alles autoriséiert kréien, individuell, alles wat ee bannena mécht. Do ännert ee guer näischt méi ewéi just nëmmen dat, wat d'INPA engem erlaabt. Et kritt een natierlech Subsiden. Et ass „donnant-donnant".

**Accord à l'unanimité.**

## 11.2.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part du bureau d'architecture SFA pour le compte de Mme Mujevic Amela en vue du morcellement d'un terrain sis à Pétange, rue Adolphe n°9 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord par 16 voix 'Oui' et 1 abstention (M. Scheuer).**

## 11.3.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Croix Saint Pierre» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement/morcellement du terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Croix Saint Pierre», n° cadastral 796/8337, en trois nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains, étant donné que la Commune n'envisage pas d'y réaliser de projet.*

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 11.4.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part de M. De Sousa Da Silva Eugénio et Mme Ribeiro Da Silva Cristiana en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement/morcellement du terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 736/7548, en deux nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains, étant donné que la Commune n'envisage pas d'y réaliser de projet.*

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 11.5.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck n°65 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement/morcellement du terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck n°65, n° cadastral 732/7396, en trois nouveaux lots, dont une emprise, et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains.*

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 11.6.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 736/7771 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement/morcellement du terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 736/7771, en deux nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains.*

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 11.7.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 747/8275 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au au lotissement/morcellement du terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 747/8275, en deux nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains.*

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 11.8.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement/morcellement de la part de la société RXC Promotions SA en vue du morcellement d'un terrain sis à Rodange, rue du Clopp n°48 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement/morcellement du terrain sis à Rodange, rue du Clopp n°48, n° cadastral 775/5467, en deux nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains.*

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 12.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*A partir du mercredi 3 mai 2023, pendant la durée des travaux estimée à 12 mois et suivant l'avancement de ceux-ci, à Rodange, dans la route de Longwy:*

- *la circulation des piétons et le stationnement seront interdits à la hauteur du chantier du côté pair ;*
- *un passage provisoire pour piétons sera aménagé à la hauteur de l'immeuble n°200.*

**Accord à l'unanimité.**

## 13.1.

**Vie associative.**

Statuts de l'association «Los Hombres Péiteng ASBL» – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

## 13.2.

**Vie associative.**

Statuts de l'association «Minièresbunn Doihl ASBL» anciennement «Minièresbunn Doihl Rodange» - information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

# Gemeinderatssitzung vom 22. Mai 2023

**Anwesend:**

**Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV)

**Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)
**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)
**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)

**Agostino Maria** (CSV)
**Arendt Patrick** (CSV)
**Breyer Roland** (CSV)
**Martins Dias André** (CSV)
**Remacle Patrick** (CSV)

**Birtz Gaby** (LSAP)
**Brecht Guy** (LSAP)
**Stoffel Marco** (LSAP)

**Becker Romain** (déi gréng)
**Scheuer Romain** (déi gréng)

**Goergen Marc** (Piratepartei
**Welter Christian** (Piratepartei)

**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. - Schulwesen.

Die Punkte 1.1 bis 1.5 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt. Der Gemeinderat hat beschlossen, die Entscheidungen nicht zu veröffentlichen.

### 2. - Musikunterricht.

Die Punkte 2.1 bis 2.4 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt. Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Rücktritt: Pensionierung eines Gemeindeangestellten - Beschluss.

Der Rücktritt von seinem Posten bei der Gemeindeverwaltung ab dem 1. September 2023 wird Herrn Philip Tack gewährt.

### 3. - Personalangelegenheiten.

Die Punkte 3.1 bis 3.9 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt. Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsgruppe D2 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) für den Verkehrs- und öffentlichen Beleuchtungsdienst – Team der Ordnungshüter – Beschluss.

Frau Cheryl Britz aus Villerupt (Frankreich) wird als Beamtin der Gehaltsgruppe D2 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) ernannt.

Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsgruppe D2 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) für den Verkehrs- und öffentlichen Beleuchtungsdienst – Team der Ordnungshüter – Beschluss.

Frau Alyssa Klein aus Differdingen wird als Beamtin der Gehaltsgruppe D2 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) ernannt.

Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsgruppe D2 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) für den Verkehrs- und öffentlichen Beleuchtungsdienst – Team der Ordnungshüter – Beschluss.

Frau Laetitia Teixeira aus Rodange wird als Beamtin der Gehaltsgruppe D2 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) ernannt.

Ernennung eins Gemeindeangestellten (m/w) der Gehaltsgruppe B1, Verwaltungsbereich, für die Personalabteilung – Beschluss.

Herr Roland Knips aus Noertzingen wird als Gemeindeangestellter der Gehaltsgruppe B1, Verwaltungsbereich, ernannt.

Ernennung eins Gemeindeangestellten (m/w) der Gehaltsgruppe A2, wissenschaftlicher und technischer Bereich, für das Technische Amt – Beschluss.

Herr Nicolas Baustert aus Athus (Belgien) wird als Gemeindeangestellter der Gehaltsgruppe A2, wissenschaftlicher und technischer Bereich, ernannt.

Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Herr Pierre Bernard wird definitiv als Gemeindebeamter der Gehaltsgruppe A2, wissenschaftlicher und technischer Bereich, ernannt.

### 4. - Mitteilungen.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Herr Pierre Mellina, Bürgermeister, teilt die Zahlen in Bezug auf den Jahresabschluss des Jahres 2022.

Schöffe Jean-Marie Halsdorf gibt Auskunft über den Beginn der Arbeiten zur Umstellung der traditionellen Leuchten auf LED-Leuchten auf dem Gebiet der Gemeinde Petingen.

### 5.1. - Kultur.

Renovierungs- und Transformationsprojekt des Bauernhofs auf Nummer 5 in der rue de la Fontaine in Lamadelaine: Bewilligung der Beschreibung, des Gesamtkostenvoranschlags über 13.650.000 € (inkl. MwSt.) sowie der Pläne - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.2. - Kultur.

Konvention mit Herr Albert Wolter und Frau Gaby Mancini hinsichtlich der Schenkung von Material und Dokumenten zum Thema Rundfunkübertragung und Tonaufnahme zugunsten der Gemeindeverwaltung Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.3. - Kultur.

Statute der Vereinigung „Interesseveräin Maison du Son ASBL“ - Bekanntmachung.

Es wird zur Kenntnis genommen.

### 5.4. - Kultur.

Konvention mit der Vereinigung „Interesseveräin Maison du Son ASBL“ und der Universität Luxemburg in Bezug auf den Entwurf und den Betrieb des zukünftigen Museums „Maison du Son“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 336.390,10 € (Jahr 2022) und 19.270.149,64 € (Jahr 2023) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt aus dem Ausschuss für Familie, drittes Alter und Menschen mit Behinderung - Beschluss.

Der Rücktritt von Frau Danielle Desorbay aus dem Ausschuss wird zur Kenntnis genommen.

### 6.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichtung eines Gewerbegebiets „Au Grand Bis“ in Rodange: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 28.255.500,00 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Sanierung des unteren Kornbeckens in Rodange Fonderie: Abstimmung über einen Kostenvoranschlag über 13.500.000,00 € (inkl. MwSt.) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erschließung von drei Parzellen in der Gewerbezone PED in Rodange: Abstimmung über einen zusätzlichen Kostenvoranschlag über 985.000,00 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Umsetzung eines Transformators in der rue Pierre Hamer in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit: | 300.000,56 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag: | 300.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 253.303,91 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 6.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Instandsetzung der Kegelbahnen im Nationalen Kegelzentrum in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit: | 460.000,63 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag: | 460.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 427.383,54 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

### 6.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Renovierung der Elektro- und Beleuchtungseinrichtungen der Kegelbahnen im Nationalen Kegelzentrum in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit: | 175.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag: | 175.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 155.768,37 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

**6.9. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Installation eines neuen Touchscreens im Museum der „Maison Rouge“ in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Gesamtkredit: | 20.300,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtkostenvoranschlag: | 20.000,00 € (inkl. MwSt.) |
| Gesamtausgabe: | 20.224,61 € (inkl. MwSt.) |

Beschluss einstimmig.

**6.10. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Ausstehende Einnahmen beim Jahresabschluss 2022 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6.11. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Erlaubnis um gerichtlich im Fall von unbezahlten Rechnungen vorzugehen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**7.1. - Soziales.**

Schaffung verschiedener Posten durch das Sozialamt - Mitteilung.

Beschluss einstimmig.

**7.2. - Soziales.**

Anpassung der Mieten der kommunalen Unterkünfte - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.1. - Personalangelegenheiten.**

Schaffung eines ersten Postens eines Gemeinde-angestellten (m/w) der Gehaltsgruppe D1, technischer Bereich, für die Gemeindeschwimmbäder - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.2. - Personalangelegenheiten.**

Schaffung eines zweiten Postens eines Gemeinde-angestellten (m/w) der Gehaltsgruppe D1, technischer Bereich, für die Gemeindeschwimmbäder - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.3. - Personalangelegenheiten.**

Schaffung eines dritten Postens eines Gemeinde-angestellten (m/w) der Gehaltsgruppe D1, technischer Bereich, für die Gemeindeschwimmbäder - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.4. - Personalangelegenheiten.**

Konvention hinsichtlich der teilweisen Zurverfügungstellung der Gemeindearchivistin an die Gemeinde Niederkerschen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10. - Umwelt.**

Diagnose zur Luftqualität in der Gemeinde Petingen: Bewilligung des Kostenvoranschlags über 28.106,80 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.1. - Liegenschaften.**

Dienstbarkeitskonvention mit dem Syndicat des Eaux du Sud in Bezug auf die Umlegung einer Trinkwasserleitung in Lamadelaine und in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.2. - Liegenschaften.**

Vorvertrag hinsichtlich des kostenlosen Erwerbs eines Grundstücks am Standort „rue de la Montagne“ in Lamadelaine von Herrn Henri Vorwerk - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.3. - Liegenschaften.**

Vorvertrag in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen von Herrn Kiu Ling Tsui und Frau Yiluo Sun - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.4. - Liegenschaften.**

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „avenue Dr. Gaasch“ in Rodange von den Konsorten Dubru - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.5. - Liegenschaften.**

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Charlotte“ in Rodange vom Erbkonsortium Kozar - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.6. - Liegenschaften.**

Akt in Bezug auf den Verkauf von Grundstücken am Standort „rue des Ecoles“ in Petingen an die Damen Monique und Christiane Weis - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1. - Raumplanung.**

Klassifizierung des Gebäudes Nummer 19 in der rue Joseph Philippart in Rodange als nationales Kulturerbe – Mitteilung.

Beschluss einstimmig.

**11.2. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung seitens des Architekturbüros SFA im Namen von Frau Amela Mujeciv hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „9 rue Adolphe“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss mit 16 Ja-Stimmen und 1 Enthaltung (Herr Scheuer).

**11.3. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung seitens der Gesellschaft RXC Promotions SA hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „A la Croix Saint Pierre“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja- und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**11.4. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung von Herrn Eugénio De Sousa Da Silva und Frau Cristiana Ribeiro Da Silva hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja- und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**11.5. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung von der Gesellschaft RXC Promotions SA hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „65, chemin de Brouck“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja- und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**11.6. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung von der Gesellschaft RXC Promotions SA hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“, Katasternummer 736/7771 in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja- und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**11.7. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung von der Gesellschaft RXC Promotions SA hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“, Katasternummer 747/8275 in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja- und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**11.8. - Raumplanung.**

Antrag zur Aufteilung von der Gesellschaft RXC Promotions SA hinsichtlich der Zerstückelung eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“, Katasternummer 736/7771 in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja- und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**12. - Transport und Kommunikation.**

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**13.1. - Vereinsleben.**

Statuten der Vereinigung „Los Hombres Péiteng ASBL“ - Auskunft.

Es wird zur Kenntnis genommen.

**13.2. - Vereinsleben.**

Statuten der Vereinigung „Minièresbunn Doihl ASBL“, ehemals „Minièresbunn Doihl Rodange“ – Auskunft.

Es wird zur Kenntnis genommen.

# *Questions des conseillers communaux*

# *Réponses du collège des bourgmestre et échevins*




**Question écrite du 20 avril 2023 de M. Christian Welter (Piratepartei):**

Betrëfft: Vott vum neie President vum SIGI

Wéi d'Press bekannt ginn ass, huet de SIGI een neie President gewielt, dëst, nodeems deen ale President zeréckgetrueden ass, well et intern beim SIGI vill rumouert huet. An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Fro stellen:

- Wéi huet de Vertrieder vum Péitenger Gemengerot am SIGI beim Vott vum neie President ofgestëmmt?

**Réponse écrite du 5 mai 2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Ee Gemengesyndikat fonctionéiert a ville Punkten änlech wéi eng Gemeng. Deemno wësst dir als Gemengeconseiller genee dat déi Ofstëmmungen am “vote secret” stattfannen an d’Gemeng deemno keng Kenntnis vum Vott vun eisem Delegéierten huet. Mir hunn är Fro, als Info per Email, haut un den Här Gemengeconseiller Marco Stoffel weidergeleet.

**Question écrite du 12 mai 2023 de M. Christian Welter (Piratepartei):**

Betrëfft: Trëppelwee vun der aler Bunn zu Rodange um Clopp

Um Trëppelwee vun der aler Bunn zu Rodange um Clopp feelen op verschiddene Plazen d'Bänken. Dës Weidere geheien hei ëmmer erëm Leit Dreck op de Buedem.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Bänke sinn op dem ganze Wee vun der Rue de Lasauvage bis op de Schluss vum Rue du Clopp opgestallt?
2. Wéi vill Poubellë sinn op dem ganze Wee vun der Rue de Lasauvage bis op de Schluss vum Rue du Clopp opgestallt?

**Réponse écrite du 11 juin 2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Nodeems eise Service Espaces Verts op d'Plaz war, kënne mir Iech matdeelen datt déi Bänk déi effektiv verschwonne war, nees op hirer ursprénglecher Plaz installéiert a fixéiert ginn ass. Des weidere sinn op dem ganze Wee vun der "Rue de Lasauvage" bis op de Schluss vun der "Rue du Clopp" insgesamt 9 Bänken, 4 Poubellen an 1 Picknick Dësch opgestallt.

**Question écrite du 12 mai 2023 de M. Christian Welter (Piratepartei):**

Betrëfft: Wunnadresse vu Kandidate fir d'Gemengewalen

An engem Artikel vum Lëtzebuerger Land vum 21. Abrëll 2023 gëtt d'Gerücht opgegraff, dass Kandidaten, déi fir d'Gemengewalen dëst Joer fir d'Partei "Déi Konservativ" untrieden, hire Wunnsëtz zwar hei zu Péiteng ugemellt hunn, tatsächlech awer an der Belsch wunnen.

D'Gesetzer sinn hei ganz kloer: et muss een do ugemellt sinn, wou ee lieft (méi wéi 183 Deeg am Joer) an et kann een nëmmen un de Walen an där Gemeng deelhuelen, wann een och do wunnt. an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1151 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen hunn d'Ministere kloer gestallt: "Generell musse Persounen, déi hire Wunnsëtz wiesselen, sech och deementspriechend an där Gemeng oder an deem Land umellen, wou si wunne ginn."

Falls d'Gerücht uewe wouer wier, dann hätten d'Kandidate vu besoter Partei sech net fir d'Kandidatelëschten dierften aschreiwen. Am Artikel 94 vum Walgesetz steet: "Quiconque, pour se faire inscrire sur une liste d'électeurs, a produit des actes qu'il savait être simulés, est puni d'une amende de 251 à 2.000 euros." Logescherweis dierften dës Persounen, falls alles wouer ass, och net am Gemengerot vertruede sinn, falls se sollte gewielt ginn an hiren effektive Wunnsëtz net hei hunn.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Fro stellen:

1. Wei wäert de Buergermeeschter mat dëser Informatioun ëmgoen?

**Réponse écrite du 9 juin 2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

D'Gemeng deelt Iech mat dësem Schreiwes mat, dat är Fro zu de „Wunnadresse vu Kandidate fir d'Gemengewalen" net an d'Kompetenz vun der Gemengeverwaltung fält, mee an déi vum Präsident vum Haaptwalbüro vun der Gemeng.

Laut Artikel 1 vum „Règlement grand-ducal du 8 juin 1979 relatif à la procédure à suivre par les administrations relevant de l´Etat et des communes" informéiere mir Iech dat d'Gemeng ären Email un de Präsident vum Haaptwalbüro, den Här Oms Jean-Paul, weidergeleet huet.

**Réponse écrite du 15 juin 2023 de M. Jean-Paul Oms, Président du bureau électoral principal de la commune de Pétange:**

Här Welter,

D'Gemeng Péiteng huet mir a menger Funktioun als President vum Haaptwalbüro den 12. Juni 2023 e Courrier zoukomme gelooss, betreffend eng Fro vun Iech am Kontext mat der Wunnadress vu Kandidate fir d'Gemengewalen.

An deem Courrier schreift Dir, datt d'Gerücht géif bestoen, datt Kandidaten, déi bei de Gemengewalen 2023 fir d'Partei "déi Konservativ" géifen untrieden, hire Wunnsëtz zwar hei zu Péiteng ugemellt hunn, tatsächlech awer an der Belsch géife wunnen. An deem Kontext zitt Dir och den Artikel 94 vum Walgesetz erun, deen ë.a. seet "Quiconque, pour se faire inscrire sur une liste d'électeurs, a produit des actes qu'il savait être simulés, est puni d'une amende de 251 à 2.000 euros."

An deem Zesummenhang wollt ech iech folgend Informatioune ginn :

1. Den Artikel 94 berifft sech op d'Aschreiwen op de Wielerlëschten an der Gemeng. D'Konditiounen, fir Wieler an enger Gemeng ze sinn, sinn an den Artikelen 1 bis 6 vum Walgesetz kloer definéiert.

2. Wat elo d'Conditions d'éligibilité (Konditioune fir dierfe gewielt ze ginn) vun de Kandidate betrëfft, esou kann een och Kandidat sinn ouni op der Wielerlëscht ageschriwwen ze sinn.

Wat d'Wunnadress vun de Kandidaten ugeet, esou seet d'Walgesetz zu de Conditions d'éligibilité am Artikel 192 ë.a. "Pour être éligible, il faut ... avoir sa résidence habituelle dans la commune, c'est-à-dire y habiter d'ordinaire; cette condition doit être remplie depuis six mois au moins lors du dépôt de la candidature."

Bei sämtleche Kandidaten, déi den 11.06.2023 an der Gemeng Péiteng mat an d'Wale gaange sinn, gouf beim Dépôt vun de Kandidatelëschten d'Residenzklausel vu 6 Méint op Grond vum Populatiounsregëster vun der Gemeng Péiteng (Certificat de résidence) kontrolléiert, souwéi och nach emol um Ministère de l'intérieur, nodeems all d'Lëschten deposéiert waren.

Bei kengem vun de Kandidate goufen Irregularitéite festgestallt, esou datt et sech a Punkto falsch Wunnadress vu Kandidaten effektiv ëm e Gerücht handele kann.

## Question écrite du 31 juillet 2023 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: Anti-Gaspillage an eisen Strukturen:

Mat enger duerchschnëttlecher Verschwendung vun 124 kg op de Kapp zu Lëtzebuerg, leit eist Land nëmme liicht ënnert dem europäeschen Duerchschnëtt. Fält wuel den héchste Prozentsaz op d'Stéit, sou ass déi kollektiv Restauratioun och net ausser Uecht ze loossen.

Grad op Gemengenniveau bidden déi schoulesch bzw. para-schoulesch Strukturen den ideale Kontext, fir jonk Leit an hir Elteren ze sensibiliséieren. Am Kader vum nationalen AntiGaspi Solidaritéitspakt, gëllt et Liewensmëttelverschwendung ze vermeiden - souguer ze bekämpfen. Am SEA (Service d'éducation et d'accueil) gëtt deeglech eng net ze negligéierend Mass Reschter vum Mëttegiessen ewech geheit. Weder d'Personal nach sozial geschwächte Leit kënne vum "Iwwerfloss- dee forcement mol virkënnt – Krankschreiwungen, etc...." profitéieren. Grad hei sollt eng ethnesch- an ëmweltorientéiert Virbildfunktioun bei der Verwäertung ugestrieft ginn.

Aus dësen Inhalter gi folgend Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot ervir:

1. Wéi wäit ass et méiglech hei an der kollektiver Restauratioun, verstäerkt Wäert op d'Consommatioun vu regionalen a saisonale Produiten ze leeën an dëst mat Nodrock bei de Responsabelen ze fuerderen? (Stéchwuert Restopolis Gesetz).
2. Verschidde Gemenge ginn op de Wee d'Iesse wat iwwereg bleift, entweder a) der Allgemengheet zu Verfügung ze stellen - oder b) datt d Personal dorop kéint zeréckgräifen. Wei gesäit et do an Zukunft bei eis an der Gemeng aus?

## Réponse écrite du 30 août 2023 du collège des bourgmestre et échevins:

1. A senger Sëtzung vum 12. Dezember 2022 huet de Gemengerot d'Konventioun betreffend d'Zesummenaarbecht tëschent dem SICONA an der Gemeng Péiteng guttgeheescht. Mat dëser Konventioun verflichte mir eis regional, biologesch, fair a saisonal ze kachen. Dëst ass en éischte Schratt. Weider Schrëtt ginn am Kader vum Walprogramm ëmgesat.
2. Och de Schäfferot huet dës Méiglechkeeten a Betruecht gezunn. Den zoustännege Service ass chargéiert gi verschidde Mesuren ze analyséieren a Proposen auszeschaffen.

## Question écrite du 31 juillet 2023 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: Naturpakt:

Et handelt sech em ee Gesetz vum Ëmweltministère, dat genau virun 2 Joer gestëmmt gouf, a wou ech schonns eng Kéier an der Vergaangenheet nogehaakt hunn. Et geet drëms den Naturschutz allgemeng ze encouragéieren an d'Gemengen ze belounen. Et ginn Naturschutzmoossnamen, a pro duerchgefeiert Aktioun kritt ee Punkten- och ginn déi Projeten déi an der Vergaangenheet ëmgesat gi sinn, a Betruecht gezunn. Eng onofhängeg Kontrollinstanz zitt Bilanz. Et kann een eng Basiszertifizéierung Bronze Selwer oder Gold kréien, woubäi eis zwou Nopeschgemenge scho Bronze (Déifferdeng a Käerjeng) erreecht hunn.

An deem Kontext soll en Naturpaktteam kreéiert ginn, an ech géif gären an dësem Team fir eis Gemeng aktiv ginn. De Fieschter souwéi och den zoustännege Schäffen an een Naturpaktberoder sollen Deel vun dësem Team sinn, woubäi leschtgenannten eis iwwert de Sicona zur Verfügung gestallt gëtt. Fir den Aarteschutz am Sidlungsberäich ze ënnerstëtzen a mat all den Iddien, asw., wou mer wëllen a mussen an deenen nächste Joren an der Ëmwelt ugoen, ass et fir mech kloer, datt mir dësem Pakt bäitriede sollen - et geet ëm vill - well wa mer bis keng intakt Noerhuelungsraim méi hunn, da geet et eis fréier oder spéider och net méi gutt, virun allem där mentaler Gesondheet, déi an eisem dach oft „iwwerstresste" Liewen ëmmer méi un Importenz gewënnt.

Gesäit de Schäfferot dësen Dossier als genee esou wichteg un, deen esou schnell wéi méiglech unzepaken?

**Réponse écrite du 30 août 2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Wat den Naturpakt ugeet, ass de Schäfferot prinzipiell gewëllt deem bäi ze trieden, allerdéngs mussen zu dësem Zäitpunkt nach eng Partie Detailfroe gekläert ginn, z.B. betreffend de Budget an wat genau den Opwand vun dëser Adhesioun ass. Vu que dass mir am Moment an der Congészäit sinn, war et eisem Ëmwelt-Service an de leschte 4 Wochen net méiglech déi néideg Informatiounen ze kréien. Am Laf vum Hierscht wäert den Dossier am Schäfferot traitéiert ginn.

## Question écrite du 31 juillet 2023 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: Baachen an Baachzouleef:

Eng Saach, déi ech wollt uschwätzen ass dat mat eise Baachen oder Bachzouleef, wou ech schonns 2018 eng Kéier nogehaakt hunn a leider net vill (bei mir uewen um Hierchtbierg) dobäi erauskomm ass - dofir maachen ech dës Demarche nach eng Kéier. Baachen si vum Mënsch a Betonsleef ëmgeleet ginn, an déi natierlech Flora a Fauna huet enorm dorënner gelidden.

Mir hunn awer festgestallt, datt een d'Element Waasser net ka bezwéngen (Beispill mat der Cité Tomaco zu Suessem am Juni 2016), an dofir ass et wichteg, datt mer op de Wee ginn, dës noeneen erëm ze renaturéieren, well doduerch datt de Buedem riets a lénks erëm saug- an ophuelfäeg ass, an d'Bett méi breet gemaach gëtt, entsteet eng manner staark Kraaft vum Waasser well Planzen d'Waasser bremsen an doduerch, datt d'Déieren sech och erëm wuelfillen, kréie mer lues a lues erëm méi eng Villfalt wat eis Biotopen ubelaangt. (Gutt Beispill, wéi mer bei eis an der Gemeng dat erëm gutt an d'Rei gesat hunn – d’Maragole zu Rodange a mir haten et am Budget 2018 och stoen). Bei mir um Hierchtbierg z.B. hunn ech konstatéiert, datt uewen den natierleche Waasserbettlaf duerch Steng zougeschott ginn ass.

1. Säit wéini ass dat esou a firwat? Well virdru war et een natierleche Bachlaaf. Um Wee fir erof an d'rue Belair, leeft d’Waasser weider an e Betonslaf, fir da weider an d'Äerd an eise Kanal ze lafen. De Problem ass, datt dat (Betonslaf) eng Fal fir eis Déieren ass - Lurchen op der Wanderschaft kommen do net méi eraus a gi souzesoe lieweg begruewen - och aner Déiere geroden an dës vum Mënsch gemaachte Fal - et wier u sech esou einfach dat Ganzt op der Plaz ze stoppen, well et misst een de Gruef just mat deene selwechten Hoersteng fëlle wéi uewen (obwuel dat uewen een natierleche Bachlaf war) an da géif d'Waasser trotzdeem säi Wee fannen, an eis Lurchen an och aner Déiere géifen net mat ewechgerappt ginn an et kéint esouguer mat de Joren sech renaturéieren - doduerch datt tëscht de Steng sech vläicht Planze kéinten usammelen
2. Ass dat méiglech ze maachen – ech sinn och gäre bereet mam zoustännegen Service meng Doléancen sur place kucken ze goen an och eng Hand mat unzepaken. Och eis Griller, déi an d'Äerd fueren, misste mat méi klenge Lächer frësch agesat ginn, do ginn et sécher och nach esou Griller uechtert eis Gemeng. Wann een d'Griller méi kleng mécht, ass de Risk och méi grouss, datt dat ganzt verstoppt mat Blieder- doduerch misst een da reegelméisseg botze goen - wat mat sech bréngt datt d'Tätegkeetsfeld vun eisem "Service des Parcs" an d'Luucht geet. Op der Servitude tëscht dem Iwwergang vun der rue Belair op d'rue des Alliés hunn ech souguer guer kee Grill gesinn - den ass bestëmmt vun där Firma vergiess ginn.
3. Ass och dat méiglech no ze maachen?

**Réponse écrite du 30 août 2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Et ass sécherlech richteg, dass et wichteg ass Bachleef, déi vum Mënsch kanaliséiert goufen, erëm ze renaturéieren. D’Ëmleedungen an dësem Beräich sinn am Virfeld mam Waasserwirtschaftsamt ofgeschwat an och vun dëser Instanz autoriséiert ginn. Bei där zum Deel oppener Waasserféierung laanscht d’Montée vum Hierchtbierg handelt et sech awer reng ëm e Gruef, dee bei staarkem Reen d’Iwwerflächewaasser, wat ronderëm d’Anzugsgebitt vum Hierchtbierg ufält, ophuelen an erof an d’rue Belair féiere soll. Dëst wor deemools och e Grond vir bei der Neigestaltung vun der rue Belair, en Trennsystem bei der Kanalisatioun ze verleeën, an deemno eng Reewaasserachs ze leeën, déi et erméiglecht, d’Reewaasser direkt an d’Kor ze féieren. Dës Mesure ass an éischter Linn en Iwwerschwemmungsschutz vir d’Leit aus der rue des Alliés. Am Kader vun der Neigestaltung vun der rue Belair, goufen och Adaptatiounen an Ergänzungen un dësem Iwwerschwemmungsschutz virgeholl. Wéi dir wësst si weider Mesure respektiv Adaptatiounen un der existéierender Situatioun am Kontext vun der Etude iwwert d’Staarkreenproblematik am Budget virgesinn.

## Question écrite du 31 juillet 2023 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: E-Community

Heibäi handelt et sech ëm een Novum zu Lëtzebuerg - et geet ëm eng Plattform fir erneierbar Energien. Eng Kooperativ, och an der Energieversuergung - hei gi schonn zwee Haushalter duer fir aktiv sech dorunner ze bedeelegen. Ufank Juni ass dëst neit Gesetz vum Stroummarché gestëmmt gi - dat et erlaabt selwer produzéierten erneierbare Stroum an enger Gemeinschaft ze deelen- et geet drëms een dezentrale lokalen Energiemarché ze förderen am Sënn vum Allgemengwuel.

Eng detailléiert Virstellung gëtt et ënnert folgendem link www.e-communitv.lu. Hei gouf och ee Beispill genannt, wat och op eis Gemeng zoutrëfft, datt eng Gemeng scho bestoend PV-Anlagen huet, an awer och Gemengegebaier huet, déi net esou gutt gëeegent si fir Solarstroum hierzestellen - hei misst d'Gemeng pro Gebai een Undeel un der E-Kommunitéit huelen, wou dann ee Verdeelungsschlëssel festgeluecht gëtt, an ab deem Moment kéint den Iwwerschossstroum an deene Gebaier genotzt ginn, wou keng alternativ an erneierbar Energieversuergung hunn.

Hei kéinte mir an eiser Gemeng eisen ökologesche Foussofdrock optiméieren.


1. Wat hält de Schäfferot vun dëser Iddi - déi nach ganz rezent ass - a wier et méiglech op dësen Zuch mat opzesprangen?

**Réponse écrite du 30 août 2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

D'Gesetz vum 9. Juni 2023 huet effektiv eng ganz Rei vun Ännerunge mat sech bruecht, déi de Stroummarché solle vereinfachen. Eng vun de wichtegsten Erneierungen ass de Fait dass een iwwert bestoend E-community-Plattformen d'Méiglechkeet huet sech um Austausch ze bedeelegen. Virun der Gesetz-Ännerung war dëst just méiglech andeems ee selwer eng eege Struktur, dat heescht eng Kooperativ gegrënnt huet, dëst war natierlech verbonne mat engem gréisseren administrativen Opwand. Obwuel dës Demarche vun der E-community eng interessant Alternativ bitt, huet d'Gemeng Péiteng zum Deel en anere Wee ageschloe gehat, deen net dee vun de Kooperativen ass. Mat Sudenergie als strategesche Partner ass d'Gemeng higaangen an huet déi Daachfläche vu Gebaier déi sech dozou eegenen, Sudenergie iwwert e « Contrat de location » zur Verfügung gestallt. Photovoltaik-Anlage vu Sudenergie, déi op de Gemengendiecher installéiert sinn, kënnen deemno net vun der Gemeng an eng Struktur wéi d'E-community era geholl ginn. Eng Méiglechkeet vir d'Gemeng, vir bei der néier Plattform mat ze maachen, besteet eventuell bei méi klengen Daachflächen op Gemengegebaier respektiv bei deenen, déi nach net u Sudenergie verlount goufen. Dës Initiativ kéint am Kader vum Klimapakt diskutéiert ginn. Wat Är Fro ubelaangt wat de Schäfferot vun der Iddi hält, géinge mir Iech effektiv virschloe fir eng gemeinsam Entrevue mat Vertrieder vun E-community ze organiséieren, dëst vir sech déi eenzel Méiglechkeeten tëscht ëffentlech a privat Partnerschaften erkläre loossen.

# Morcellement de terrains

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Pétange, rue Adolphe n°9, n° cadastral 568/7119, présenté par le bureau d'architecture SFA pour le compte de Madame MUJEVIC Amela.**



Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Croix Saint Pierre», n° cadastral 796/8337, présenté par la société RXC PROMOTIONS S.A.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck n°65, n° cadastral 732/7396, présenté par la société RXC PROMOTIONS S.A.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 736/7548, présenté par M. DE SOUSA DA SILVA Eugénio et Mme RIBEIRO DA SILVA Cristiana.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 736/7771, présenté par la société RXC PROMOTIONS S.A.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck», n° cadastral 747/8275, présenté par la société RXC PROMOTIONS S.A.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Rodange, rue du Clopp n°48, n° cadastral 775/5467, présenté par la société RXC PROMOTIONS S.A.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 22 mai 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Pétange, au lieu-dit «Im Laerchen», n° cadastral 548/9152, présenté par le bureau BCR S.à r.l. pour le compte de l'État du Grand-Duché de Luxembourg – Ministère des Finances et Ministère de la Mobilité et des Travaux publics.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 31 juillet 2023, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

*Conformément à l'article 29 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, tout lotissement de terrains réalisé dans une zone soumise à un plan d'aménagement particulier «Quartier existant» est décidé par le conseil communal et publié conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.*

*En exécution de l'article 13 de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif, un recours contre la décision intervenue est ouvert devant le tribunal administratif.*

*Ce recours doit être introduit dans les trois mois de la publication du susdit acte.*

# Avis au public

## Règlement général des tarifs

- La décision du conseil communal du 20.02.2023 (point 5.1.) fixant les modifications du règlement général des tarifs **(chapitre XI - Taxes de chancellerie)**, a été approuvée par arrêt grand-ducal du 01.04.2023.
- La décision du conseil communal du 20.02.2023 (point 5.2.) fixant les modifications du règlement général des tarifs **(chapitre XVIII - Stationnement et parcage)**, a été approuvée par approbation ministérielle du 23.03.2023.
- La décision du conseil communal du 27.03.2023 (point 4.2.) fixant les modifications du règlement général des tarifs **(chapitre XII - Services spéciaux)**, a été approuvée par approbation ministérielle du 18.04.2023.
- La décision du conseil communal du 24.04.2023 (point 3.4.) fixant les modifications du règlement général des tarifs **(chapitre XV - Taxes sur les Jeux et amusements publics)**, a été approuvée par approbation ministérielle du 10.05.2023.

## Règlement général de police

- La délibération du conseil communal du 24.04.2023 (point 3.2.), portant sur nouveau règlement général de police, a été approuvée à l'exception de l'article 57 par approbation ministérielle du 30.05.2023.
- La délibération du conseil communal du 24.04.2023 (point 3.3.), portant sur règlement de police relatif aux aires de jeux publiques (fixation des catégories d'âge des utilisateurs admis aux aires de jeux), a été approuvée par approbation partielle ministérielle du 03.05.2023.

## Règlements de circulation

- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 27.03.2023 (points 10.1., 10.2. et 10.3.) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 13 avril 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 14.04.2023.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 27.03.2023 (points 10.1., 10.2. et 10.3.) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 13 avril 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 14.04.2023.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 24.04.2023 (points 9.1., 9.2., 9.3. et 9.4.) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 8 mai 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 17.05.2023.
- Le règlement de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 22.05.2023 (point 12.) a été dûment approuvé par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 01.06.2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 16.06.2023.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 05.06.2023 (points 8.1. et 8.2.) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 13.06.2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 14.07.2023.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 31.07.2023 (points 8.1., 8.2. et 8.3.) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 07.08.2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 10.08.2023.

## Urbanisme

- La délibération du conseil communal du 20.02.2023, portant sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Commune de Pétange concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy», a été approuvée par le Ministère de l'Intérieur en date du 28.06.2023, référence 17C/018/2022, mopo PAR QE 19349/17C.
- La délibération du conseil communal du 20.02.2023, portant sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » de la Commune de Pétange concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy», a été approuvée par le Ministère de l'Intérieur en date du 29.06.2023, référence 19349/17C, mopo PAG 17C/018/2022.
- La délibération du conseil communal du 20.02.2023, portant sur l'approbation du Projet d'Aménagement Particulier «nouveau quartier» de la Commune de Pétange concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy», a été approuvée par le Ministère de l'Intérieur en date du 03.07.2023, référence 19380/17C.